

ESCHER GEMENGEROT



Séances du Conseil communal du
vendredi 11 juin 2010
vendredi 02 juillet 2010
vendredi 09 juillet 2010

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

Mme Jeanne Becker – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – Mme Vera Spautz

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. PAG de la Ville: modification ponctuelle („op der Haart“), 2e vote; décision	4
5. PAG de la Ville; modification ponctuelle („Nonnewisen“), 1er vote; décision	10
6. PAP „Nonnewisen Phase 1A version adaptée“, 1er vote; décision	10
7. PAP „Nonnewisen Phase 1B version adaptée“, 1er vote; décision	10
8. Convention avec la société SUDGAZ S.A. concernant la fourniture de chaleur à partir de la centrale de cogénération Brill; décision	11
9. Participation aux ateliers d'été sous chapiteau pour jeunes, tarification; décision	12
10. Nomination d'un représentant de la Ville d'Esch dans le Conseil d'Administration du Syndicat d'Initiative et du Tourisme; décision	13
11. Adaptation des prix de l'eau à la loi du 19 septembre 2008 relative à l'eau; décision	15
12. Questions du personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	18
13. Convention avec l'asbl Taekwondo Club Esch dans le cadre des activités sportives de la LASEP et du programme Youth Sports – Cool Sports; décision	21
14. Convention avec la société CO-LABOR ayant comme objet la réalisation de travaux dans le cadre du projet „Valobois“; décision	21
15. Transactions immobilières; décision	22
16. Subsidés extraordinaires; décision	22
17. Contrats de bail; décision	23
18. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	23
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 11 juin 2010	24



Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 11. Juni 2010

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

D'Informatiounen iwwert d'Déciounen ronderëm d'Personalfroen, wat der haut net vill sinn, gi mer lech weider wéi och an deenen anere Sätzungen an der Vergaangenheet.

A) Démissions.

1) *Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er octobre 2010, à Monsieur Marino Cheli, maître d'éducation physique auprès de l'enseignement fondamental.*

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

2) *Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er octobre 2010, à Monsieur Nico Quintus, maître d'éducation physique auprès de l'enseignement fondamental.*

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation de contrats d'engagement.

1) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 juin 2010, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Gilles Morbé, éducateur gradué auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*

2) *Résiliation, sur sa demande, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Delphine Groll.*

C) Nominations provisoires.

Nomination provisoire d'un expéditionnaire technique de la Ville : M. Ronny Eisenbarth

D) Questions de personnel (agents engagés sous le régime de l'employé communal).

Engagement à plein temps et avec effet au 1er juillet 2010 de Madame Nathalie Reiff comme employée communale auprès du service des citoyens, accueil téléphonique.

3. Correspondance

Korrespondenz hu mer näischt.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech hätt mol eng Fro zur Korrespondenz, ween dann entscheed wat fir eng Korrespondenz de Gemengerot iwwerhaupt zegutt huet? Déciéiert Dir dat oder? Well et si jo awer eng Rei Saache wou de Gemengerot och kënnt interesséieren, zum Beispill wann e Bierger géint d'Gemeng virgeet, dee sech vun enger Kommissioun iwwergaange fillt, dat geet bis bei den Ombudsmann, dat geet bis bei den Distriktskommissär. An ech wär awer frou wann de Gemengerot géif iwwer esou Saachen awer informéiert ginn. An duerfir froen ech, wat fir e Courier ass dem Gemengerot zoustänneg a wat fir een net? A ween déciéiert dat? Ech mengen Dir misst eis eng Kéier matdeele, op wat fir ee Courier dass de Gemengerot eigentlech e Recht huet. Ech sinn der Meenung, dass de Gemengerot misst e Recht hunn op all Courier deen erakënn, a wann et confidentiel ass, informatiounshalber, fir dass mer awer och dobausse kennen, wa mer op esou Saachen ugeschwat ginn, och kënne Stellung huelen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Här Jaerling, alles dat wat a priori un de Gemengerot adresséiert ass, kritt Dir souwiso. A vu dass mir iwwert den interne Workflow an iwwert déi Korrespondenz déi mer eise Conseiller permanent zoustellen, mengen ech, deen Automatismus schonn hunn, land net méi ganz vill op deem heite Punkt. Wat mer an der Vergaangenheet geholl hunn, dat waren offiziell Informatiounen vum Ministère déi net vläicht soss an deem normale Courier un de Gemengerot gericht ginn, a besonnesch Informatiounen zum Beispill iwwert eng national Décioun déi Esch direkt concernéiert. Fir de Rescht gëtt et awer trotzdem eng Gewaltentrennung, eng kleng Gewaltentrennung gëtt et awer. Mir kënnen lech elo net all Internum ginn déi mir als Schafferot kréien, soss kënne mer lech direkt an de Schafferot co-optéieren. Mä mir kënnen awer, wann Dir dat wënscht, eng Opstellung maache vun deene Saache wou mir der Meenung sinn, dass et soll ënner Korrespondenz kommen an dat dann hei zur Diskussioun stellen.

Mir fueren da weider mam Ordre du jour.

4. PAG de la Ville: modification ponctuelle („op der Haart“), 2e vote; décision

Do kéime mer direkt bei de Punkt 4. Dat ass de PAG. Hei hu mer nach eng Modification ponctuelle an eise Bauteschäfte géng eis déi presentéieren.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Et ass hei den zweete Vote vun der Modification ponctuelle vum PAG „op der Haart“. Fir et méi am Volleksmond ze soen, de PAG wou de Cactus eventuell um Site vum fréieren Hobby soll nei bauen. Mir haten déi Modification ponctuelle no den Iwwerwege vun engem PAP dee mer gestëmmt haten, deen net approuvéiert ginn ass a wou dann och déi Prozedur vum PAP ofgeschloss war an och kee PAP méi existent war, hu mer dann op Urode vum Ministère de l'Intérieur a vun der Commission d'Aménagement si mer op d'Démarche gaange fir eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen, déi mer och hei presentéiert hunn am Gemengerot an déi och hei unanime gestëmmt ginn ass. Mir hunn natierlech do déi ganz Prozeduren agehale wéi se am Gesetz vum PAG virgesi sinn.

Mir hu fir d'éischt eng Réunion d'information gemaach. Déi Réunion d'information déi war den 18. Februar 2010 um 15.00 Auer hei. D'Stad Esch war vertrieben duerch mech, mandatéiert vum Schafferot, d'Madame Bisdorff an d'Madame Tomambe vun de Services a fir de Bureau d'étude war den Här Frank Schreiber do. Et waren alles an allem 7 Leit do déi lauschtere komm waren. Et ass eng Diskussioun entstanen iwwert de Projet an iwwert d'Circulation routière, awer generell am ganze Quartier. An den Här Schreiber huet notament déi ganz Démarche erkläert wéi de PAG da strukturéiert ass. Et huet een awer dee Moment scho gemierkt, dass e bësse Konfusioun géng bestoen tëschent der Démarche fir eng Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général de la ville ze maachen, tëschent der Prozedur vun engem PAP an tëschent eigentlech der definitiver Prozedur vun der Autorisatioun a vum Permis de construire. Et war och net verwonnerlech, well d'Leit am Kapp haten déi Architektur, déi jo am Kontext vum PAP scho

virproposéiert gi war, an do ass d'Diskussioun dann drëm entstanen an déi Diskussioun an déi Konfusioun huet sech och virgezunn.

Duemo hu mer wéi d'Gesetz dat virschreift dee Vote affichéiert an opgrond vun deem Affichage si Reklamatiounen erakomm an déi Reklamatiounen déi sinn un de Schäfferot gericht. Si sinn net individuell vun de Leit komm, mä si sinn iwwert de Bureau d'Avocats Frank a Lancia komm, an et sinn dat am ganzen en Deel Leit déi virdru beim éischte Vote scho reklaméiert haten, déi am Projet ALTENA kaaft hunn a vläicht och zum Deel do wunnen an en Deel Leit aus der rue de Rotterdam. An déi Leit aus der rue de Rotterdam, déi hunn notament hirer Suerg Ausdrock ginn, dass déi Entréessituatioun fir déi ënnescht Leit déi direkt um Boulevard wunnen, déi dräi éischt Haiser, dass dat kéint Belästegunge ginn. Dat anert, Dir hutt et virleien, war e bëssen en Amalgam tëschent deene verschiddene Prozeduren an et ass en Amalgam do permanent gemaach ginn tëschent der Prozedur vum PAG, tëscht der Prozedur vum PAP an dem Permis de construire. An de Schäfferot hat do an enger Schäfferotsreunioun mech delegéiert fir déi Auditioun ze maachen, fir de Schäfferot do ze vertrieden an déi Auditioun huet stattfonnt den 22. Abrëll hei vun 9.00 – 11.00 Auer. De Schäfferot war vertrueden duerch mech. Ech war assistéiert an där Reunioun vun der Madame Bisdorff, der Madame Tornambe an dem Här Biever an d'Sekretariat huet vun där Reunioun mat och den Här Espen gemaach, eisen neie Jurist an dee sécher do wäertvoll war. Dir hutt de Rapport och do ganz virleien an den Här Schreiber vum Bureau d'architecte a+a, deen d'Modification ponctuelle vum PAG préparéiert huet an élaboréiert huet an deen och eis Gesamtreform vum PAG de Moment amgaangen ass ze maachen.

Déi Reklamanten déi do waren, waren de Maître Frank, den Här an d'Madame Duschène-Mersch, den Här an d'Madame Kozar, den Här an d'Madame Pecoraro-Reiter, den Här an d'Madame Thurm-Medernach, d'Madame Weisgerber, den Här May an den Här Nussbaum. Déi aner Reklamanten déi an der Reklamatioun stinn, waren net do, mä waren awer vertrueden iwwert de Maître Frank. Mir hunn déi Reklamatioun natierlech gemaach, conformément zum Gesetz vum 19. Juli 2004 a mer hunn déi Auditioun do och esou organiséiert, dass d'Leit sech konnten ausdrécken. Ech hunn do informéiert fir de

Schäfferot, dass de Schäfferot déi Reklamatiounen déi vum Maître Frank erakomm sinn, actéiert hat. An dee Moment do ass d'Auditioun ugaangen, net awer ouni nach eng Kéier drop hincweisen, dass mer an der Prozedur vun enger Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général sinn an net an enger Prozedur vun engem PAP a scho guer net nach an enger Prozedur vun engem Permis de construire, respektiv engem Commodo.

De Maître Frank huet do am Numm vun de Leit déi hie vertrueden huet gesot, hie géing verlaangen, dass alles fidèlement rapportéiert géing ginn un de Gemengerot an dofir huet de Gemengerot wéi dat natierlech üblech ass bei all Reklamatioun e Rapport virleien an ech sinn lech amgaangen de Résumé vun deem Rapport ze maachen, genau esou gutt wéi de Gemengerot Reklamatiounen vun de Reklamante virleien huet. De Maître Frank huet gesot déi géingen och net zécken, gegebene-falls virun d'Jurisdiction civile ze goen an d'Responsabilité civile vun der Stad a vun all Acteur mat ze zitéieren. An hien huet och gesot se géingen de toute façon Recours virum Tribunal administratif maachen. Bon, dat ass awer dann net méi e Recours vis-à-vis vun der Gemeng, mä dat ass e Recours vis-à-vis vum Minister senger Décisioun well vun haut un ass d'Gemeng aus der Prozedur eraus. An do ass da komm, dass de Projet, ech mengen, dat konnt Dir noliessen a sengem Rapport, dass en Dimensions pharaoniques huet an dass e géing d'Qualité de vie an der Rotterdammer Strooss an notament am Altena méi kleng maachen duerch den Trafik. Dann huet hien eppes vermëscht, wou hie gesot huet, dass d'Politik vun der Stad jo contraire war dann zu de Considérations vum PAP Altena deen zwar Commerce de Proximité proposéiert huet, mä e Quartier sans trafic. Jo, de Quartier sans trafic ass de Quartier ALTENA. Do bannendran ass keen Trafic. Den Trafic bleift alleguete baussen. An dat ass jo ganz evident, dass mer dat och respektéiert hunn. An dann d'Emissiounen, dass déi géingen d'Pollutioun vergréisseren. Bon, dat misst een dann noweisen. Et kënnt natierlech méi Trafic bäi, well de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte ass jo e Boulevard urbain de transit. Do ass och argumentéiert ginn, dass et eng nette diminution de valeur vun den Haiser an der rue de Rotterdam a virun allem an den Appartements vum Domaine ALTENA war. Also, dat ass du moins eppes wat ee kann diskutéieren, well awer och scho Leit ufänke

sech ze interesséieren ob et net Wunnengen oder Haiser am Quartier Lalleng gëtt, well(!) dee Centre commercial an dee Centre de services soll dohinner kommen.

Dann, dat hunn ech scho gesot, d'Dimensiounen, hien ass zur Konkursioun komm e misst weinstens ëm 50% erf maachen, mä dat wär manner wéi deen Hobby dee virdru do stoung. Also ech mengen do huet ee gesi wou mer do waren. Ech hunn allerdéngs rappéléiert, dass mer schonn an deem Projet, dass dee jo e ganze Prozess hannert sech huet, dass dee scho sensiblement méi kleng ginn ass wéi en initial geplangt war, an dass dee Projet do och de Support huet vum Gemengerot, well en hei gestëmmt ginn ass.

Déi ganz Diskussioun ëm den Trafic ass kloer, mä de Boulevard Grande-Duchesse ass, war an ass a wäert bis d'Liaison Micheville do ass e Boulevard urbain de transit bleiwen an en ass de Transition. Mä dat anert ass, all aner Léisung déi ënnersicht gëtt, bedeit dass mer Verkéier an d'Proximité vun der Schoul leeën, dass mer Verkéier an de Quartier résidentiel selwer eraleeën. De Boulevard ass dat wat en ass an dat ass e schonn zënter iwwer 30 Joer.

Ech mengen déi aner Iwwerleeungen, dass do mat den Ofgase vun de Garage a vum Centre commercial selwer, do hu mer repliquéiert, dass et jo dofir e Commodo gëtt, eng Commodo-Incommodo Prozedur an dass déi awer ganz streng sinn a wann ech mech drun erënneren, hate mer eng ähnlech Diskussioun am Quartier Wobrécken a wou awer ganz staark dofir gesuergt ginn ass, dass déi Ofgasen op enger Héicht évacuéeiert gi sinn, an enger Wandrichtung évacuéeiert gi sinn, dass se kee Schued fir d'Leit konnte maachen. An et ass och nach eng Kéier rappéléiert ginn, dass den Inneminister déi éischt Prozedur PAP eigentlech duerch seng Non-Approbation ofgeschloss huet an domat ass et fäerdeg. Domat si mer net méi an där Prozedur. An et ass och eng Präzisioun, dat war eng Angscht déi awer schonn am Virfeld grasséiert ass, dass d'rue de Rotterdam géing opgemaach ginn op de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte, als Duerchgangsstrooss an do ass ganz kloer gesot ginn, dass dat net esou ass an do ass eng Konfusioun entstanen aus der Partie graphique vum PAG well do als Zone de circulation, als Reserve fir Zone de circulation ass déi awer nëmme wierklech eng Affectatioun vun den Zonen ass, awer net den Detail ass. De Maître Espen an dat kënnt Dir

noliesen, huet nach eng Kéier ganz kloer do och dem Maître Frank dann erkläert wéi d'Prozedur sinn, an dass mer hei guer net méi sollen op e PAP reflektéieren, well mer do fäerdeg sinn.

Dat nächst ass nach eng Fro déi opkomm: Muss dann elo nach eng Kéier en neie PAP gemaach ginn? Nee, an där Zone spéciale muss keen neie PAP gemaach ginn. Et ass esou iwwert d'Eckwäerter präziséiert, dass e Permis de construire kann no dëser Prozedur ausgestellt ginn, mä och e Permis de construire ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kënne mer e bësse méi Opmierksamkeet kréie wann ech gelift?

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Och e Permis de construire ass jo net en Dokument wou de Bierger keng Recours-Méiglechkeete méi huet, genau wéi de Commudo. Also de Bierger hir eventuell Recours-Méiglechkeete bleiwen och nach op an do ass déi Fro da gestallt ginn, ob d'Obligatioun vum PAP misst opgrond vum Gesetz, ob déi dann net géing bestoen. An d'Gesetz ass do kloer: « l'obligation d'établir un plan d'aménagement particulier incombe aux communes ainsi qu'aux associations, sociétés ou particuliers dans les zones définies au plan d'aménagement général comme zones soumises à l'élaboration d'un plan d'aménagement particulier et en cas de création ou de développement de lotissements de terrains ou de groupes d'habitations ». Voilà, an dann d'Präzisioun wat dann ass.

De Maître Espen huet eis dann do och assistéiert fir ze klären, also dass een opgrond dovun, vun där Dispositioun dat muss analyséieren an et ass da kloer, dass d'Zone spéciale déi duerch dës Modifikatioun créiert gëtt fir e Centre commercial ass, esou wéi en am Artikel 16 vum Règlement grand-ducal vum 25. Oktober ass. An dann sont visés ici notamment des centres commerciaux, des grandes surfaces ainsi que des stations services qui risquent d'avoir des incidents sur les équipements et infrastructures etc.etc. An déi Zone spéciale ass eng Zone qui n'est pas soumise par le PAG à l'obligation de PAP. Also do ass d'juristes Situation ganz kloer. An dann d'Konsequenz, dass mer an der Hypothese vun enger Création développement de lotissements et de terrains ou de groupes d'habitation sinn, do gëtt et och Jurisprudenz

an do ass e PAP ass obligatoire wa verschidden, wann zwou Konditiounen cumulativ erfüllt sinn. Dat éischt, dass et au moins deux immeubles destinés à l'habitation sinn, par un professionnel de l'immobilier. An et ass awer hei net dat de Sënn an den Zweck vun deem PAG, dass do soll zousätzlech Wunraum prioritär geschaf ginn, mä de Centre commercial gëtt gebaut an deem ass net réalisé dans un but de lucre d'un point de vue immobilier. Also do ass also déi Konditioun ass also net erfüllt an dofir brauch eigentlech kee PAP méi gemaach ginn an dass eng Autorisation de construire kann direkt dann duerno ausgestellt ginn.

Et ass och wichteg ze wëssen, dass de Conseil de direction aus dem Ministère de l'intérieur et des grandes régions dat och confirméiert huet, déi Interpretatioun vun der Legislatioun, an dass mer dofir och näischt brauchen ze fäerten. Do ass dann nach déi Fro vum CMU a vum COS, dass mer hei en Dépassement eigentlech vum CMU hunn, notamment an där Zone d'habitation 2. An do gëtt et och d'Méiglechkeet fir dat ze dépasséieren. "Si des raisons urbanistiques spécifiques dûment motivées l'exigent, si des mesures compensatoires adéquates garantissent que les exigences générales concernant la salubrité du logement et du lieu de travail et de l'environnement soient respectées," ech kierzten of, an dann, "si les exceptions en question ne sont pas contraires à l'intérêt public".

D'Raisons urbanistiques, dass mer vun 0,8 op 1,0 an der Zone d'habitation erop gaange sinn, dat ass dass doduerch kann dee Centre commercial gemaach ginn an do duerch déi Espaces libres, déi Zones internes de transitions, dass déi kënne doduerch gemaach ginn ouni dass un de Projeten en tant que tel eppes gemaach ginn. Deen CMU bedeit jo nëmme, dass mer e bësse méi densifiéieren an à la limite e bësse méi héich ginn. An d'Mesures compensatoires si ganz kloer déi, dass duerch déi Mesures, dass d'Mesures compensatoires d'Zone d'isolement an d'Zone de transition duerstellen an den Terrain à bâtir net gëtt dann also net diminuéiert well déi Zones d'isolements do gemaach ginn.

An dann d'Compatibilité avec l'intérêt public. Ech mengen dat éischt ass mol, dass mer doduerch eng korrekt Solution urbanistique an der rue de Cologne kréien. Ech mengen dat ass jo wichteg, dass an der rue de Cologne do

net egal wat higesat gëtt wéi huel Zänn, mä dass an der rue de Cologne e korrekten Immeuble dohinner kënnt an do huet ee sech missten upassen un dat wat och op där aner Säit, an der rue de Cologne op där anerer Säit steet, do si méi kompakt Gebaier an do huet een och eng Transitioun eng urbanistesche Transitioun misste fannen an doduerch ass och dee lichten Dépassement do entstanen. An dann de Projet en tant que tel, dee mer jo awer approuvéiert hunn a sengem Contenu, hätt net kënne réalisé ginn. A last but not least ass et och zum Deel zustane komm, dass duerch déi Recommandatiounen déi d'Commission d'aménagement eis ginn huet, dass mer déi suivéiert hunn an ech menge vun dohier ass eigentlech, déi jo d'grouss Gardienë vum Intérêt public am urbanistesche Beräich sinn, dass do den Intérêt public dann domat nogewisen ass.

Do war nach eng Diskussioun, dass déi Zone d'isolement et de transition méi breet ass Richtung rue de Cologne, wéi laanscht d'Gebai vun der rue de Rotterdam. Déi Zone d'isolement et de transition ass do méi breet, net onbedéngt fir deene spéideren Acquéreuren an der rue de Cologne eng Faveur ze maachen, mä opgrond vun enger Exigence déi mir haten dès le départ, dass déi fousseleefeg Permeabilitéit tëschent deem Deel Quartier dee bei der rue de Turin läit an deem Deel Quartier deen an der Monnercher Strooss ass a virun allem der Schoul, dass déi muss garantéiert ginn, dass d'Kanner net müssen herno bis ënnen op de Boulevard eroffale wou se elo jorzéngtelaang do iwwert den Trampelpfad, iwwert de Parking gelaf sinn. Dat ass ënner anerem och eng Exigence vun eis gewiescht. An d'Zone d'isolement et de transition zu der rue de Rotterdam ass net esou breet well do an där Zone, niewent där Zone d'isolement et de transition och nach d'Couverture vum Tunnel vun der Entrée vun de Camionen ass, déi eigentlech och dann eng zousätzlech Distanz nach mécht. A wann ech elo hei mat dësem méi formaljuristeschen Deel fäerdeg sinn, wëll ech lech dann och nach soe wat fir eng Léisung, an dass dat mëttelweil och esou vun der Population empfongt gëtt.

Voilà dat war eigentlech d'Resultat vun der Auditioun. Ech hunn dat e bësse méi am Detail gemaach fir da kloer ze soe wat do gesot ginn ass a wat och geäntwert ginn ass. De Schäfferot huet och de Rapport als éischt natierlech dovunner kritt an de Schäfferot ass

de Rapport dodriwwer gemaach ginn an opgrond vun där Analys a vun den Argumenter wëlle mir eigentlech lech proposéieren deem PAG zouzestëmmen an engem zweete Vote. Net awer ouni lech eng weider Informatioun ze ginn. Dat ass dat Dokument wat Dir nach ausgedeelt kritt hutt, wat awer u sech näischt méi mat der Prozedur ze dinn huet, well no der Reunioun um Palier geet jo d'Diskussioun virun. An do ass ganz kloer erauskomm, dass et eng grouss Suerg war vun deenen dräi éischten Haiser an der rue de Rotterdam wann ee vum Boulevard Grande-Duchesse Charlotte eropkuckt. Dat ware genau déi wou d'Entrée vun der Déifgarage fir d'Camionszoufaart waren. Dat hu mer verstanen, an do ass och an där Diskussioun och kloer erauskomm, dass eng Solidaritéit vun deenen anere Signataire aus der rue de Rotterdam do war. An do hu mer dann hors procédure, ganz kloer hors procédure, awer eise Rôle de médiation dee mer nun awer hunn als Gemengeverwaltung wouer geholl a mer hunn déi dräi Lait nach eng Kéier hei op d'Gemeng zesumme mat den Architekten geruff. Mer hunn och virdun zesumme mat den Architekten geschwat a mam Promoteur, wou mer gesot hunn, mer mussen eng Léisung fannen. Mir mussen einfach eng Léisung fanne well et ass awer net alles abaarteg wat do gesot ass. An do hu se ganz vill a ganz laang dru geschafft an Dir hutt eigentlech d'Resultat elo virleien, och wann dat haut näischt mat der Prozedur ze dinn huet, ass dat awer doduerch dass mer et hei am Gemengerot thematiséieren an dass et en Deel vun de Beschlëss, vun der Beschlussfaassung vum Gemengerot ass fir d'Leit awer wichteg, well se kënne jo dann awer herno kontrolléieren am Permis de construire, ass dat esou réaliséiert gi wéi et do ugedeit ginn ass.

Wouranner besteet et elo. Dat ass, dass eigentlech déi Entrée e bësse méi déif geluegt ass, also si hunn do alles erausgeholl wat ee kann. Also et geet uewen op Hol a Mol ënnert dem Betonsdecke mat de Camionen nach just duerch. Si hunn do wierklech alles erausgeholl. Doduerch ass eng Stützmauer, déi d'Leit gesinn hunn, ass vill méi déif verschwonnen. Dir hutt et elo virleien, d'Entrée ass geschréit ginn, ass iwwerdeckt, gréng iwwerdeckt bis vir hin. Et ass eng Porte sectionale an där Entréespaart do déi bedeit, dass dee Moment wou de Camion dobannen ass, geet et zou. D'Ängscht vun de Leit war, wann d'Camione rangéieren, no vir an no hanne fueren, an dat geet et jo ëmmer „tuut tuut“ an dat mueres

um dräi Auer, also ech mengen do wär kee vun eis glécklech. Dat ass dee Moment ewech, well d'Dier dee Moment zou ass, de Camion firt eran a wann e bannen ufänt op de Quaien ze rangéieren, dann ass d'Dier zou, dann ass et gekapselt, dann héiert een dat dobaussen net méi. Demiewent, doriwwer eraus ass déi Astuce fonnt gi fir eng Nouttrap déi bestanen huet, déi virdun op där anerer Säit lounge, déi ass dann zu der rue de Rotterdam higeluegt ginn, esou dass niewent der Kapselung niewent der Distanz och nach déi zousätzlech Distanz vun där Nouttrap derbäi kënnt an dass awer ëmmer nach e weidert Ewechréckele vun der Belästegung.

Do ass mat deenen dräi Hauptconcernéierten hei diskutéiert ginn, wat esou wäit gefouert huet, dass si elo selwer am Laf vun der Woch mat den Architekten diskutéiert hunn an dat wat elo virläit hei, déi Gestaltung hannen, ass eigentlech de Produkt vun enger interaktiver Démarche tëschent dem Architekt vum Grupp a vun deenen dräi éischte Leit, also Kozar, Thurm, Duschène déi wierklech concernéiert waren. Déi aner, do läit den Tunnel schonn am Buedem. Do gesäit een en net méi. An et ass och kloer do nach eng Kéier mam Grupp geschwat ginn, mam Propriétaire dee war och do derbäi, dass déi Leit deen Terrain bis hannen zur Mauer, zum Mur de soutènement zur Verfügung gestallt kréien, zu hirer privater Notzung, an enger Form déi nach mam Grupp ofzeklären ass. An och eng Suerg, an dat gesitt Dir, déi war, dass do géing iwwert deen Dallage an iwwert déi Zone de transition dat wierklech als Transition an als Wee hanne laanscht d'Privatpropriétéité géing goen, där Suerg ass och Rechnung gedroe ginn doduerch dass dat elo zougemaach gëtt an dass et eigentlech eng ofgeschlossenen Ofgrenzung gëtt wierklech tëschent deem ale reng privaten Deel an tëschent deem zur Verfügung gestallte privaten Deel deen awer vum Grupp Cactus zur Verfügung gestallt gëtt, esou dass déi dräi Leit an dat waren déi déi wierklech, an dat gesitt Dir aus de Schnëtt eraus, jo domat am meeschte betraff waren, dass déi elo eng satisfaisant Solutioun kritt hunn. Si hunn och gebieden, dass dat och esou soll duergestallt ginn, dass se sech kënnte gegebenenfalls drop beruffen, dass dat am Gemengerot och esou presentéiert ginn ass fir och, och wann dat keng absolut Rechtssécherheet ass, mä dass et awer eng moralesch Sécherheet ass fir déi Leit.

Sou mengen ech, dass mer kënne mat guddem Gewësse soen, dass eigentlech déi gréisste Suerge vun deenen direkt Concernéierten elo ausgeraumt sinn an dass een, mengen ech, och de Gemengerot mat guddem Wëssen a Gewëssen, an deem Wësse mat guddem Gewësse kann deem PAP seng definitiv Approbatioun ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Gutt, ech mengen Dir konnt lech iwwert déi Detailinformatioun déi Dir kritt hutt, iwwerzeegen dass hei wierklech de Maximum gemaach ginn ass fir dee Projet deen eis Approbatioun hei fënn, fir dee Maximum esou ze gestalten, dass e jiddwerengem, méiglechst jiddwerengem herno ka Satisfaktioun ginn.

Ech hunn den Här Zwally elo als Wuertmeldung an den Här Weidig.

André Zwally (CSV):

Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt eigentlech zu dem PAG wat den zweete Vote ubelaangt, soen dass mir dee wäerte mat stëmmen. Et ass awer esou, et soll een e puer Wuert driwwer verléiere wat u sech d'Reklamanten hei virgedroen hunn. Ech denken dass dat och eng Suerg ass déi mir als CSV schonn éiwech haben. Wéi mir senger Zäit an der Kommis-sioun am PAP ALTENA diskutéiert haben, dat ass jo 2003/2004 gewiescht, do war och eng vun deene groussen Diskussiounen déi Verkéierssituatioun. D'Densitéit war eis bekannt. Mir wossten och, dass d'Verkéiers-situatioun vun där mer ausgaange waren net einfach géif ginn. Et ass och do eng Solutioun gesicht ginn déi och spezifesch op deen doten zougeriicht war a mir hunn domatter bewierkt gehat, dass mer eng Entlaaschtung sollte kréien um Niveau vun dem Boulevard Grande-Duchesse Charlotte. Ech mengen dat war d'Ausrichtung déi deemools geholl gi war fir kënne ze garantéieren, dass déi Densitéit déi um PAP ALTENA virgewise war, fir déi kënne ze garantéieren.

Ech wëll net op déiselwecht Diskussioun kommen déi mer am PAP hate wat de Cactus selwer ubelaangt. Ech mengen Dir kennt eise Stand dovunner, eis Décisioun déi mir geholl hunn. Mir hunn eis enthalten net well mer géint de Cactus sinn, mä ganz einfach well mer am Laf vun der Zäit gemierkt hunn, dass am Quartier Lalleng d'Verkéierssituatioun net méi einfach ginn ass, dass se och net wäert doduerch dass de Cactus gebaut gëtt, net méi

einfach wäert ginn an dat ass och d'Ursach firwat dass mer dat dote gesot hunn. Mir hunn och hei ëmmer d'Fuerderung gestallt, datt et wichteg wier fir op eng Etude hinzewiese fir d'Garantie ze ginn, dass och wann de Boulevard Micheville deen hei an der Diskussioun war, wann deen opgeet, keng Garantie gëtt fir dass et awer an en anstännege Fluide vum Verkéier op där doter Achs ka goen, well zousätzlech jo nach aner Projeten amgaange si realiséiert ze ginn. An eise Wunsch als CSV ass ganz einfach och dee fir gegebenefalls da wann et noutwenneg ass, nach eng Kéier eng Etude ze maachen iwwert den Trafik an dann nach eng Kéier bei d'Leit ze goe fir dann nach eng Kéier ze erkläre wéi wichteg dass et awer ass fir do Léisungen ze fannen, well et ganz einfach mengen ech wäert esou wäit goen, datt wa mer net eis aneschtens iwwerleeën an net an der Diskussioun déi mer och schonn hate wou Propose gemaach gi si fir och de Foussgänger aner Méiglechkeeten ze gi fir dohinner ze kommen, mam Rondpoint deen do virgesinn ass mat den Zebrastreifen, mat deem Ennerbrieche vum Fluide vum Trafik, Schwierigkeete wäert ginn.

Deem gesot mengen ech, wëll ech mech net méi widderhuele bei deem wat mer all Kéiers hei soe wat d'Verkéiserssituatioun ubelaangt. Mir wäerten dann awer och am zweete Vote, vu dass et reglementaresch och erfuerdert ass fir dat ze maachen, eis Zoustëmmung zum PAG gi mat dem Bedenke wat d'Verkéiserssituatioun ubelaangt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally. Den Här Weidig.

Paul Weidig (LSAP): Ech wëll hei dem Schäfferot, vertrieben duerch de responsable Schaffen, a virun allem och dem Service soen, dass se an där heiter relativ komplexer Matière vun der punktueller Modifikatioun vum PAG eng gutt Aarbecht geleescht hunn an dass se den Dossier och gutt zu Enn bruecht hunn. Ech menge mir sinn eis alleguerte bewosst, dass mer am Ablack wat de PAG ubelaangt an enger Iwwergangssituatioun sinn, déi alles ewéi kloer definéiert ass.

Mir mussen eis bewosst sinn, wa mer vun deem neien Akafszentrum Cactus schwätzen, dass dat en Akafszentrum ass dee mëtten an enger Stad läit. A wa mer eis d'leschte Kéier driwwer opgereeget hunn, dass dobaussen, ewéi de Maître Frank dat fälschlech vum Projet

Cactus behaupt, mastodontaarteg Akafszentren op der Wis entstinn, dann ass et desto méi wichteg dass mer versichen deen Akafszentrum Cactus an d'Stad ze integréieren, och wann dat Nodeeler huet fir déi immediat Noperschaft. De Schäfferot war sech däers bewosst, an fir d'rue de Rotterdam ass eng optimal Léisung fonnt ginn, an dem Sënn dass d'Uliwwerung durch Camione direkt duerch en Tunnel geschitt. Dass en Deel vun de Bewunner vum Lotissement ALTENA duerch den zousätzlech Verkéier belaascht ginn, ass gewosst. Dat wëllt awer net heeschen, dass mer näischt solle maachen. Am Géigendeel, och do sollt eppes gemaach ginn an et gëtt och eppes gemaach. De Verkéier gëtt nei geregelt an dat och am Intérêt vun den Anlieger aus der Cité. Déi nei Amenagementer droen virun allem dem ëffentleche Verkéier an de d'Foussgänger Rechnung. E Cactus mëtten a Lalleng bedeit natierlech dass vill Leit vu Lalleng an aus den Nopeschquartiere kënnen zu Fouss akafe goen an esou méi Liewensqualitéit hunn. Datselwescht gëllt fir d'Ubannung vun de Vélosweeër an de Busspueren. An deem heite Projet si Léisunge fonnt ginn déi vertriebar sinn, sécher net optimal fir jiddwereen, mer kréien awer en Akafszentrum dee sech relativ gutt an de Quartier integréiert. An ech mengen duerfir musse mer de Schäfferot, mat dem verantwortleche Schaffen, félicitéiere fir déi gutt Aarbecht déi hei geleescht ginn ass. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Et wier dann um Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Wann ech elo géif un d'Éiwegkeet gleewen, da géif ech mer och scho säit éiweg Suerge maachen iwwert déi Problemer déi do an deem PAG sinn. Mä well ech jo awer mat zwee Féiss nach op dëser Welt sinn, wëll ech dann awer och nom beschte Wëssen hei ofstëmmen. Ech kann net soen nom Wëssen a Gewëssen, well Gewëssen ass eppes wat an der Politik vill méi rar ass. Mä ech wëll awer just bemerken, dass well mer jo alleguer mat deem PAG do d'accord sinn an och dass de Cactus soll ausbauen, wëll ech awer trotzdem soen, dass dee PAG, also deen Ausbau do awer ka genau déiselwecht Konsequenzen hu wéi hei duergeluegt ginn ass, wat zu Léiweng hätt kënnen d'Konsequenze sinn, besonnesch fir den Zentrum fir d'Escher Geschäftswelt. Ech mengen et soll een dat awer och net aus

dem Ae verléieren. Och wann elo e groussen Akafszentrum esou no wéi méiglech bei der Stad ass, esou dierf een awer net vergiessen, dass e ka fir d'Escher Geschäftsleit besonnesch am Zentrum déiselwecht Konsequenzen hunn. Déi Iwwerleeung soll een awer och net ausschléissen an et muss een dann awer och kucke wéi dat dann awer kann och koordinéiert gi mam Rescht vun der Escher Geschäftswelt, an dass een do soll awer versichen eng gréisstméiglech Koordinatioun ze fannen, fir dass weder fir deen een nach fir deen aneren e Schued huet vun där neier Infrastruktur do.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, Den Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, ech deelen dem Här Weidig seng Usicht, datt et fir eis mengen ech alleguerte relativ kloer ass, datt mer engersäits op dee Projet net verzichte kënnen. Et anersäits natierlech och aus urbanistesche Grënn Bedenke gi sinn, och Bedenken aus der Noperschaft deenen huet misste Rechnung gedroe ginn. Ech mengen, datt de Schäfferot an dësem Fall eng relativ transparent Virgoensweis ugaangen ass déi mir och ënnerstëtzen. Och wat dat ugaangen ass fir mat de Leit zesummen ze komme fir déi Roll vum Mediateur ze spillen. Ech mengen datt dat do bal virbildlech ass wéi de Schäfferot do virgaangen ass.

Ech wëllt awer och ganz kuerz op dem Här Jaerling seng Bedenken agoe wat d'Geschäftswelt am Zentrum ugeet. Ech mengen datt dat wierklech e Problem ass. Mir mussen eis bewosst sinn, datt mer, wann de Cactus zu Lalleng opgeet, hu mer nieft dem Cactus a Belval Plaza zwee grouss Akafszentren a mer dierfen net aus den Ae verléieren, dat wat ee maache muss och als Escher Gemeng fir den Zentrum weider ze valoriséieren. Do ginn et eng ganz Rëtsch Bestriewungen, dat weess ech och. Ech mengen awer, datt een et wierklech zu kengem Moment dierf aus den Ae verléieren.

An dat drëtt wat ech dozou soe wollt, ass schief vis-à-vis vum PAP Cactus oder vum Cactus ass jo en aneren Terrain, e ganz groussen Terrain deen och dem Cactus gehéiert. Et ass jo dovunner auszegoen, datt wann deen neie Cactus opgeet, deen alen op jidde Fall an där doter Form net méi esou weider bestoe wäert. A meng Fro wäert dohinner goe wat dann elo mat deem aneren

Terrain geschitt? Ob do scho Pläng do sinn? Ob dem Schäfferot do Intentione vum Propriétaire dee jo de Cactus ass, virleien?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum an och alle Virriedner. Dann äntwert den Här Hinterscheid an den Här Braz.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo. Merci, ech wëll eigentlech mat enger Ausso vum Här Zwally mech do drunhänken. Hien huet gesot, hien huet e Rapport zitëiert vum enger Kommissioun an do gesäit een, dat war am Fong déi beschten Ausso fir ze soen, dass dat heiten en interaktive Prozess war, dass net mat Bulldouzer drüwwer gefuer ginn ass an dass versicht ginn ass, versicht ginn ass hei wierklech d'Intérêt vum der Stad ze conciliéieren awer mat de berechte Crainte vum der Leit wou Verkéierssituatioun eng ass, wou d'Gréisst vum Gebai eng aner ass, wou d'Proximitéit an d'Nuisancen déi kënnen aus esou engem Komplex entstoen en drëtt ass, mä wou awer och gläichzäiteg d'Luciditéit bei der Leit am Quartier do war fir niewent den Nuisancen och d'Avantagen ze gesinn, wann een esou en Zentrum an dat geet jo iwwert de Supermarché eraus. Dat gëtt jo e regelrechte Servicecenter mat enger Bank, mat enger Post dran. Wou mer mat der Post ëmmer kucke fir dass se awer nach lokal Dependancen huet, Quartiersdependancen huet ausser der Haaptpost. An d'Leit hunn do schonn och d'Opportunitéit verstanen déi duerch den Zentrum entsteet an dofir war et och wichteg do ze versichen déi Konsensfähigkeit och am Quartier hierzustellen.

Wat d'Ängschte vum der Escher Geschäftswelt ugeet oder déi Ängschte wéi den Här Jaerling se duergestallt huet, déi maache berechte sinn, mä et dierf een awer net vergiessen, dass och de Grupp Cactus oder de Cactus en tant que tel ëmmer Member vum Escher Geschäftsverband war. Dat heescht also do gëtt et schonn eng permanent Interaktivitéit tëschent dem Cactus an dem Escher Geschäftsverband an de Schäfferot huet jo awer och schonn eng Visioun wat de Commerce ugeet an déi besteet an enger Tripolaritéit. Dat heescht Belval ass eent, dat do ass eppes zweetes an de Centre Ville ass eppes drëttes an déi dräi, déi dräi musse complémentaire ginn. Déi dräi musse complémentaire ginn an och wann een Diskussioun féiert mat den Escher Commerçanten, déi gesinn net nëmmen eng Gefor do dran. Déi gesinn och eng méiglech Opportunitéit

doran, well se sech kënnen da méi monospezialiséieren a wéi dat och ganz oft a Stied ass am ale gewuesenen historesche Stadkär do huet ee ganz speziell Geschäft. An déi kënnen da gutt iwwerliewen an do sinn och Reflexiounen amgaangen an déi mengen ech, wäert d'Gemeng och, an de Schäfferot och positiv begleeten. An och déi nei Equipe am Geschäftsverband ass eigentlech och amgaang ganz proaktiv schonn do erun ze goen. Esou dass een do net der Saach geloosse kann entgéint kucken, mä awer trotzdem offensiv drun erun ze goen. An déi Chancen déi et och kann duerstelle positiv notzen.

Ech mengen dat sinn déi Saachen déi ech eigentlech dozou nach eng Kéier wollt soen. Ech menge mir hunn elo d'Léisung fonnt, dass mer kënnen d'Avantagen notzen ouni, ouni dass déi direkt Nopere wierklech ze vill geschiedegt ginn, an dass hir eegen Avantagen, hir eegen Avantagen am deegleche Liewen, déi kleng Nuisancen déi kënnen entstoe largement opweien an ech menge vu ganz vill Leit gëtt et esou gesinn an ech géing eigentlech dann iwwert d'Verkéierssituatioun de Verkéiersschäffen deen och permanent mat agebonne war.

(Interruption)

Pardon, deen ale Cactus, ma do ass de Schäfferot vum Ufank un an Diskussioun mam Grupp Cactus well et am deemolege Përmis de construire stoung, dass wann – dat sollt jo och en Interim sinn dee Cactus – an do stoung am Përmis de construire, dass wann de Cactus eng Kéier do ophält, dass e muss mam Schäfferot eens gi wat déi nei Affektioun ugeet. Dat ass souguer eng Obligatioun déi en huet, a mir sinn och mam Cactus amgaangen, et ass awer vläicht verfréit fir an eenzel Detailler ze goen, mä de Schäfferot ass do ganz kloer amgaang fir ze kucken, dass et och eng Plusvalue fir d'Stad Esch gëtt. An et gëtt sécher net en zweete Centre commercial derniewent. Ech mengen dat kann een haut scho soen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Braz.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Jo, just ganz kuerz, Madame Buergermeeschter. Den Här Zwally huet d'Fro nach eng Kéier opgeworf. Ech ënnerstëtze komplett wat den Här Hinterscheid a sengen Erklärungen gesot

huet. Ech mengen och, dass eng Rei Leit vläicht e bëssen hir Meinung revidéiert hunn iwwert dëse Projet opgrond vum deenen effentlechen Diskussiounen aus de leschte Wochen iwwert de Projet Léiweng, wou dann op eemol, mengen ech, awer dat wat mir hei zu Esch probéiert hunn e Projet eigentlech am Centre Ville ze halen, mengen ech och fir eng Rei Leit déi sech virdru méi kritesch geäussert hunn, elo op eemol manner kritesch ze bewäerten ass an doriwwer kënnen mer jo nëmme frou sinn.

Et sinn eng Rei Bedenke geäussert ginn. De Schäfferot hat och Bedenke während dem Projet. Mir hunn eis vill Gedanken gemaach. Mä bon, d'Bedenke sinn net de Schluss vum enger Iwwerleeung mä den Ufank an hannen um Enn muss ee sech décidéieren wat ee mécht an ech si frou, dass d'CSV de Projet déi Kéier matstëmmt, well ech menge wierklech dass et e Projet ass, also beim PAG, dass Dir de Projet kënnt matdroen, well ech menge wierklech dass et e Projet ass dee ganz gutt ass fir d'Stad Esch. Besonnesch wann ee sech iwwerleet wat d'Alternativ hätt kënnen sinn. D'Alternativ wär e Projet dobaussen op der grénge Wiss an dat hätt, sous toutes les coutures, méi Nodeeler gehat wéi de Projet wou en elo implantéiert ass. Och fir den Escher Commerce ass dat heite sécher vu Virdeel. Esou eng grouss Lokomotiv am alimentäre Beräich, praktesch am immediate Centre Ville ze hunn, huet ënnert dem Stréch mat Sécherheet méi Vir- wéi Nodeeler.

Wat ass, an den Här Zwally huet et opgeworf, dat ass dass natierlech esou e Projet Verkéier generéiert. De Projet deen elo kënnt ass méi grouss wéi deen dee war an dat kann een net an zwee splécken. Et kann een net soen de Projet ass gutt, mä mir wëllen awer dann dat „Méi-Opkommes“ vum Verkéier net. Dat ass esou. Et ass jo evident, dass méi e grouse Projet op där doter Plaz och méi Verkéier wäert generéieren, mä jiddweree vum deenen déi herno an deem Centre commercial wäerten akafen, hu kee Problem mam Verkéier. Si sinn en Deel wann Dir esou wëllt vum Problem. Si sinn en Deel vum Verkéier dee generéiert gëtt an eis Aufgab ass et natierlech ze probéieren dofir ze suergen, mat der Ponts et Chaussées déi jo hei, soen ech mol, zumindest esou gefuerdert ass wéi d'Stad Esch selwer, well mir fuere jo och iwwert hir Voirie wat den Accès zum Projet betrëfft. D'Haaptuerg vum der Ponts et Chaussées ass eng gewësse Fluiditéit vum

Verkéier och an de Spëttestonnen ze behalen. Nach eng Kéier mat engem Méi-Akommes vu Verkéier wéi elo, dat ass net ze trenne vum Projet. Wann een de Projet wëll da kann een net soen, mä de Verkéier deen do matgeet wollt ech net. Si si besuergt ëm d'Fluiditéit, dat ass eng vun den Haaptursache woufir dee Rondpoint soll gemaach ginn. Eis Suerg déi mir wëlle bäisteieren, ass déi, wéi kréie mer an e Projet dee beduecht ass op méi Fluiditéit et awer eran, datt déi déi sech anescht dohinner déplacéieren, dat sinn déi Leit déi do ronderëm wunnen, wéi kréie mer awer och fir déi Sécherheeten eran, datt se kënnen effektiv zu Fouss oder mat Kannerkutschen oder mam Vëlo sech och sécher iwwert déi Strooss déplacéieren. Dat ass eis Suerg. Déi wäerte mer mat der Ponts et Chaussées zesummen diskutéieren. Dat hu mer och scho gemaach, dass een do muss Léisunge fannen. Dir wësst de Rondpoint huet ëmmer de Virdeel, dass en de Verkéier méi flëssig mécht, en huet ëmmer den Nodeel, datt e fir d'Iwwerquerung vum Rondpoint méi problematesch ass wéi eng klassesch Kräizung mat roude Luuchten. Dofir verzichte mir jo och als Gemeng zënter 10 Joer am Centre Ville op d'Aménagement vu Rondpointen. Mir hunn iwwerall probéiert Kräizungen ze realiséieren, notament dee ganze Beräich hei bei der Gare an op der Lëtzeburger Strooss. Dat ass keen Zoufall wann do keng Rondpointen entstane sinn. Et gouf déi Idee. Mir hunn déi Idee ëmmer als déi zweet beschte Léisung considéiert a mir mengen och, dass mer richteg louche mat deem wat mer am Centre Ville gemaach hunn. Hei ass et méi schwéier well et wierklech eng ganz grouss Voirie ass mat engem gesteigerte Verkéiersopkommes, mä mir wäerten eis beméien, esou gutt wéi et geet, do ass net alles méiglech, dat weess een, mä esou gutt wéi et geet d'Besoin vum Foussgänger an dee Projet do eranzekréien. A mir sinn op fir all Virschléi a fir all Ideeën déi dat op där Plaz erliichten. Mä Dir sollt d'Gewëssheet hunn, Här Zwally, dass dat eis Suerg ass an deem méi grouss Verkéiersopkommes, grad déi dote Suerge vun de Leit déi do wunnen, an dee Projet vun der Ponts et Chaussées integréiert ze kréien. An ech mengen, dass d'Ponts et Chaussées och gewëllt ass dat ze berücksichtegen, esou dass et misst méiglech sinn eng propper Léisung dofir ze fannen.

Fir de Rescht mengen ech, war eng Haapt-suerg vun eis, dat soll een awer och nach eng Kéier ënnersträichen, dass besonnesch dee

Beräich vun der Lallenger Primärschoul vum Verkéier fir bei de Centre commercial an dovun ewech, verschount bleift. An dat ass eis gelongen. Dat war d'Haaptsach wat mer ze erreechen haten. Dat soll een net vergiessen déi éischt Hausaufgab déi mir eis als Schafferot selwer ginn haten, war déi Primärschoul net vun deem méi grouss Verkéiersopkommes tangéiert ze gesinn. Dat hu mer erreecht an dorwäert si mer frou. Mä och deen anere Problem wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint probéiere mat de Ponts et Chaussées zesummen ze léisen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci deenen zwee Ressortschäffen an ech menge wann ee sech dann ëmmer am Hannerkapp behält, dass hei 500 Aarbechtsplazen an eng Stad erakommen an net op eng gréng Wiss, da weess een, dass een hei déi richteg Décisioun fir d'Stad Esch geholl huet.

Ech géing dann zum Vote iwwergoen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz –
M. Daniel Codello – M. Henri
Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly
Jaerling – M. Frunnes Maroldt –
Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller
– M. John Snel – M. Paul Weidig –
M. Everard Wohlfarth – M. André
Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité définitivement la modification ponctuelle du plan d'aménagement général « op der Haart ».

5. PAG de la Ville; modification ponctuelle („Nonnewisen“), 1er vote; décision

6. PAP „Nonnewisen Phase 1A version adaptée“, 1er vote; décision

7. PAP „Nonnewisen Phase 1B version adaptée“, 1er vote; décision

Mir kéimen dann nach eng Kéier zu den Nonnewisen. Dat ass wierklech am positive Sënn vum Wuert en Dauerbrenner hei bei eis an ech géing hei proposéieren déi zwee

Punkte 5 a 6 zumindest bei der Duerstellung ze regroupéieren. Da kënnen mer herno zesumme kucken wéi mer et mam Vote handhaben.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hunn d'lescht Joer scho kuerz virun de Budgetsdebatten ugefaangen iwwert d'Nonnewisen ze schwätzen. Ech mengen et war elo bal keng Reunion wou mer net eppes vun den Nonnewisen haten, bis an de leschten Detail. An eigentlech ass dat wat mer haut maachen, war jo virgesinn an där leschter Reunion schonn ze maachen, mä do hate mer awer, well d'Avisen net do waren nach vum Ministère, konnte mer d'Vote net maachen. Elo froen ech de Conseil, ech erlabe mer dat, déi kuerz oder déi laang Versioun? Déi kuerz Versioun! Da soen ech lech, da si mer hei a Präsenz vun engem PAG deen eigentlech dat reglementaresch ëmsetzt wat mer lech an där leschter Sitzung bis an de leschten Detail erkläert hunn an hei hu mer dat reglementarescht Instrument dofir. Dir kënnt gesinn, dass déi verschidden Zonen, déi verschidden Opdeelungen, déi verschidde Fonctiounen elo am PAG festgeluegt gi sinn. Mer hunn en Avis kritt wou mer e puer Rectificatiounen nach maachen an ënner anerem huet dat doranner bestanen, dass déi Retentionsbecken eigentlech net an der Zone Park däreffe leien, mä déi mussen mer an d'Zone urbanisée leeën. A wann dat lech mat den Dokumenter duergeet, da géing ech lech proposéieren, dass mer en esou kéinte stëmmen. Well ech widderhuele soss nach eng Kéier genau datselwecht wat mer an deene leschten dräi Sitzunge gemaach hunn.

An eigentlech ass et mat de PAPen d'selwecht. D'PAPen, deen éischten, den 1a ass jo eng Modifikatioun wou mer deen éischte Fanger, dat heescht do wou mer elo deemnächst an d'Vente ginn, wou de Fonds de Logement schonn en Deel do stoen huet, wou mer op de Grenzen hu misste wéinst Dimensionspräziséieren, ass deen éischten, de PAP 1a, ass d'Präzisioun vun deem wat mer elo och do scho presentéiert hunn. Ech géing lech och wa Froe sinn op déi Froen dann äntweren.

An de PAP 1b deen hu mer och en long et en large an deen hu mer notament, notament mat der Presentatioun vun dem Komplex Lot 4N, wéi mer e genannt hunn, do wou mer selwer amgaange sinn ze bauen, do hutt Dir d'Architektur am Detail virgestallt

8. Convention avec la société SUDGAZ S.A. concernant la fourniture de chaleur à partir de la centrale de cogénération Brill; décision

kritt. Hei ass d'reglementaresch Grondlag fir déi Architektur, esou dass ech och do eigentlech et kënnt kuerz maachen. Wann Dir domat d'accord sidd an lech soen, eigentlech hutt Dir et scho gestëmmt wéi Dir den Devis gestëmmt hutt fir d'Gebai.

Dann, Här Sekretär, een nom aneren.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss
– M. Aly Jaerling – M. Frunnes
Maroldt – Mme Lydia Mutsch –
M. Roger Roller – M. John Snel –
M. Paul Weidig – M. Everard
Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité provisoirement la modification ponctuelle du plan d'aménagement général "Nonnewisen".

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss
– M. Aly Jaerling – M. Frunnes
Maroldt – Mme Lydia Mutsch –
M. Roger Roller – M. John Snel –
M. Paul Weidig – M. Everard
Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité provisoirement le plan d'aménagement particulier « Nonnewisen – Phase 1A version adaptée ».

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M.
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss –
M. Aly Jaerling – M. Frunnes Maroldt
– Mme Lydia Mutsch – M. Roger
Roller – M. John Snel – M. Paul
Weidig – M. Everard Wohlfarth – M.
André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité provisoirement le plan d'aménagement particulier « Nonnewisen – Phase 1B version adaptée ».

8. Convention avec la société SUDGAZ S.A. concernant la fourniture de chaleur à partir de la centrale de cogénération Brill; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Mir kommen dann zu Punkt 8, dat ass d'Konventioun mat Sudgaz, ronderëm d'Cogeneratioun Brill. Dat mécht den Här Braz.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Merci, Madame Buergermeeschter.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Och déi kuerz Versioun.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Och déi kuerz. Et ass eng wonnerbar Saach. Et ass eng Konventioun tëschent der Stad Esch an der Sudgaz, enger Sociétéit vu privatem Recht, vun där Dir wësst dass mir do bal 40%, ronn 40% vun de Parten hunn. Eppes licht souguer driwwer iwwer 40% mat e puer anere Gemengen zesummen. Et geet an dëser Konventioun drëm eis Relatiounen ze regele mat der Sudgaz ronderëm de Bau an de Betrib vun enger Cogeneratiounsinstallatioun am Quartier Brill. Dir kënnt lech erënneren, dass mer vun den 90er Joeren un eng Cogeneratiounsinstallatioun schon am Brill haten déi 2006 ofgeschalt ginn ass well déi hir Zäit gemaach hat a mir hunn deemools profitéiert dovun, dass mer jo amgaang wieren am Brill eng wierklech eng Prioritéit bei den Investissementer ze maachen. Mir hunn e puer grouss Projete parallel am Quartier Brill lafen. Den Theater, de Parking, déi Plaz, d'Brillschoul, déi nei Schwämm, de Musée de la Résistance, d'ADEM, do sinn eng ganz Partie Projeten déi mateneen an der Diskussioun sinn. Do hu mer profitéiert dovun fir ze soen, ma da komm mir ersetzen déi Cogeneratiounsinstallatioun déi al duerch eng nei a mir probéieren all déi Gebaier déi do ronderëm sinn, no Méiglechkeet un eng grouss Installatioun drun ze schléissen, wat et net nëmmen erlaabt ekonomesch interessant bei der Behëtzung vun de Gebaier ze fueren, mä natierlech och, an dat war eng Reflexioun déi am Virdergrond stoung, eben och eng ganz Partie CO2-Emissiounen kënnen anzespueren duerch eng nei performant Installatioun déi grouss dimensionéiert ass an déi dofir och dann e grouss Rendement huet.

Ech erspueren lech d'Detailer vun der Konventioun, Dir kënnt se noliesen. Just ze erënneren, dass déi Konventioun folgend

Gebaier beinhalt: dat ass déi nei Brillschoul, et ass déi al Brillschoul, et ass déi Schwämm an der Brillschoul, et ass den Theater, et ass d'Justice de Paix déi am Moment jo nach ëmmer do ass, et ass d'Eglise Sacré Coeur, et ass d'Casa d'Italia déi elo kierzlech jo an eise Besëtz iwwergetrueden ass an et ass och dat aalt ADEMsgebai. Dat ass also wierklech eng grouss Installatioun an déi Konventioun déi gëllt fir 15 Joer. Mir hunn der Sudgaz eng Exklusivitéit zougestanen. A Contrepartie kréie mer vun der Sudgaz, wat déi ganz Anlag betrëfft, kann ee soen an engem Saz, déi ganz Aarbecht ofgehall. A mir hu ganz avantagéis Tariffer och erausgeschloe fir d'Stad Esch. Wat och weisst, ech mengen wat och méiglech nëmmen doduerch war, well mer jo mat enger Firma ze dinn hu wou mir eben e groussen Aktionnär sinn an déi eng aner Logik huet wéi eng klassesch Privatfirma déi och beim Benefiss do aner Moossstief géing usetzen. Also mir mengen mir hätten hei net nëmmen aus ëmweltpolitesche Grënn mä och ekonomesch ganz gutt geschafft, mat engem zuverlässige Partner a mir géingen lech da bieden déi Konventioun déi fir eng Durée vu 15 Joer elo mol ofgeschloss ass, an déi dann duerno par reconduction tacite d'année en année verlängert gëtt. Mä déi 15 Joer, dat ass schon eng Period déi mat der Liewenszäit vun esou enger Anlag ongeféier Schratt hält. Déi ass wuel nach e bësse méi laang wéi 15 Joer, mä 15 Joer ganz sécher. Duerfir hu mer och gemengt et wär sënnavoll déi Konventioun op déi Durée do vu 15 Joer elo mol ofzeschléissen. A mir géingen lech da bieden d'Konventioun zouzestëmmen. Et ass eng gutt Saach fir d'Stad Esch.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M.
Daniel Codello – M. Henri
Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly
Jaerling – M. Frunnes Maroldt – Mme
Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M.
John Snel – M. Paul Weidig – M.
André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention précitée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société Sudgaz s.a.

9. Participation aux ateliers d'été sous chapiteau pour jeunes, tarification; décision

Mir géingen dann en absence vun eiser Jugendschaffin déi d'Gripp erwëscht huet, de Punkt 9 presentéieren. Do geet et ëm eis Summeratelieren am Theaterzelt an eigentlech hätte mer dee Punkt esou missten ënnerdeelen, dass mer fir d'éischt eng Informatioun doriwwer ginn, well dat ass wierklech eng wonnerbar Geschicht. An dann zweetens d'Tarificatioun.

Wourëms geet et? Et geet drëm fir complémentaire zu deenen Activités de loisirs déi traditionell déi mer hunn – also et gëtt dowéinst näischt manner gemaach wéi déi vill Aktivitéiten déi mer schonn an der Vergaangenheet hunn – mä et kënnt nach eng zousätzlech Aktivitéit dobäi fir dovunner ze profitéieren, dass mer nach bis Enn August Ufank September eist schéint Theaterzelt do stoen hunn. Duerno bereede mer eis dann op eise frësch renovéierten Theater vir. An elo hu mer mat all eise Servicer déi wierklech formidable Aarbecht hei geleescht hunn, et fäerdeg bruecht fir am August, also iwwert de ganzen August, iwwert d'Woch Atelieren ze organiséieren zu 4 Themen: Zauberen, Street-dance, Kreatioun an Arts du cirque. Firwat grad déi véier Beräicher, déi tëscht Méindes a Freides tëschent 09.00 an 18.00 offréiert ginn? Ma ganz einfach, well de But dovunner ass, dass mer déi Escher, a verstärkt déi jonk Escher, wëllen um Streetfestival participéiere loosse. Dir wësst, dass mer da während zwee Deeg immens vill Artisten aus der ganzer Welt bei eis zu Esch hunn. An dat ass zënter 10 Joer e formidable Succès. A mat deenen Ateliere wëlle mer virun allem deene Jonken an de Kanner d'Méiglechkeet gi fir sech mat anzubannen an ausserdeem, oder niewebäi hu mer dann dee flotten Niewenavantage, dass Persounen déi zu zwee berufstäteg sinn, sécher sinn, dass och an der Sommervakanz fir hir Kanner keng Schoul hunn, eng sénnvoll Fräizäitgestaltung stattfënn. A mer brauchen lech jo net ze soen, dass mer natierlech souwuel wat den Transport ubelaangt, eis Schoulbussen circuléieren hunn, fir dass d'Kanner op deenen übleche Plazen ofgeholl ginn an dass mer och dofir suergen, dass d'Kanner professionell encadréiert ginn. An deen Appel un d'Elteren ass och schonn erausgaangen.

Un eis ass et elo haut fir lech den Evenement méi am Detail ze presentéieren a virun allem eng Tarificatioun ze maachen. An et kann een et wierklech just Participation aux frais nennen, well fir eng ganz Woch vun 09.00 bis 18.00 bezuelen d'Elteren 10 Euro fir déi ganz Woch. Ech mengen dat ass net vill. Dat ass wierklech just e kleng Gest an ech géing hei all eise Servicer félicitéieren an natierlech och der Ressortschaffin déi dat begleet huet.

Den Här Maroldt.

Frunnes Maroldt (CSV): D'Idee, d'Aktivitéiten u sech fannen ech eng ganz flott Saach. Aktivitéit fir Kanner fir se vun der Strooss erföhuelen a fir hinnen eppes unzebidden. Ech fannen dat gutt.

Dat eenzelt wou ech e klengt Bedenken hunn, dat heescht si mer flexibel genuch, et ass jo e bëssen, et häng jo en Fonctioun vum Wieder of. Wann et déck waarm ass kann ech mer virstellen, dass se op enger aner Plaz dass se do besser ënnerbruecht wäire wéi an deem Zelt, an deem stéckegem Zelt. Ob do eng Méiglechkeet besteet fir auszewäichen, sech unzepassen un d'Wieder.

Laangfristeg gesinn, déi Joeren duerno wann d'Zelt fort kënnt, also ech fannen och mat eise Schoulen déi mer hunn, déi Infrastrukturen déi mer hunn, ass et vläicht flott fir an Zukunft dat och, also net nëmmen d'Waldschoul ze huelen, deen ech nach ëmmer als Site ideal fannen, mä och nach wann elo déi nei Schoul an den Nonnewise gebaut gëtt oder esou, ob een d'Schoulen net och déi déi néideg Infrastrukturen hunn, ob een net och a Schoule kann auswäichen. Mir hunn an eiser Schoul zum Beispill hu mir jo dee Stage vun der Harmonie municipale. Also d'Schoulen déi kënne jo och benotzt ginn. Also wéi gesot, dass een do wat déi nächste Joeren elo ukënnt, kann ee vläicht laangfristeg, kann een dat weider an déi do Richtung, wéi Dir dat gemaach, plangen an dat eventuell ausbauen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Maroldt. Den Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Jo, ech begrëssen dat natierlech och, well et sech hei jo nach ëm eng zousätzlech Offer handelt fir während deene Vakanzzeiten de Kanner a Jugendlechen eppes unzebidden niewent Waldschoul an esou virun. Ech hätt just eng Fro, well et

eng gutt Saach ass, wéi hutt Dir dru geduecht fir d'Eltere wierklech mat op eng sérieux Aart a Weis ze informéieren, datt wierklech vun där Offer och Gebrauch gemaach gëtt. Wéi ass den Déroulement dovunner? Vun der Informatioun fir d'Elteren?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Gutt. Ma jo da freeë mer eis natierlech dass déi doten Aktivitéit esou gutt hei ukënnt an da souguer schonn nogeduecht gëtt fir déi och an der Zukunft, wann eist Theaterzelt net méi do ass, nach weider ze féieren, well och eise Street- an Open Air Festival dee gëtt jo och weidergefouert.

Fir d'éischt déi Fro zum Open Air oder zu den Aktivitéiten dobäussen. Dat huele mer als Suggestioun gäre mat op de Wee a préiwen ob et méiglech ass fir mat de Kanner eventuell wa wierklech e wonnerbar, bommegen Dag ass fir mat hinnen zesummen da vläicht op de Galberg ze goen an do kënne eng Rei Open Air Aktivitéiten ze maachen. Dat préiwe mer gären. Vläch ass et och virgesinn, mä ech kann lech déi Informatioun net ginn, mä mir préiwen et ganz sécher, well et ka jo och sinn, dass et dann ze waarm am Zelt ass. Mä mir hunn awer eis informéiert, do ass eng Beléiftungsméiglechkeet do an et si jo och eng Rei vun Installatiounen am Theater déi mer net kënne onbedéngt transferéieren an den Open Air. Mä mir huelen dat gäre mat op de Wee.

Fir iwwert dëst Joer eraus déi Aktivitéit weider ze féieren, dat huele mer och gäre mat op de Wee a kucken eng gutt Méiglechkeet ze gesinn. Vläch och an eise Lycéeën. An eise Schoulen ass et esou, dass vu dass mer immens vill an eise Schoule maachen a continuéierlech vill Renovatiounsarbechte maachen an déi net am Laf vum Joer kënne maachen, musse mer oft op d'Vakanzen auswäiche fir den Entretien ze maachen. Et muss een also préiwen op dat kompatibel ass mat deenen Aarbechten déi eis Servicer da virgesinn hunn, mä mir huelen awer gären déi Offer mat op de Wee, dass een eventuell och an eise Lycéeën ka kucken ob mer dat kënne maachen oder op anere Plazen hei zu Esch.

D'Informatioun war eng ganz, ganz detailléiert Informatioun. Ech weess dat well ech se och als Mamm vun zwee Primärschoulskanner heem geschéckt kritt hunn. D'Elteren hunn am Detail d'Informatioun kritt wéini et ass, wat et genee ass, och mat Illustratiounen wat déi

10. Nomination d'un représentant de la Ville d'Esch dans le Conseil d'Administration du Syndicat d'Initiative et du Tourisme; décision

eenzel Atelieren ausmaachen an et huet ee wierklech scho Loscht kritt, wann een et gesinn huet et war och eng ganz flott faarweg Opmaachung, et huet ee wierklech Loscht kritt seng Kanner do unzemellen an eise Service Enseignement, awer och déi aner Servicer déi matgeholfen hunn, Jeunesse virun allem, och Kultur a Sport, déi sinn och allegueren informéiert a waren och als Kontaktpersonen ugi ginn, fir dass d'Elteren och nach zousätzlech Informatiounen kéinten anhuelen. Also dat mengen ech war wierklech ganz virbildlech gemaach an Dir hutt ganz Recht, wann een eppes Flottes mécht, da muss een och dofir suergen, dass all d'Escher Elteren informéiert ginn iwwer déi doten Aktivitéiten.

Mir huelen also resüméiert déi dote Suggestiounen mat op de Wee a proposéieren och iwwer 2010 eraus dat dote bäizebehalen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello –
M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss
– M. Aly Jaerling – M. Frunnes
Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M.
Roger Roller – M. John Snel – M.
André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité les tarifs pour la participation (+prise en charge) des jeunes eschois (âgés de 6 à 18 ans) aux activités d'été sous chapiteau.

10. Nomination d'un représentant de la Ville d'Esch dans le Conseil d'Administration du Syndicat d'Initiative et du Tourisme; décision

Mir kéimen dann zu Punkt 10. Ech wollt awer direkt lo dem neie President vum City Tourist Office félicitéieren a vu dass hien aus Respekt vis-à-vis vun enger Décisioun déi de City Tourist Office direkt concernéiert erausgaangen ass, ass dat eng Explikatioun firwat mer elo net méi zu esou vill sinn. Dir wësst, dass mer viru kuerzem eng Generalversammlung vum Escher Syndicat d'Initiative hatten, an dass mer en neie President hu mat engem neie Comité, mat engem neien aktive Comité ... Ech wëll dovunner profitéieren fir deem virege President, den Här Heinen Merci ze soe fir seng laangjäreg Tätegkeet am Intérêt vun der Stad Esch. Ech mengen net, dass mer dat hei scho gemaach hunn an ech mengen hien hätt dat

verdénkt. Hien huet ganz oft ganz couragéiert Décisiounen geholl. Hien hat och déi eng oder déi aner Kéier Pech mam Wieder, well hien huet och Open Air Aktivitéiten organiséiert déi ëmmer um Wieder hängen a mir sinn awer der Meenung dass mir him solle fir déi laangjäreg Tätegkeet am Intérêt vun der touristescher Entwécklung vun der Stad Esch Merci soen.

Da vu dass hien awer elo, iert de Vote kënnt, trotzdem nach erakomm ass, wollt ech dann och offiziell dem neie President an Ärem Numm félicitéieren. Et handelt sech ëm den Här Wohlfarth. Et ass e ganz motivéierte President, dofir wëll ech och hei a senger Präsenz soen, dass de Schafferot déi feme Iwwerzeegung huet, dass hie wëll verstärkt säi Syndicat d'Initiative oder City Tourist Office an d'Liewe vun der Stad Esch a vum Schafferot abannen an dass hien och an der Zukunft d'Effort fir de Fonctionnement vum Syndicat d'Initiative nach weider wëll verstärken. Mir wëllen och mëttelfristeg als Gemeng d'Mataarbechter vum Syndicat d'Initiative iwwerhuelen. Also déi Persounen integréieren an de Staff vun der Stad Esch. Mir wëllen och eng budgetär Transparenz assuréieren, dat op explizite Wonsch vun der neier Equipe a virun allem hire President. Mir wëllen an der Zukunft och d'Investitiounen fir d'Aktivitéit vum City Tourist Office mindestens stabiliséieren, am ideale Fall awer nach weider ausdeen. Mir sinn der Meenung als Schafferot, dass d'touristesche Entwécklung vun der Stad Esch agegliddert och an d'Regioun vum Süden, wou mer jo elo déi flott Perspektiv hu fir e regionalen Touristcenter ze kréien, dass mir déi touristesche Entwécklung als Deel vun der Wirtschaftsentwécklung vun der Stad Esch gesinn, dass eiser Meenung no Tourismus e Point fort ass fir eng Stad no vir ze bréngen. An dass mir als zweetgréisst Stad vum Land an als Hauptstadt vun enger Regioun mengen dass mir e Rôle ze spillen hunn. Mir denken och, dass ee verstärkt net eleng awer och d'Industriekultur ka mat an de Virdergrond stellen. Mir freeën eis och, dass den neie Comité ënnert hirem neie President direkt Kontakt geholl huet zu alle kulturellen Acteuren déi mer an der Stad Esch hunn. Tourismus ass e wichtege Volet, Kultur a Sport natierlech och. Mir freeën eis och, dass den neie President ugekënnegt huet, eng gutt Zesummenaarbecht mam Escher Geschäftsverband unzeviséieren. Dat ass fir eis enorm wichteg, well mir müssen eise Geschäftsverband deen och eng nei Equipe huet,

abannen. A prioritär ass et natierlech och d'Aufgab dat kënne mir guer net als Gemeng eleng assuréieren, eng gutt Relatioun zu den Escher Veräiner ze hunn. Mir hunn enorm vill Veräiner, mir hu ganz vill ganz aktiv Veräiner. Mir hu vill aktiv Veräiner, hu mer och eng Rei vu Veräiner déi vläicht just drop waarden, dass ee se mat encouragéiert a mat abënnt an zukünfteg Aktivitéiten. Hei kritt den Tourist Office eng flott Aarbecht ze maachen.

Mir hunn haut zwou Décisiounen ze huelen. Dat eng ass déi fir de Subside dem Syndicat ze ginn dee mer am Budget stoen hunn, woubäi et dann zu Verlagerungen an der Zukunft wäert kommen, well mer ebe wëllen d'Personal an de Staff vun der Gemeng integréieren a well mer och déi eng oder aner budgetär Prozedur elo wëlle mam City Tourist Office zesummen iwwerdenke fir eng maximal Transparenz geltend ze maachen.

Wat d'Nominatioun vun engem Representant vun der Stad Esch am Conseil d'Administration vum Syndicat d'Initiative ubelaangt, esou proposéiert de Schafferot fir eisen Ekonomist doranner ze nennen deen zoustänneg ass fir d'Wirtschaftsentwécklung vun der Stad Esch. A vu dass mir mengen, dass et e staarke Lien gëtt vun der Wirtschaftsentwécklung zu der touristescher Entwécklung menge mir och, dass mir an der Persoun vum Här Poos, deen och eng enorm flott Dynamik entwéckelt huet an deem dote Beräich sollten, an d'Equipe vum Här Wohlfarth integréieren.

Den Här Jaerling, den Här Wohlfarth.

Aly Jaerling (Indépendant): Quitte dass ech och där Meenung sinn, dass een iwwerall wat d'Entwécklung vun der Stad Esch ubelaangt nëmmen déi beschte Leit soll dohinner schécken an onofhängeg och elo vun der Persoun déi do elo President ginn ass, war ech awer ëmmer eischer der Meenung. Dir hutt uganks hei geschwat vun Trennung vun de Gewalten, do war ech awer eischer der Meenung, dass esou eng Infrastruktur wéi de City Tourist Office oder de Syndicat d'Initiative awer menger Meenung no misst onofhängeg vum Gemengerot fonctionnéieren. Ech wëll domatter net iergendwéi d'Kompetenze vun iergendengem a Fro stellen, mä ech sinn awer der Meenung, dass wann alles ze vill an der Hand ass vum Schafferot, do sinn ech zwar der Meenung dass dat net dee gudder Wee ass, quitte ech sinn awer d'accord, ech sinn awer d'accord ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et geet jo kee vun eis dohinner, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Nee, an Dir mëscht lech och guer net an, selbstverständlech, wee géif dat och jeemools hei denken. Ech mengen dat ass jo kloer. Ech mengen do sinn ech awer ganz ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir äntweren herno.

Aly Jaerling (Indépendant): ... ganz dovun iwwerzeegt, dass Dir lech do guer net amëscht. Mä op jidde Fall meng Meenung ass, meng Meenung ass, dass een dat, dass dat hätt missten onofhängeg bleiwen an dass de Gemengerot sech am Fong sollt e bëssen do eraushalen. Ech wënschen op jidde Fall deem neie President, ech sinn och iwwerzeegt, dass hie seng Aarbecht gutt mécht, wënschen ech vill Erfolleg.

Schäffe Félix Braz (DÉ GRÉNG): Et ass äre gudder Frënd!

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, mä där gudder Frënn hat ech scho vill, dofir sinn ech haut do wou ech sinn.

(Hilarités)

Also mäi Frëndeskreess, deem huet mech ganz gemittlech dohinner bruecht wou ech elo sinn an ech sinn och frou, dass ech déi Frënn all hat, well ech hu vill Erfahrungen a mengem Liewe gesammelt, mä et huet alles näischt gedéngt.

Mä ech wëll awer soen, ech wënschen awer trotzdem dem neie President vill Erfolleg. Et ass net dowéinst wou ech et soen, mä ech mengen, ech sinn einfach der Meenung, der Iwwerzeegung dass dat hätt sollen onofhängeg bleiwen. Mä trotzdem, ech sinn iwwerzeegt, dass hien eng gutt Aarbecht mécht an dofir vill Erfolleg an trotzdem Merci awer fir säin Engagement.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling, dann den Här Wohlfarth an duerno den Här Maroldt.

Everard Wohlfarth (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Et war mol eemol e Slogan bei dem franséische Ministère du tourisme

deem huet gesot: „investir dans le tourisme, c'est d'abord investir dans l'Office de tourisme local“. A besser wéi Dir, Madame Buergermeeschter, hätt keen dat dote kënnen ënnersträichen.

Eng Institutioun déi elo iwwer 100 Joer al ass, hat natierlech vill Héichten an Déiften erlieft, woubäi ech nach iwwerzeegt sinn, datt et méi Héichte ware wéi Déiften. Eis Stad brauch einfach e performante City Tourist Office oder Office du tourisme oder Syndicat d'Initiative wéi een et ëmmer wëll nennen. A beim 100. Anniversaire vun eise Syndicat am Joer 2002 huet de Fernand Boden, den deemolege Minister du Tourisme ënnerstrach, datt der Stad Esch souguer eng Virreideroll fir d'Süddregioun a Saache Kultur an Tourismus zoukomme misst. An der Tëschenzäit huet sech awer och eis Administratioun ëmstrukturiert a moderniséiert, notament mam Schafe vun eise Service culturel. Mir gesinn also als eis wichtegst Missioun eng intensiv Zesummenaarbecht mat allen Acteuren aus der Kultur, Tourismus- a Veräinswelt ze kréien an dat sinn notament eise Geschäftsverband, eis Hotelieren a Responsabel vun eise Institutions culturelles wéi Dir dat scho richtegerweis gesot hutt, Madame Buergermeeschter. Iwwregens hu mir och elo do schonn eng Rei Entrevuen ageplangt fir mol déi eenzel Ideeën ze sondéieren an duerno drun ze drenke se eventuell ze realiséieren esou wäit dat machbar ass.

Ech denken, datt et net onbedéngt d'Aufgab ass vun engem CTO grouss Highlighten oder Manifestatiounen ze organiséieren. Natierlech wëlle mir eis och do investéieren a begleedend a berodend eise Service culturel zur Säit stoen. Et schléisst och net aus, datt mir als CTO selwer déi eng oder aner kleng Manifestatioun organiséieren. Ech denken do zum Beispill un déi kleng Concerten op der Boltgenplaz oder anere Quartieren. Mir sinn den Accueil fir d'Visiteure vun Esch. Mir mussen dofir suergen, datt d'Leit fiabel Renseignerment kréien, iwwer all Evenement informéiert kënnen ginn, d'Hotelreservéierung virhuelen, déi vill Sehenswiedegkeete vun eise Stad gutt verkafen. Bref, mir mussen déi éischt Jalone setze fir datt de Visiteur sech wuel bei eis fillt. Iwwregens si mir och amgaangen eis Raimlechkeeten ze moderniséieren an och eis Internetsäit, déi am Kader vu www.esch.lu ass, wat e Link ass dovunner,

déi wäert och deemnächst aktualiséiert ginn, wou ee mat engem Klick dann Esch besser kenne léiert.

Am Moment si mir no franséische Critèren en zweestären Office. Eist Zil muss sinn en dräi- a firwat net och e véierstären Office ze ginn. Et wär och ganz interessant op eng nei Struktur en ORT, en Office régional de tourisme – mer hunn der schonn zwee am Land, den Office régional vum Mëllerdall an den Office régional des Ardennes – zrëck ze gräifen. Iwwregens lafen do d'Diskussiounen op Héichtouren, och mam Prosud. Dat géif erlaben d'Kompetenzen an de Communes membres ze bündelen, gréisser Projeten zesummen ze realiséieren. Virun allem och eng besser Koordinatioun vun dësen Evenementer ze erreechen. De Stat an d'Chambre de commerce géifen do och substantiell finanziell Hëllef baisteieren. Och géif dat net verhënneren, dass mir eis Lokalidentitéit an Traditiounen och weider oprecht erhalen.

Den Tourismus ass e wichtige Vecteur fir eisen Tissu commercial an egal wéi héich den Undeel un der wirtschaftlecher Situatioun ass, e generéiert garantéiert eng Rei vun Aarbechtsplazen an der Gastronomie oder an der Hotellerie. Mir als Syndikat wëllen eisen Deel dozou bäidroen eis attraktiv Stad och um Gebitt vum Tourismus fir d'Zukunft fit ze maachen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci, Här Wohlfarth. Mir kéimen dann zum Här Maroldt.

Frunnes Maroldt (CSV): Merci. Ech mengen no der programmatescher Ried vun dem neie President deem ech och vu menger Säit aus félicitéiere fir dat neit Mandat wat hie kritt huet, wollt ech just e puer Wuert soen aus der Optik vun engem dee ganz laang am Syndicat d'Initiative mat engagéiert war, souguer eng Vizepresidentepositoun anhat. Wann dat recht ass oder wann ee recht huet, dann huet ee recht. Also ech kann nëmme bestätegen, dass am Fong geholl déi Majoritéit déi de Moment hei d'Soen huet an der Gemeng, dass eng vun de Prioritéiten déi se do, oder Zeechen déi se do gesat huet am Kontext vum Syndicat d'Initiative, dass dat déi richteg waren. Wann een zrëckbléckt op déi Joere wou hei Thüringer verkaaft gi si fir de Syndicat d'Initiative iwwer Waasser ze halen an Initiativen oder Aktivitéiten ze finanzéieren, ech mengen dat ass definitiv net dee Wee

deen eng modern, eng Stad déi mat deenen Ambitiounen déi mir hunn, net ka goen. Also dofir kann ech nëmme soen, do sinn déi richteg Zeeche gesat ginn. Ech mengen och mat der Kreatioun vun dem Büro vum Syndicat d'Initiative oder City Tourist Office, wéi mer dat och nennen, dat eent klénge esou gutt wéi dat anert. Mä do sinn déi richteg Zeeche gesat ginn. An entgéint deem wat am Fong geholl elo virdru gesot ginn ass, et ass wichteg, dass eng gewësse finanziell Autonomie do ass fir déi Leit déi do schaffen, dass déi eng Garantie hunn, awer wat och wichteg ass, dat ass déi professionell Struktur. A wann den Här Poos och domat dran eran agebonnen ass, fannen ech dat och eng ganz wichteg an eng gutt Saach, fir dass am Fong geholl awer och do eng gewësse professionell Approche garantéiert an erhalen ass, well wéi gesot, et ass een ëmmer gewëllt Krediter oder Moyene fräi ze stelle wa se awer och professionell agesat ginn.

Dat ass alles wat ech am Fong geholl elo hei wollt soen an ech wënschen och deem neie Syndicat d'Initiative wënschen ech bonne chance an hirer Aarbecht.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Maroldt. De Schafferot brauch elo net méi vill dozou ze soen, well den neie President e bëssen aus dem Häerz geschwat huet, dofir vläicht just eng Remarque iwwert déi Fro ronderëm d'Autonomie finanzière. Mir sinn och der Meenung, dass de City Tourist Office muss wëssen iwwer wéi eng budgetär Moyenen hie verfügt fir kënnen och e Programm opzestellen. Mir sinn awer och der Meenung, dass dat professionell an transparent muss gehandhaabt ginn. Ech mengen, et ass am Intérêt vun deenen zwou Säiten. A wann ee seet vun deenen zwou Säiten, mengt där d'Leit dobausse géingen e groussen Ennerscheed maachen tëschent deenen zwou Säiten? Et ass alles Stad Esch. Ob et de City Tourist Office als Acteur ass oder ob et d'Stad Esch als Ganzt ass, mat der Gemeng als Haaptexponent dovunner. Et ass ëmmer d'Stad Esch.

An dat, mengen ech, ass och déi bescht Explikatioun fir dem Här Jaerling ze ginn, d'transparence financière a retracabilité budgétaire ass den A an O fir dass sech de Syndicat ka prioritär mat deem befaasse wat him um Häerz läit, touristesch Promotioun vun der Stad Esch. An net wéi mer et an der Vergaangenheet leider heiansdo hatten, ze

kucken, wéi mer déi eenzel Lächer déi entstane waren, erëm kéinte stoppen. An ech brauch lech jo net ze soen, dass den Haaptfinancier vum City Tourist Office d'Gemeng ass, an duerfir wëlle mer awer och déi intellektuell Eierlechkeet hunn a soen, wa schonn d'Stad Esch den Haaptfinancier ass, da wëlle mer awer och deene Leit déi do schaffen, eng Carrièresméiglechkeet ginn a se an d'Equipe vun der Stad Esch eranhuelen. Dat ass awer, mengen ech, och eng wichteg Saach, well déi Leit ginn awer Exponente vun engem City Tourist Office deen en ambitiöse Programm opstellt an déi mussen och wësse wou se higeheieren a ween zu hinne steet. An ech menge wa mir hei soe mir wëlle mëttelfristeg e Konzept ausschaffen, dass déi Leit an d'Gemeng erakomme mat dem neie President, dann ass dat awer och fir a personalpolitescher Hinsicht einfach d'Kaarten op den Dësch ze leeën an déi Leit an hirer Zukunft ofzesécheren. An ech mengen dat war, wann ech mech richteg erënneren, eng vun deenen éischte Suergen déi de President un eis erugedroen huet, dass déi Leit mussen ofgesécher sinn, propper ofgesécher sinn an dat ass och de Grond firwat mer déi finanziell Situatioun regulariséiere wëllen.

Da géinge mer d'Stëmmziedele sammeln.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal procède par vote secret et par 13 voix oui et 2 bulletins blancs nommé Monsieur Xavier Poos comme représentant de la Ville au Conseil d'Administration du Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Ville d'Esch-sur-Alzette.

11. Adaptation des prix de l'eau à la loi du 19 septembre 2008 relative à l'eau; décision

Mir kéimen dann zum Waasserpräis, och version courte, wann et geet.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Et kann och ganz kuerz gemaach ginn. D'Debatt hu mer jo gefouert den 19., pardon elo weess ech den Datum vun der Deliberatioun net méi. Et war am Dezember 2009 op jidde Fall, do hu mer d'Debatt iwwert d'Upassung vun eise Waasserpräisser un dat neit Waassergesetz, wat fir all d'Gemenge gëllt, jo votéiert. Mir hu vum Inneministère d'Deliberatioun zréck kritt mat fënnf Remarquen déi mer natierlech wëlle respektéieren a mir proposéieren lech dann d'Reglement compte tenue vun de Remarquë vum Intérieur an de Vote ze huelen.

Et ass eng Kéier well mer net präziséiert hatten, dass déi Tariffer hors TVA sinn. Den Intérieur huet d'Fro gestallt, déi Präisser déi Dir affichéiert ass dat mat oder ouni TVA? Dat war bien entendu hors TVA wéi dat üblech ass. Mais ce qui va sans dire va mieux en le disant, mir präziséieren also dass déi Tariffer hors TVA sinn.

Zweetens huet den Intérieur geschriwwen, mir hätten nëmmen een Tarif genannt. Dir wësst, dass am Gesetz dräi Tariffer kënne gemaach ginn, ee fir de Secteur agricole, ee fir de Secteur industriel an ee fir d'Ménagen. Mir hatten hei de Vote geholl, dass den Tarif dee mir proposéiere fir déi dräi Secteure wieren. Den Intérieur hätt awer gären, dass mer dann och déi dräi Secteuren namentlech erwähnen. Da maache mer dat. Da schreiwe mer elo net just een Tarif, mä mir schreiwen, dass déiselwecht Zuel gëllt fir d'Ménagen, fir de Secteur agricole a fir d'Industrie. Och dat ass keng Ännerung vum Règlement, mä eng Formalitéit.

Da gëtt och nach gefrot, dass een déi Abréviatiounen déi mer benotzen am Règlement soll méi spezifizéieren. Och dat hunn eis Servicer elo gemaach. Si hunn, wann Dir dat Blat wat Dir hutt, hannendrop, do gesitt Dir dat wat rout geschriwwen ass, dat sinn dann déi Präzisiounen wat déi Ofkierzungen dann heeschen, déi zwar fir d'Fachleit bekannt sinn, mä bon, wann dat vum Intérieur esou gewollt ass, da si mer domat d'accord.

An dann ass och nach eng weider Remarque gemaach ginn, iwwert d'Branchements particuliers wou dra steet am Brëif vum Intérieur, dass déi esou misste verstane ginn, dass déi Uschlosskäschten nëmmen eemol misste gedroe gi pro Compteur, well jo duerno den Entretien an den Amortissement vun deene Compteurs fir d'Branchementer am Waasser-

präis mat kalkuliert sinn. Dat ass och scho bei eis esou gewiescht. Ech huelen un, dass dee Brëif vum Intérieur bal e Standardbrëif ass deen un all d'Gemenge gaangen ass. An eise Reglement war déi do Remarque eigentlech iwwerflësseg. Bei eis ass et kloer, hei gëtt en Uschloss nëmmen eemol bezuelt wann en neit Gebai gebaut gëtt. Kréien eng éischte Kéier e Compteur, da mussen déi bezuelt ginn zu deenen Tariffer déi mer festgeluegt haten. Vun duerno u gëtt all Ersetze vum Compteur net méi facturéiert, well wéi gesot dat an der Berechnung vum Waasserpräis souwuel den Entretien wéi den Amortissement mat dran ass. Also déi Remarque ass bei eis sans objet. Dat hate mer souwisou esou virgesinn.

An déi lescht Remarque vum Intérieur ass, datt se soe mir kéinte fir d'Gemeng keen Tarif préférentiel an d'Reglement schreiwen. Da maache mer dat net. Dann ännere mer dat. Ech wëll awer präziséieren, dass dat näischt ännert. Well dat wat mer elo méi als Gemeng un Dépenses hunn, kréie mer als Gemeng och aus der eegener Täsch méi u Recetten erëm eran. Dat ass also, et ass en Nullsummespill, mä bon, wann déi Presentatioun och do dem Intérieur besser gefält, dann hu mer kee Problem domat. Also et ass wéi gesot keng Ännerung vum eise Reglement, mir hu just wëllen all déi formell Remarque respektéieren. Da géing ech och dofir bieden dann d'Reglement, dem iwwerschaafte Reglement zouzestëmme wéi mer dat am Dezember och scho gemaach hunn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Baum an den Här Jaerling.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Et ginn e puer Remarquen awer dozou ze maache wat den Här Braz elo virgestallt huet. Déi éischt ass déi, datt den Intérieur notament kritiséiert huet datt Esch e gestaffelte Waasserpräis d'leschte Kéier votéiert huet. Nämlech deen, datt et ee Präis gëtt fir d'Ménagen an ee Präis gëtt fir d'Gemeng fir d'Servicer vum der Gemeng. Dat fannen ech ganz interessant, well jo de gestaffelte Waasserpräis jo iergendwéi awer och en No-Go schéngt ze sinn. Och schéngt ze si vum Schäfferot dee jo net wëll op dee Wee goen. An datt de Käschendeckungsprinzip, datt de gestaffelte Waasserpräis dem Käschendeckungsprinzip jo am Fong widder-sprécht. Duerfir fannen ech dat ganz interessant, datt d'Gemeng fir sech aner Tariffer votéiert huet wéi se dat fir d'Ménage mécht.

Ech hunn awer och nach eng Fro déi domat zesummen hänkt. Mir hunn, wéi dat am Conseil votéiert ginn ass am Dezember 2009, stoung do datt mer mat supplementäre Recette vun 2,7 Milliounen Euro rechnen. Doduerch, datt dat nach ëmmer net duerch den Intérieur gaangen ass, a mer elo awer an der Halschent vum Joer sinn, bedeit dat natierlech Ausfall vu Recetten déi bedeitend sinn. D'Fro ass déi a wéi wäit een dat beziffere kann, déi Ausfall vu Recetten.

An déi drëtt Fro wier déi wéi ass et dann, an deene Bréiwer steet jo och, datt et net ka sinn, datt op der Gemeng oder Gemengeservicer keng Compteur sinn. D'Fro ass, si mir hei zu Esch an där Situatioun, datt op der Gemeng oder a Gemengeservicer et keng Compteur ginn? Dat ass meng éischt Fro. An déi zweet ass wéi gesäit dat dann aus, oder wéi ass et geregelt zum Beispill mat ëffentlechen Hydranten? Dat Waasser wat do ofgezaapt gëtt, gëtt dat als verluerend Waasser, als Perte déclaréiert? Oder wéi chiffriert mer nom Käschendeckungsprinzip dat?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Och wann elo hei eng Rei Adaptatiounen komm sinn, esou schaaft dat awer net déi onsozial Konsequenzen aus der Welt déi dee ganze Waasserpräis do huet. An och schaaft dat net aus der Welt, dass mer nach ëmmer 1,06 Euro pro Fudder méi deier si wéi d'Stad Lëtzebuerg. Dat ass mol dat wat ass.

Zweetens huet den Här Baum gestaffelte Waasserpräis ugeschwat. Deen hu mir. Well wa mir elo e Waasserpräis maache wou mer een Tarif maachen an do demniewent awer mussen higoen a Sozialmoosnamen dobäi stëmmen déi awer Geld kaschte fir Ménagen déi dat do net kënnen bezuelen, dann hu mer am Fong e gestaffelte Waasserpräis, wou natierlech hei keen dergéint ass, mä wou mer awer e gestaffelte Waasserpräis hunn.

An de Prinzip vum Käschendeckungsprinzip, ech mengen do wësst Dir jo wat ech souwisou dovunner halen, well ech einfach der Meenung sinn, dass d'Waasser, d'Waasser ass e Recht op dat all Mënsch muss hunn an et kann net sinn, dass duerch d'Präisser wéi se hei sinn, verschidde Mënschen deelweis op

dat Recht do musse verzichten oder dat Recht do virenthale kréien. A souwisou froen ech mech heiansdo, firwat dass mir an dësem Land nach Gemengeréit hunn, well mer am Fong ëmmer nëmmen dat mussen hei stëmme wat vun uewen erof kënnt, well mir et musse sinn déi de Leit mussen erkläre firwat dass dat esou ass. Firwat dass se méi deier musse bezuelen. A well dann am Fong d'Buuh-Männercher, dat sinn ëmmer d'Conseillere vun de Gemengen an déi déi uewe sëtzen, un déi kënnt an der Regel näischt.

Ech hunn awer nach eng Fro zu der Ofwaassertaxe. Ech mengen den Här Baum huet dat schonn ugeschwat, iwwert d'Hydranten. Mä ech hunn eng Fro zu der Ofwaassertaxe déi gëtt jo nëmme berechent op déi Compturen déi d'Escher Gemeng oder wou dat Waasser iwwert d'Compteur vun der Escher Gemeng lafen. Elo ass et awer esou, dass mer awer e Betrib hunn deen d'Waasser direkt vun der SES geliwwert kritt an déi lafen net iwwert d'Compteur vun der Escher Gemeng. An ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, elo sinn ech scho bal 20 Joer amgaang dat ëmmer erëm ze widderhuelen an ech hunn nach ni eng konstruktiv, eng kloer Äntwert kritt, wéi ass et da mam Ofwaasser vun der Arbed? Dat kritt d'Waasser direkt vun der SES, läit um Escher Territoire, leeft awer net iwwert d'Compteur vun der Escher Gemeng. Wat fir eng Ofwaassertaxe bezuelen déi? Wéi gëtt déi Ofwaassertaxe déi mir hei am Escher Gemengerot decidéieren, wéi gëtt déi dann och op dee Betrib deen hei um Escher Territoire läit, wéi gëtt deen dann do verrechent? A wie verrechent deen? Ech mengen dat ka jo net sinn.

An dann déi zweet Fro ass, all déi Perten an de Reseauen déi mer hunn, wéi héich, wéi vill Prozent ass dat? Wat fir eng Inzidenz huet dat am Fong op deen eenzelne Bierger? Well dat muss jo och matbezuelt ginn. Wat fir eng Inzidenz huet dat op deen eenzelne Bierger? Wéi vill Prozent Waasser gëtt verluer? Wéi ass den Zoustand vun eise Leitungen? Wéi gëtt dee kontrolléiert? Do misste mer awer och Opklärung kréie wéi vill Prozent Waasser, dass am Fong an de Buedem leeft ouni dass iergendeen eppes kann dovun hunn. Ech mengen do misste mer och eng kloer Äntwert kréien. Dat misst awer och gekuckt ginn, dat misst awer och kontrolléiert ginn, well och dat, déi Verloschter do wou d'Leitungen net an der Rei sinn, hu jo awer eng Inzidenz op de Präis vum Waasser. An ech mengen wann de Bierger

scho muss käschendeckend alles droen, och d'Infrastrukturen, ech mengen dann huet d'Gemeng awer och dofir ze suergen, dass keng Perte méi do sinn, dass kee Waasser méi an de Buedem leeft, fir dass de Bierger net och dat nach muss matbezuelen.

Also kloer meng Fro, sot mir mol endlech wou bezuelen déi d'Ofwaassertaxe déi d'Waasser vun der SES kréien an deenen hir Compteuren net iwwert d'Escher Gemeng lafen. Wann ech elo no 20 Joer endlech eng Äntwert kréich, dat wär awer scho ganz schéin, well esou schnell war Dir nach ni.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et ass soss keng Wuertmeldung méi do, dann äntwert den Här Braz.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Wéi gesot, ouni d'Debatt vum Dezember elo nach eng Kéier wëllen ze féieren, fänken ech beim leschte Punkt vum Här Jaerling un. Dir frot no de Fuiten a wéi déi berechent ginn. Also de Prinzip ass ganz einfach. All Waasser wat mir duerch e Compteur engem Client zouféieren, respektiv alles dat wat mer vun der SES kréien, muss iwwert d'Recettë sech ausgläichen. Dat ass de Prinzip vum Käschendeckungsprinzip. All Dépense déi mir hunn, muss duerch eng identesch Recette couvréiert sinn.

Elo d'Fro no de Fuiten. Déi déi do sinn, déi fléissen dann an der Berechnung vun de Redevance mat an. Dat ass kloer. Wann eppes verluer geet, muss et awer duerch d'Gesamtrecettë gedeckt ginn. Elo si mer awer an der glécklecher Lag, Här Jaerling, dass mir mat déi geréngste Fuite méttlerweile am Land hunn. Mir si virbildlech um Punkt vun de Fuiten am Reseau. Dat war awer net ëmmer esou. Wou mer ugetruede sinn als Schäfferot am Joer 2000, hate mer Fuiten an eisem Reseau déi louchen am Beräich vun net wäit vun, oder souguer liicht iwwer 30%, well ganz laang an deene schwéiere Joeren net vill investéiert konnt ginn a mir hate ganz héich Fuiten. Allgemeng gëtt ugehallt, dass an engem städteschen Ëmfeld Fuiten am Beräich ënner 20%, tëschent 15 an 20% zu engem gudde Wäert gëllen. Dat ass e gudde Wäert. An engem städteschen Ëmfeld gëtt generell dat als e gudde Wäert ugesinn. Ech kann lech awer soen, zënter 2000 hu mer ganz vill investéiert an eis Infrastrukturen, net nëmme beim Waasser, net nëmme beim Kanal. Och beim Stroum an esou weider. Mä mir kënnen lech haut soen, dass mer an der glécklecher

Lag sinn, dass d'Stad Esch op den Dag vun haut an hirem Waasserresau Fuiten huet déi bei ongeféier 9% just nach leien an d'Tendenz nach falend. Dat ass en exzellente Wäert a mir kréien dat och vum Waasserwirtschaftsamt wierkech unerkannt. Dir wësst, dass mir déi éischt Gemeng waren hei am Land déi och den Drépsi kritt huet, déi kleng Auszuehnung déi et vum Waasserwirtschaftsamt gëtt. Mir waren déi éischt Gemeng déi deemools dat kritt huet. Dat huet ënnert anerem och domat ze dinn, net nëmme, mä ënnert anerem och domatter ze dinn, dass mir kënne soen, dass mer haut no 10 Joer Investitiounen déi mer getätegt hunn an eis Infrastrukturen am Buedem, dat war e bëssen de Parent pauvre vun der Investitiounspolitik vun den 30 Joer virdrun, dass mer haut e ganz gudde Wäert kënne virweisen an doropper mengen ech, kënne mer allegueren zesummen houfreg sinn, well et ass mat de Sue vun de Leit allegueren gemaach ginn an ech mengen och, dass dat gutt gemaach ass wéi et gemaach ginn ass.

Dat beäntwert och deelweis dem Här Baum seng Fro mat iwwert d'Hydranten. Wéi gesot, et gëtt an der Gesamtdépense kompenséiert duerch eng identesch, et ass keng Perte, mir müssen ënnert dem Stréch dat wat et eis kascht, och als identesch Recette erëm kréien, dat heescht wann Dir esou wëllt, déi Fraise vun de Perten déi ginn, fir e Wuert ze gebrauche wat oft falsch verstane gëtt, déi Perte gi sozialiséiert, wann Dir esou wëllt. Dat ass dat wat geschitt.

Dann d'Fro no der Arbed, Här Jaerling. Dir stellt déi Fro schonn zënter 20 Joer an Dir sot, Dir hätt nach ni eng kloer Äntwert kritt. Dach, Dir kritt zënter 20 Joer vun de successive Schäfferéit eng kloer Äntwert. D'Äntwert ass vläicht net zefriddestellend, mä se ass awer ganz kloer. D'Arbed bezilt keng Kanaltaxe bei der Stad Esch well se keng Dréps an de Kanal vun der Stad Esch féiert. Dat ass esou. D'Arbed féiert näischt an eise Kanal. Duerfir kënne mer och keng Kanaltaxe bei der Arbed percevéieren. D'Arbed huet eng Rei Sickergruben, si firt mat hire Weieren. Elo kann een dann doriwwer diskutéieren ob et net falsch ass wat do zënter Joerzéngte geschitt, ob de Stat net falsch läit wann hien zënter ganz laange Joerzéngten, dat geet scho wäit méi wéi 20 Joer zrëck, ob de Stat net do hätt solle soen, dat do geet net, Dir musst lech un de Kanal uschléissen. Ech sinn där Meenung, dass et méi richteg wier. Dat ass awer keng Décisioun

déi a kommunaler Kompetenz läit. Mir kënnen net mat kommunale Moyene erwirken, dass d'Arcelor sech un eng Kanaltaxe muss uschléissen. Si fuere mat hirem ale System nach ëmmer weider an et huet bis elo nach keng Regierung sech fonnt déi dat dote bei der Arcelor duerchgesat hätt. Wéi gesot, doriwwer kann een diskutéieren a gedeelter Meenung sinn, mä firwat datt se bei eis keng Kanaltaxe bezuelen, dat ass en l'état actuel des choses richteg, och wann een et bedauere kann, well si féieren näischt an eise Kanal eran. An hire Waasserkonsum, si ginn, Dir hutt et gesot, direkt beliwwert vun der SES, déi kréie si vun der SES och käschendeckend facturéiert. Dat ass also eng ganz kloer Äntwert, Här Jaerling, och wa se net ganz zefriddestellend ass.

Dann hutt Dir d'Fro gestallt oder dat war mengen ech den Här Baum, no de Compteuren. Well dat jo och am Bréif soulevéiert gëtt, also och deen Abschnitt hätt an deem Bréif un d'Stad Esch net mussen dra sinn, mir hu keen eenzegt ëffentlecht Gebai wat kee Compteur huet. An engem Saz wéi an honnert, bei eis huet all Gebai säin eegene Waassercompteur, all ëffentlecht Gebai och huet säin eegene Waassercompteur, déi Remarque ass also och wat d'Stad Esch betrëfft, sans objet, mä et ass gutt dass Dir et opwäerft, well ech hat dat vergiess ze erwähnen.

Da lescht Remarque, Dir sidd nach eng Kéier mat dem gestaffelte Waasserpräis komm. Den Här Jaerling behaupt mir hätten awer, nee, mir hu kee gestaffelte Waasserpräis. Dat eenzegt wat mer haten, war dass d'Stad Esch sech selwer d'Waasser méi bëlle facturéiert huet, wat awer nach eng Kéier en Nullsummespill ass. Et ass en Nullsummespill a mir hu gemengt et wär méi an eisem Intérêt, dass mer manner missten, oder den Här Baum war et, entschëllegt, dass mer manner missten débourséieren fir et hemo erëm ze recuperéieren, dat mécht just méi e grouse Flu vu Geld wat eis iwwerhaupt näischt bréngt, iwwerhaupt näischt. Bon, wann den Intérieur dat awer gären esou hätt, selbstverständlech maache mer dat, mä et ännert iwwerhaupt näischt un eiser Dépense a Recettëssituatioun ënnert dem Stréch. Et ass just e bësse méi e grouse Flu financier deen organiséiert gëtt, ouni iergendeng Contre-partie fir keen. Duerfir hate mer et esou gemaach. Dat ass awer kee gestaffelte Waasserpräis. Gestaffelte Waasserpräis ass wann ee seet, dass bei de

Konsumenten ënnerschiddlech Tariffer applizéiert ginn. Dat hu mer net gemaach, eng Gemeng huet et jo probéiert. Widder all juristesche Grondlag a widder all, menge mir jo nach ëmmer, sozial Grondlag huet eng Gemeng et probéiert. Déi ass, géing ech drunhänken, selbstverständlech domatter bäigelaf. Mir hunn dat deemools och hei gesot, dat ass vu villen hei kontestéiert ginn, - nee, nee, ech kommen dozou, Här Baum – et ass vu ville kontestéiert ginn dass een dat net dierf. All deenen déi deemools nach Zweifel hatten, d'Beispill vun der Stad Wolz mengen ech, beleed dass de Schäfferot Recht hat andeems hie gesot huet, mir maachen dat net, mir ginn net op dee Wee. En ass juristesche net richteg, dat hu mer bestätegt kritt a mir behaupten och weiderhin, dass déi doten Zort Tarifpolitik beim Waasser ënnert dem Stréch och net sozial ass. Dat wat sozial ass, ass dat wat mir als Majoritéit schonn zënter e puer Joer maachen, nämlech ze soe mir halen op bei der Berechnung vun deem Produit Waasser wéi bei aneren och déi ze subventionéieren déi et iwwerhaupt net noutwenneg hunn. Et ass nämlech dat eenzeg wat geschitt mat deene gestaffelten Tariffer. Et subventionéiert een och Leit mat déi iwwerhaupt keng ëffentlech Hëllef brauchen an déi Sue feelen herno dem kommunale Budget fir aner Saachen ze maachen. Duerfir hu mir vun Ufank un eng aner Optik an dëser Fro gehat a mir sinn och iwwerzeegt a si gëtt och vun ëmmer méi Gemengen nogemaach. Mir waren déi éischt déi dat gemaach hunn an et gëtt der och ëmmer méi déi eis et nomaache fir ze soe mir subventionéieren den direkte Verbrauch net. Jiddweree bezilt wat hie verbraucht awer déi Leit déi Hëllef brauchen, deene gi mir mat engem sozialpoliteschen Instrument déi Hëllef déi se brauchen. An dat ass méi wéi wa mer géinge subventionéiert Waassertariffer hunn. Déi Situatioun déi mer haut hunn, kënnt den ënnegte Revenue méi wäit entgéint wéi déi künstlech vun de subventionéierte Waasserpräisser déi en plus nach den Nodeel huet, datt se de kommunale Budget belastsche well se Leit déi l'argement keng Subventioun an dëser Matière brauchen, Subventiounen accordéiert huet. Richteg Sozialpolitik mengen ech, ass dat wat mer am Dezember hei zesumme beschloss hunn op der Fro vum Waasser. Wat mer och scho virdu bei anere Froe beschloss hatten, an dat ass méi zielführend an Terme vu Sozialpolitik, et ass méi zielführend an Terme vu kommunale Finanzen an et ass och opgrond vun der

bestehender Rechtslag europäischer, nationaler, ganz einfach och legal an dat Beispill vun der Stad Wolz, mengen ech, huet dann definitiv all Soupçon an all Doute misste elevéieren.

Duerfir, nach eng Kéier, géife mer lech biede mat deene klengen techneschen Adaptatiounen déi den Intérieur gären hätt d'Reglement nach eng Kéier ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal décide d'accepter par 11 voix oui contre 2 voix non les taxes, tarifs, prix et redevances communaux adaptés et refixés.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Huss, Maroldt, Roller, Weidig, Wohlfarth et Zwally.
Ont voté non les conseillers Baum et Jaerling.

12. Questions du personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Sou, mir kéimen dann zu deene Personalfroen déi an der ëffentlecher Sitzung sinn.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Hei hu mer als éischt d'Kreatioun vun engem Posten an der Fonctioun vum Expéditionnaire administratif am Service vum Architekt. Mir suppriméieren awer och do e Poste vun engem Salarié deen eidel ass, dee fräi ass doduerch dass eng Persoun an d'Pensioun gaangen ass déi an der Carrière vum Aide artisan war. An op d'Demande hi vum Chef vum Service, also vum Här Luc Everling, deen éischter eng Affektatioun gesäit vun deem Posten am méi

Administrativen, fir de Service ze déchargéieren, proposéiere mer lech dann dee Posten do ze créieren.

Dann hu mer als zweet eng Question de personnel wou mer eng Réduction de tâche hunn. D'Madame Diane Manger freet fir en Degré d'occupation op 20/40tel erof gesat ze kréien.

Dann hu mer ënnert Indemnitéiten, véier Indemnitéiten do woubäi eng elo net méi à l'ordre du jour ass. Op d'Demande vun der interessierter Persoun selwer well do Diskussiounen entstane sinn a well do gegebenefalls nach Klärungsbedarf besteet, an dat ass déi vun der Madame Annette Welter. De Guy Bernar, eise Pompeeskommandant deen Ingénieur technicien inspecteur ass, huet eng Nominatioun kritt als Chef du Centre de secours régional. Eng Nominatioun vum Ministère de l'Intérieur. Den Här Bernar ass elo eleng responsabel net nëmme fir d'Pompjeeë mä fir och mat fir d'Organisatioun vun der Protection civil an dat au niveau régional. Mir mengen, dass dat justifiéiert, dass een dat unerkennt, och um Niveau salarial. A mir géingen dann natierlech och duerno beim Intérieur intervenéiere fir ze kucken, dass do eng Kompensatioun un d'Gemeng zréck kënnt. Mä wann do een op deen anere wiert, da geschitt näischt a mir wollten do als Gemeng einfach den éischte Schrëtt maachen an duerno dann déi Diskussioun féieren. Mir hunn dat jo och mat der Professionaliséierung vun eisem Corps zum Deel esou gehandhaabt.

Dann hu mer eng Situatioun déi schonn éiweg an éiweg schleeft, wou mer elo versicht hunn dann ze redresséieren, quitte dass déi Projektioun wou do virläit méiglecherweis net méi bis zum Enn zum Droe kënnt. Mir hunn d'Madame Mireille Busch déi Maîtresse d'éducation physique ass déi awer als Chargé de cours am Eveil musical schafft an déi d'Konditiounen hätt och fir do an dee Grad ze kommen, do proposéiere mer dann d'Différenz vun deenen zwou Carrièren, well se effektiv déi Fonctioun erfëllt, elo all Joer dann nei ze berechnen an dann och an engem Vote dat definitiv festzeleeën. Mä ech wëll nach eng Kéier soen, dass dat wahrscheinlech guer net bis zum Droe kënnt.

An dann eng Prime fir de Jean Wagner, Chef de bureau adjoint, deen awer den Ekologist remplacéiert, also de Chef vum Service

écologique. An de Moment ass jo nach keng definitiv Décisioun wéi de Service écologique soll definitiv reorganiséiert sinn, quitte dass Diskussiounen amgaang sinn, dass den Ëmweltschaffen amgaang ass dorunner ze schaffen, mä en attendant huet den Här Wagner awer déi Fonctiounen erfëllt, esou dass ... Bon ech hu gesot déi lescht Prime ass net méi d'actualité op d'Demande vun der interessierter Persoun selwer an dat wären dann déi Froen déi mer hei am Huis non clos ze decidéieren hätten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter, ech wollt vläicht awer Oplklärung kréien iwwert dee Brëif vun der Delegatioun, vun der Personaldelegatioun vun de Fonctionnaires, déi jo sech awer do ausgeschloss fillt bei verschiddenen Décisiounen iwwer d'Primen an déi souguer hei schreift, dass se sech géif géint all Zort verstoppte Promotioun aussprechen. Dat heescht, wat ass mat där Kritik, kënnt Dir eis do Oplklärung gi wat un där Kritik do drun ass vun de Fonctionnaire vun der Delegatioun? Well et schéngt mer jo awer, dass wa mer scho bei de Fonctionnaire vill méi virsichteg virgi wéi bei den Aarbechter a bei aneren, dass dat jo alles e bësse méi komplex ass, da wär ech awer frou gewuer ze gi wisou dass awer dann d'Delegatioun vun de Fonctionnaire vun där Diskussioun iwwert déi Primen do ausgeschloss ginn ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Den Här Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, Merci Madame Buergermeeschter. Ech schlësse mech deem u wat den Här Jaerling hei gesot huet. Ech denken, dass den Avis den hei läit wat déi Delegatioun ubelaangt schonn e wichtege ass. Et ass awer esou, dass ech déi wëll ënnerdeelen an zwou Situatiounen. Si ginn hei andeem se soen, dass si der Meenung sinn, dass verschidde Primen déi ausbezuelt ginn och en Avis misste vun hinne virleien hunn. Ech sinn net där Meenung. Ech sinn der Meenung, dass eng Prime ëmmer eppes Individuelles ass. An eppes Individuelles ass ëmmer eppes wat ee sech erschafft huet an aus deem Sënn sinn ech schonn der Meenung, dass dat u sech esou an der Rei ass.

(Discussion générale)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Dir kënnt lech all mellen. Elo huet den Här Zwally d'Wuert.

André Zwally (CSV): Ech wollt dat nëmme just soen, dass dat eppes Individuelles ass an dass en Avis u sech fir eng Prime ausbezuelen net onbedéngt dat gefuerdert ass. Et kann een eng Informatioun ginn opgrond vun deem wat een ausbezilt, dat ass eppes anescht. An do sinn ech der Meenung dass een dat esou kéint handhaben. De Schäfferot brauch ganz einfach, mengen ech mol, en Instrument wat him erlaabt fir esou eng Diskussioun einfach ze evitéieren. Ech kann och net verstoe firwat dass eng Prime, déi am Prinzip hei virgesi war fir enger Persoun ze ginn, d'Persoun hei wëll drop verzichten. An da kann ee jo feststellen, dass et eigentlech keen Instrument gëtt dat dem Schäfferot oder weem och ëmmer erlaabt, fir kënne kloer ze definéieren ween dann eng Prime ze gutt huet oder net. An do mengen ech, soll een en Instrument schafen, wann et dat dann nach net gëtt fir ganz genau ze definéieren ween eng Prime ze gutt huet oder net. Et ginn Hierarchien, et gi Fonctiounen, da muss een d'Fonctiounsbeschreibungen huelen, da muss een och ganz kloer definéieren ween am Fall wou en eng Aarbecht mécht dat ze gutt huet an ech mengen dat wier e kloert Instrument, da kéint d'Persoun selwer wat jo och ëmmer onendlech Diskussiounen gëtt, firwat kritt den doten eng, firwat kréien ech keng, géif dat evitéiert ginn. Dat wier och, mengen ech, d'Demande déi vu menger Säit aus géng komme fir kloer Critèren anzusetzen dass all Mënsch beim Personal weess wat dat bedeit wann hien déi Aarbecht mécht an dass déi Prime kann ausbezuelt ginn da wa se domatter an Zesammenhang ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Den Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Ech wëllt awer och elo e puer Wuert zur Diskussioun hei soen, well awer elo mengen ech meng Meenung och verschidde Statuter hei matenee verwieselt ginn. Also mir sinn hei am Service public an et geet hei ëm d'Fonctionnaires communaux an et geet net dass mer an dem Privatsecteur si wou Primen opgebaut sinn op de Leeschtungsprinzip. An ech wëll awer och drop hiweisen, datt déi zoustänneg Gewerkschaft oder déi feederführend Ge-

werkschaft an deem dote Secteur och mat den zoustänneg Minister, mat der delegierter Ministesch wäert an déi Diskussiounen eragoe fir och do eng Form vu Leeschtungsprinzip am Fonctionariat, soit au niveau national, soit au niveau communal ze diskutéieren an eventuell och anzeféieren.

Mir wëllen eis awer net hei als Escher Gemeng schonn deenen Diskussiounen hei elo virpreschen an do schonn eppes aféieren wat et vum Statut vum Fonctionnaire net gëtt. Et gëtt e Statut den ass en vigueur an den deem huet ganz kloer Critèren a ganz kloeren Opbau wat dat ugeet an dee beinhalt awer och, dass d'Delegatioun opmannst, opmannst awer soll informéiert gi wann et zu solchen Décisiounen kënnt. Datt se awer och kënnen en Avis ofginn. Ech sinn och, wéi ech dee Brëif hei vun der Delegatioun kritt hunn, war ech och erschreckt dass dat net sollt de Fall sinn, dofir kommt mir preschen awer elo net vir enger Diskussioun déi d'Fonction publique wäert an den nächste Joeren oder nächste Méint, ech géng soe schonn op eng revolutionnär Art a Weis definéieren. Dat stëmmt. D'Regierung huet do Pabeiere virgeluegt, also Diskussionspabeier dee jo schonn d'office vun der Gewerkschaft mol refuséiert ginn ass. Ech hoffen, dass et nach zu weideren Diskussiounen wäert kommen, dass och déi eenzel politesch Parteie wäerten do hir Positioun bezéien wann déi Dokumenter bis mol offiziell sinn. Well och nach net ass alles op der Place publique fir kënne kontrovers doriwwer ze diskutéieren. Mä mir sollen awer net virpreschen hei an engem Secteur dee kloer definéiert ass, dass mer hei awer wäerten elo e Fonctionariat à deux vitesses wëllen aféieren. Souwisou, mam Eed leet all Fonctionnaire säi Versprechen of seng Aarbecht mat Zèle an Assiduitéit ze maachen, och wéi mir Conseillere, well et ass deesewechten Eed. Dofir, komm mir ginn awer elo net wëllen definéieren wéi et am Privatsecteur ass. Et soll awer ëmmer nach tëschent deenen zwee Secteuren eng grondlegend Differenz ginn, well d'Fonction publique um Niveau communal wéi um Niveau national ass do fir d'Service public ze garantéieren am Alldag.

Déi zweet Saach déi ech awer nach wëll froen, et ass bei deenen Oplëschung do komm, dass do e Chef de service adjoint eng Prime kritt. Ech wëllt awer do erënneren, dass mir als LSAP-Fraktioun do déi Fro gestallt hunn, well dee jo Changement de carrière gemaach

huet, do ass gesot ginn hei am Gemengerot, dat wier déi leschte Kéier dass deen déi Prime kritt. Dofir wéilt ech awer elo mol froe wéi dat awer nach de Fall ass, dass deen op där Lëscht do steet. Well mir hate ganz kloer déi Fro gestallt wéi déi concernéiert Persoun de Changement de carrière gemaach huet, do ass vum Schäfferot geäntwert ginn, dat wier déi leschte Kéier dass déi Persoun déi Prime kritt hätt. Déi Fro wéilt ech awer och nach stelle well mir hunn och nach aner Leit déi mëttlerweile e Chef de service iwwerholl hunn, wou de Virgänger och méi en héije Grad hat an do gëtt déi Indemnité compensatoire oder wéi mer et ëmmer wëllen nennen, Prime compensatoire, déi erfällt do net an dofir wéilt ech mol froe wéi dat awer elo geregelt ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et hunn nach zwou Persounen sech gemellt. Den Här Baum, den Här Weidig.

Paul Weidig (LSAP): Jo, et ass egal. Ganz kuerz, ech hu just zwou Bemerkungen ze maachen. Déi eng ass déi, dass ech wierklech Problemer hu mat deenen Indemnitéiten an deem Sënn, dass ech wierklech dofir plädéieren, dass ee muss behandelt gi wéi deen aneren. Mir hu leider wéineg Méiglechkeet fir op der Gemeng Leeschtung ze bezuelen. Wa mer wierklech wëllen ee fir aussergewöhnlech Leeschtung belounen, da solle mer eng speziell Indemnitéit votéieren. A speziell am Fall vum Guy Bernar, de Guy schafft op der Gemeng als Ingénieur technicien am Bâtiment an ass Kommandant vun de Pompjeeën, ass eng Ausnahmeregelung ubruecht. Hien huet vum Inneminister eng Nominatioun kritt als Regionalinspekter mat der Missioun d'Protection civile wéi och Pompjeeën ze koordinéiert, an da sinn ech där Meenung dass hien eng extra Remunératioun verdéngt déi mer am Gemengerot votéieren an déi net einfach u säi Salaire vun der Gemeng kann ugehaang ginn. Dat ass net déi richteg Léisung, emol dovun ofgesinn dass de Minister, wann hie Leit nennt a Missiounen verdeelt och soll fir hir Aarbecht opkommen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Et ass dann um Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, déi Diskussioun déi mer hei féieren, weist am Fong e bëssen datt an deem Primesystem eng gewësse Willkür herrscht. An dat ass eppes wa Willkür herrscht, wat sécherlech engem demokratesche Fonctionnement ni gutt kënnt. Ech

rejoignéieren effektiv och d'Kritik vun der Delegatioun, och an deem Sënn wéi den Här Codello et gesot huet, datt se zumindest awer informéiert ginn, respektiv hiren Avis gefrot gëtt. Ech sinn och ganz staark där Meenung wat den Här Weidig gesot huet, dat ass, wann ee Prime wëll ausbezuelen, da muss mer eis en transparent Instrument ginn. Dat solle mer hei am Gemengerot votéieren an dat och, natierlech mam Avis vun der Delegatioun, dat schéngt mer evident. A mer sollen éischter op dee Wee goen amplaz elo hei déi Diskussioun esou ze féieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Weidig.

(Interruption)

Ah, deen hat scho geschwat?

(Discussion générale)

Deen aarme Personalschäfte muss elo äntweren.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): De Personalschäffen äntwert op dee Reproche vun der Delegatioun mol dahingehend, dass d'Delegatioun net virdrun ëm Avis gefrot ginn ass, mä dass d'Delegatioun net ka soe si wär net informéiert ginn. Well d'Delegatioun ass Member vun der Personalkommissioun. Déi Proposition do ass an d'Personalkommissioun gaange fir ze aviséieren an et ass en Avis vun der Personalkommissioun komm a wann ech dee richteg am Kapp hunn, et war zwar eng Discussion animée, mä en Avis favorable vun der Personalkommissioun.

Et kann een elo vill drüwwer diskutéieren iwwert d'Aféierung an d'Nécessitéit an d'Sënnhaftegkeet vum Leeschtungsprinzip, mä mir hu ganz kloer als Schäfferot eng Proposition wat d'Situatioun vum Chef vum Centre de secours régional ugeet. Dat sinn elo verschidde Punkten, mä si lafen ënnert deemselwechte juristeschen a statutareshen Instrumentarium an dat ass dat wat am Artikel 25 steet. Mä eigentlech ass dat ganz kloer a ganz transparent dat wat den Här Weidig gesot huet. Et ass eng Proposition vun enger Prime déi dem Gemengerot hei virgeluegt gëtt a méi transparent, méi transparent kann een nun awer net sinn.

Dat zweet ass d'Madame Mireille Busch, dat ass eigentlech eng Situatioun wou e Verlaf vun enger Carrière onkloer ass a wou dat redresséiert gëtt wou zwou Carrièren openeen gepeilt ginn.

Dat drëtt ass dat vum Jean Wagner, deen nach ëmmer den Ecologist remplacéiert. A wann een d'Deliberatioun liest, dee Mann ass nach ëmmer net am Cadre fermé, deen ass nach ëmmer net am Cadre ouvert an hien erfëllt eigentlech eng Fonctioun vum Cadre fermé an dat do kann och souwiesou nëmme spillen an ech hoffen, dass mer bis dohin awer déi Situatioun geregelt hunn, dass d'Struktur vum Service écologique kloer ass a spéitstens dann ass et caduc a spéitstens dann ass et och caduc-statutaresh wann dee Mann am Cadre fermé ass, wou hien nach ëmmer net ass.

Et bleift déi lescht Situatioun an ech mengen déi sollt een dann einfach net méi diskutéieren, well déi interesséiert Persoun selwer gebieden huet, gebieden huet dat net zur Ofstëmmung ze bréngen. An ech menge mer sinn a mir kennen awer all déi Dame och an déi Persoun och an ech menge wa se dat selwer drëm bied, da komm mer si wéinstens esou korrekt a mer etemiséieren net nach weider dorop.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt. Au Vote dann. Et sinn dräi Saachen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité la création d'un poste d'expéditionnaire administratif.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité la réduction de tâche de Mme Diane Mangen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte par 6 voix oui et 8 abstentions les indemnités proposées.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Huss et Knaff. Les conseillers Baum, Codello, Jaerling, Roller, Snel, Weidig, Wohlfarth et Zwally se sont abstenus.

Wat heescht dat elo Här Gemengesekretär?

Jeannot Clement (Secrétaire): Dat heescht, dass se gestëmmt ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Gutt, da kéime mer zum Punkt ... Oh Mamm, Dir wäert dach elo net all Är Abstentioun begënnen. Den Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech denken, dass mer déi Abstentioun hei ausgeschwat hu well mer eng grondlegend Diskussioun wëlle wat de Leeschtungsprinzip ugeet mat transparente Critèren. A wann den zoustännege Schäfte scho gesot huet, dass d'Personalkommissioun an dëser Fro mat implizéiert war, da wëllt ech gär dass d'Personalkommissioun oder och de Conseil, an de Conseil de recrutement mat implizéiert ginn an d'Ausschafe vun transparente Critère wat de Leeschtungsprinzip ugeet, wat dann och an de Conseil kënnt a wat mer kënnen op transparenter Grondlag kënnen hei decidéieren. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Den Här Hinterscheid, de Personalschäffen huet gesot et wär en Avis favorable gewiescht vun der Personalkommissioun, mä et war awer keen Avis unanime. Ech mengen, do muss een awer soen, dass d'Personaldelegatioun, et kann een net soen an Avis favorable, dat war e majoritären Avis, mä et war keen Avis unanime. Ech mengen dat soll awer och net vergiess ginn.

(Interruption)

Et ass en Avis favorable, mä dat hei huet awer esou geklunge wéi wann d'Personaldelegatioun domat d'accord gewiescht wär. Ech mengen et huet esou geklunge an dat wëll ech awer kloer stellen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Madame Buergermeeschter, vläicht awer nach eng Präzisioun zu där Abstentioun. Also de Conseil de recrutement, wann et ka kloer zu där Remarque, wann et sécher ass, dass d'Personalkommissioun an der Elaboratioun vun esou Critère muss implizéiert sinn, esou gesinn ech allerdëngs net wat de Conseil de recrutement doran ze dinn huet, well deen huet ganz kloer Missiounen déi hien hei vum Gemengerot kritt huet an déi sécher net an déi dote Richtung ginn.

13. Convention avec l'asbl Taekwondo Club Esch dans le cadre des activités sportives de la LASEP et du programme Youth Sports – Cool Sports; décision

Mir kéimen dann zu Punkt 13. Dat ass d'Konventioun mam Taekwondo Club an da gi mer vum Personalschäffen zum Sportschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Hei hu mer eng Konventioun wéi mer der scho vill hu mat engem Veräin deen am Kader vun eisem Sportförderprogramm an och am Kader vun deenen Occupations de vacances mat eis eng Konventioun mécht. Mir hu jo déi Kaderdeliberatioun geholl an hei ass eigentlech d'Exekutioun mat engem eenzelne Veräin. Ech géing lech bieten där zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au Vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'asbl «Taekwondo Club Esch».

14. Convention avec la société CO-LABOR ayant comme objet la réalisation de travaux dans le cadre du projet „Valobois“; décision

Dann de Punkt 14, dee mécht den Här Tonnar haut en Absence vun der Madame Spautz.

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): Ech ersetzen d'Madame Spautz. Et geet hei ëm eng Konventioun mat Co-Labor am Kader vu Mesurë vun Insertions sociales. Do maache mer déi Konventioun fir den Amenagement, deelweis Amenagement, de Projet vum Parc transfrontalier vun Terres Rouges. D'Gemeng gëtt do bis zu Maximum vu 50.000 Euro an ech géif lech bieten déi Konventioun ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au Vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention précitée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société CO-LABOR.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): An deem Kader, vu dass et och e bëssen ëm Holz geet, wollt ech rappeléieren, dass en Donneschdeg um 1700 Auer déi Reunioun hei ass iwwert d'Bëscher an iwwert d'Holz. Ech wollt dat rappeléieren an ech wier frou wa mer zu 10 wieren, well mer huelen och do dräi Schoulmeeschteren, déi mer gëschter aus enger anerer Gemeng kritt hunn, an déi misste mer virum 20. stëmmen. A vu gëschter op haut war dat ze spéit. Et sinn dräi Enseignanten déi mer fir Esch konnte gewannen. Duerfir wollt ech dat rappeléieren, dass mer missten zu 10 sinn.

15. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir hunn nach e puer Punkten um Ordre du jour an zwar d'Transactions immobilières. Dat ass fir d'éischt en Acte d'échange entre la Ville et le Fonds de Logement. Den zweeten Acte de vente dee mer elo grad ënnerschrifwen hu während dëser Sitzung mat WUST Constructions an dann en Acte de base et règlement de copropriété de la résidence „les Charmes“ an eng Vente en Etat Futur d'Achèvement mat WUST Constructions, woubäi Dir d'Detailer alleguerten an Ärem Dossier fannt.

Au Vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les transactions immobilières.

16. Subsidés extraordinaires; décision

Sou, mir hätten da mengen ech, zwee Votes séparés, dat ass och fir den Här Wohlfarth interessant, wann deen dat héiert wat ech elo soen. Nämlech d'Subsidés extraordinaires wou mer wëllen zwee Votes séparés maa chen. Dat eent sinn d'Subsidés extraordinaires deene mer eis Zoustëmmung ginn hunn, déi eis vun der Réunion de la commission des subsidés zougestallt gi sinn an déi Dir an Ärem Dossier fannt.

An zum aneren ass et de Subsid wat mer schon d'éinescht ugekënnegt hu fir de Syndicat d'Initiative. Mir géingen da fir d'éischt d'Subsid stëmmen.

Everard Wohlfarth (LSAP): Ech hu just eng Fro. Mussen den Här Roller an ech rausgoen?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Majo, mir hate gemengt éischter Jo an dofir hu mer e Vote séparé proposéiert, dass Dir elo nach kënnt um Vote participéiere fir d'Subsiden.

Fir d'éischt d'Subsiden.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'accorder les subsidés extraordinaires suivants:

Secouristes de la Ville	Subside pour achat ambulance	€ 4.000,00
Assoc. Pêche A.R.E	Subside 2010	€ 250,00
Photo-Club Esch asbl	Appui financier	€ 1.500,00
UNICEF asbl	Soutien pour opérations d'urgence au Chili	€ 500,00
LIONS CLUB Luxembourg VIADUC	Subside pour concert de bienfaisance avec l'Harmonie municipale (location théâtre)	€ 1.637,00
Comité d'Ecole « Ale Lycée » Esch	Subside pour voyage au Portugal	€ 2.500,00
PHOTO-CLUB Esch asbl	Appui financier pour Salon Mondial d'Art Photographique	€ 100,00
Handball Esch	Coupe d'Europe 2009	€ 2.000.-

17. Contrats de bail; décision

Elo dann de Subsid fir de Syndicat d'Initiative.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'accorder un subside extraordinaire de € 147521,02 au Syndicat d'Initiative et du Tourisme.

17. Contrats de bail; décision

Da géinge mer lech bieden ënner Punkt 17 deenen zwee Contrats de bail Är Zoustëmmung ze ginn an deenen Avenants Contrats de bail déi Dir op Ärer Lëscht virleien hutt. Au Vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité les contrats de bail.

18. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): D'Circulation sinn nëmmen temporär Reglementer, ech géing lech bieden déi ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au Vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité les règlements de la circulation.

Sou, Kollegen, da wiere mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Ech menge mir hätten haut net iwwerdräwe mat der Zäit. Dat geet alles nach gutt duer fir ze Mëtten iessen. Dann alles Guddes bis d'nächste Kéier.

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 11 juin 2010

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

2. Information au public des décisions de personnel.

A) Démissions.

1) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er octobre 2010, à Monsieur Marino Cheli, maître d'éducation physique auprès de l'enseignement fondamental.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

2) Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er octobre 2010, à Monsieur Nico Quintus, maître d'éducation physique auprès de l'enseignement fondamental.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 15 juin 2010, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Gilles Morbé, éducateur gradué auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

2) Résiliation, sur sa demande, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Delphine Groll.

C) Nominations provisoires.

Nomination provisoire d'un expéditionnaire technique de la Ville : M. Ronny Eisenbarth

D) Questions de personnel (agents engagés sous le régime de l'employé communal).

Engagement à plein temps et avec effet au 1er juillet 2010 de Madame Nathalie Reiff comme employée communale auprès du service des citoyens, accueil téléphonique.

3. Correspondance

Aly Jaerling (Indépendant) aimerait savoir qui décide quel courrier envoyé à la commune est transféré au Conseil communal. Il est d'avis que les conseillers devraient avoir connaissance de toutes les lettres envoyées à l'administration communale.

Lydia Mutsch (LSAP) explique que le Conseil communal reçoit déjà toutes les lettres qui lui sont adressées. Il ne faut cependant pas oublier qu'il existe une séparation des pouvoirs entre Collège échevinal et Conseil communal et que les conseillers ne peuvent pas avoir accès à tous les renseignements confidentiels du collège.

4. PAG de la Ville : modification ponctuelle (« op der Haart ») : 2e vote ; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) rappelle que le premier vote de la modification ponctuelle a été unanime. Puis, au 18 février 2010 il y a eu une réunion d'information et lors de cette réunion il y a eu confusion entre la démarche pour entamer une modification ponctuelle du PAG, la procédure d'un PAP et la procédure définitive de l'autorisation du permis de construire.

Le 1er vote a été affiché et il y a eu des réclamations par le biais du bureau d'avocats Frank et Lancia, surtout de personnes habitant le projet ALTENA et la rue de Rotterdam. Le 22 avril il y a eu une entrevue avec les réclamants et M. Hinterscheid y a tout d'abord souligné qu'il s'agissait d'une modification ponctuelle du PAG et non pas d'une procédure d'un PAP ou d'une procédure définitive d'autorisation d'un permis de construire. Maître Frank a souligné qu'il n'hésiterait pas à aller devant la juridiction civile et d'invoquer la responsabilité civile de la Ville et de tous les acteurs et qu'il introduira de toute façon un recours devant le tribunal administratif. Concernant le recours, M. Hinterscheid explique que ce devra être un recours contre le Ministre puisqu'à partir d'aujourd'hui la Ville ne sera plus responsable. Ensuite, Maître Frank a qualifié les dimensions du projet de « pharaoniques » et a précisé que le trafic généré par le projet diminuera la qualité de vie des riverains, entraînant une diminution de la valeur des maisons de la rue de Rotterdam et surtout des appartements du

projet ALTENA. En outre, les émissions de ce trafic augmenteront la pollution. Puis, il a fait confusion avec le PAP ALTENA qui stipulait que ce projet créera un quartier sans trafic.

M. Hinterscheid est d'avis que la diminution de la valeur immobilière reste à être prouvée puisqu'il y a entretemps des gens qui sont intéressés à y habiter justement à cause du centre commercial et du centre de services.

Me Frank a demandé ensuite une diminution de 50% des dimensions du projet. Le nouveau projet serait alors plus petit que l'ancien Cactus Hobby. M. Hinterscheid lui a rappelé que le projet initial a déjà été sensiblement réduit et que le projet actuel a trouvé l'approbation du Conseil communal. Concernant le trafic, M. Hinterscheid explique que le Boulevard Grande-Duchesse Charlotte a toujours été un boulevard urbain de transit et que les alternatives déplaceraient le trafic vers l'école et dans les quartiers résidentiels. A cet égard, M. Hinterscheid souligne que la rue de Rotterdam ne sera pas ouverte vers le boulevard. En ce qui concerne les émissions des voitures, il souligne qu'il y aura de toute façon encore une procédure commodoincommodo très stricte.

M. Hinterscheid explique ensuite qu'après la procédure actuelle, un permis de construire pourra être délivré mais que les citoyens gardent toujours la possibilité d'introduire un recours. La loi est par contre claire : la commune n'est pas obligée à établir un PAP pour ce projet.

Concernant le dépassement du CMU, la loi stipule les cas où un tel dépassement est acceptable : "Si des raisons urbanistiques spécifiques dûment motivées l'exigent, si des mesures compensatoires adéquates garantissent que les exigences générales concernant la salubrité du logement et du lieu de travail et de l'environnement soient respectées," (...) "si les exceptions en question ne sont pas contraires à l'intérêt public". M. Hinterscheid explique que la raison urbanistique est remplie par la création du centre commercial, les mesures compensatoires sont les zones internes de transition et l'intérêt public a été garanti par le fait que le Collège échevinal a suivi les recommandations de la Commission d'aménagement.

Les habitants des trois dernières maisons de la rue de Rotterdam ont eu des soucis à cause de l'entrée des camions et il y a eu des pourparlers hors procédure avec ces gens. Cette entrée a alors été abaissée et le mur de soutènement qui gênait les gens a complètement disparu. Les camions entrent et ne commencent à manœuvrer qu'après fermeture de la porte pour ne pas gêner les gens tard dans la nuit. Le groupe Cactus mettra le terrain jusqu'au mur de soutènement à la disposition des personnes concernées par pour leur utilisation privée.

André Zwally (CSV) rappelle que déjà lors du projet ALTENA, le CSV avait souligné l'importance de trouver une solution pour le problème du trafic dans ce quartier. Lors du vote pour le PAP Cactus le CSV s'est abstenu à cause de la situation du trafic au quartier Lallange. Même une éventuelle ouverture de la liaison Micheville ne garantira pas un trafic plus fluide. A cet égard, M. Zwally propose de faire une nouvelle étude concernant le trafic au quartier Lallange.

Paul Weidig (LSAP) est d'avis que le Collège échevinal a trouvé une bonne solution à cette situation complexe. Il pense que le projet à Livange a démontré qu'il est toujours préférable d'implanter des centres commerciaux dans une ville plutôt qu'à la périphérie. Ainsi, les gens peuvent faire leurs achats à pied, à vélo ou en prenant le bus.

Il trouve que le collège a trouvé une solution idéale pour le problème des camions. Il est cependant clair qu'il y aura une augmentation du trafic autour du lotissement ALTENA mais ceci aurait dû être évident dès le début.

Aly Jaerling (Indépendant) met en garde contre la possibilité que ce projet pourrait avoir les mêmes conséquences pour le commerce eschois que l'aurait pu avoir le projet à Livange. A cet égard, il souligne l'importance d'une bonne coordination avec les commerçants eschois.

Marc Baum (Déi Lénk) se rallie aux propos de M. Weidig. Il souligne cependant l'importance d'une valorisation du centre-ville face à ce nouveau projet et à Belval-Plaza.

M. Baum aimerait savoir s'il y a déjà des projets pour le terrain du Cactus actuel.

Henri Hinterscheid (LSAP) souligne que le projet a été développé en concertation avec les riverains qui n'ont pas seulement vu les désavantages mais aussi les avantages. En effet, le projet ne comporte pas seulement un

centre de commerce mais aussi un centre de services avec une banque, un bureau de poste, des restaurants, etc.

Concernant les craintes des commerçants du centre-ville, il ne faut pas oublier que le groupe Cactus est depuis toujours membre de l'association des commerçants eschois. En outre, le Collège échevinal suit sa vision d'une tri-polarité avec Belval, ce nouveau projet et le centre-ville. En outre, les commerçants eux-mêmes n'y voient pas seulement des dangers mais aussi l'opportunité d'offrir une marchandise spécialisée.

En ce qui concerne le terrain de l'actuel Cactus, M. Hinterscheid rappelle que ce centre commercial avait été conçu dès le début comme solution transitoire et le permis de construire comportait donc l'obligation pour le groupe Cactus de devoir se concerter avec le Collège échevinal concernant une éventuelle nouvelle affectation du terrain. Pour le moment, il n'y a pas encore de projet concret mais il semble clair qu'il n'y aura pas un autre centre commercial.

Félix Braz (Déi GRÉNG) pense que les discussions concernant le projet à Livange ont arraché le bandeau des yeux de ceux qui étaient plus critiques vis-à-vis du projet Cactus à Esch. Il est convaincu qu'une implantation à la périphérie aurait eu beaucoup plus de désavantages que le projet actuel. Il croit en outre que ce centre-commercial sera bénéfique pour la fréquentation du centre-ville.

Il est cependant évident que ce projet engendrera une augmentation du trafic et le souci du Collège échevinal est de permettre aux piétons et aux cyclistes de se déplacer sans dangers aux alentours du nouveau rondpoint et d'éviter qu'il y aura une augmentation du trafic autour de l'école Lallange.

(Vote)

5. PAG de la Ville; modification ponctuelle („Nonnewisen“), 1er vote; décision

6. PAP „Nonnewisen Phase 1A version adaptée“, 1er vote; décision

7. PAP „Nonnewisen Phase 1B version adaptée“, 1er vote; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) explique que ces points ont déjà été présentés en long et en large lors de beaucoup de séances antérieures

mais qu'ils n'ont pas encore pu être votés parce que les avis du Ministère faisaient défaut.

(Votes)

8. Convention avec la société SUDGAZ S.A. concernant la fourniture de chaleur à partir de la centrale de cogénération Brill; décision

Félix Braz (Déi GRÉNG) présente une convention avec Sudgaz pour la fourniture de chaleur à partir de la centrale de cogénération au quartier Brill. Cette convention donne une exclusivité à Sudgaz, porte sur 15 ans et concerne l'école Brill, ancien et nouveau bâtiment ainsi que la piscine, le théâtre, la justice de paix, l'église, la Casa d'Italia et l'ADEM. En contrepartie, Sudgaz assurera tous les travaux et donne un tarif très avantageux à la Ville.

(Vote)

9. Participation aux ateliers d'été sous chapiteau pour jeunes, tarification ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) explique que complémentaiement aux activités loisirs traditionnelles, la commune propose cet été 4 ateliers créatifs au chapiteau du théâtre, à savoir : magie, streetdance, création et bricolage et les arts du cirque. Le but est de faire participer les Eschois au Streetfestival. En outre, les parents ont ainsi la possibilité d'offrir à leurs enfants un emploi utile de leur temps libre. Pendant les 4 semaines un autobus de la commune emmènera les enfants au chapiteau. Le tarif est de 10 € par semaine.

Frunnes Maroldt (CSV) se réjouit de cette idée mais se demande si lors de jours de grande chaleur les enfants ne seraient pas mieux au grand air que sous le chapiteau. Il propose en outre d'utiliser les années prochaines, quand le chapiteau aura disparu, les écoles pour ces activités.

Jean Huss (Déi GRÉNG) se réjouit de cette offre et aimerait savoir comment on va en informer les parents.

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'examiner l'idée de prévoir aussi des activités en plein air.

Elle soutient l'idée de continuer cette offre les années prochaines en utilisant les lycées ou écoles mais explique aussi que beaucoup de

travaux d'entretien et de rénovation dans ces immeubles se font justement pendant la période des vacances.

Les parents ont été informés par des brochures exhaustives qui ont été distribuées à tous les ménages.

(Vote)

10. Nomination d'un représentant de la Ville d'Esch dans le Conseil d'Administration du Syndicat d'Initiative et du Tourisme; décision

Lydia Mutsch (LSAP) remercie l'ancien président, M. Heinen, pour son bon travail et ses décisions courageuses qui n'étaient malheureusement pas toujours couronnées de succès et félicite le nouveau président, M. Wohlfarth, pour sa nomination. Le Collège échevinal désire intégrer le Syndicat d'Initiative davantage dans la vie de la commune et veut renforcer ses efforts pour le fonctionnement du syndicat. A moyen terme, l'administration communale veut intégrer le personnel du syndicat dans le corps du personnel de la commune, assurer une plus grande transparence budgétaire et stabiliser ou même renforcer les investissements pour le syndicat. Pour le Collège échevinal, le développement du tourisme, de la culture et du sport fait partie du développement économique d'une ville.

Mme Mutsch se réjouit du fait que le nouveau président du syndicat a annoncé une bonne collaboration avec l'association des commerçants et avec tous les clubs de la ville.

Elle propose d'accorder un subside au syndicat et de nommer M. Poos comme représentant de la Ville.

Aly Jaerling (Indépendant) est d'avis qu'un Syndicat d'Initiative doit rester indépendant d'un collège échevinal et d'un conseil communal.

Everard Wohlfarth (LSAP) pense qu'il est évident qu'une institution qui a plus de 100 ans d'âge a vécu des hauts et des bas. Pour lui, la mission la plus importante du syndicat sera la collaboration avec tous les acteurs des domaines culturels et artistique ainsi qu'avec toutes les associations de la ville. Il ne croit cependant pas qu'il est du devoir d'un touriste office d'organiser d'importantes manifestations. Il doit surtout jouer son rôle d'accueil et de renseignement pour les visiteurs de la ville. A cet égard, il y aura une modernisation des bureaux et du site internet du syndicat.

M. Wohlfarth souligne que le but du syndicat est de devenir un office du tourisme de trois ou même quatre étoiles. Une structure à envisager serait celle d'un office régional pour pouvoir concentrer ainsi les compétences de toutes les communes membres.

Pour M. Wohlfarth, le tourisme est un important vecteur du tissu commercial, générateur d'emplois.

Frunnes Maroldt (CSV) félicite la majorité pour la nouvelle direction plus moderne et la structure plus professionnelle qu'elle a donné au Syndicat d'Initiative.

Lydia Mutsch (LSAP) souligne l'importance d'une gérance transparente et professionnelle de la comptabilité du syndicat. Une transparence financière est primordiale pour que le syndicat puisse s'occuper prioritairement de la promotion touristique de la ville. Le premier financier du syndicat est de toute façon la Ville et il est donc compréhensible de vouloir intégrer son personnel au personnel de la Ville et d'assurer ainsi l'avenir professionnel de ces gens.

(Vote)

11. Adaptation des prix de l'eau à la loi du 19 septembre 2008 relative à l'eau ; décision

Félix Braz (DÉI GRÉNG) explique que suite à la délibération sur le prix de l'eau, le Ministère de l'intérieur a retourné le règlement avec 5 remarques :

1. On avait oublié de préciser que les prix sont hors TVA.
2. Bien que le règlement ne comporte qu'un seul tarif, il faut préciser qu'il s'applique aux trois secteurs, c.-à-d. le secteur agricole, le secteur industriel et les ménages.
3. Il y avait trop d'abréviations sans explications adéquates.
4. Seulement un nouveau raccordement est à facturer à l'abonné, et non pas les autres travaux d'entretien. M. Braz pense qu'il doit s'agir d'une lettre standard envoyée à toutes les communes puisque la commune d'Esch ne facture en effet que le premier branchement.
5. Une commune ne peut pas inscrire un tarif préférentiel pour elle-même dans le règlement. M. Braz explique que cet alinéa va donc être

changé bien que c'est finalement du pareil au même puisque cet argent va dans la caisse de la Ville.

Marc Baum (DÉI Lénk) trouve intéressant que le Collège échevinal, qui s'est prononcé contre un prix échelonné de l'eau, inscrit un tarif différent pour les services de la commune que pour tous les autres secteurs.

Il aimerait savoir si on peut chiffrer les pertes de recettes dû au fait que le règlement n'a pas encore été approuvé par le Ministère de l'intérieur.

Il aimerait savoir en outre s'il y a des services communaux qui ne disposent pas de compteurs et si l'eau provenant des hydrants publics est déclarée comme perte.

Aly Jaerling (Indépendant) regrette que l'eau à Esch soit plus chère qu'à Luxembourg-ville.

Il est d'avis que le fait que nous avons des mesures sociales pour les ménages nécessiteux concernant la facture d'eau constitue en fait un prix échelonné.

Il se demande pourquoi il y a toujours des conseils communaux puisque ceux-ci ne peuvent de toute façon qu'exécuter les directives venant « d'en haut » et jouer les boucs émissaires pour les vrais responsables.

Depuis presque 20 ans M. Jaerling demande des explications concernant les eaux usées de l'Arbed qui reçoit son eau du SES et qui n'est pas raccordé à un compteur de la commune. Il aimerait savoir à qui cette entreprise paie sa facture d'eau.

M. Jaerling aimerait aussi avoir des précisions quant à l'état de nos conduites d'eau et de la perte d'eau.

Félix Braz (DÉI GRÉNG) explique à M. Jaerling qu'après des investissements importants dans nos conduites d'eau, Esch a avec 9% le niveau le plus bas en pertes d'eau de tout le pays. En l'an 2000 ce pourcentage était encore de 30%. Ces pertes, ainsi que l'eau des hydrants, doivent être compensées par des recettes adéquates.

M. Braz rappelle à M. Jaerling que depuis 20 ans il reçoit la même réponse, c.-à-d. que l'Arbed n'utilise pas les égouts de la ville et ne paie donc pas de taxes. Bien que M. Braz soit d'avis que cette entreprise devrait se raccorder au système d'égouts communal, cette décision ne peut pas être prise au niveau communal. Arcelor paie sa consommation en eau directement au SES.

M. Braz explique à M. Baum que chaque immeuble de la commune dispose de son propre compteur.

Il rappelle que contrairement aux propos de M. Baum, le Collège échevinal n'a pas du tout introduit un tarif échelonné pour le prix de l'eau. On pourrait parler de tarifs échelonnés si les consommateurs auraient à payer différents taux mais la commune n'est pas vraiment un consommateur puisqu'elle paie ses factures à elle-même. Il rappelle en outre que la ville de Wiltz avait essayé d'introduire une tarification échelonnée ce qui lui a été refusée. M. Braz est toujours d'avis qu'une tarification échelonnée n'est pas sociale puisqu'elle subventionne aussi des personnes qui ne sont pas dans le besoin et grève ainsi le budget communal. La méthode appliquée à Esch, de faire payer à chacun sa consommation en eau et d'aider ensuite les gens nécessiteux, reste pour M. Braz la seule vraie politique sociale.

(Vote)

12. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage) ; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) propose la création d'un poste d'expéditionnaire administratif au service de l'architecte et une réduction de tâche de Mme Diane Mangen.

Il propose ensuite 3 indemnités :

1. Pour M. Guy Bernar qui a reçu une nomination comme chef du centre de secours régional.
2. Pour Mme Mireille Busch, maîtresse d'éducation physique, qui travaille aussi comme chargé de cours pour l'éveil musical.
3. Pour M. Jean Wagner, qui remplace le chef du service écologique.

Aly Jaerling (Indépendant) demande des explications quant à la lettre de la délégation des fonctionnaires où celle-ci se plaint d'être exclue de certaines décisions concernant des primes et parle même de promotions « cachées ».

André Zwally (CSV) est d'avis que l'on peut accorder des primes sans l'avis de la délégation. Cependant, il lui semble que le

Collège échevinal ne dispose pas d'instrument pour pouvoir définir clairement qui peut bénéficier d'une prime. M. Zwally demande donc l'élaboration d'un tel instrument.

Daniel Codello (LSAP) rappelle qu'il s'agit de la fonction publique où l'attribution de primes n'est pas fonction du rendement d'un employé. Le statut des fonctionnaires comporte des critères clairs et nets quant à l'attribution de primes et M. Codello est d'avis que la délégation devrait être informée de telles décisions.

Concernant la prime pour le chef de service adjoint, M. Codello rappelle que l'on avait établi lors du changement de carrière de cette personne que cette prime ne serait plus appliquée. Il aimerait donc savoir pourquoi cette personne se trouve toujours sur cette liste.

Paul Weidig (LSAP) a un problème avec ces indemnités puisqu'il est d'avis que chaque personne doit être traitée comme les autres.

Concernant le cas de M. Bernar, il pense que le Conseil communal devrait lui accorder une rémunération spéciale au lieu d'une prime.

Marc Baum (Déi Lénk) se rallie aux propos de M. Codello et de M. Weidig.

Henri Hinterscheid (LSAP) rappelle que la délégation est membre de la commission du personnel où, après une discussion animée, ce point a été avisé favorablement.

Concernant la prime pour M. Bernar, il explique qu'il s'agit de l'article 25 de la loi et que l'on ne peut pas être plus transparent que de faire voter une prime par le Conseil communal.

Il explique que M. Jean Wagner ne fait toujours pas partie du cadre fermé.

(Votes)

Daniel Codello (LSAP) motive son abstention en demandant d'une discussion fondamentale concernant le principe de rendement et l'élaboration de critères clairs et nets en collaboration avec la commission du personnel et le conseil de recrutement.

Aly Jaerling (Indépendant) rappelle que l'avis de la commission du personnel n'était pas unanime.

Henri Hinterscheid (LSAP) ne comprend pas pourquoi le conseil de recrutement devrait être impliqué à l'élaboration de critères pour l'attribution de primes.

13. Convention avec l'asbl Taekwondo Club Esch dans le cadre des activités sportives de la LASEP et du programme Youth Sports – Cool Sports; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) présente la convention avec le Taekwondo Club Esch.

(Vote)

14. Convention avec la société CO-LABOR ayant comme objet la réalisation de travaux dans le cadre du projet „Valobois“; décision

Jean Tonnar (LSAP) propose une convention concernant l'aménagement du Parc Transfrontalier de la Terre Rouge.

(Vote)

15. Transactions immobilières ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'accepter les transactions immobilières.

(Vote)

16. Subsidés extraordinaires ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) présente la liste des subsidés extraordinaires.

(Vote)

17. Contrats de bail ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'accepter les contrats de bail.

18. Règlements de la circulation routière ; confirmation et décision

Lydia Mutsch (LSAP) présente les règlements de la circulation.

(Vote)

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Conseillers absents:

Mme Annette Hildgen – M. Frunnes Maroldt – M. André Zwally

ORDRE DU JOUR

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	30
3. Correspondance	30
4. Commission scolaire communale: composition et règlement interne; décision	30
5. Confirmation de la validité du règlement des bâtisses dans le cadre de la prorogation du délai de refonte et d'adaptation du PAG; décision	30
6. Réaménagement Place de la Résistance: indemnité supplémentaire pour les trois finalistes; décision	31
7. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	32
8. Réalisation d'un emprunt de 15 mio €; décision	33
9. Wielerpass fir all nei Wieler (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le conseiller Aly Jaerling)	38
10. Interpellation de Monsieur le conseiller Aly Jaerling au sujet „Relatiounen tëschend dem Schäffenrot an de Gemengeréit“; décision	43
11. Subsidés ordinaires 2010; décision	50
12. Subsidés extraordinaires; décision	50
13. Crédit spécial; décision	50
14. Contrats de bail; décision	51
15. Commissions consultatives; décision	51
16. Relevé et rôle des taxes à percevoir pour stands de taxis, 1er semestre 2010; décision	51
17. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	51
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 2 juillet 2010	21



Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 02. Juli 2010

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Wéi ëmmer loosse mer lech d'Décsiounen iwwert d'Personalfroen zoukommen déi mer am Huis clos traitéiert hunn.

A) Résiliation d'un contrat de travail.

Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1er septembre 2010, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Claire Foehr ép. Müller, chargée de cours au conservatoire de musique.

B) Promotion.

Carrière du technicien diplômé.

1) Promotion avec effet au 1er juillet 2010 de Monsieur Patrick Mertens, inspecteur technique (grade 11) depuis le 01.07.2007, affecté au département des travaux municipaux, aux fonctions d'inspecteur technique principal (grade 12).

C) Questions de personnel salarié.

1) Engagement à durée indéterminée d'un éducateur gradué pour les besoins du foyer de nuit « Abrisud » : Maria d'Agostino

2) Engagement à durée déterminée d'un éducateur gradué pour les besoins du foyer de nuit « Abrisud » : Valérie Jadoul

3) Engagement à durée indéterminée d'un éducateur gradué pour les besoins des structures socio-éducatives : Cindy Azenha Goncalves

4) Renouvellement de l'engagement d'une chargée de cours du conservatoire de musique pour l'année scolaire 2010/2011.

Nom et prénom	Nombre d'heures de cours hebdomadaires
Kraus Annie	17 heures

L'intéressée est engagée sous le régime du salarié.

5) Engagement à durée indéterminée

avec effet au 1er septembre 2010 d'un chargé de cours du conservatoire de musique.

Nom et prénom	Nombre d'heures de cours hebdomadaires (par rapport à 2007/2008)
Schlim Claude	21 heures

L'intéressé est engagé sous le régime du salarié.

6) Prolongation de l'engagement à temps partiel pour la période allant du 1er juillet 2010 jusqu'au 31 décembre 2010 de Madame Jessica Alfaïate, comme éducatrice diplômée sous le régime du salarié.

3. Correspondance

Mir hu keng speziell Kommunikatioun ënner Korrespondenz.

4. Commission scolaire communale: composition et règlement interne; décision

Mir géingen dann direkt, wann hien domatter d'accord ass, bei den Här Tonnar kommen als Schoulschäfte fir eis d'Kompositioun an de Règlement interne vun der Commission scolaire duerzeleeën.

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): Merci. Ëmmer nach am Kader vum neie Schoulgesetz musse mer hei d'Kompositioun stëmmen. Dir wësst schon, dass mer eng relativ grouss Schoulkommissioun elo hunn, well mer wollten déi politesch Memberen all bäibehalen. Mir hätten der do kënnen ewech loosse. Dat wollte mer awer net maachen. A vu dass dat der 7 sinn, musse mer dann och 7 oder d'selwecht Zuel Représentant vu Parents d'élèves a vun Enseignants hunn. Duerfir gëtt dat eng relativ grouss Schoulkommissioun. Mä mer hunn dat awer bewosst esou wëlle maachen, well mer net wollte vun där fréierer Schoulkommissioun deen een oder deen aneren ewech loosse, wat ëmmer dann zu Diskussiounen gefouert hätt.

Dann hutt Dir hannendrun de Règlement interne deen d'Schoulkommissioun sech ginn huet. Do ass näischt Extraes. Ech mengen wann een eng Fro huet, wëll ech ganz gär drop äntweren, mä Dir hutt dee gelies an ech mengen do wier näischt Extraes. Ech géif lech da bieden deen ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Tonnar. Keng Wuertmeldung gesinn ech, mir hunn awer och kee Sekretär.

5. Confirmation de la validité du règlement des bâtisses dans le cadre de la prorogation du délai de refonte et d'adaptation du PAG; décision

Da géinge mer en attendant virufluere mam Punkt 5 an dann de Vote vum Punkt 4 herno maachen.

Här Bauteschäffen, et geet em d'Konfirmatioun vun der Validitéit vum Règlement des bâtisses am Kader vun der Prorogatioun vum Délai de refonte et d'adaptation vum PAG.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Merci. Ech mengen hei ass och eppes wat eng Exekutioun vun engem éischte Vote ass dee mer schonn eng Kéier geholl hunn. Mir hunn an deem leschte Gemengerot oder virleschte Gemengerot hu mer décidéiert, dass mer en Délai supplémentaire géinge froe wéi d'Gesetz dat virgesäit fir d'Reforme vun eise PAG ze maachen. D'Gesetz vum 19. Juli 2004 huet en Délai vu 6 Joer virgesinn. Déi 6 Joer déi sinn elo ofgelaf a mir hunn an deem Sënn dann och eng Verlängerung an en Délai supplémentaire gefrot an deen hu mer d'leschte Kéier gestëmmt. Den Distriktskommissär huet eis drop higewisen, dass mer musse dann och gläichzäitig konfirméieren dass mer deeselwechten Délai supplémentaire fir eise Règlement général sur les bâtisses musse ufroen a stëmmen. Well de Règlement général sur les bâtisses ass am Fong en Exekutiounsreglement an e Präzisierungsinstrument vun de Secteurs urbanisés an et kann, wa mer de PAG verlängere an net gläichzäitig och de Règlement sur les bâtisses séparat nach eng Kéier verlängere, wär de Règlement sur les bâtisses wär dee caduc, war deen hifälleg an da kéinte mer eigentlech näischt méi autoriséiere fir ze baue während deem Joer. An dat kënnen mer eis jo net virstelle mat all deem wat mer nach wëlle hunn. Dofir biede mer lech och deem Délai supplémentaire fir de Règlement sur les bâtisses zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Den Här Jaerling huet sech d'Wuert gefrot dozou.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech verstinn do elo wierklech eppes net. Dat heescht mer haten en Délai vu 6 Joer fir eise PAG no deem neie Gesetz unzepassen. 6 Joer näischt geschitt. Elo froe mer en Délai supplémentaire, wéi laang ass deem Délai supplémentaire? An da froen ech mech, wa mer während de 6 Joer näischt ronn bruecht hu fir dee PAG konform ze maachen, da froen ech mech wéi mer dat dann elo an deem Délai supplémentaire sollen do fäerdeg bréngen. Kënnt Dir mer mol wann ech gelift erkläre wéi wäit dass mer dann elo mat der Preparatioun vun deem neie PAG sinn an ob iwwerhaupt eng Chance besteet, dass mer deem an deem Délai do upassen an och de Règlement des bâtisses, dee ka jo an deem Sënn bestoe bleiwen, ausser e muss alt erëm eng Kéier un deem neie PAG ugepasst ginn. Also hei ass awer e bësse Klärungsbedarf. 6 Joer laang hu mer en Délai kritt fir eng Aarbecht ze maachen, fir eis nom Gesetz ze konforméieren a menger Usicht no, 6 Joer ass näischt geschitt. Mir hunn op jidde Fall hei nach näischt héieren dovun. Erkläert mer mol wisou dass elo esou laang näischt geschitt ass a firwat dass mer mussen en Délai supplémentaire ufroen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo, Här Jaerling, eigentlech déi do Fro wär ze stelle gewiescht wéi mer déi éischte Kéier hei den Délai supplémentaire gestëmmt hunn. An et ass net dass 6 Joer näischt geschitt ass, mä et ass vill méi eng grouss Aarbecht wéi déi Leit déi deemools dat Gesetz preparéiert hu sech virgestallt hunn. A si hunn eigentlech deem Délai an den Zäitopwand ënnerschätzt. Et ass also net esou, dass mir hei eis am rechtsleere Raum bewegen, well mir hunn e PAG. Mir hunn e PAG an en approuvierte PAG deem awer nach ënnert dem Couvert vum 37er Gesetz gestëmmt ginn ass. An hei ass eng Präzisioun déi den Distriktskommissär eis gefrot huet a mir sinn amgaang dorun ze schaffen. Mir hu regelméisseg Reuniounen mä et war mol ofhängeg dovun, dass d'Plans sectoriels géinge präziséiert ginn. Dat ass en enormen Inventaire ze maache fir de PAG. Et muss ee sech mat den Nopeschgemengen den Inventaire maachen. Et muss ee seng Gemeng an de gesamte Contexte économique setzen. A wann ee seet 6 Joer an enger neier Prozedur, bis een un ass, bis jiddweree weess wéi et soll gemaach ginn, ass dat

vläicht e bësse sportlech gewiescht fir déi éischte Kéier. Déi Kéieren duerno ass dat sécher méi liicht ze maachen, well dann hëlt een d'Basis vun deem wat eng Kéier ausgeschafft ginn ass an et mécht een den Inventaire vun deem wat muss ofgeännert ginn.

Mä et ass net esou, dass hei 6 Joer näischt gemaach ginn ass. A mir sinn iwwerens a gudder Gesellschaft. Well wa meng Informatioun richteg sinn, ass eréischt eng Gemeng eng eenzeg, eng eenzeg Gemeng(!) am ganze Land déi dat do gemaach huet an dat war sécher net eng vun deene gréisseren urbane Gemengen. Also mir sinn do a ganz gudder Gesellschaft, well all déi aner Gemenge sinn da genau esou liddereg gewiescht wéi Dir dat wëllt ënnerstellen, wéi mir.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Gutt. Mir kéimen da fir d'éischt zum Vote vum Punkt 4 dee mer ofgeschloss haten. D'Kompositioun an de Règlement interne vun der Schoulkommissioun.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le règlement interne de la commission scolaire et de son bureau.

Dann d'Verlängerung vum PAG Règlement sur les bâtisses.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal décide à l'unanimité de demander la prorogation du délai de refonte et d'adaptation du plan d'aménagement général de la Ville d'Esch-sur-Alzette et du règlement des bâtisses.

6. Réaménagement Place de la Résistance: indemnité supplémentaire pour les trois finalistes; décision

Mir géingen da weiderfuere mam Punkt 6 wou mer eng supplémentaire Indemnitéit ze stëmmen hunn. Här Bouteschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Merci. Mir hu jo en internationale Concours gemaach, Architektewettbewerb gemaach fir den Aménagement vun eiser Place de la Résistance oder Brillplaz wou mer e Concours d'idée gestëmmt hate mat engem Règlement. Dat hu mer hei mam Règlement, mat den Indemnitéiten de 26. September 2008 gestëmmt. Mir hunn och d'Kompositioun vum Jury hei deeselwechten Dag gestëmmt an do ass geschafft ginn.

Et ass esou, mir waren do an engem internationale Concours a wéi déi éischt Projete bis era waren, do ass vun dem Jury majoritär décidéiert ginn, mat eisem Accord awer leschtendlech och herno, dass et noutwenneg wär, dass déi dräi beschte placéiert Teamen eng Kéier eng Zwëscheronn missten dréinen an nach eng Kéier en iwwerschaffen. An dee Moment well dat awer bedeitend méi e groussen Opwand war, ass proposéiert gi fir dann eng zousätzlech Indemnitéit fir dat ze ginn. Well et eis alleguer, dem ganze Jury zu deem Zäitpunkt wou no deem éischten Abgab net onbedéngt dee Projet dobäi war deem eis direkt déi definitiv Satisfactioun ginn huet. A mir mengen, dass et och richteg war déi zousätzlech Ronn dréinen ze loosser, well wann een d'Qualitéit vun de Projeten herno gesinn huet, a virun allem vum Gewënnerprojet, si mer sécher gutt berode gewiescht dat ze maachen.

Et kann een och soen, dass an där Juryssitzung vun den Architekten a vun de Fachpreisrichter, wéi dat heescht, mir si jo d'Sachpreisrichter, sech aner Montanten nach virgestallt gi waren, dass mir awer do d'Brems gezunn hunn a gesot, also et geet duer,

iergendwou müssen och zousätzlech Käschte am Kader gehale ginn. An et ass och esou, dass déi dräi déiselwecht Indemnitéit kritt hunn, well den Opwand fir déi dräi d'selwecht war.

Dat ass d'Explikatioun. Dat war am initiale Reglement net virgesinn, dofir musse mer déi Indemnité supplémentaire dann elo stëmmen, plus d'Frais de route fir d'Ausländer.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'accorder une indemnité supplémentaire de € 5.000.- aux trois lauréats retenus en phase finale.

7. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Mir kéimen dann zu Punkt 7. Dat sinn déi Personalfroen déi mer net am Huis clos ze traitéieren hate mä en Réunion publique.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Do hu mer als éischt hu mer eng Kreatioun vun engem Posten als Redakter am Service Enseignement. Mir hunn do e Poste besat am Statut vum Employé communal C, do ass awer elo e Congé sans solde an an der gesamter Reorganisatioun vum Service scolaire an en vue vun deem wat do nach ze kommen huet, proposéiere mer lech dann e Poste vun engem Redakter do ze crééieren. An et ass och de Minimum Qualifikatioun dee mer do brauchen, well mer hunn eigentlech haut nëmmen ee Redakter niewent dem Chef vum Service scolaire, dem Här Thorn an deem Service an deen och nach nëmmen zu 3/4.

Dann hu mer am Service développement urbain an Expansion économique zwee Posten ze crééieren an zwar ass dat am

Kontext vun där ganzer Reorganisatioun ëm de City Tourist Office. Do ass jo zesumme mam City Tourist Office d'Décsioun geholl ginn, dass mer déi Leit déi haut am City Tourist Office als Employé schaffen, dass mer déi géingen an d'Gemeng eranhuelen. Da wär déi prekär Situatioun an där déi Leit sech befonnt hunn, wär déi berengegt an déi Leit géingen dann an der Zukunft am Service vum Développement urbain an der Expansion économique – an Expansion économique an Tourismus, dat kéint nawell eppes mateneen ze dinn hunn – géingen déi do affectéiert ginn an déi Equipe verstärken. Natierlech géing déi Aktivitéit am City Tourist Office, déi touristesch Aktivitéit virugefouert ginn, mä well mer se iergendwou müssen affectéieren, huet dat do dem Schäfferot, an ech mengen zesummen och mam President vum City Tourist Office, dat logeschst geschéngt. Et sinn dann zwee Posten, deen een an der Carrière D an deen aneren an der Carrière C. An et erkläert sech eigentlech do duerch d'Gesamtkäschte fir d'Gemeng ginn net an d'Luucht, mä amplaz dass dat elo iwwer Subsidien un de City Tourist Office geet an do bezuelt gëtt, gëtt et elo iwwert eis Personalfraise bezuelt. Also et ass u sech eng Émbuchung intern.

Dann hu mer d'Maisons Relais. D'Maison Relais Jean Jaurès dat preparéiert sech, dass déi d'Erweiderung do op geet. Do hu mer dann 1 Posten als Educateur gradué ze crééieren. 3 Posten als Educateur diplômé zu 30/40tel. 2 Posten Educateur diplômé déi awer affectéiert gi gesamt an de Projet Ganzdaagsschoul 40/40tel.

Dann hu mer 6 Posten am Régime salarié mat 16/40tel ze crééieren. Firwat déi 16/40tel? Dat ass de Minimum dass d'Leit awer sozial- a renteversécher sinn. Hei ass dat eng Organisatioun wou mer awer ëmmer ganz vill Interessente fanne fir esou en Deelzäitjob.

Dann hu mer 1 Posten als Cuisinier, Détenteur vum CATP an dann och 1 Poste vun Aide-Cuisinier ze crééieren. 1 Poste vun Employé communal an der Carrière C. An ech wëll soen, dass all déi Posten déi mer elo crééieren am Kontext vun där Maison Relais natierlech cofinanzéiert ginn iwwert eis Konventioun mam Stat an dass dat och genau deem entsprécht wat der Konventioun mam Stat well et ass näischt méi dra wat also dann net cofinanzéiert wier.

Dann hu mer eng lescht Situatioun déi muss berengegt ginn. Do ass fir 3 Educatrici déi am Précoce waren um Lallenger Däich, déi e Kontrakt haten 30/40tel, déi sinn awer während dem ganze leschte Schouljoer scho voll agesat ginn, 40/40tel. An dofir proposéiere mer dat dann elo fir dat lescht Schouljoer op, retroaktiv op den 1. September 2009, da kënnen déi Leit dat mol remuneréiert kréie wat se do geschafft hunn, plus da fir d'Zukunft dann op 40/40tel Tàche eropzehiewen. An déi Leit bleiwe jo och dann am Précoce affectéiert, well si bleiwen nach wie vor Employé communal, mä si sinn an d'Konventioun integréiert.

Sou, dat si se alleguer d'Questions de personnel an der Séance publique.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal approuve par 12 voix oui et 1 abstention les créations de postes.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz et Hinterscheid ainsi que les conseillers Baum, Becker, Hannen, Huss, Knaff, Roller, Snel, Weidig et Wohlfarth. Le conseiller Jaerling s'est abstenu.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal procède par vote secret et accepte par 13 voix oui et 2 bulletins blancs la modifications de deux contrats d'engagement.

8. Réalisation d'un emprunt de 15 mio €; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Da kéinte mer virufuere mam Punkt 8. Do geet et ëm d'Realisation vum eisem Emprunt vu 15 Milliounen. Dir kënnt lech erënnere, dass mer am Budget 2010 en Emprunt ageschriwwen hu vun 19,95 Milliounen a mir sinn zu dësem Moment der Meenung, dass mer en Emprunt vu 15 Milliounen missten ophuelen opgrond vum deene Calculen déi mer maachen. De Gemengerot ass en connaissance de cause iwwert eis Situation financière, éischtens well mer virun engem Mount hei driwwer geschwat hunn an zweetens well en all dräi Méint en Envoi kritt vun der Situation budgétaire actuelle a vum Avancement des projets. Dat ass dat Dokument wat viru sechs Wochen hei komm ass a wat dann elo an deenen nächste Wochen lech erëm zougestallt gëtt. Mir hunn an där Hinsicht näischt ze verstoppen. Et ass och esou, an dat weess de President vun der Finanzkommissioun, dass mir fir déi eenzel Enveloppes budgétaires ze definéieren, regelméisseg an d'Finanzkommissioun gi fir hinnen Opschluss doriwwer ze dinn. Esou dass, wéi dat hei am Gemengerot gewënnscht, war eng komplett Transparenz ass wat eis Situation budgétaire ubelaangt.

An deene vergaangene Joeren hate mer all Joer en Emprunt am Budget stoen déi mir hei an eise Sproochgebrauch, ouni dass dat e fachleche Sproochgebrauch war, genannt hunn, en Equilibre-Emprunt dee mer awer en cours de route an deene leschte véier Joer net obligéiert waren ze zéien. Dat heescht, dat heiten ass no véier Joer deen éischten Emprunt dee mir erëm ophuelen als Stad Esch. Mir huelen also vun deenen 19,95 Milliounen déi mer ageschriwwen hunn en Emprunt op vu 15 Milliounen. Mir mengen och, a mir wëllen do kee Geheimnis drëm maachen, mir mengen och dass mer deen Emprunt tatsächlech a senger Integralitéit wäerten zéien. Ganz einfach well mer e brauchen.

Ech wëll lech och da soen, dass dat dann eng global Charge annuelle vun 9,9 Milliounen géing bréngen an eisen Dépenses ordinaires wa mer en integral géingen ophuelen, also wa mer déi 15 Milliounen integral géingen ophuele wouvu mer am Moment ausginn.

Wat mir haut obligéiert sinn ze maachen, dat ass eng Décisioun ze huelen iwwert de Montant vum Emprunt, dee beleeft sech op

15 Milliounen. Dee gëtt da gezunn no Tranchen, en fonction vum de Besoinen. Dat wäerte mer lech an deenen nächste Méint en détail natierlech soen. D'Durée vum deem Emprunt ass 20 Joer. Den Typ vum deem Taux ass en Taux variable op Base vun Euribor. De Mode de calcul ass nombre exact vum deenen eenzelnen Deeg op 360 Joeresdeeg. D'Kadenz vum Remboursement ass semestriell. De Rythme vum den Arrêtés de compte ass semestriell. An eng Commission a Frais de dossier sinn néant, esou dass mer lech géinge bidden eis Är Zoustëmmung zu dësem Emprunt ze ginn, esou wéi mer lech viru véier Wochen drëm gebieden haten.

Den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Hei kënne mer wann ech gelift e bësse méi Rou kréie well ech verstinn den Här Jaerling net gutt wat hie seet.

Aly Jaerling (Indépendant): Oh, Dir wäert elo schonn net entschlofen.

Madame Buergermeeschter, bei de Budgetdebatte war ech schonn erstaunt driwwer, dass een en Emprunt vu bal 20 Milliounen dra setzt. An esou wéi d'Saach ausgesinn huet, war et am Fong deen Emprunt, ouni deen Emprunt wär jo de Budget net opgaangen. Dat ass e Spill, dat leeft scho joerelaang a bis elo ware mer ëmmer an enger glécklecher Situatioun, dass mer keen Emprunt hu missten ophuelen. Dat ass richtig, mä do hate mir keen Afloss drop. Dat war well eben d'wirtschaftlech Situatioun an d'Recetten nach deementspriedend och esou waren, dass mer verschout gi sinn. Elo si mer an enger anerer Situatioun wou ech einfach gesinn a wou mer feststellen, dass d'Recettë falen an dass mer dann awer elo an eng Situatioun komme wou mer ouni Emprunt net méi auskommen.

An da kënnt déi aner Saach dobäi, mir hunn elo hei virdrun alt erëm esou vill Poste gestëmmt wou mer nei Leit astellen, wou mer de Risiko lafen, dass opgrond an duerch déi manner Recetten, net nëmme well mer Leit astellen, mä duerch déi manner Recetten op eemol eis Personalkäschten iwwer 60% wäerte sinn. An dat ass e ganz héijen Taux. Mä et ass ëmmer a Relatioun mat de Recetten. Wann d'Recetten normal bliwwen

wiere wéi dat virdru war, da géife mer bei engem normalen Taux ëm déi 50% oder souguer nach drënner leien. Mä elo komme mer awer an eng Situatioun wou dat anescht ausgesäit.

Dir hutt gesot Dir géift en Taux variable kréien op Base vun Euribor. En Taux variable ass fir mech ëmmer eppes geféierleches, well ech einfach soen, ech hunn dat schonn e puermol gesot, mam Taux variable gi mer ëmmer zum Spillball ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Kënne mer wann ech gelift e bësse méi Rou kréien am Sall?

Aly Jaerling (Indépendant): ... si mer ëmmer de Spillball vun der internationaler Zënspolitik, op déi mer keen Afloss hunn. Och dat ass e geféierlechen Terrain. Do stellen ech mer d'Fro, wisou kann een do net en Taux fixe op deenen heitegen oder zumindest en Taux fixe aushandele wou mer sécher sinn dass mer an deenen nächsten 20 Joer doduerch net a Schwierigkeete kommen.

(Interruption par M. Weidig)

Gelift?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Loosst lech net ofenken, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech mengen dat ass ëmmer eng Geschicht vu Verhandlung an, jo do kënnt Dir driwwer laachen. Dat ass jo alt schonn erëm eng Kéier de beschte Beweis, dass Dir der Finanzpolitik d'Moyene ginn hutt, dass si kënnen diktéiere wat geschitt an dass iwwerhaupt mol d'politesch Kräften, d'Politik iwwerhaupt näischt méi ze soen huet wann et ëm esou Saache geet wou mer en Emprunt ophuelen, deen am Fong der Allgemeinheit déngt. En Emprunt wou jo geduecht soll si fir Investitiounen ze maachen, wou jiddwereen dru verdéngt an och d'Finanzwelt dru verdéngt. Dat heescht also hei hutt Dir, Här Weidig, wann Dir mer esou eppes sot, da gitt Dir jo hei zou dass mir einfach net méi fäeg sinn iwwerhaupt en Afloss ze hunn op déi ganz Empruntspolitik déi et gëtt. Ech fannen dat bedauerlech, mä ech sinn op jidde Fall der Meenung, dass een awer ëmmer soll probéiere fir en Taux fixe auszuhandele fir ze wëssen a wat fir eng Richtung dass et déi nächst 20 Joer geet. Wéi gesot, mat engem

Taux variable gi mir zum Spillball vun der Zënspolitik op déi mer iwwerhaapt keen Afloss hunn.

Ech weess elo net, well et geet net hei kloer eraus, firwat dass mer deen Emprunt eigentlech brauchen. Ech hoffen oder ech huelen un, dass deen Emprunt jo soll dofir si fir déi Investitiounen déi am Budget dra sinn an déi och am pluriannuelle Budget schonn dra waren, fir déi Investitiounen ze finanzéieren. Mä ech géif awer elo warne virdrun, well elo hu mir en Emprunt vun 19,95 Milliounen an deem Joer am Budget stoen. An ech kann lech elo scho viraussoen, wann dat dëst Joer am Budget dra steet fir dass de Budget opgeet, da kann ech lech elo scho viraussoen, da geet dee Montant d'nächst Joer net méi duer, well d'Recettë falen nach ëmmer. An ech géif mech mol interesséieren iwwert de Circulaire vum Mee deen Dir vum Interieur kritt, wat dann do vu Previsiounen dra steet, wat Dir da sollt vläicht fir d'nächst Joer, oder wat déi viraussichtlech Recettë sinn, den Dotatiounsfont an och iwwert d'Gewerbsteier fir d'nächst Joer. Da kënnt mer och mol e bësse kloer gesinn a wat fir eng Richtung dass et geet.

Also, ech hu kee Problem fir en Emprunt ze stëmmen deen am Interessen ass vun der Investitiounspolitik, mä wann ech awer net weess firwat dass deen Emprunt hei geduecht ass an och kee Wuert hei gesot kritt, firwat dass mer deen elo brauchen, ass kee Wuert Erklärung komm, well ech lech soen, ech sinn net géint en Emprunt mä ech enthalte mech hei well ech einfach soen ech weess net ob dat do elo wierklech noutwenneg ass, well mer net déi néideg Explikatiounen kritt hu firwat dass mer deen Emprunt elo brauchen a wéi et an Zukunft viru geet. Well ech géif awer och mol gär wësse wéi dann eis Empruntspolitik an deenen nächste Joere wäert ausgesi wa mer manner Recetten hunn. A wat manner Recetten erakommen, wat da jo awer och de Prozentsatz vun der Héicht vun den Emprunte jo awer an d'Luucht geet. Dat muss mer eis och bewusst sinn. Mir bretzen eis elo, dass mer dee klengsten Taux hu vun Emprunt deen et gëtt, mä et dierf een awer net vergiessen, an dat hunn ech lech scho beim Budget gesot, dass mer net alles matagerechent hunn, dass mer net agerechent hunn déi Garantien déi mer hei ënne fir déi zwee Parkhaier ginn hunn, dass mer déi och musse mat arechnen, well dat och Emprunte si fir déi wou mer gerout stinn. Da läit eisen

Taux net bei 3,5 mä da läit e bei 10% an do musse mer dann awer ganz virsichteg sinn an Zukunft well mer nëmme bis 20% vun eisein ordinäre Budget kënne léine goen.

Ech géif soen, mir mussen do ganz virsichteg sinn an ech wär frou wa mer elo mol kuerzfristeg och am Hierscht scho mol kënne Previsiounen kréie wéi et d'nächst Joer ausgesäit an ech mengen do stinn eis dann awer vläicht d'Hoer zu Bierg. Duerfir soen ech, ech wäert mech hei ...

(Interruption par M. Codello)

Här Codello, hei geet et ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dir hutt d'Wuert, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Hei geet et net drëm fir ze laachen, hei geet et net drëm fir eppes ze minimiséieren oder fir Panik ze maachen, mä hei geet et einfach drëm, dass ech Angscht hunn, dass wa mer op eemol net méi hannen a vir auskommen, dass mer dann erëm eng Kéier de Bierger an d'Täsche gräifen an da mussen d'Bierger erëm fir eppes bezuele wou se net Schold dru sinn. An dofir well ech soen, gitt eis mol fir d'éischt Previsiounen wéi et an deenen nächste Joere kéint ausgesinn, well Dir hutt jo schonn Direktive vum Interieur an da gesi mer weider. Op jidde Fall, ech wäert mech hei enthalen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Et ass dann um Här Knaff.

Pierre-Marc Knaff (DP): Jo, Madame Buergermeeschter, mir kënnen net op där enger Säit soe wéi d'Kris ugefaangen huet, dat misste surtout d'effentlech Institutiounen duerfir suergen, dat awer géif den Niveau vun Investissementer getäteg bleiwen, dass ee géif kucken d'Economie e bëssen um Liewen ze erhalen an da soen duerno, wann et dann drëm geet déi Investissementer ze finanzéieren, mir wiere géint en Emprunt, wann et net duer geet. Et muss ee sech awer elo vläicht trotz allem Froe stellen a wéi eng Direktioun dat mer ginn.

Ech mengen Dir hutt eis jo elo gesot déi 15 Milliounen déi gi gebraucht fir déi Aarbechten déi mer ugefaangen hunn a geplangt hunn, fir déi fäerdeg ze maachen, fir déi weider ze féieren. An ech mengen dat ass jo dann och eng gutt Saach. Dat ass dat wat mer musse maachen, wat am Fong d'Escher Gemeng der

Finanzkris schëlleg war. Wat si konnt maache fir iergendwéi aus där Kris eraus, fir ze kucken, datt net niewent där Finanzkris och nach géif eng Wirtschaftskris kommen. Duerfir sinn Investissementer jo gemaach ginn. Dat hu mer jo och ausdrécklech ënnerstëtzt. Mä et muss een awer elo kucken a wéi eng Direktioun datt mer ginn. Et schénge jo awer esou ze sinn, wéi wann trotz allem eis Recetten déi mer kréien, déi mer och vum Stat kréien, déi Ënnerstëtzung déi mer vum Stat kréien, net méi duergeet fir eisen Train de vie esou weider ze féiere wéi mer dat gewinnt waren.

An da si Saachen déi mech dann awer e bëssen da méi stéieren, dat ass dann datt ech gesinn, datt mer zwee Posten elo virdrun hei an eisein Gemengerot weider nach Personal astellen an hei an do awer Dépensen tätegen, wou ech mech da froen, ass dat kompatibel mam Fait datt een awer muss fir säin Invest ze tätegen, datt een dann awer do muss Sue léine goen. Dat froen ech mech ob dat richtig ass.

Ech menge mir mussen eis eng Kéier awer elo Gedanke maachen, wéi mer d'Gemeng hei solle weider, wéi soll d'Fonctionnement an d'Finanzement vun der Gemeng weider geplangt ginn. An engem Joer kréie mer d'Geleeënheet fir de Bierger och verschidde Méiglechkeete wéi eng Finanzgestioun vun enger Gemeng soll gemaach ginn, datt dee kann do e Choix huele wat hie mengt wat méi richtig ass. Mä mir mussen eis awer eng Kéier Gedanke setzen ob dat doten esou ënnert där Form méiglech ass. Et fäerten effektiv, datt et net bei deem heiten Emprunt bleift, mä datt mer effektiv déi nächst Joeren och musse weider esou Emprunten tätegen. Et muss ee kucken, datt een déi och nach ëmmer rembourséiert kritt. An et muss ee kucken, datt mer déi Annuitéiten och kënne opbréngen déi mer mussen all Kéier rembourséieren. An ech mengen do kann nëmme de Corollaire sinn, datt mer awer iergendwéi probéiere soss den Haushalt ze reduzéieren an d'Ausgabe vun der Gemeng ze reduzéieren. Ech menge mir kréien d'Méiglechkeet fir am Laf vum nächste Joer jiddwereen an déi verschidde Parteien hei zu Esch ze soe wéi se mengen, datt dat soll gemaach ginn. An ech mengen et ass och wichteg, datt mer dat eng Kéier am Detail d'nächst Joer diskutéiere wéi d'Finanze solle gefouert ginn.

Wat elo deen heiten Emprunt ugeet, do ass et esou datt ech mengen, datt mer dee mussen zéien. Dir braucht dee fir déi Investor déi Dir wollt maachen an déi mer och zum Deel jo matgestëmmt hunn, fir déi ze finanzéieren. Mir kënnen elo net soen nee, elo hale mer op et si keng Sue méi do, elo bleift alles stoen. Dat geet wann ee, bei Privatleit ass dat heiansdo esou, et si keng Sue méi do, da muss een ebe wann een amgaang war ze bauen, zum Beispill säi Bau e bësse stoe loosse a kucken, datt een erëm frësch finanzéiert gëtt. Hei geet dat net. Mir hunn awer eng Mission d'intérêt public an dofir muss et hei virgoen. Ech ginn eisen Accord zu deem Emprunt, mä ech menge mir missten awer ëmdenke wat d'Ausgabe vun der Gemeng soss ugeet, kucken datt mer do awer en Equiliber fannen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Knaff. Et ass dann um Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech deelen déi prinzipiell Kritik fir en Emprunt ze maachen net vu menge béide Virriedner, oder d'Bedenken déi se hunn. Ech mengen, datt et am Géigendeel wichteg ass, datt eng Gemeng grad oder och um kommunalen Niveau Investitiounen op héijem Niveau weider féiert déi se mécht, datt dat eng Äntwert och ass op déi wirtschaftlech Situatioun. An ech mengen och, datt d'Astlungspolitik déi bedriwwen ginn ass oder déi mer hei virdrun, déi zwou nei Créations de poste, datt et éischters richteg ass datt een do weider mécht, datt ee weider Leit astellt, weider Personal ausbaut, de Service public domatter ausbaut. An et däreif een awer och net vergiessen, dass elo zweemol déi zwou Créations de poste ugeschwat ginn, fir d'Gemeng bedeit dat awer net datt se méi Suen ausgi fir déi zwou Créations de poste. Just et gëtt elo anescht gemaach. Dat heescht et ass elo net méi City Tourist Office deen déi Sue kritt, mä et ass elo direkt wou et iwwerwise gëtt. Awer et ass awer neutral, finanziell ass et neutral.

Ech mengen och, datt et bedenklech ass wann d'Gemengen elo och géifen an d'Richtung goe vun enger Austeritéitspolitik déi just konzentriert ass op d'Konsolidéierung vu Budgeten. Ech mengen datt dat déi falsch Richtung ass an déi och falsch makroökonomesch Auswierkunge géif hunn. Mer mussen awer, mengen ech, soen, et gëtt awer och e politesche Fong vun de feelende Recetten. An dee politesche Fong ass awer zum Deel zu

Esch och nach ëmmer deen, datt mer d'Gewerbesteier gesenkt hunn. An et konnt bis elo nach kee mer plausibel erklären, datt doduerch solle méi Recetten erakomm sinn oder d'Attraktivitéit wesentlech geklomme soll sinn, datt een dat wierklech mierke kéint. Dat heescht, déi Problemer déi mer hu mat de Recetten, sinn zum Deel, zum Deel, net ganz natierlech, mä zum Deel selwer hausgemaach.

Et gëtt awer och nach en anere Problem firwat déi Lénk dee Budget oder deen Emprunt net wäert matstëmmen, deen e reng formellen ass. Deen Emprunt ass d'Resultat vum Joeresbudget deen opgeholl gëtt. Dat heescht, wa mir mam Inhalt vum Joeresbudget net mat averstane sinn, ma da si mer natierlech och net mat der Affektatioun vun deem doten Emprunt averstane. An et wonnert mech, datt den Här Knaff dat mat votéiert, besonnesch wonnert mech awer och datt den Här Jaerling sech just enthält, dee jo awer net midd ginn ass der CSV virzehalen, datt se de Pluriannuell eng Kéier matgestëmmt huet.

Dat hei gesot, wäerte mir géint deen Emprunt stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Et ass dann um Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Jo, ech wëll hei am Numm vun der Grénger Fraktioun soen, datt mer selbstverständlech wäerten deen Emprunt stëmmen, well et ëm eng offensiv Investitiounspolitik vun eiser Gemeng geet, déi mer zënter 10 Joer haten an déi mer wëlle weider bäibehale well mer déi Stad hei wëlle moderniséieren an all Richtungen. An et ass ganz kloer, datt Investitiounen an Infrastruktur sënnavoll Saache sinn an d'Zukunft. Wann een an eng Schoul investéiert a Sportinfrastrukturen a Schwämmen an esou virun, da sinn dat jo Suen am Fong déi investéiert ginn a Saachen déi eis 30, 40 Joer laang wäerten, an och eise Kanner nach wäerten zegutt kommen. An deem Sënn ass et kloer, datt mer musse bei enger offensiver Investitiounspolitik bleiwen. Dat ëmsou méi datt souguer wa mer deen Emprunt ophuelen, datt mer nach ëmmer bei enger Verscholdungsquot sinn déi nach ëmmer absolut verdréiglech bleift. Mir si wäit ewech, mir si meilewäit, mir si bis zum Mound ewech vu Verscholdungsquote vun aner Länner oder vun aner Stied déi et an Däitschland gëtt, déi an der Pleite si beispillsweis. Mer si meilewäit ewech vu Verschol-

dungskaarte vun deene meeschten europäesche Staten, ob dat elo d'Belsch ass, vu Griichenland mol net ze schwätzen, an esou virun. Dat heescht mir bleiwen nach ëmmer an enger ganz zolidd finanzieller Situatioun hei zu Esch. An ech mengen, datt ech an deem éischten Deel vun der Interventioun vum Här Baum ka mat him d'accord sinn. Mam éischten Deel vu senger Interventioun sinn ech natierlech d'accord, well wann och an de Gemengen eng falsch Spuerpolitik géif gemaach ginn an dëser Situatioun, da komme mer effektiv eran an eng Situatioun vu Rezessioun. An dat ass jo eppes wat souwiso an deenen nächste Joere riskéiert virun der Dier ze stoe wa virun an Europa déi Politik gemaach gëtt wéi se am Moment gemaach gëtt déi praktesch, loosse mer soen, déi ze vill eesäitig. Ech sinn net dergéint, dass een och muss iwwer Spuerung diskutéieren, mä wann awer ze vill eesäitig eng Politik gemaach gëtt déi nëmmen op Spuerungen orientéiert ass, da riskéiere mer an eng Situatioun vu Stagnatioun eran ze kommen. Dat heescht esou wéi se a Japan während 10, 15 Joer laang war an dat kann et jo net sinn.

A wann ech da kucke beispillsweis ech maachen eng kleng Paranthese op, Klammer op a si geet och direkt erëm zou, wann ech kucke virun allem wat fir eng Politik d'Däitschland am Moment mécht an Europa, par rapport zu där rigider Spuerpolitik déi se hunn, da kënnt déi Kanzlerin Merkel, déi fänkt mer ëmmer méi u virzekomme wéi e gewësse Kanzler deen et eng Kéier ufanks 30er Joeren an Däitschland ginn huet, dee Brüning geheescht huet, an deen Däitschland an eng knallhaart, net nëmmen an eng Kris, mä an eng knallhaart Deflatioun an déi total Aarbechtslosigkeit a Wirtschaftskris eragefouert huet, déi herno zu Saache geféiert huet déi ech net gär gesinn. D'Madame Merkel ass net den Här Brüning, mä eng Rei vun Unzeechen an där Politik déi ginn awer an déi dote Richtung. An dofir soll een, a mengen Ae soll ee besonnesch hei, well een hei am Gemengerot schwätzt iwwer Verscholdung an Investitiounen déi vläicht eis ze vill an eng Scholdekris erabréngen, esou wéi d'Fakten, esou wéi d'Zuelen hei sinn, ass dat sécherlech net de Fall. Eis Verscholdungsquot déi bleift trotzdem nach ganz niddereg. Et ass ëmmer bedauerlech wann ee fir Investitioune muss op Emprunten zréckgräifen, mä mir sinn an enger Situatioun, besonnesch och bei deem Zënssaz dee mer am Moment op de

Marchéen hunn, si mer an enger Situatioun wou mer eis do a mengen Aen net brauchen ze vill Gedanken ze maachen.

An ëmgekéiert, besonnesch un d'Adress vum Här Knaff, dee jo vun der Ideologie vu senger Partie hier jo ëmmer, déi Partei gëtt jo ëmmer vir si géifen anriede besonnesch fir de Commerce fir Handwierker an esou virun. Wann d'Gemengen net méi investéieren, Här Knaff, da sinn dat déi éischten Affär do dervun. An déi zweet Affär sinn déi déi herno am Chômage sinn. Dat ass d'Situatioun wéi se ass. Duerfir muss et esou sinn, datt d'Gemengen an dëser Situatioun nach eng weider héich Investitiounskapazitéit behalen, a se och ausnotzen am Intérêt vun enger, loosse mer soe fir datt et vun enger gewësse Relance vun der Economie. A wann dat a ville Gemengen op ville Plaze geschitt, da bleift d'ekonomesch Aktivitéit op engem gewëssen Niveau, op engem Niveau bestoen deen eis net an eng wierklech Stagnatioun wéi a Japan eraféiert. A mer müssen also dofir och hei zu Esch, souguer wa mer deen Emprunt hei müssen ophuelen, solle mer e mat guddem Gewëssen ophuele well et geet an eng richteg Richtung. An duerfir ass kloer, datt mer dat wäerte stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Huss. Den Här Weidig huet d'Wuert nach gefrot.

Paul Weidig (LSAP): Ganz kuerz. Ech wëll mech awer elo net hei an déi ganz Debatt iwwer spueren oder konsumméieren eraloossen. Ech menge mir sollen dem G20 dat iwwerloossen an d'Madame Merkel ka sech da mam Här Obama erëmschloen.

D'Situatioun ass déi heiten, mir diskutéieren iwwer en Emprunt deen am Budget steet, dat heescht, dass et hei méisseg ass fir iwwert de Sënn oder den Onsënn vum Emprunt ze debattéieren. Dat ass bei de leschte Budgetsdebatten gemaach ginn. Wouriwwer mer kënne schwätzen dat sinn d'Bedingunge vum Emprunt. Wa mer elo fir en Taux variable oder en Taux fixe optéieren, mussen mer eis éischters bewosst sinn, dass mer eis un Virgabe vum Ministère de "tutelle" ze halen hunn, deen net esou ouni weideres mat allem d'accord ass. Ech huelen un dass d'Madame Buergermeeschter nach vläicht do eppes wäert soen. Déi verschidden Tauxen hunn hir Virdeeler a hir Nodeeler.

Den Taux variable passt sech automatesch iwwer den Euribor, Zënssaz zwëschen de Banken, der Entwécklung vun der Wirtschaftsan Finanzwelt un. Am Ablack ass den Zënssaz ganz gënschteg, dat wäert awer net net ëmmer esou bleiwen. Mir wëssen net wat vun Annuitéiten an deenen nächste Joeren ob eis duer kommen.

Bei engem Taux fixe wësse mer vun Ufank u wat mer ze bezuelen hunn, riskéieren awer ob héijen Zënse setzen ze bleiwen well d'Bank sécher kee Risiko wëllt agoen.

Onofhängeg vum Taux gëtt dësen Emprunt genotzt fir Schoulinfrastrukturen ze finanzéieren. En Investissement an d'Zukunft vun dem och déi kommend Generatiounen profitéieren, also en Invest deen de Kritäre vun enger nohalteger Entwécklung entsprécht. Duerfir ënnerstëtzen ech dësen Emprunt.

Merci fir d'Nolauschteren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig an och all deenen aneren Intervenanten.

Ech stelle fest, dass déi Diskussioun déi mer scho beim Budget haten iwwert d'Nécessitéit fir eng Escher Gemeng fir och iwwer Emprunten hiren Investitiounsprogramm ze bewerkstellige, e Suivi haut fonnt huet. Elo wou et ëm d'Ëmsetzung vun där budgetärer Kaderbestëmmung geet. Ech fannen och, dass grosso modo eng ganz poséiert a raisonnabel Attitude hei vum Gemengerot agange gouf an ech brauch och net méi op vill anzegoen, well ganz vill Spriecher vun der Majoritéit, awer och vun der Opposition scho ganz vill richteg Remarquë gemaach hunn.

Ech wëll just reagéieren op déi puer punktuell Remarquen déi hei gemaach gi sinn. Et ass hei vum Här Baum scho ganz richteg envirgestrach ginn, dass déi Astellungen, déi à titre d'exemple sollten dënge fir ze soe mir géingen ze vill astellen, dass dat eng falsch Ausso war, well et sech hei leedeglech ëm en Transfert handelt am Fall vum City Tourist Office. Mir hunn och elo iwwert de Subsid un de City Tourist Office déi Leit bezuelt a mir bidden hinnen awer elo eng sérieux Situatioun an och eng Transparenz an eng Carrièresperspektiv. Also et sollt een net elo dat mëssbrauche fir eng Ausso ze maachen déi ee wëllt maachen.

Wat richteg ass dat ass, dass mir eis musse Gedanken maache well tatsächlech mer amgaange sinn a Richtung vu 60% vun eisen uerdentlechen Dépenses ze goen. Do ass awer e ganz groussen Deel dovunner d'Salairesupassunge vun den existente Posten. Dat ass, mengen ech, och einfach eng Upassung déi mir obligéiert sinn ze maachen. An ech wëll lech och rappeléieren, dass mat där Réforme administrative wou d'Professionalisierung vun eiser Gemeng en Deel dovunner ass, mer natierlech e groussen Nohuelbedarf haten. Ech géing soen, mir hätten an deene leschte Méint a Joere Personal kritt op dat mir haut net méi kéinte verzichten. Ee Beispill dovunner ass ee vun eisen zwee Economisten, deen eis elo an d'Situatioun setzt fir als Schäfferot all Mount an als Gemengerot all dräi Méint am Detail Kenntnis ze hunn iwwert den Avancement vun eise Projeten an eis dann och erlaabt, wat mer a ganz regelméisseg Ofstänn maachen – an dat gëllt och fir dee Groupe de travail dee mer hei votéiert hunn an der Gemeng – fir ze kucke wéi eng Projekte vläicht net esou schnell avancéiere wéi mer eis dat erwaart haten, sief et well mer nach déi entspriechend Autorisatiounen net hunn oder sief et vläicht einfach well Retarde bei de Corps de métier opgetaucht sinn. Dass mer awer dann d'Méiglechkeet hunn, déi eng oder déi aner Projeten ze strecken oder och an der Zäit ze décaléiere wéi et an enger Kris fir de Stat normal ass an och fir eng Gemeng normal ass.

Fir ze soen, et wéisst een net fir wéi eng Projeten dat wier. Dat halen ech fir eng verbal Spillerei, well mir hunn e Budget wou am Detail dra steet wéi eng Projekte mir fir d'Stad Esch virgesinn. An Dir hutt och viru 6 Wochen dat heiten Dokument kritt, dat ass 20 Säiten déck, an do steet all eenzelne Projeten, awer all eenzelne Projet dra wou en drun ass, wat mer dofir ausginn hunn, wéi d'Kontesituatioun ass, wann en ofgeschloss ass, wéi e projezéiert ass an der Zukunft. Also, méi kënne mer net op den Dësch leeën. Dat ass vläicht och een Element herno beim Punkt 10 wat een nach kann ervirstreichen. Op alle Fall gëtt et all méiglech Transparenz. Wéi mir d'Saache wëssen, gitt Dir se och gewuer an do kënne mer wierklech dat net novollzéien. An et ass och, mengen ech, hei zu Esch kee Luxus an eise Projeten. Well et weess een, dass 50% vun eise Budget, an do si mol eis d'Stroosseninfrastrukturen nach net dobäi, 50% vun eise Budget fléissen an d'Schafung

vun neiem Schoulaum, vu schoulesche Begleitinfrastrukturen a vu Schafe vu Wunnraum a vun engem neie Quartier dee mer amgaange sinn ze maachen. Dat ass schonn d'Halschent vun eise Investitiounsbudget. An do sinn déi aner Saachen, déi genee esou normal si wéi d'regelméisseg Astandsetzung vun eise Stroossen- an Trëttoirsnetz, déi si mol do nach net dobäi. Mä fir dat mol eng Kéier ze soen, reng d'Halschent fléisst just a Wunnengen an a Schoulen, woubäi d'Schoulen de gréisste Montant dovunner ausmaachen. Also mir hunn hei zu Esch, waren nach ni an der Situatioun, dass mer eis grouse Luxus konnten erlaben. Mä mir haten awer och virun allem bei schouleschen Infrastrukturen en enormen Nohuelbedarf, mä do hu mer ëmmer d'Kaarten op den Dësch geluegt an Dir hutt dat jo alles och virleien.

Wat elo, wéi den Här Weidig et richteg gesot huet, den eigentlechen Objet vun haut ass, dat ass, dat sinn d'Eckbestëmmunge ronderëm dee Budget dee jo e Montant vu 15 Milliounen aus 19,5 Milliounen erausitt déi mer am Budget dra stoen haten. Déi Kaderbestëmmungen, do si scho ganz vill Leit drop agaangen, déi mengen ech sinn en bonne et due forme vun eise Service zesumme mam Economist ausgeschafft ginn.

Wat den Taux variable vis-à-vis vum Taux fixe ubelaangt, onofhängeg dovunner, dass mer och an deem leschte Circulaire an an deene Circulaire virdrun als Gemenge recommandéiert kréien, en Taux variable ze huelen an net en Taux fixe, hu mir eréischt een Emprunt geholl an dat ass mengen ech 12 Joer hier – dat war also de vieregte Schäfferot, oder ee vun de vieregte Schäfferéit déi dat gemaach hunn – hate mer eng Kéier en Emprunt geholl à taux fixe. Dat ass historiesch gesinn deen deiersten dee mer jeemools geholl hunn. Well mir waren deemools, genee wéi haut der Meinung, dass d'Zësen esou niddereg wieren, dass et bal nëmme sech kéint verschlechtere fir d'Stad Esch. D'Tatsaach war si sinn nach méi niddereg ginn a mir sinn drop sëtze bliwwen op eise Emprunt à taux fixe, esou dass mer schonn net nëmme der Recommandatioun nokomm si well et eng Recommandatioun ass vum Ministère, deen dat jo och net einfach esou seet, mä och dat historiescht Beispill am Kapp haten an dowéinst awer trotzdem net wollten an déi Richtung goen.

An da wéilt ech ofschléissend awer nach eng Kéier rappeléieren, dass den Hauptgrond, an do sinn ech mat jiddwerengem d'accord, souguer mam Här Jaerling, den Hauptgrond fir deen ass firwat mir an och aner Gemengen a Richtung vu Verscholdunge musse goen, an ech schwätze virun allem vun de gréissere Stied – do sti mer net anescht do wéi Diddeleng oder Déifferdeng, well ech mengen d'Stad Lëtzebuerg awer nach e bësse méi eng spezifesch Situatioun ass, well si iwwert eng generéis Reservesituatioun nach ëmmer verfüegen – mä vun deenen anere gréissere Stied ass et einfach esou, dass déi Aufgaben déi si als Stied ze erfëllen hunn, mat engem zum Deel regionalen Anzuchsgebitt a regionalen Dépensen, dass deem einfach an eiser aktueller Verdeelungspolitik iwwert den aktuelle Verdeelerschlüssel net Rechnung gedroe gëtt. Do si mer eis hei alleguerten eens an do kéinte mer och haut oder mar oder an engem Mount oder an engem Joer Motiounen à l'unanimité maachen. Mä do wéll ech mech elo net dran erasteigere, do kéint ech eng Stonn driwwer schwätzen. Et ass ganz einfach esou, dass d'Stad Esch als Regional-Hauptstad déi se ass, an als zweetgréisst Stad vum Land natierlech net déi Recetten huet déi hir géingen zoustoen an natierlech mat der ganzer Entwécklung vu Belval, mat der zukünfteger Implantatioun vun der Uni, mat deem Rayonnement international dee mir doduerch kréien, natierlech deem net genuch Rechnung gedroe gëtt. Do si mer eis alleguerten eens.

Mä d'Tatsaach ass awer déi, dass mer am Joer 2009 zesumme mam Joer 2010 eng Mindereinnahme vu 6 Milliounen an eise Recettes ordinaires haten. 6 Milliounen, Dir kënnt lech erënneren 2005 hate mer eng Kéier eng Mindereinnahme vun 3,2 Milliounen. Déi hu mer joerelaang mat eis geschleeft, déi hunn eis vir an hannen ëmmer gefeelt. Mir hunn ëmmer hei erëm vun deenen 3,2 Milliounen geschwat. An déi 6 Milliounen déi mer als Mindereinnahme haten, 2009/2010, déi wäerte mer och joerelaang mat eis schleefen, well bei eis ass alles just geplangt a mir hunn en enormen Nohuelbedarf nach ëmmer. A mir hunn en ambitiësen Investitiounsprogramm fir Esch, ganz einfach well d'Stad Esch dat brauch a well se dat alles vedéngt. D'Tatsaach ass awer trotzdem déi, dass vun deenen estiméierte Recetten déi mir am Budget d'lescht Joer stoen hate vun 32 Milliounen, der tatsächlech nëmme, vun deenen estiméierte Recettes extraordinaires déi mer am

Budget stoen haten, 32 Milliounen, mer der tatsächlech nëmme 11 Milliounen kritt hunn. Dat ass zum Deel och „eegeverschold“ an deem Sënn dass mer nach net all d'Recetten iwwert de Verkaf vun den Haiser op den Nonnewisen hunn, wat eréischt d'Joer de Fall ass. Dat heescht, déi hu mer misste mat eriwwe huelen. An och well déi Subsiden vum Stat, déi mer natierlech nëmme dierfen aschreiwé wa mer eng Pièce hunn oder wann et Gesetz ass, dass déi net an deem Mooss an an deem Rhythmus komme wéi mir et géingen eis erwaarden a wéi mir eis et géinge wënschen. Do musse mir heiansdo Joere waarde bis mer zum Beispill am Zesummenhang mat de Schoulen déi Recettë kréien déi eis zoustinn.

An da wéilt ech awer och, an da sinn ech ganz fäerdeg, wéilt ech awer och rappeléieren, dass mir trotz deem Emprunt dee mir ophuelen, awer eng Previsioun vu 4% vis-à-vis vun eise Recettes ordinaires musse investéiere wat eis Charges de remboursement annuelles ugeet. Dat heescht awer trotzdem, wann een e Referenzmontant vun 100.000 Euro huet, da musse mir fir déi 100.000 Euro Recetten déi mir hunn, 4.000 Euro opbrénge fir en Emprunt ze bezuelen. Dat ass awer, mengen ech, an ech muss mech ëmmer drun erënnere wat den Här Snell eng Kéier hei gesot hat viru Joere schonn, wat hien deemools geäntwert kritt huet wou hien als deemolege Schäfferotsmember an d'Stad marchéiert ass fir ze soe mir hätten net genuch Suen als Stad Esch. Do krut hie geäntwert: „Wat, Dir leit bei 3 oder bei 4%, ma Dir kënnt bis 20% goen. Dat ass nach ëmmer akzeptabel.“ Ech wéll lech rassuréieren, mir wëllen net op 20% kommen. Mir fannen dat raisonnabel 4% déi mir musse opbréngen all Joer wat eis Annuitéiten ubelaangt vun eise Gesamtrecetten. Mir fannen dat raisonnabel a mir wëlle weider eng raisonnabel Finanzpolitik bedreiwen, esou dass all déi déi soe mir wieren iwwerverschold, déi fannen einfach an där ganzer Finanzplanung an an där ganzer Dokumentatioun keng eng Pièce déi dat géing beweisen. An dofir soll ee mat de Fiéss um Buedem bleiwen a bei engem Emprunt vu 15 Milliounen, wat vill Sue sinn, mä wat awer trotzdem vis-à-vis vun eiser Situation financière eng ganz raisonnabel Démarche ass an ech mengen enger Stad wéi Esch einfach zou steet an och noutweneg ass. Esou dass ech lech géing biede mat deene Kaderbestëmmungen déi mer hei ausgewisen hunn, Är Zoustëmmung zu deem Emprunt ze ginn.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal décide par 12 voix oui, 3 voix non et 1 abstention d'autoriser le collège des bourgmestre et échevins à contracter un emprunt de 15.000.000.- €.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Huss, Knaff, Snel, Weidig et Wohlfarth. Ont voté non les conseillers Baum, Hannen et Roller. Le conseiller Jaerling s'est abstenu.

Den Här Jaerling wëll seng Abstentioun begënnen.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo. Madame Buergermeeschter, also nach eng Kéier fir kloer ze stellen, ech sinn absolut net géint en Emprunt, well ech weess dass et noutwenneg ass an ech weess och, dass ech léiwer hu mir ginn en Emprunt ophuele wéi wa mer nach eng Kéier higin a mer erhéijen d'Taxen nach eng Kéier ëm 6 Milliounen fir d'Bierger. Dann hunn ech léiwer mer huelen en Emprunt op. Mä meng Abstentioun ass an deem Sënn, och wann ech de Budget gestëmmt hunn a wann ech elo net géif fäerten, dass an där spéider Finanzpolitik déi mer hunn, eppes op d'Bierger géing zoukommen, hätt ech deem Emprunt gestëmmt och wann ech de Budget net gestëmmt hunn. Well mer stëmme jo awer och Joer fir Joer hei Saachen déi am Budget stinn, Investitiounen déi am Budget stinn, wou mer jo awer matstëmme, déi musse realiséiert ginn, och wa mer de Budget net gestëmmt hunn. Well mer genau wëssen, de Budget stëmmt een net aus politeschen Iwwerzeegungen oder aus Differenze mat de Prioritéiten déi gesat ginn. Mä an der Regel ass jo awer, géif ech bal soen, bal 90% vum Budget si Saache wou mer keen Afloss drop hunn. An déi 10%, ... Ech wëll just soen, ech wollt zur Virsicht hei mahnen fir déi zukünfteg

Politik. An ech sinn och net mat lech d'accord mat deene 4% wou Dir sot Verschëldung. Dir musst hypothetesch mat arechnen, dass wann hei bei deenen zwee Parkhauser eppes schief leeft, dass d'Gemeng déi Emprunte muss bezuelen, a wann Dir déi hypothetesch mat arechent da leie mer bei 10,8% an net bei 4%. Ech hoffen, dass dat ni geschitt an ech sinn och iwwerzeegt, dass dat ni geschitt, mä et soll een awer dat net aus den Ae verléieren. An dofir enthalen ech mech, awer net well ech géint Investitiounen sinn an och net well ech fir den Emprunt sinn. Einfach fir ze soen, hei ech hu meng Bedenken.

9. Wierpass fir all nei Wieler (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le conseiller Aly Jaerling)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt. Majo da kéinte mer direkt mam Här Jaerling virufuere bei dem Punkt 9, well mir him do d'Wuert gi fir seng Interpellatioun virzestellen iwwert de Wierpass fir all nei Wieler. Här Jaerling. Dir hutt d'Wuert.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, säit ech am Gemengerot sinn, ech mengen dat wësst Dir, war et ëmmer mäi Bestriewen, dass sech all Mënsch soll kënnen um demokratesche Prozess an eiser Gemeng bedeelegen. An ech sinn och iwwerzeegt, an ech weess dat och, dass dat net nëmme mäi Wëllen ass, mä och de Wëlle vun all deene mat deenen ech an de leschte Joeren d'Éier hat hei zesummen ze schaffen an et ass eis haut jo och nach aller Bestriewen, fir dass all Mënsch sech kann um demokratesche Prozess bedeelegen.

De 7. am Spierkel 1992 ass am Fong mam Traité vu Maastricht de Grondstee geluegt ginn, fir an d'Richtung ze goen, dass all Mënsch sech ka bei de Gemengen um demokratesche Prozess bedeelegen, nämlech do wéi d'europäesch Citoyennetéit agefouert ginn ass. Fir eben och den Auslänner d'Méiglechkeet ze gi sech an hirer Wunnngemeng kënnen als Wieler aschreiwen ze loossen an de Gemengerot vun der Escher Gemeng all Gemengerot vun der Escher Gemeng, huet sech säit dem intensiv beméit fir e Maximum vu Bierger ze motivéieren, sech um demokrateschen Developpement vun eiser Gemeng ze bedeelegen. An d'Auslännerkommissioun, déi haut glécklecherweis, och dat war scho joerelaang eng Fuerderung vu mir, Integratiounskommissioun heescht, ass legal agefouert gi fir an engem

paritéitesch besate Kader gemeinsam ze versichen all Bierger gläich ze behandelen, egal wat seng Nationalitéit ass. An d'Integratiounskommissioun vun der Escher Gemeng leescht an deem Kontext säit Joeren eng exemplaresch Aarbecht an ech kann déi Leit nëmme félicitéieren déi sech do Joer fir Joer asetzen, bënëvole asetzen, wëll ech mol soen, fir dass mer op deem Wee virukommen.

An all Joer ginn Informatiounen a Motivatiounscampagnen organiséiert vun der Integratiounskommissioun fir ebe just de Wäert vum Wahlrecht a vun der Wahlbedeelegung ervir ze hiewen. Awer och fir gemeinsam déi alldieglech Problemer vun der Bierger am Kader vun der Convivialitéit ze analyséieren an no Léisungen ze sichen. Zu Esch hate mer virun 20 Joer Traditioun, dass all neie jonke Wieler vun der Gemeng e Wierpass ausgestallt krut an engem offizielle Kader. Dat heescht, mer hate schonn eng Kéier e Wierpass. Déi Traditioun huet sech awer lues a lues verluer, well anscheinend net vill Interessen do war, se oprecht ze erhalen, mä et war net nëmme de Manquetum un Interesse vun den neie jonke Wieler déi Schold dru waren. Ech mengen et war och e Manquetum u politeschem Wëllen.

Déi Traditioun huet awer mat der Citoyenneté européenne a mat der Méiglechkeet och den Auslänner d'Wahlrecht ze ginn, menger Usicht no hir Valeur erëmfonnt. Wat mech dozou gefouert huet hei am Gemengerot virun enger dose Joeren eng Demande anzereeche fir de Wierpass anzeféieren. E Wierpass, deem zum Objektiv soll hunn den Integratiounswëlle vun den neien ageschriwwene Bierger ze valoriséieren an hinnen eng demokratesch Identitéit als Wieler ze ginn. Fir hinnen ze demonstréieren, dass mer hiren Integratiounswëlle respektéieren an honoréieren. Et huet laang gedauert bis dat konnt realiséiert ginn, mä et huet awer schlussendlech geklappt, dank dem Versteesdemech an dank wierklech dem Wëlle fir vun alle Gemengeconseilleren heibannen, fir eben all Mënsch um demokratesche Prozess ze bedeelegen. An deemools waren iwwer 600 nei Wieler an dem Opruff an der Kulturfabrik gefollegt an der Hoffnung, dass do géing hiren Integratiounswëlle géif och honoréiert ginn. Wat zum Deel och a schéine Riede geschitt ass ouni dass hinnen awer e Wierpass ausgestallt ginn ass, leedeglech eng Broschür hu se kritt mat zum Deel de Wahlmodalitéiten dran déi souwisou och schonn um offizielle Wahlziedel stinn. Déi nei

Wieler wëll ech lech soen, hu mer a Gespräicher festgehalten, sinn zum Deel onzefriden heem gaange well se sech eppes anescht erwaart haten. Se hate se effektiv erwaart, dass se géifen e Wielerpass, e perséinleche Wielerpass ausgestellt kréien, wat awer net geschitt.

Och ass de Geste fir den Integratiounswëllen ze honoréieren duerno net méi widderholl ginn an elo sti mer erëm e Joer virun de Wahlen an d'Integratiounskommissioun gëtt es net midd ëmmer erëm nei Informatiouns- a Motivatiouncampagnen an d'Weeër ze leeden, an och am Moment leeft erëm eng fir nach weider Leit an den demokratesche Prozess ze integréieren. An dat mat grousssem Erfolleg, well de Prozentsaz vun deene Leit déi sech ageschriwwen hunn, dee gëtt ëmmer méi héich. An ech mengen, mir hu souguer hei zu Esch, wann ech mech net ieren, souguer de Rekord.

Dat eenzeg wat elo nach feelt ass eng Unerkennung fir den Integratiounswëlle vun den Auslänner déi sech aschreiwten awer och fir déi jonk Lëtzebuerger déi d'Office zu Wieler ginn. Och hinne soll ee virweise wéi wichteg dass d'Bedelegung u Wahlen am demokratesche Prozess ass. Et soll all neie Wieler kloer gemaach kréien, datt si et sinn déi mat hire Stëmme mat decidéieren a wat fir eng Richtung dass et geet. Fir datt se dat ëmmer an Erënnerung behalen ass fir mech d'Ausstellung vun engem Wielerpass esou wichteg. Et ass eng demokratesch Legitimatioun vun der aktiver Bedelegung un der Demokratie, mä dat eleng geet net duer. Et misst zumindest all zwee Joer offiziell Informatiounsversammlungen ofgehalen gi mat de Bierger, fir se méi mat an de demokratesche Prozess ze integréieren an hinne endlech d'Gefill ze vermëttelen, dass si et sinn déi d'Zukunft vun eiser Gemeng bestëmmen.

Zu Diddeleng zum Beispill, ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, gouf et eemol en Zukunftskongress iwwert eng Woch laang, mat alle Bierger dee groussen Erfolleg hat, well d'Bierger selwer konnten do iwwer all politesch Sujete mat diskutéieren an och Suggestiounen erarechen an et ass Dag fir Dag en anere Sujet do ugeschnidde gi fir de Wieler am Fong d'Komplexitéit vum Gemengesgeschäft a vun der Demokratie ze erklären. Hei zu Esch hu mer och ähnlech Saachen. Mir organiséiere sozial Assisen. Elo sollen och kulturell Assisen dobäi kommen. Ech mengen,

et kann een dat och op deem Wee organiséieren andeem een demokratesch Assisen organiséiert iwwert d'Fonctionnement vun eisen Instanzen. Dat souwuel um Gemeengeplang mä och doriwwer eraus national. Egal wéi mer et nennen, egal wéi mer et organiséieren, wichteg ass, datt mer all Bierger dran abanne fir se gemeinsam drun ze bedeelegen. An nëmmen demokratesch gutt informéiert Bierger kënnen sech aktiv an intensiv um Demokratieprozess bedeelegen a wäerte fäeg si während der Dauer vun enger Legislaturperiod och nozevollzéien ob déi Versprechen agehale ginn déi bei Wahlen gemaach goufen. A wäerten och fäeg sinn ze jugéieren ob dat wat a Glanzbroschüren, wéi virun de Wahlen publizéiert gëtt, och politesch ëmsetzbar ass, fir dass se sech net einfach op blann Versprieche brauchen ze verloossen.

Dofir hunn ech déi Interventioun haut hei gemaach, fir datt mer nach Zäit genuch hunn ufanks d'nächst Joer schonn, wa méiglech schonn am Hierscht, mat Informatiounsversammlungen unzefänken, fir datt mer dann nach Zäit genuch hu fir alle neie Wieler e richtige Wielerpass ze iwwerreeche fir hinne op deem Wee eng demokratesch Wielerlegitimatioun ze ginn. An deem Sënn hunn ech och eng Motioun verfaasst déi de Schafferot opfuert op dee Wee ze goen an ech hoffen, datt jiddwereen heibanne mat mer d'accord ass, datt dat de richtige Wee ass fir den Integratiounswëllen an och fir de Wahlwëllen ze honoréieren. An och déi jonk Wieler méi onbedéngt méi op d'Wichtigkeet vun de Wahlen a vun der Demokratie ze iwwerzeegen, well och do mangelt et e bëssen un Interessen an och do mussen mer méi awirken, well si et jo awer schliesslech sinn, fir déi mer hei schaffen a well si et jo och sinn, déi an Zukunft wäerten d'Geschécker vun dëser Gemeng leeden.

Madame Buergermeeschter, ofschléissend, d'Demokratie ass eppes Absolutes an déi kann een net an Tranchë schneiden. Eng gutt Demokratie kann nëmme funktionnéiere wa mer all Mensch d'Méiglechkeet gi fir sech drun ze bedeelegen, egal vu wou dass en hierkënnt an egal wat fir eng politesch Astellung hien huet. Dofir hoffen ech, dass mer op dee Wee kënnen goen an dann nach ufanks d'nächst Joer kënnen wierklech de Leit dee Wielerpass am Fong ausstellen dee mer viru Joere schonn hei gestëmmt hunn an deen d'Leit bis elo haut nach net kritt hunn.

Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Jaerling, fir Är Interpellatioun oder dee Punkt deen Dir op den Ordre du jour setze gelooss hutt. Mir kënnen lech rassuréieren, souwuel de Schafferot wéi seng ganz aktiv Integratiounskommissioun wäerten alles dru setze fir wéi an der Vergaangenheet déi Leit déi eiser Meenung no nach net genuch an d'politescht an d'sozial Liewe vun eiser Stad Esch agebonne sinn, verstärkt anzubannen. An eiser Meenung no ass dat net just a Wahlzäiten oder Virwahlzäite wou een dat soll maachen, mä dat ass an deene ganze Méint a Joere wou een den Optrag vum Wieler kritt huet fir eng Stad ze schaffen.

Just e puer Chifferen déi lech dat verdäitlechen. Mir hate wou déi lescht Wahlen waren, déi lescht Gemengewahlen waren, hate mir 2.127 Net-Lëtzebuerger agedroe fir d'Kommunalwahlen a 563 fir d'Europawahlen. Haut wou mer iwwert ee Joer virum nächsten Termin stinn hu mer schonn 1.844 agedroe Wieler. Bon, et ass ëmmer schwéier fir eng Prognos elo ze maachen, mä wa mer elo schonn op iwwer 1.800 sinn a mer haten der d'leschte Kéier just 2.100 den Dag selwer am Réckbléck, da gesi mer dass hei gutt geschafft ginn ass. An ech wëll dofir virun allem der Kommissioun déi um Terrain ass a mat de Leit aktiv ass, eist Kompliment ausdrécke well soss hätte mer dat dote Resultat net erreecht.

Mir sinn och mat all deenen Iwwerleeungen déi Dir hei gemaach hutt fir déi Efforten do an dee richtige Kader ze setzen a fir eis all Instrumenter ze gi fir virunzekommen, komplett d'accord. Mir si just mat engem net d'accord: Et gëtt net méi e richtige Wielerpass wéi dee Wielerpass dee mir ausgestellt hunn. Et gëtt keen anert legalt Dokument wéi dat wat mir verdeelt hunn. An do wëll ech lech rappeléieren, dass mir en éischte Certificat d'électeur bei de Wahlen 2005 ausgestellt hu fir deenen neie Wieler ze ginn. Mir haten och eng grouss Zeremonie fir déi Remise ze maachen. Dat war den 19. Abrëll 2005. Mir hunn awer festgestallt, dass vill Leit der Meenung waren, dass dat dat Dokument wier wat se den Dag selwer misste mathuelen, wat awer net de Fall ass. Dat ass eng legal Prozedur déi dofir virgesinn ass. Dat kann also net dat sinn, also alles dat wat eng Gemeng mécht ass e Plus awer huet net dee legale Charakter deen Dir der Saach wëllt ënnerstellen. Mir hunn du fir dass wierklech eng

Informationsversammlung ass an och eng Méiglechkeet eng Tribün fir déi gewielte Memberen, well et war jiddwereen do, ausser et war eng vun deene Panne wéi mer hate wou mer de Gemengerot net invitéiert haten, dat war zwou oder dräi mol de Fall, fir esou Evenementer, mä am normale Fall sinn dat déi Gewielten déi do d'Geleeënheet hunn am Dialog mat deenen déi kommen, hinne Saachen ze soen, se ze informéieren awer och hinnen Informatiounen ze ginn iwwert eis Gemeng. Net nëmmen iwwert d'Wielen awer och iwwert eis Gemeng a firwat mir mengen, dass si sollte matschaffen. Mir hunn also dee ganze Certificat d'électeur réadaptéiert an den Informationsgehalt verbessert an och déi Ulafstelle méi präzis ausgewisen déi si bräichten oder déi si kéinte gebrauche, fir als Bierger un eis erun ze trieden.

Trotzdem muss een ëmmer erëm soen, dass egal wéi gutt een dat Dokument mécht, et en Dokument bleift wat e Caractère symbolique huet, wat keng Base légale huet a mir sinn dofir, wéi ech dat gesot hunn, op de Wee gaange fir net nëmmen esou e symbolesche Pass ze ginn, mä och e Support zu deem „Pass“ wou mer hinnen dann erkläert hunn, wat déi eenzel Dispositions électorales sinn a wat déi eenzel Schrëtt sinn an och ganz spezifesch d'Ulafstellen nach eng Kéier do ausgewisen.

Mir wäerten och eng Reunion oder en Happening oder wéi ëmmer Dir et wëllt nennen, en vue vun den Elections 2011 maachen, wou mer virun allem d'Leit wëllen encouragéiere sech an den Delaien ze mellen, well mir wëlle wirklech, dass jiddwereen dat Recht wat hien huet, notzt fir seng Meinung geltend ze maachen an och mat kann décidéieren d'nächst Joer wéi eng Politik hei zu Esch soll gemaach a ween déi Politik soll maachen. Dat ass ganz einfach e wesentleche Bestanddeel vun eiser Demokratie a mir hunn all nëmmen Intérêt dorunner, dass d'Leit Bescheid wëssen an dass d'Leit sech kënnen amëschen an d'Politik déi hei zu Esch gemaach gëtt. Esou dass mer dankbar si fir all Diskussioun déi doriwwe kennt an duerfir och dankbar si fir dee Punkt deen Dir, Här Jaerling, op den Ordre du jour gesat hutt.

Dann aner Wuertmeldungen. Den Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech begrëissen och de Punkt vum Här Jaerling deen hien op den

Ordre du jour gesat huet. Net déi éischte Kéier wéi hien et rappéléiert huet, fir awer och eng Diskussioun ungestoussen déi awer méi wäit erausgeet wat de symbolesche Wäert vun engem Wielerpass ugeet. Et geet nämlech ëm déi Participatioun vun eise Matbierger, Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, a wéi mer do kënnen als politesch Responsabel op de Wee goe fir e Maximum vu Leit ze bewege fir déi kënnen anzeschreiwen an d'Lëschen.

Ech wëll eng prinzipiell Ausso maachen, ech mengen do sinn d'Kollegen awer allegueren och mat mer d'accord, mir müssen um nationale Plang endlech op de Wee kommen, dass mir vun där Inscriptiounspflicht ewech kommen. Mir hunn awer ëmmer nach Bierger vun zweeter Klass, déi ëmmer nach un en Délai gebonne sinn, och wann déi Delaien zwar elo méi flexibel gestallt gi sinn, sinn dat awer ëmmer nach Leit déi müssen e Wee maachen déi de Lëtzebuerger net muss maache fir sech an eng Wielerlëscht aschreiwen ze goen. An ech denken d'politesch Parteien um nationalem Niveau mussen sech endlech zesumme rappe fir déi Inscriptiounspflicht do ofzeschaffen. Well déi Bierger déi hei wunnen a virun allem fir d'Gemengewahlen, d'Madame Buergermeeschter huet et och gesot, déi hunn e Recht an och eng Pflicht fir d'Politik oder d'Décideurs politiques mat ze bestëmmen an duerfir solle se och automatesch an d'Wielerlëscht ageschriwwen ginn.

Wat den Délai ugeet, et ass schonn ugeklungen, ech menge mir fokusséieren eis jo méi op, d'Diskussioun méi op d'Net-Lëtzebuerger, mä de Wielerpass ass fir jiddwereen. Mä Dir wësst dass den Délai fir d'Gemengewahlen nach iwwert e Joer ass. 15. Juli 2011 müssen d'Net-Lëtzebuerger sech ageschriwwen hunn an et ass fir eis hei an Esch nach ëmmer wichteg gewiescht, ... Bon d'Press freet ëmmer, wéivill Leit hätt Dir gären. Mir hätte gären e Maximum vun net-lëtzebuergesche Matbierger déi sech aschreiwen. An duerfir muss een, an dat hutt Dir richteg gesot, Här Jaerling, an d'Madame Buergermeeschter huet et och gesot, muss een op den Terrain well d'Leit kommen net bei een heihinner. An Dir wësst, dass eng Mairei, en Hôtel de Ville, dat ass schonn ëmmer fir e Bierger, wéi soll ech soen, et ass näischt Aluedendes wou ee selwer gären higeet fir en Akt ze maachen an duerfir muss ee bei d'Leit goen. Duerfir maache mer dat och als Integratiounskommissioun, dass mer mat eise Stänn an der Uelzechtstrooss,

wou Samschdes mëtten eng Partie Leit, ganz vill Leit laanscht gi fir drop opmierksam ze maachen. De Schafferot wäert och wéi hien et bei den Europawahle gemaach huet, e personaliséierte Bréif un all déi Leit schécken. Et wäerte Wielerversammlungen natierlech stattfanne wou och Dispositiounen vum Wahlggesetz wäerten erkläert ginn, well do wäerte jo och nach Ännerunge kommen. Wéi de Premierminister dat jo beim 30. Anniversaire vun der ASTI uklänge gelooss huet, komme jo och nach wat d'passivt Wahlrecht fir d'Net-Lëtzebuerger gëtt, wäerten do nach Ännerunge kommen, wat och seng Konsequenzen op d'Opstellung vun de Lëscht wäert hu fir d'Parteien. An an deem ganze Kontext si mir eis als Integratiounskommissioun, Här Jaerling, wou Dir jo och e Member sidd an lech ëmmer doriwwe Gedanke maacht, si mer do um Wee, dass mer eis gesot hu mir wëlle ganz fréi ufänken, de Leit soen, well d'Aschreiw soll och e permanenten Akt sinn. De Problem ass jo dass ëmmer nëmmen esou kuerz virun de Wahlen eng Campagne gestart gëtt, mä et muss an d'Käpp komme vun eisen net-lëtzebuergesche Matbierger, dass se sech zu all Moment kënnen hei am Biergeramt aschreiw fir déi nächst Wahlen dobäi ze sinn.

Ech wousst déi Zuel vun den 1.844 Aschreiwungen nach net. Et ass schwéier ze extrapoléieren, mä wéi gesot et ass nach e Joer Zäit. D'Campagne gëtt méi intensiv gefouert wat den Délai méi no kennt. Mä déi 1.844 Aschreiwungen dat ass schonn e positivt Zeechen. Ech kann lech nëmme soen, dass mer elo zwee Samschdeger elo an der Uelzechtstrooss stounge wou och Samschdes mëtten de Büro hei op war vun 14.00 – 18.00. Et ass jo net nëmmen, dass mir elo an der Uelzechtstrooss dann den Depliant ausdeelen an dann hunn d'Leit keng Possibilitéit. Well et muss een och un d'Leit denken déi an der Woch schaffen a vläicht net déi Méiglechkeet hunn an ech wëll lech just soen, mir hu kleng ugefaangen, well et eben nach net an de Käpp och vun den implizéierte Leit ass, well den Délai nach wäit ass. Mä mir haten an zwee Samschdeger hate mer awer scho 7 Aschreiwungen. Dat si 7 Leit méi déi sech schonn ageschriwwen hunn, ouni déi ze zielen déi elo an der Woch kommen, well se sech vun deem Depliant eben do ugesprach fillen. An ech denken, dass mer do um richtige Wee si wat d'Integratioun ugeet. Et ass net nëmmen e Recht, wann een an enger Stad wunnt politesch Décideuren dierfen ze entscheede ween dat ass, mä et ass och eng

Pflicht. An dat ass och e Problem deen een oft bei deene Leit gesäit, dass een hinnen da muss erklären, dass de Vote och obligatoire ass. Well meeschtens komme se jo och aus Länner wou se da sech aschreiwten, mä wou dann de Vote net obligatoire ass. Wat an deene Länner eng Pré-campagne fir d'Parteien duerstellt, datt se mol d'Leit mussen iwwerhaapt motivéieren fir wielen ze goen. Mä do muss een dat och hei erklären, dass de Vote obligatoire ass wat och e wichtige Message ass.

Dat Lescht ass déi Geschicht vum Wierlapp. Ech weess net wéi den Här Jaerling dat gesäit. Do huet d'Madame Buergermeeschter recht, legal hu mir keen, mir hu keng Handhab fir e Carnet, eng Carte d'électeur wéi a Frankräich ausstellen déi all Electeur muss beim Vote virweisen. Bei eis geet do d'Carte d'Identité oder de Pass duer. Ech denken awer éischter, dass Dir Här Jaerling, méi e symbolesche Wierlapp mengt. An do, dat ausstelle fannen ech och ganz wichtig, och den net-lëtzebuergeschen. Also ech hu mengem Kolleg Snel hei gesot, ech hu mäi Wierlapp och hei op der Gemeng iwwerrecht kritt vum Buergermeeschter. Dat ass awer en Akt fir wann s de 18 Joer kriss, et ass awer e symboleschen Akt dee wichtig ass, fir och ze weisen du bass awer elo e Bierger deen och de politeschen Décisiounsprozess ka beaflossen duerch deng Wahl. An duerfir, Här Jaerling, also alles wat dee symboleschen Akt do vum Wierlapp ugeet, an och natierlech d'Be-méiunge fir méi Integratioun kann ech lech nëmmen ënnerstëtzen a Merci soe fir déi Interpellatioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Da kritt den Interpellant nach eng Kéier d'Wuert.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, ech mengen den Här Codello war esou komplett wéi nach ni, dat gesäit een dass elo kee sech méi mélt. Well ech him dann och Merci soen. Ech well just soen et ass dat wat den Här Codello zum Schluss gesot huet, ass dee symbolesche Wäert vun engem Wierlapp. Dass mir kee legale Pass kënne schaffen, dat ass jo logesch wann um nationale Plang keng Beweegung kënnt, dass et an eng aner Richtung geet. Mä et ass d'Symbolik vun eppes wat mer engem Mënsch an de Grapp gi fir ze honoréieren dee Geste deen hie gemaach huet. Dat ass fir mech de Gedanken. A wat fir mech nach

wichtig ass, dat ass, Dir sot, dat ass richtig ech wouss de geneeën Datum net, den 19. Abrëll 2005, domat sot Dir jo, dass mer elo während 6 Joer laang an deem Sënn näischt gemaach hunn. An dofir ass och meng Opfuerderung ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Awer just an deem Sënn.

Aly Jaerling (Indépendant): ... fir ze soen, all zwee Joer eng Kéier dat do ze maache fir och tëschent de Wahlen, och tëschent de Wahlen ze weisen, dass mer eis awer fir den Integratiounswëlle vun de Leit interesséieren. Dass mer eis interesséieren, dass mer wellen déi Jonk motivéieren an hinnen ëmmer erëm an Erënnerung bréngen, wéi wichtig dass Wahlen sinn, an dass si et sinn déi am Fong d'Décisiounen huelen an net mir. Mir si just d'Exekutiv vum Wëlle vun de Bierger. An ech wär frou wa mer dat géifen all zwee Joer maachen an net ëmmer just virun de Wahlen, dass mer dat géife systematesch maachen. An dass mer géife soe wéi ech et gemengt hunn, och demokratesch Assise maache wou mer och de Leit am Fong systematesch mol d'Fonctionnement vun eisen Instanzen, vum Gemeengegeschäft, fir dass se verstéi wéi et fonctionnéiert. A fir dass d'Leit och keng Angscht sollen hu fir sech op der Gemeng virstelle wou ech awer och well soen, dass dat och heiandsou eng Geschicht ass vun engem positiven Empfang, an dass och nach do muss e bëssen dru geschafft ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Also, ech wollt nach eng Kéier dem Här Jaerling Merci soe fir déi doten Interpellatioun.

D'Instrument Wierlapp huet a sengem Wuert dat Wuert Wahlen. Dat heescht, dat ass en Dokument wat mer ginn en vue vu Wahlen. Wann dat dat eenzeg ass wat eng Gemeng mécht, da muss se sech schommen. Op dat eemol all Joer ass oder op dat eemol tëschent de Wahlen ass. Fir eis ass dat een Instrument vu villen Instrumenter. An dat ass eng Tribün déi mir wäerte weiderhin notzen an deem Zesammenhang. Wat mir amgaange sinn am Moment ze maachen, dat riicht sech awer elo net nëmmen un d'Net-Lëtzeburger. Mir sinn amgaangen e Konzept auszeschaffen fir déi nei Bierger a ganz regelméissegen Ofstänn ze rufen. Onofhängeg vu Wahlen oder net Wahlen. Dat hei mengen ech, ass awer de Gest fir engem e Wierlapp ze ginn en vue vun de Wahlen. Ech mengen dat brauch een

och net all 6 Méint ze maachen. Mä mir sinn der Meenung, dass d'Stad Esch aneschtens a besser soll ëmgoe mat deene Leit déi nei op Esch kommen, déi de Gest maache fir bei eis wunnen ze kommen. Entweder ware se schonn zu Esch a se kommen zréck oder si hunn anzewousch aneschtens gewunnt a si kommen op Esch. Dat ass fir eis eng flott Geleeënheet fir mat de Leit an d'Gespräch ze kommen a fir zu hinnen ze soen, elo wou Dir zu Esch wunnt, wier et och interessant wann Dir lech géingt amëschen an dat wat hei zu Esch geschitt an Är Meenung soen an och bei anere Geleeënheeten déi Meenungen artikuléieren.

Dat Konzept wat elo geschwé prett ass, dat erlaabt eis fir, mengen ech, deenen neie Bierger eis Gemeng besser virstellen an hinnen ze soe wou wat ass. Do gehéieren ënner anerem och eis Gremien dozou. Mir kënnen hinnen och déi Informatioun ginn, dass mir eng Integratiounskommissioun hu fir déi déi sech interesséieren. A mer sinn och dofir do fir hinnen déi eenzel Ulaafstellen ze nennen. Mä ech mengen awer, dass, ... Ajo eise Pacte d'intégration, effektiv, doriwwer eraus. Merci der Madame Spautz, mat där mer dat hei zesumme maache mat der Integratiounskommissioun. Dat ass d'Mise en oeuvre vum nationale Pacte d'intégration wou mer déi eenzel Pisten déi doranner ausgewise sinn, op mengen ech, eng ganz elaboréiert Aart a Weis wellen hei zu Esch notzen a wou mer och fir deen Zweck e ressortiwwergräifende Groupe de travail gemaach hunn. Well mir sinn der Meenung, dass dat all eis Aktivitéit concernéiert, souwuel de Service jeunesse wéi och de Service culture wéi och eis aner Servicer an der Gemeng. An do wäerte mer also nach Geleeënheet kréie fir och hei an de Gemengerot zréck ze komme fir Detailinformatiounen iwwert dee Plan d'action ze ginn deen aus dem Pacte d'intégration entsteet an déi deen Input deen zousätzlech nach vun der Commissioun kënnt.

Zu der Motioun. Ech hat dat d'ënescht och scho gesot bei der éischter Äntwert vum Schäfferot. Dir bedauert dass dem Wunsch vum Gemengerot e Wierlapp fir all Wierlapp anzeféieren, net Rechnung gedroe gouf. Dat ass net richtig well deem ass Rechnung gedroe ginn. Mir hunn dat gemaach a mir hunn lech och d'Datumer genannt. Dat heescht deen Tret kann natierlech do net dra bleiwen a mir sinn eigentlech och net der

Meenung, dass de Wierpass als solcht all zwee Joer soll sinn, mä mir verbannen déi Saachen an duerfir menge mer, dass ee sech hei soll op dat konzentréiere wat den Objet vun Ärer Interpellatioun war, nämlech de Wierpass als solchen ...

(Interruption)

Also, vu dass den Här Braz en als eenzege vun eis esou am Detail gelies huet, da soll hien et och soen.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech si scho frou, dass iwwerhaupt een et gelies huet.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): A dach, a dach, et gëtt alles gelies. En ass en manque.

Schäffe Félix Braz (DÉ GRÉNG): Nee, also Här Jaerling, Är Motioun ass gréisstendeels, mengen ech, an der Rei an et ass och kee Problem well se mengen ech, och dat ënnerstëtzt wat de Schäfferot gemaach huet. Wa mer eis elo doriwier net eens ginn ob dat wat mer scho gemaach hunn e Wierpass ass oder et, bon, da schwätze mer laansch-teneen. Mir mengen, d'Madame Buergermeeschter sot et schonn, mengen, mir hätten dat ageléist. Wann Dir dofir d'accord wiert, Ären Tiret deen ufänkt, "bedauert awer datt dem Wonsch" an esou weider, dass mer deen ewech huelen, well deen eiser Meenung no faktesch net richtig ass. Wann Dir d'accord wiert bei de Fuerderungen amplaz ze schreiwen, "e Wierpass fir all nei Wieler anzeféieren", ze schreiwen, „de Wierpass bäizebehalen an domatter...“. Dann dee leschten Tiret ze sträiche well mir mengen, dass mer dat all Kéiers bei där Geleeënheet gemaach hunn d'Leit ze informéieren, dat ass och net all zwee Joer mä all Joer. Mir notze jo d'Geleeënheet wann déi Leit bei eis kommen, se ze informéieren. Wann Dir d'accord sidd, also deen Tiret ze sträichen, dee leschten ze sträichen, an deen zweetleschten an deem Sënn ëmzeschreiwen, dann ass et, mengen ech, an deem Sënn an der Rei an da kéint den Escher Gemengerot hoffentlech eestëm-meg nach eng Kéier säin Appui gi fir déi Démarchen déi mer an deem dote Sënn ënnerhuelen. An et ass och flott wann dat hei zu Esch eng Konsensmatière wier. Also wann Dir domat d'accord wiert, da kënne mer se stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): A wat een awer eventuell kéint maache fir dem Här Jaerling Satisfaktioun ze ginn, vu dass dat souwisou imminent ass, eng Informatiouns-versammlung ze maachen, do wiere mer souguer bereet dat all Joer ze maache fir nei Bierger. Well mir wëllen dat wierklech net, fir eis gëtt et elo net déi eng Zorte Bierger an déi aner, do hätt ee kënne fir all Joer eng Informatiounsversammlung fir déi nei Bierger organiséiere fir si iwwert hir Rechter a Pflichten opzeklären, dat mengen ech kéint eng Ouverture sinn an déi Richtung fir awer e klengen zousätzlechen Effort ze maachen.

Dat heescht d'Motioun géing sech dann dee Moment liesen esou wéi se hei steet mat just eraus: "bedauert, dass dem Wonsch vum Gemengerot an esou weider net Rechnung gedroe gëtt", vu dass dat an där Ausso net esou ass. An dann: "de Wierpass bäizebehalen an domat" an esou weider. An dann: "all Joer eng Informatiounsversammlung mat den neie Bierger", dat heescht dat Wuert „Wieler“ géing duerch „Bierger“ ersat ginn a weinst menger all Joer oder all zwee Joer, dat ass egal.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, ech mengen ech kann domat d'accord sinn, well dat déi Informatiounsversammlung mat neie Bierger, dat ass jo en neie Moment. Dat hu mer jo elo réischt matgedeelt kritt. Voilà, also esou dass dat dobäi kënnt. Mä fir mech ass et wichteg, dass mer am Fong gemeinsam op dee Wee ginn deen am Fong den Inhalt vun der Interpellatioun seet. Dat heescht, egal iergendeng Manéier den Integrationswëllen ze honoréieren an op där anerer Säit awer och déi nei jonk Wieler an déi nei Bierger géifen do mat eranzezéien. An datt ech souguer nach géif dobäi fügen a soen, dass mer iwwert dee Jugendkommunalplang dee mer jo elo an d'Praxis ëmsetzen, och iwwert dee Wee an an deem Zesammenhang an ob d'Jugendkommissioun och kënnt déi Aufgab iwwerhuele fir sech ëm déi nei jonk Wieler ze këmmen. Dann hätt déi Kommissioun am Fong och nach eng zousätzlech speziell Aufgab fir och mat an déi Richtung mat ze schaffen. Mä also esou wéi ech et elo hei gesot hunn, kann ech domat d'accord si mat der Modifikatioun an ech géif awer och dofir Merci soen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, kënne mer dann d'Motioun an där ofgeän-nerter Versioun zur Ofstëmmung bréngen, wann ech gelift?

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal accepte à l'unanimité la motion "Wierpass fir all nei Wieler".

Le texte de la motion:

« De Gemengerot vun der Gemeng Esch,
a sénger Sëtzung vum 02. Juli 2010,
begréisst déi gudd Arbecht vun der Integratiounskommissioun am Kontext mat dem Aschreiwungen vun Nët-Lëtzebuerger fir d'Gemengewalen;
weist awer drop hinn, datt d'Beméihung fir s'ech ze integréieren och muss méi valoriséiert ginn;
begréisst dofir, datt op Wonsch vum Gemengerot schon eemol eng Wielerversammlung ofgehele gouv fir all nei Wieler;
ass nach ëmmer iwwerzeegt, dass en perséinleche Wierpass fir de neien Wieler eng Valorisation vun séngem Integrationsgeescht duerstelt an fir déi nei lëtzebuerger Wieler och d'Bedeutung vun demokratesche Walen erfirhiewt;
fënd et och wichteg, eng offiziell Walversammlung vun de Gemengeverantwortlechen mat den neien Wieler virun de Walen ze organiséieren, awer och an engem Rythmus vun zwee Joer, fir se iwwer hir Rechter a Pflichten ze informéieren an d'Wichtigkeet vun demokratesche Walen erfirzehiewen;
fuerdert dofir de Schäfferot op de Wierpass beizehaalen an domadder esouwuel den Integrationsgest ze honoréieren, esou wéi och bei den neien lëtzebuerger Wieler dem Walrecht eng besonnesch Bedeutung ze vermëttelen;
all Joer eng

Informationsversammlung mat den neien Bierger ze organiséieren, fir se iwwer hir Rechte a Pflichten opzeglären an hinnen d'Bedeutung vun de Gemengewalen an eisem demokrateschen Institutionensprozess ze vermëttelen. »

10. Interpellation de Monsieur le conseiller Aly Jaerling au sujet „Relationen tèschend dem Schäfferot an de Gemengeréit“; décision

Mir hunn dann ënner Punkt 10 nach e Punkt deen den Här Jaerling wollt op den Ordre du jour setzen an dee Punkt heescht „Relationen tèschend dem Schäfferot an dem Gemengerot“ an dann huet hien och d'Wuert fir säi Punkt virzustellen.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter, elo no all deem gudde Willen an no all deem Versteesdemech sinn ech schonn e ganz e bësse genéiert, well elo gëtt et net méi esou lëschtég, mä ech wëll awer da versichen trotzdem dat wat ech, wou mäi Problem war hei da virzebréngen. Ech kommen net derlaanscht, well ech hunn am Fong déi Interpellatioun hei gemaach well mech eng Ausso einfach déi Dir gemaach hutt, schockéiert huet, am Fong an engem Zesummenhang mam Punkt „Korrespondenz“ wou ech gefrot hu, wat fir e Courier dass am Fong dem Gemengerot zougängeg ass, well mer e Punkt „Korrespondenz“ um Ordre du jour hunn. Wat oder a wéi enger Form misste mer oder musse mer informéiert ginn iwwert d'Couriere mat de Bierger? Biergerdoléancen, a wat fir enge Forme musse mer informéiert ginn iwwert d'Doléancen an och iwwert de Courier mat den ieweschten Instanzen, wat déi eis schreiwen? Iwwer Circulair an och alles wat domat zesummen hänt? An do hutt Dir no enger Rei Erklärungen ze verstoe ginn, dass dat alles net misst esou sinn, an dass et schliesslech jo awer nach géif Trennung vun de Gewalte ginn. An dann am Fong nach déi Ausso déi mech erschreckt huet. An der Politik do gëtt et Trennung vun de Geeschter wat déi politesch Usichte betrëfft. Dat ass nozevoll-zéien. Datt et bei budgetären a politesche Prioritéite Meenungsverschiddenheeten tèschent de politeschen Acteure gëtt, ass normal. Wann een awer behaapt, tèschent dem Schäfferot an dem Gemengerot géif Trennung vun de Gewalte ginn, dat ass einfach

onakzeptabel. Wann een dann och nach, Ären Aussoen och nach no kann drop schléissen, dass och Trennung vun de Gewalten tèschent dem Schäfferot an de Bierger gëtt, dann héiert awer alles op.

Dofir ass meng Fro, wat verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten? Verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten, dass de Schäfferot dem Gemengerot net iwwer alles Rechenschaft schëlleg ass? Verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten, dass de Schäfferot de Gemengerot net muss iwwer all Circulaire vun den ieweschten Instanzen informéieren? Wéi zum Beispill déi Circulair déi am Fréijoer ëmmer erakomme vum Intérieur am Kontext op budgetären Artikelen iwwert déi méiglech Previsioun vu Recetten am Beräich vun der Gewerbesteier an dem Dotationsfong? Oder och aner Circulair déi dem Gemengerot ni zougestallt ginn an domatter eng politesch Virbereedung op Budgetdebatten oder soss Deliberatiounen prekariséieren. Oder verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten, dass Dir einfach konstruktiv Propositionen, souguer wa se aus Ären eegene Reie kommen, ze ignoréieren? Ze ignoréieren, well se vläicht vun engem Conseiller duergeluegt ginn deen lech net esou an de Krom passt, wéi zum Beispill eng Proposition fir eist internt Gemengereglement ze aktualiséieren an ze moderniséieren, wat wierklech noutwenneg ass? Oder verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten, dass Dir op Froe vun de Gemengeréit esou spët wéi méiglech äntwert an am léifste guer net géift drop äntweren? An dat net nëmme wat d'Fro vun der Opposition betrëfft, mä och d'Fro vun de Conseillere aus Ären eegene Reien. An dobäi ware mer eis jo awer hei eis eens, dass schrëftlech Froe mussen innerhalb vun engem Mount schrëftlech beäntwert ginn. Dir setzt lech awer einfach doriwwer ewech, entweder well Dir lech foutéiert oder well Dir wéinst ze vill Obligatiounen net méi déi néideg Zäit fannt fir lech serieus mat de Gemengegeschäfte ze beschäftegen.

Oder verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten och nach, dass Dir einfach net op d'Doléancé vun de Bierger braucht anzegoen an et net mol fir néideg fannt an engem vernünftegen Zäitraum op hir Schreiwe ze äntweren. Well souguer heiansdo geet dass no 7 Méint mol nach keng Reaktioun kënnst oder iwwerhaupt net drop äntwert, wat jo nach méi skandaléis ass. Oder lech souguer, esou wéi een aus dem Volleksmond héiert, oft verleugne loosst, wann d'Bierger versiche mat

lech Kontakt ze huelen? Wou leien d'Ursache vun esou engem Je m'en foutisme oder loosse mer mol einfach soe Mangel un Zäit fir d'Gemengegeschäfte serieus ze féieren. Et gëtt keng Ursach. Well fir lech an allen Domainen ze ënnerstëtze bei Äre politeschen Aarbechten, hutt Dir jo awer eng Rei zousätzlech Poste geschafen. Virop Economisten, Juristen, Urbanisten an esou weider, déi jo awer fäeg misste sinn dann hei mat Hand unzepacken an lech verschidden Aarbechten ofzehuelen. Oder eng politesch Sekretärin anzustellen, fir dem Gemengesekretär virun d'Nues ze setzen, well dee seng Aarbecht esou mécht wéi d'Gesetz et virschreift. An all déi Leit, déi Dir jo awer engagéiert hutt, well Dir lech bewosst gi sidd, dass Dir an enger Rei Domainen eventuell net kompetent genuch sidd oder einfach iwwerfuerdert sidd, mä déi awer menger Usicht no einfach onnéideg sinn déi Poste wa se net optimal agesat gi fir lech eng Rei administrativ a spezifesch Aarbecht kënnen ofzehuelen.

An och feelt et net un anere kompetente Mataarbechter, wou ëmmer erëm agestellt ginn a wou wäerten agestellt ginn déi lech ënnerstëtzen an déi och hir Aarbecht maachen, mä wou e Fortgang, dat weess ech aus interne Kreiser, vun hirer Missioun oft gebremst ginn, jo souguer blockéiert gi well de Schäfferot einfach net déi néideg Zäit hätt fir alles konkret ze verschaffen oder sech net wëll huele fir verschidden Aarbechten a vernünftegen Delaien ofzeschléissen oder weider ze leeden. Oder verstitt Dir nach ënner Trennung vun de Gewalten och nach, dass der verschidden Doléancé vun der Personaldelegatioun kënnst ignoréieren? An dass dat esou wäit ka goen dass hiren Avis dee se an enger Kommissioun ofginn, einfach net am Rapport vun der Kommissiounssitzung optaucht an domatter de Gemengerot hei muss deliberéieren ouni den Avis vun alle Concernéierte virleien ze hunn. Oder verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten och nach, dass Dir net braucht op Froen ze äntweren oder se einfach ignoréieren déi d'Conseillere lech am Verlaf vun enger Deliberatioun stellen? An dat einfach well Dir d'lescht Wuert hutt an de betroune Conseiller no der Interventioun vum Schäfferot d'Wuert net méi kritt.

Verstitt Dir ënner Trennung vun de Gewalten och nach, dass e Mataarbechter kann ouni en Disziplinverfahren, fir dat de Gemengerot zoustänneg ass, op e Poste versat gëtt deen

ënnert sengem eigentleche Grad situéiert ass? Madame Buergermeeschter, ech wëll elo net alles hei schwaarz molen, ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Nee, dat wier net gutt.

Aly Jaerling (Indépendant): Mä ech wëll lech awer, lech an dem Schäfferrot Verschid-
denes an Erënnerung ruffen.

De Gemengerot dee gëtt vun de Bierger a legale Wahle gewielt an Dir sollt ni vergiessen, dass de Gemengerot déi éischt Instanz an der Gemeng ass. De Gemengerot ass esou ze soen de kommunale Legislatuer, deen de politeschen an administrative Wee schreift deen anzuhelen ass. De Schäfferot gëtt vun enger Majoritéit am Gemengerot désignéiert an ass d'Exekutiv vum Gemengerot an net ëmgedréint wéi Dir dat heiansdo mengt. An de Schäfferot ass dem Gemengerot laut Gesetz iwwer alles Rechenschaft schëlleg an huet dofir d'Gemengeconseillere iwwer alles ze informéiere wat an der Gemeng viru sech geet. Dat souwuel a Relatiounen mat den ieweschten Instanzen am administrative Bereich a mat den Doléancé vun de Bierger. An et muss och esou sinn, datt Virschléi wéi zum Beispill Propose fir d'Gemengereglement ze reforméiere musse vum Schäfferot dem Gemengerot duergeluegt ginn. Et kann net sinn, dass wann eng Propose esou an deem Sënn kënnt, dass dann duerch iergendeng Ursach déi einfach ignoréiert ginn. An et ass och einfach net méi tolerabel, dass trotz Verspriechen, permanent Verspriechen ob Froe vun de Conseillere nach ëmmer laang nom eigentlechen Äntwertendélai geäntwert gëtt. Et kann net sinn, dass och op d'Froe vun den Doléancé vu Bierger eréischt no Méint oder iwwerhaapt net geäntwert ginn. Dir hutt Mataarbechter genuch déi lech alles preparéieren, Dir braucht ganz oft nëmmen ze ënnerschreiwen, mä dat ass lech oft schonn ze vill. An ech mengen dat muss ophéieren.

Et muss esou sinn, datt de Gemengerot iwwer all intern an extern Interventiounen vum Schäfferot a Schrëftstécker informéiert ginn. Et muss net esou sinn, datt elo alles public gemaach gëtt, mä mir hunn en interne kompetenten an deieren Informatiksystem geschafen, iwwer deen d'Conseillere permanent a schnell kënnen informéiert ginn. De Conseiller kann da selwer definéieren iwwert d'Wichtigkeet an d'Suite déi hien an enger Informatioun kritt a wat hien domat wëll

maachen. An et ergëtt kee Sënn wa mer esou eng Infrastruktur schafen a se net optimal benotzen, dann ass se einfach ze deier an ech menge mir hunn dat och souguer e bëssen aus ökologesche Grënn gemaach fir esou man wéi méiglech Pabeier ze vergeuden, mä awer schéngt et wéi wann dat Instrument net genotzt gëtt.

Mir hunn och verschidde Modalitéiten am interne Gemengereglement déi missten iwwerschaaft an aktualiséiert, respektiv moderniséiert ginn. A wa schonn e Conseiller sech d'Méi gëtt fir an deem Bereich eng exzellent Viraarbecht ze leeschten, da soll awer seng Aarbecht och respektéiert ginn an dem Gemengerot esou schnell wéi méiglech pour avis virgeluegt ginn. A se duerf net am ronnen Dossier verschwannen, nëmme well déi Persoun dem Schäfferot net an de Krom passt.

Madame Buergermeeschter, meng Interpellatioun huet net zum But elo alles schlecht ze maachen am Kontext mat de Relatiounen tëschent dem Schäfferot an dem Gemengerot, de Mataarbechter an den Escher Bierger. Mir geet et drëm hei kloer ze stelle wien an der Gemeng d'Soen huet an de Schäfferot drun ze erënneren, dass hien dem Gemengerot Rechenschaft schëlleg ass awer och vis-à-vis vu senger Mataarbechter an de Bierger Verpflichtungen huet. De Schäfferot an de Gemengerot sinn do fir de Bierger ze dingen an dat solle mer eis all permanent bewosst sinn. An dofir musse mer zesumme schaffen ouni e Gruef tëschent deenen internen Instanzen ze schafen an ouni hei den Androck ze gi wéi wann et hei eng Trennung tëschent de Gewalte gëtt, well esou gewaltig si mer jo souwisou net.

An dofir hunn ech elo eng Motioun verfaasst déi zum Zweck soll hunn, datt de Schäfferot seng Versäumnisse déi hie vis-à-vis vum Gemengerot an de Bierger huet, aus der Welt ze schafen, fir kënnen optimal am Interesse vun de Bierger ze schaffen, wou ech ofschléissend awer wëll soen, selbstverständlech dass mer hei zu 98% ëmmer gutt zesumme schaffen.

Plusieurs voix: Aaah!

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Rufft séier d'Journalisten zeréck!

Pierre-Marc Knaff (DP): An dat no all deenen Horreuren déi Dir gesot hutt?

Aly Jaerling (Indépendant): Ma nee, do kënnt Dir jo feststelle wat schrecklech Saache kënnen an 2% Versäumnisse alles dra stoen.

(Hilarités)

Ech géif mengen dat hei soll elo net e systemateschen oder permanente Virwurf sinn, mä et soll einfach en Denkestouss ginn, dass ee verschidde Saachen einfach besonnesch als Buergermeeschtesch, net ka soen a muss iwwerleeën wann een esou eppes seet, wat dat fir Konsequenze kann hunn.

Well Dir virdrun esou fein mat mir waart, war ech och elo nach fein. Ech hunn 80% vu menger Interventioun gekierzt.

Plusieurs voix: Aaah!

Aly Jaerling (Indépendant): Da kënnt Dir lech jo virstellen, wat alles nach hätt kënnen doranner geschéien an dofir wëll ech lech soen, Madame Buergermeeschter, Dir Damm an Dir Häre Schäfferot, wann ech gelift, bessert lech an da komme mer gutt virun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir wëllen dann och hei dem Interpellant Merci soen, dee ganz wäit ausgeholl huet a vill eragepackt huet an dee Punkt deen hien op den Ordre du jour gesat huet. A wat ee méi wäit aushëlt, a wat ee méi drasetzt, wat een och méi ausschwenkt. Well ech mengen tatsächlech wa mer eis erënnere wat den Ausléiser war, firwat den Här Jaerling dee Punkt op den Ordre du jour haut gesat huet, da war et dee Punkt wou mer iwwer Léiweng geschwat hunn an et war d'Tatsaach, dass mir hei, well dat huet och eng Rei vu Conseillere dozou gefouert, war d'Tatsaach dass mir en Dokument hate vun der CLC – oh, ech soen dat Beispill awer – dass mir en Dokument hate vun der CLC wat awer zu deem Zeitpunkt eis net offiziell zougedroe gi war. Mir hatten dat als Deputéierte kritt. Mir hunn et entretemps als Schäfferot kritt. Dat heescht, mir hu gemengt den Ausléiser vun där Interpellatioun wier d'Tatsaach, dass Dir dat deemools net hat an da wier d'Äntwert gewiescht: Dir hutt et net kritt well mir et nach net als Schäfferot hatten, mä nëmmen als Deputéierten.

Nichtsdestotrotz wëll ech awer dem Här Jaerling Merci soen, dass hien op enger positiver Note säi Punkt ofgeschloss huet, well ech mengen hien hat en cours de route awer eng Rei vu Saache vergiess ze soen, déi och

eng positiv Note hunn an déi mengen ech zimlech eenzeg hei an Esch esou sinn. Ech wëll lech rappeléieren, dass hei zu Esch all Conseiller, well ech weess net ob jiddwereen dat weess oder elo dorunner geduecht huet, all Conseiller bei eis säi Computer huet a seng Imprimant. Jiddwereen huet déi op d'Käschte vun der Gemeng doheem. Den Hannergrond vun där Saach ass, dass bei eis jiddwereen all déi Infoe ka kréien, an all Dag kritt, déi fir de Gemengerot do sinn. Alleguerten. Alleguerten, esou wéi et och an der Chamber de Fall ass. Dat ass mol dat éischt. Dozou gehéiert eng Mailadress.

Ech wëll och rappeléiere well mer grad hei am Gemengerot sëtzen, obligatoresch ass en Dossier deen all Gemengeconseiller ka consultéieren. Wat mir maachen ass e Vibereedungsdossier wou ee schéin opbereet mat oft Explikatiounen dobäi, en Dossier an de Grapp gedréckt kritt no enger gewësser Zäit, e puer Deeg virun dem Gemengerot, fir dass all Conseiller a kompriméierter Form déi Informatiounen kritt fir de Gemengerot. Esou dass déi meescht, déi allermeescht, et ass ganz seelen dass mol ee kënnt, sech iwwerhaupt mol net méi déplacéiere fir Asicht an den Dossier ze hunn. An ech weess elo net, Här Gemengesekretär, mä dat ass en décke Brocken all Kéiers, deen Dossier. Dat ass zimlech vill wann een all d'Detailer wëll akucken, dat ass zimlech vill. Ob alle Fall sinn dat all Informatiounen déi mir do maachen.

Elo sidd Dir jo awer der Meenung, dass dat alles nach net duergeet an dozou hu mer eis och eis Reflexiounen gemaach. Mir hunn och ganz opmierksam déi Motioun do gekuckt. Et gëtt am Gesetz eng Opdeelung tëschent Gemengerot a Schäfferot. Et gëtt eng Opdeelung tëschent Gemengerot a Schäfferot. An et sinn och kloer Kompetenze fir deen een a kloer Kompetenze fir deen aneren definéiert. An offensichtlech huet de Schäfferot aner Kompetenze wéi de Gemengerot, well et si vill Gemengerotsmemberen déi wëlle Member vum Schäfferot ginn, wat jo dann och d'nächst Joer parfaitement méiglech ass.

Wou d'Loi communale allerdéngs stomm ass, dat ass zum Sujet vun de Korrespondenzen déi an d'Gemeng erakommen. Dat ass esou. D'Loi communale prononcéiert sech do net. Wat fir eis evident ass, dat ass dass all Courier deen adresséiert ass un de Gemengerot, dee geet direkt un de Gemengerot. Un all d'Membere vum Gemengerot. Wat fir eis och

selbstverständlech ass, et awer guer net misst sinn, dat ass dass all Informatiounen déi mir kréie fir Generalversammlung vum eisen Associatiounen an Dir wësst mir hunn der vill, iwwer 300, och wa se just un de Schäfferot adresséiert sinn, gi mir se un de ganze Gemengerot. Wat mer och nach zousätzlech maachen, dat ass d'Rapporte vun alle Commissions consultatives, wou mer och net misste maachen. All Froen un de Schäfferot, all Äntweren, all Informatiounen, all Manifestatiounen, an natierlech alles dat wat un eis „en bloc“ adresséiert ass. Dat ass fir eis evident.

Da wëllt Dir awer doriwwer eraus a Richtung goen, an Dir baséiert lech op en Tiret deen Dir hei schreift an Ärem Considérant, nodeem d'Gemengeconseilleren d'Recht hunn op all Informatiounen, an de Schäfferot se misst iwwer all Courier informéiere fir datt se kënnen Asicht drop kréien an esou weider. Dat stëmmt net. Dat stëmmt net. An Dir fuerdert de Schäfferot dofir op, ee Beispill do genannt wat mer wierklech net kënnen droen, de Conseilleren all d'Doléancé vun de Bierger zougängeg ze maachen. Et sinn eng Rei vu Bierger déi dat net wënschen. Et sinn eng Rei vu Bierger, déi contrairement zu lech, eis zoudroen, dass wa se eis eng Doléance ginn oder zoudroen, dass mir dann à même si se mat eise Servicer zesummen zur Kenntnis ze huelen an hir Rechnung ze droen. Et ginn där Leit. An ech wëll lech och domatter soen, mir sinn och net 100%teg zefridden, Dir kënnt lech erënnere mir hate virun 8 oder 9 Joer souguer e „Monsieur Doléance“ hei an der Gemeng agestallt. Dat war ganz gutt gemengt, mä mir sinn nach ëmmer net 100%teg zefridde wéi mir ëmgi mat den Doléancé vun de Bierger. Do hutt Dir ganz recht. Mir sinn net 100%teg zefridden domatter. Mir stellen awer fest, well mer et alleguerten, an ech mengen Dir zum Deel och, wann Dir op Generalversammlung gitt a Quartiersveräiner, mir kréie regelméisseg ouni dass mir mol Kenntnis dovunner haten, vun eise Bierger gesot, et war fein dass Äre Service do Freides moies bei eis laanscht komm ass an eis dat an dat gemaach huet. Oder wa mer an den Interesseveräinsammlung gesot kréien, mir haten ugeruff bei deem an deem Service a mir hunn dofir och guer net geschriwwen an do war dat awer flott an d'Rei gaangen. Mir kréien als Schäfferot mol net alles vun eise Servicer gesot wou, ouni dass et iwwert de Schäfferot gefuer gëtt, d'Bierger bei hinnen uruffen. Et si vill Presidente vun de Quartiersveräiner déi dat maachen, déi

bei hinnen uruffen oder och Kontaktpersonen op der Gemeng hu wou si dann entweder laanscht kommen oder uruffen a soen, hei bei eis ass dat an dat futti an déi eis mol guer net schreiwen. Déi déi eis schreiwen, do maache mir automatesch den zoustänneg Service en copie. Dat ass schonn an eise Workflow esou ausgeriicht, déi déi eis schreiwen do ass eise Service en copie.

Mä mat wat mir nach net genuch am Grëff hunn dat ass ze gesi wou dann elo definitive Suivi war, well villes gëtt net iwwer Courier gemaach. Eis Servicer huele léiwer den Telefon a ruffen un: „Ass dat nach ëmmer wat Dir do de 17. geschriwwen hutt, ass dat nach ëmmer net an der Rei?“ an intervenéieren da ganz oft. Et sinn awer och vläicht eng Rei vu Saache wou eis Servicer denken, ma do kann awer fir d'éischt mol de Schäfferot tranchéieren an dann dauert dat ze laang oder mir vergiessen och déi eng oder aner Saach, dat kënnt natierlech och vir. An duerfir si mir nach ëmmer wierklech net zefridden domatter, mir wëllen et nach besser maachen. An dofir ass een Element wat mer wëllen opgräifen aus Ärer Motioun, déi fir eis an hirem Ganze gesinn, keng schlecht Motioun ass, wëlle mer och eng Rei vu Saachen opgräifen.

Mir sinn och net 100%teg zefridde mat deenen Delaien déi mir hu fir eise Conseilleren ze äntweren. Well mir hale se net alleguerten an. An dat gëllt haaptsächlech fir déi Froe vun lech, Här Jaerling, well ech mengen Dir sidd dee fläissegste Conseiller fir dem Schäfferot Froen ze schreiwen an et kommen der heiansdo esou vill mateneen, et kommen der heiansdo esou vill mateneen, an och fréier als Deputéierten, dass mer e bësse méi Zäit brauche fir déi eng oder déi aner ze beäntweren, well eis Servicer déi eis dat meeschtens vibereeden, well déi heiansdo och nach Saachen nosichen. An duerfir hu mer dann heiansdo méi Zäit an duerfir ass dat eendeiteg een Element vun Ärer Motioun wou Dir recht hutt.

Wou Dir och recht hutt, Här Jaerling, ass, dass dat aktuell Gemengereglement wou sech eng ganz Rei vu Leit a virun allem eisen Här Conseiller Codello, dee mengen ech mat à l'origine vun deem Ganzen ass, dee sech vill Aarbecht do gemaach huet. Dat hu mer nach ëmmer net gemaach oder nach net fäerdeg. Mir hunn en zwar prett do leien, mä mir wollte ganz einfach dass eise Jurist ausserhalb vum Schäfferot an eise Jurist am Schäfferot dat

nach eng Kéier kucken, fir einfach sécher ze sinn, dass mer näischt hu wou mer herno iergendwellech Problemer kréien, juristescher Natur wou mir à première vue näischt dobäi gesinn hunn. Mä dat ass eigentlech prett fir an eng vun deenen nächste Gemengerotssitzungen ze huelen. Et ass just nach eng Fro vun der juristescher Préifung vun deem Ganzen, mä hei ass gutt Viraarbecht gelescht ginn an do si mer eigentlech prett.

Resüméiert, ah nee, den Här Sigi-Chef, huet mech nach drop higewisen, dass mer an d'Zukunft nach d'Méiglechkeet hu fir en neie Programm deen de Sigi amgaangen ass auszeschaffen an deen heescht „Ma commune live“, hu mer d'Méiglechkeet fir Gemengerotssitzunge live op de Schiirm ze setzen, esou dass jiddwereen dat scho ka maachen. Do gëtt et anscheinend schon eng Virreidergemeng wéi ech elo grad héieren, an dat wëlle mir natierlech och maachen. Mir maachen insgesamt alles wat méiglech ass fir eis Gemengeconseillere beschtméiglech ze informéieren an d'Finanze sinn ee weidert Beispill dofir. Mä et ass awer och ee Beispill dofir, dass ëmmer nach ka besser maachen.

Esou dass mir folgend Propositionen ze maachen hätten oder nee, komm mir maachen dat hemo. Kommt mir maachen elo d'Diskussion op an da schwätze mer hemo iwwer d'Motioun.

D'Diskussion ass op. Den Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter, ech denken dass ech awer elo net erëm deen eenzege Riedner wäert sinn nom Här Jaerling. Dat hei ass en Thema wat och, Dir wäert laachen awer passionant ass de Sujet, obwuel et duerch eng vläicht eng Ausso komm ass déi getraff ginn ass, fir d'Relationen tëschent dem Schäffer- a Gemengerot dat ze diskutéieren, dat ass eppes ganz Interessantes. An et ass eigentlech esou, Här Jaerling, et gëtt keng Gewaltentrennung tëschent dem Schäffer- a Gemengerot. Et gëtt eng Kompetenzopdeelung. Mä eng Gewaltentrennung gëtt et net duerch de Fait dass déi 5 Membere vum Schäfferot weiderhi Member vum Conseil sinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gott sai Dank och.

Daniel Codello (LSAP): Jo, jo, nee, nee, ee Moment, Gott sai Dank. Passt op, fir Är Fraktioun wär et vläicht ganz positiv, well wa

mer eng Gewaltentrennung hätten, da géing fir all Member deen an de Schäfferot noréckelt en anere Conseiller vun där Lëscht Conseiller ginn an dann hätt d'LSAP 9 Conseillere plus seng Schäfferotsmembere hei setzen an déi Gréng hätten och an där, ...

(Interruption)

Wat gelift? Jo, mir hätte Problemer hei am Sall, dee misst amenagéiert ginn ënner anerem. Dat ass wouer.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Mä dann hätt de Schäfferot kee Stëmrecht heibannen an näischt anescht.

(Discussion générale)

Daniel Codello (LSAP): Jo, ech weess jo net, Dir loosst mech jo net schwätzen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dach, Dir hutt eleng d'Wuert, Här Codello, a soss keen. Mol net vum Schäfferot. Här Codello, loosst lech guer net oflenken.

Daniel Codello (LSAP): Dir gesitt et ass e passionante Sujet, deen awer Gemidder erreegt.

Esou dass et also keng Gewaltentrennung gëtt an déi Ausso déi ass ebe menger Meinung esou gemaach gi well et an der Mentalitéit ass, dass de Schäfferot den exekutive Rôle spillt wéi eng Regierung, awer Member vun deem Corps ass an och den Droit de vote huet aus deem en erauskënnt. Richteg ass, dass d'Membere vum Schäfferot vum Conseil designéiert ginn. Déi Herrschaften déi do setzen déi setzen do well se eng Majoritéit vu Conseillere hanneru sech hunn, déi déi Majoritéit do droen. Awer d'Kompetenzopdeelung tëschent Schäffer- a Gemengerot, dat ass am Gemengegesetz awer ganz kloer definéiert. Natierlech, et kann ee sech och op een Artikel begrenzen, dat ass den Artikel dass de Conseiller sech mat alles ze befaassen huet wat d'Intérêt communal ass. Dat ass ganz kloer, mä deen Artikel kann een awer och ausleeë wéi Knätschgumm.

Wat awer elo d'Geschicht, ...

(Interruption)

Oh jo, well soss géing Dir net esou oft d'Wuert kréien, dat ass richteg.

Wat awer elo eng ganz konkret Saach ass, dat ass d'Geschicht vum Courier allgemengen, ob dat elo Doléancé sinn oder net vu Bierger, also dat, do ginn ech der Madame Buergermeeschter vollkomme recht. Wann e Bierger jo wëll, dass de Conseil dee Courier kritt, dann huet dee Bierger jo dat Recht dee Courier un de Conseil ze adresséieren. Mä Courier deen exklusiv un de Schäfferot adresséiert ass, dee gehéiert och dohinner un deen deen e gericht ass. An et ginn heiansdo Saachen déi een nëmmen dem Schäfferot wëll matdeelen, well dat d'Exekutiv ass an déi och méi schnell handele ka wéi e Conseiller. Mir sinn an eise Handlungsfeld awer do och méi beschränkt wéi e Member vun enger Exekutiv. Dofir ass et richteg. An ech mengen, dass awer och dat relativ flexibel gehandhaabt gëtt, dass awer deen een oder anere Courier wou de Schäfferot gesäit, dass do kee Problem ass, dass deen dann awer och un de Conseil weidergeleet gëtt. Esou dass dat awer flexibel gehandhaabt gëtt.

Recht ginn ech lech och, Här Jaerling, mat Ärer Ausso, oder mat der Idee, dass e Gemengerot ass, ... et ass e Stadparlament. Hei setzen déi Leit déi vun de Bierger gewielt gi sinn a fir alles ze diskutéieren an ze décidéieren wat d'Intérêt communal ass. An de Gemengerot gëtt och gären a Publikatiounen als de véierte Pouvoir am Land duergestallt, mä awer ëmmer nach ënnert dem Contrôle vun der Exekutiv um nationalen Niveau.

Recht ginn ech lech och, dat Ganz ass jo eigentlech net mat der Geschicht Léiweng ugaangen. Den Här Jaerling wollt jo ënner Korrespondenz, et ass jo dee Punkt dee meeschtens vierge hei ass am Dossier. Ech hu mech elo inspiréiert bei anere Gemenge wéi déi et maachen, an do zum Beispill, Madame Buergermeeschter, et ass e Punkt deen ee sech kéint iwwerleeën, et gi Gemengen déi ënnert de Punkt Korrespondenz zum Beispill d'Rapporte vun de Syndicats intercommunaux leeën. Dir wësst jo, dass all Conseiller och dat Recht huet ze wësse wat an den interkommunale Syndikater, ...

(Interruption)

Jo, mir schwätzen elo vun, jo, mir si jo och Bierger, dat däerf een och net vergiessen, Här Braz. Dass een do kéint vläicht ënnert de Punkt Korrespondenz d'Rapporte vun de Syndicats intercommunaux leeën, wat a ville Gemengen de Fall ass, well ech denken do un

d'Oppositionsconseilleren déi net an de Syndikater vertrauede sinn an déi géingen do och déi Informatiounen kréien.

Ech weess net ob den Här Jaerling, ech hunn net alles mat kritt akustes, Dir schwätzt net ëmmer haart genuch. Ech weess net ob Dir drop agaange sidd déi, wat awer wichteg ass wou mer awer och laang hu missten diskutéieren bis mer et kritt hunn, dat ass déi Geschicht vun der Informatiséierung, dass mer elo awer op de Wee gi vun engem E-Conseil, ech mengen et ass net all Gemengerot deen esou doheem equipéiert ginn ass wéi mir an deen och elo do kann zu all Moment d'Rapporte vun de Kommissiounen eroflueden, oder sech mol nëmmen dat erausdrécke wat hie brauch, an net dass mer Owes heem kommen an Dir hutt e Pak Courier. Mir sinn um Wee, den E-Conseil ass nach net perfekt, mir hu jo do ëmmer déi eng oder aner Sitzung oder Diskussioun och mam Här Braz. Mä ech kann awer soen, dass mer eis do awer glécklech kënne schätze well et ginn awer aner Kollegen, glécklech schätzen an och op där aner Sait soen ech awer och ëmmer, dat soen ech de Kollegen och, et ass awer würdeg fir de Gemengerot vun der zweetgréisster Stad am Land, dat een awer och doheem kann iwwert alles informéiert ginn an och ka schaffen.

Da freet mech ze héieren, dass elo eist Règlement d'ordre intérieur, dat elo 20 Joer al ass, dass den 23. Abrëll hat et elo 20 Joer, dass dat elo an enger iwwerschaffter Versioun endlech kann an de Gemengerot kommen. Ech géing awer proposéieren, Madame Buergermeeschter, ier mer et op den Ordre du jour vun engem Gemengerot setzen, ech hat nämlech eng Resolution préparéiert fir e Groupe de travail an d'Liewen ze setze wou all Fraktioun awer vertrauden ass. De Règlement d'ordre intérieur ass jo awer eigentlech am Detail eist Zesummespill hei an de Sitzungen an ausserhalb vun de Sitzungen. An duerfir wier et wichteg, menger Meinung no, wann de Schäfferot awer wéilt mat op de Wee goen, dass mer haut géinge festhalen, dass e Groupe de travail ka gegrennt gi mat engem Verrieder vum Schäfferot an e Verrieder vun all Fraktioun fir iwwert de Règlement d'ordre intérieur ze kucken. Well do gëtt et awer menger Meinung no nach Gesprächsbedarf zum Beispill um Punkt wat d'Riedezeiten ugeet. Dat misste mer iergendwéi, ob mer dat wëllen definéieren oder net, an duerfir wéilt ech gäre froen ob mer dee

Groupe de travail kéinte grënnen. Ech hat souguer en Délai, dass mer eis géinge soen, hei bis Enn Oktober huet dee Groupe de travail dann eng iwwerschaffte Versioun vum Règlement d'ordre intérieur hei virleien, an dass mer deen da kënne an de Gemengerot ginn.

Wat de Rescht ugeet, Madame Buergermeeschter, gitt Dir nach eng Kéier op d'Motioun vum Här Jaerling an?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo.

Daniel Codello (LSAP): Ech wéilt just op ee kleng Punkt, deen ass vläicht pëngelech, mä et ass esou. De Gemengerot ass keng kommunal Legislativ, well mir hu kee legislative Charakter, mir stëmme keng Gesetzer of. Mir hunn e Pouvoir réglementaire. An duerfir wéilt ech den Här Jaerling froen, an deem Tiret de Gemengerot, mir kënne net déi kommunal Legislativ si well mir stëmme keng Gesetzer of. D'Legislativ ass d'Chamber. Mir sinn de Pouvoir réglementaire. Mir stëmme Reglementer of. Mir hu jo och keng Legislaturperiod an engem Gemengerot. Dat gëtt et net um Gemengenniveau. Dofir misste mer eis do nach iwwert en anert Wuert do, do misste mer eis awer nach eens ginn.

Deen Tiret, dass deemno d'Gemengeconseilleren d'Recht hunn op all Informatiounen an de Schäfferot misst se iwwert all Courier informéieren, dee géinge mer bidden deen eraus ze huelen, well dat geet jo scho mol net, dat geet einfach net. Ech mengen, ech kann och net Äre Courier deen un lech adresséiert ass, Här Jaerling dee kréien ech jo och net, deen ass un lech adresséiert. An hei gëtt spezifesch Courier un de Schäfferot adresséiert esou dass mer lech froen deen Tiret eraus ze huelen.

Bei den Opfuerderungen da beim éischten Tiret vläicht dobäi ze setzen, d'Conseilleren iwwert all Courier ze informéieren deen an der Kompetenz vum Gemengerot läit. Dat dobäi ze setzen.

An de vileschten Tiret de Conseilleren all déi Doléance vun de Bierger zougängeg ze maachen, dat ass och an eisen Aen onméiglech. An all Bierger, gleef mir et, Här Jaerling, Dir gitt awer och mol heiansdo duerch d'Uelzchtstrooss trëppelen, ech mengen all Bierger deen eng Doléance huet, esou geet et mir an de Kollege mol, dass een heiansdo méi laang Zäit brauch fir duerch d'Uelzchtstrooss

ze trëppelen, déi 800 m well d'Bierger mat hiren Doléance bei de Conseiller kommen. Dir hutt och scho gesinn, dass mer deen een oder aneren ageschriwwene Bréif och scho vu Bierger kritt hunn déi de Conseil ugeschriwwen hu fir hir Doléance do virzebréngen. Mä dass awer d'office all Doléance an all Courier un de Conseil geet, also ech mengen da misste mer awer och nach de Congé politique erëm e bëssen erhiewen, dass mer dat awer och kënne traitéieren. Mä et ass awer och net ëmmer gewënscht, an duerfir och vläicht, Här Jaerling, huet deen zweeteschten Tiret do och eraus.

A vläicht kéint dann och nach den Tiret bäikommen, dat mer e Groupe de travail grënne fir de Règlement d'ordre intérieur ze iwwerschaffen net auszeschaffen, mir hu jo e Règlement d'ordre intérieur, mä do kéinte mer en Tiret bäisetzen, dass do, wann de Schäfferot domat d'accord ass, dass dee Groupe de travail aus engem Verrieder vum Schäfferot besteet an engem Verrieder pro Fraktioun, an dass déi sech bis Enn Oktober géinge gi fir dee Règlement d'ordre intérieur auszeschaffen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt. Merci. Här Jaerling. A jo, entschëllegt, ech hat den Här Baum net gesinn. Pardon.

Marc Baum (DÉ LÉNK): Kuerz mäi Pfefferkär bäileeën. Et ass e passionante Sujet wéi den Här Codello gesot huet, et geet nämlech ëm d'demokratesch Representatioun an d'Méiglechkeet hei am Conseil als Verrieder vun den Escher Bierger kënne en connaissance de cause iwwert déi eenzel Saachen ze diskutéieren. Den Här Jaerling huet eng ganz Rëtsch Problemer opgezielt. D'Madame Buergermeeschter huet him drop geäntwert, dat et awer och eng ganz Rëtsch Avancée ginn déi net erimmt gi sinn. Béides ass mengen ech net falsch. Et ginn déi Problemer an et ginn awer och déi demokratesch Avancée wou Esch weider ass wéi aner Gemengen an der Handhabung vum Conseil.

Ech war am Fong e bëssen iwwerrascht wéi ech dunn héieren hunn, dat d'Propose sollt gemaach ginn dat de Schäfferot de Règlement interne géif iwwerschaffe mam Jurist. Ech mengen, dat grad de Règlement interne eppes misst si wat op engem breet méiglechste Konsens soll berouen. Dat heescht, ech géif dem Här Codello seng Propose wierklech ënnerstëtzen, dat mer do e Groupe de travail

maachen. All am Gemengerot vertruede politesch Parteie sollen dorunner Deel huelen a solle kënnen dorunner matschaffe fir e Pabeier ze entwéckele wat wierklech d'Unanimitéit hei am Conseil fanne kann.

Et ass vill gesot ginn och vill richtiges gesot ginn, ech wëllt just op ee klengen Aspekt nach eng Kéier hiweisen, deen am Fong eng demokratesch Avancée ass. Dat ass eisen elektronesch System dee mer hunn, de Workflow. D'Tatsaach datt mer wëllen e Paperless E-Conseil iergendwann eng Kéier entwéckelen an do si ganz gutt Démarché bis elo gemaach ginn. Just et stellt ee fest, datt se am Moment e bëssen haken. Ech ka mech drun erënneren, datt virun annerhallwem Joer war déi lescht Reunion, wou d'Gemengeréit sollten zesumme komme fir deen E-Conseil ze optimiséieren, dat heescht och déi elektronesch Vermëttlung vun Informatiounen sollt optimiséieren an dobäi ass et awer hänke bliwwen. An et ass am Fong versprach ginn, datt leschten Hierscht, leschten Hierscht sollt wierklech de Versuch gestart gi vun engem Paperless Gemengerot an dat huet bis elo net geklappt. An ech géif den zoustännige Schaffen, well et jo awer och eng Fro vun der demokratescher Handhabung froen, wou mer do dru sinn an der Fro vum E-Conseil. Et ass net virugaangen déi lescht Méint, op jidde Fall net esou virugaange wéi dat am Ufank geplangt war an ech géif mer do Explikatiounen nach wënschen.

Ech sinn och mat deem Kompromëss-Pabeier deen deen Här Codello als Motioun virgestallt huet, als Verännerung vum Här Jaerling, natierlech mat averstanen a géif dat och matstëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ganz kuerz als Reaktioun op déi Interventiounen déi komm sinn.

Also resüméiert, mir sinn dankbar fir all Suggestioun wéi mer de Flu d'information tëschent dem Schäfferrot an de Gemengerot weider kënnen verbessern, mat och all deene Pisten déi den Här Baum opgeléicht huet a mir sinn och Demandeur fir eisen eegene Fonctionnement ze verbessern an eiser Relatioun zum Bierger.

Ech wëll lech rappeléieren, dass d'Biergeramt, dat mer elo viru geschwënn 8 Joer agefouert hunn, dass dat en éischte Schratt war a Richtung vun enger Dëngschtleeschungsge-
meng déi mer awer nach ëmmer net an där

Form si wéi mir et gären hätten. Mir sinn och der Meenung, dass e gudde Conseiller nëmme gutt ka schaffe wann hien e Maximum un Informatiounen kritt. An Dir kënnt verséichert sinn, dass mer all déi Ideeën déi hei artikuliert gi sinn, mat op de Wee huele fir ze kucken a wéi wäit mer dat kënnen ëmsetzen.

Mir hunn eng interessant Proposition kritt, ech menge vum Här Codello, wat d'Rapporte vun de Syndicats intercommunaux ubelaangt, fir déi beispillsweis ënnert Punkt Korrespondenz ze huelen. Déi Informatioun déi mir kritt hunn ass, dass déi Rapporten déi mir vun de Syndikater kréien déi ginn automatesch un lech esou wéi och d'Rapporte vun de Kommissiounen. An d'Tatsaach, dass Dir der esou wéineg kritt, ass déi, dass mer der net méi kréien. Dass mer der net méi kréien. Dat heescht, fir eis ass déi doten Informatioun elo eng Opfuerderung fir déi Rapporten ze kréien a se kënnen jiddwer Conseiller zoustellen, sief et iwwert de Workflow, sief et iwwert Korrespondenz. Mir hunn der net méi. Mir hunn der net méi wéi déi déi Dir kritt. An d'Tatsaach, dass mer der net méi hunn, heescht dass dee Flu tëschent de Syndikater an de Schaffen- a Gemengeréit kee gudde Flu ass. An dowéinst wëlle mir als een Element vun där heiter Interpellatioun mat op de Wee huelen, dass déi Aarbechten déi an den interkommunale Syndikater, déi onheemlech héich finanziell Engagementen mat sech bréngen, müssen transparent un de Schäfferrot an un de Gemengerot goen. Mir hunn do nâischt ze verstopen. A mir sinn Demandeur, dass eis Memberen, wat oft Schäfferéit sinn awer net nëmmen, dass eis Memberen déi Aarbecht déi se an deene Syndicats intercommunaux maachen, no baussen droen. Iwwregens huet den Här Braz ganz richtig gesot, kann dat och all Bierger maachen, mä d'Tatsaach, dass awer déi Rapporten mol net un eis kommen, weist awer, dass et do e bëssen hippt drun, esou dass mir mat op de Wee huelen, sief et elo iwwert dee Flu interne oder iwwer Korrespondenz dat sief mol dohi gestallt, dat ass elo net dat wichtegst Element, dass mir wëllen déi Rapporten do systematesch kréien an un lech weider reechen. Do hu mir genee esou vill Intérêt dru well heiandsdo bedauere mir et selwer, dass mer net méi oft en connaissance de cause kënnen iwwert d'Aarbechten an de Syndicats intercommunaux schwätzen.

Et ass hei scho vum Här Codello drop higewise ginn, dass déi Terminologie net richtig ass an der 8. Zeil. „De Gemengerot déi kommunal Legislativ“, dat heescht dat misste mer ëmänneren, Här Jaerling. Dat schéngt mer kee Problem ze sinn. Dann och „d'Gemengeconseillere d'Recht hunn op all Informatiounen“, dat stëmmt an där Form wéi et hei formuliert ass net. Do mengen ech hu sech jo déi Nuancen hei am Laf vun der Diskussioun erausgeschiet. Da bei deenen „fuerdert op“, do kënnen mer mam Gros vun den Tireten d'accord sinn. Bei deem éischten Tiret misst een effektiv dobäi schreiwen „iwwer all Courier ze informéieren deen an hirer Kompetenz läit“. Dat ass evident. Dann „am virgeschriwwenen Délai op schréfflech Froen“, jo, mir wëllen eis besseren. Kënnen mer natierlech esou loosse. Dann „dat aktuell Gemengereglement ze aktualiséieren“, jo, et schued nâischt wann et nach eng Kéier do steet, och wann et amgaang ass ze geschéien. „Dem Gemengerot all deementsprechend Virschléi offiziell zouzestellen“, jo. Dee virleschten Tiret, nee, well dat ass net an där Form am Intérêt vun de Bierger, deen dat net onbedéngt wëll, well soss géing hien dat an enger anerer Form un eis zoukomme loosse. Deen Tiret misste mer eraushuelen. Dann, deen am Moment leschten Tiret, dee kann och stoe bleiwen, well dat ass och eis Suerg, dass mir a vernünftegen Delaien dem Bierger äntweren an et kann een et ëmmer nach besser maachen. Do hutt Dir komplett recht.

An da misste mer en Tiret dobäi huelen, et hätt ee sech zwou Formule kënnen virstellen, mir sinn awer mat engem Groupe de travail d'accord. Et hätt ee sech och kënnen virstellen, dass mer déi Versioun, déi mer am Moment fäerdeg gestallt hu mat deenen eventuelle Remarques déi nach vun eiser Säit dobäi kommen, dass een déi an där Form den eenzelne Gruppen, déi am Gemengerot vertruede sinn, hinnen zoukomme gelooss hätt an hinne gesot hätt, hei sot eis Är Remarqué bis zu engem Délai X. Mä ech mengen et kéint awer och ënnert engem Member vum Schäfferrot e Groupe de travail sinn, well et ass jo och net auszuschléissen, dass sech an deem Groupe déi eng oder déi aner Saach erausschiet déi nach als gutt Idee bäi kënnt. A vu, dass mer dat net wëllen ausschléissen, den Här Baum huet elo eng oder zwou interessant Remarques hei gemaach déi eventuell och kënnen Repercussiounen hunn op e Reglement, wëlle mer déi

Proposition unhuelen. Mir missten da just dann draschreiwene „fuerdert de Schäfferot op“ an da kéim deen Tiret dobäi „e Groupe de travail mat allen am Gemengerot vertruedenen“ – wéi muss ech dat elo nennen, dass Dir sécher sidd, dass Dir dobäi sidd, Här Jaerling – “mat alle politesche Sensibilitäten déi am Gemengerot vertruede sinn ënnert der Tutelle vum Schäfferot anzebréngen déi dann dat Dokument aviséiert an et sprochräif mécht fir am Gemengerot zur Ofstëmmung ze kommen“. Also deen Tiret, wann Dir eis do wéilt Confiance maachen, dass mir deen ausformuléieren, Här Gemengesekretär, dass mer esou een Tiret dobäi huelen, da kéint, wann den Interpellant d'accord ass, déi Motioun an der ofgeänneter Form elo zum Vote kommen.

Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech géif mengen, trotz all deem Pover dat ech hei verschoss hunn, si mer zum Schluss, wéi scho ganz esou oft, zu engem wirklech valable Konsens komm, deen eis alleguer zefridde stellt, awer deen och besonnesch zum But huet, dass am Fong déi Interpellatioun geduecht ass fir besser am Interesse vum Bierger ze schaffen a besser an de Relationen tèschent dem Gemengerot an dem Schäfferot. Ech menge mir hu mat der Interpellatioun awer dat erreecht wat mer wollten, well mer allegueren datselwecht wëllen.

Ech wëll awer eppes nach soe wat ech vergiess hu virun. Ech wëll awer och ee Service nach besonnesch ervirhiewen, dee sech an deene leschte Joere wahnsinneg verbessert huet an dat ass eisen analytische Bericht. Dass elo eis Bierger an engem wirklech vernünftegen Délai awer wirklech matgedeelt kréien wat hei am Gemengerot geschwat gëtt, an do wëll ech net verfeelen awer dem Här Girardi a senger Mataarbechterin awer häerzlech Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht déi Dir leescht, well och dat ass wirklech e fantastesche Service dee mer elo am Déngscht vum Bierger hunn, wou d'Bierger esou schnell wéi méiglech informéiert gi wat mir hei schwätzen. An dat fannen ech ganz gutt an dofir, well et och de Schäfferot war deen do déi néideg Schrëtt ënnerholl huet, heiansdo op Dränge vum de Conseillere he, wëll ech awer fir déi gutt Aarbecht awer zumindest och félicitéieren. Dat soll dann e positiven Ofschluss sinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Misst dat dann net an d'Considérante kommen, all déi positiv Saachen déi Dir elo nach gesot hutt.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Wann Dir eis do vertraut, flécke mer dat och nach dobäi.

Aly Jaerling (Indépendant): Also ech soen lech, an der Tëschenzäit trauen ech lech ... alles zou.

(Hilarités)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. Ofgeännert Versioun inklusiv deen Tiret dee vum Här Codello abruecht gouf.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la motion "Relationen tèschend dem Schäfferot an de Gemengeréit".

Le texte de la motion :

« De Gemengerot vum der Gemeng Esch,
a senger Sëtzung vum 02. Juli 2010 hält fest, datt
no den Aussoen vum der Madame Buergermeeschtesch, déi an der Gemengerotsëtzung vum 11.06.2010 soot, tèschend dem Schäfferot an dem Gemengerot géiw et eng Gewaltentrennung, an domadder de Gemeengeconseilleeën nët unbedingt all Courier zougängeg wir;
laut de gesetzleche Bestëmmungen d'Conseilleeën vum de Bierger gewielt ginn;
de Schäfferot vum de Gemeengeconseilleeën désignéiert gëtt;
de Gemengerot déi éischt Instanz an der Gemeng ass;
de Schäfferot eng Exekutiv ass vum Gemengerot, an domadder dem

Gemengerot Rechenschaft iwwer all séng Aktivitéiten duerzleeën huet;
de Schäfferot laut Gemeengegesetz an dem internen Reglement gehalten ass, an daat op Beschloss vum Gemengerot, innerhalb engem Mount op Froen vum de Conseilleeën schrëftlech ze äntwerten, daat awer réigelmässeg nët mécht;
d'Gemeengereglement misst aktualiséiert an moderniséiert ginn;
een Conseilljee sëch d'Méi gemeet huet eng dementspriedend Proposition auszuschaffen, déi dem Gemengerot awer nach nët offiziell duergeluet gouw;
et muss normal sinn datt dem Bierger séng Doléancen respektéiert ginn, an datt och op Courier vum de Bierger an engem vernünftegen Délai geäntwert gett;
fuerdert dofir de Schäfferot op d'Conseilleeën iwwer all Courier ze informéieren, déi an der Kompetenz vum Gemengerot läit, fir datt se kënnen Asiicht dran huelen, wa se daat wënschen;
am virgeschriwwenen Délai op schrëftlech Froen vum de Conseilleeën och schrëftlech ze äntwerten.
daat aktuell Gemeengereglement ze aktualiséieren an ze moderniséieren an dem Gemengerot dementspriedend Virschléi ze ënnebreeden;;
dem Gemengerot all dementspriedend Virschléi offiziell zoustellen fir eng Diskussioun kënnen doriwwer am Gemengerot ze féieren;
de Bierger, déi sech mat enger Doléance un d'Gemeng wenden, an engem vernünftegen Délai ze äntwerten ;
en Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee sech zesummesetzt aus allen politeschen Sensibilitäten an engem Verrieder vum Schäfferot fir en neien Règlement d'ordre intérieur auszuschaffen bis Enn Oktober 2010. »

11. Subsidies ordinaires 2010; décision

11. Subsidies ordinaires 2010; décision

12. Subsidies extraordinaires; décision

Gutt, mir kéimen dann zu de Punkten 11 an 12 déi ech lech en bloc virstellen, déi mir awer, wann dat de Wunsch ass, separat kënnen ofstëmmen.

Fir d'éischt sinn et d'Subsidies ordinaires. Dat sinn déi Propositionen déi eis eragereecht goufe vun den Espaces verts, Affaires culturelles, Conservatoire, Sports, Scolaire, Finances, Sociales an zum aneren d'Subsidies extraordinaires, déi eis zum engen agereecht goufen zu där Kommissioun déi mer hu fir d'Subsidies extraordinaires. Do hutt Dir d'Tabell an Ärem Dossier leien. Do kënn nach dobäi d'Indemnisation vun eise Pompjeeë fir déi

Permanence déi se 2008 gelescht hunn. An dann och déi Permanence als Chef de permanence oder Accompagnateur, dat sinn d'Indemnisationen vun deene Präsenzen déi gelescht goufen an elo verrecht goufen.

Mir hunn dann Mayors for Peace wou mer eis Memberskaart bezuelen. An ech mengen dat wier et schonn. Kënne mer déi zwee zesummen ofstëmmen? Au vote.

Conseillers présents:

Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M.

Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communale décide à l'unanimité d'accorder les subsides ordinaires pour l'exercice 2010.

Conseillers présents:

Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communale décide à l'unanimité d'accorder les subsides extraordinaires suivants:

Nom de l'association	Concerne	Montant
Sapeurs-Pompiers de la Ville	Permanence d'incendie 2007	€ 14.190,80
Sapeurs-Pompiers de la Ville	Permanence d'incendie 2009	€ 14.897,37
Mayors for Peace	Cotisation 2010	€ 400.-
Ensemble à Plectre municipal	Concert à Valladolid (Espagne)	€ 1.000.-
Biergaarbechtermusek	Uniformes, Fête Ste Barbe, AG	€ 4.000.-
Independant Little Lies	15e anniversaire	€ 4.000.-
SOS Détresse- Hellef iwer Telefon	Subside 2010	€ 250.-
Groupe Geogelli	Musical : Canterville-Story	€ 500.-
A. Anciens Laminoir Train 7 AEB	30e anniversaire	€ 350.-
Ligue lux. Sclérose en plaques	2e Journée mondiale de la SEP	€ 650.-
AS Mauve-Weiss Raemerich	30e anniversaire	€ 350.-
Lux Rollers	Subside 2010	€ 600.-
Vélo Union Esch	61e Flèche du Sud (svt convention)	€ 3.500.-

13. Crédit spécial; décision

Mir kéimen dann zum Crédit spécial ënner Punkt 13.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Jo, dat ass e Punkt wou mer net genuch Inscriptioun am Budget gemaach haten iertëmlecherweis, et ass awer e wichtige Punkt well et dorëms geet déi Kollekt vun Donnéeë kënnen weider ze féieren déi mer elo zënter Joere maachen. An et ass ganz wichteg, dass déi Kollekt vun

Donnéeën onënnerbrach ass, dass mer also en duerchgehende Monitoring kënnen maachen. Dat huet eis besonnesch vill geholfen an Zesummenaarbecht mam Santésministère fir d'Leit kënnen méi präzis ze informéieren iwwer d'méiglech Belaaschtungen déi een huet wann ee Geméis aus eegener Züchtung bestëmmten Sorten aus eegener Züchtung am Gaart géing consomméieren. Do ass virun enger Rei Joere ganz vill dréiwwe geschriwwen ginn, awer mat engem relativ graffe Griffel. An

do hu wäit méi Leit sech musse Gedanken a Suerge maache wéi et eigentlech noutwenneg ass. An nëmmen doduerch, dass mer konnten iwwert eng länger Serie vu Mesuren, dat si sougenannte Bio-Indicateuren, dat si Moossetüden an anerer, konnte mer schlussendlech déi Géigende vun Esch déi betraff sinn, wesentlech méi präzis beschreiwen an domat och enger ganzer Partie Leit Entwärnung ginn, wat awer eng positiv Saach ass. Dat geet awer nëmme wann een, wéi gesot,

14. Contrats de bail; décision

iwwer Joeren duerchgehend dee Monitoring mécht an duerfir musse mer och dëst Joer, well soss eis ganz Serie verfallen a fir näischt méi ze gebrauche sinn, musse mer dat och dëst Joer maachen. A well mer net genuch ageschriwwen haten, musse mer elo dee Kredit hei stëmmen an ech wier frou wa mer déi Aarbecht am Interêt vun eise Bierger an hirer Gesondheet weider kéinte maachen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le crédit spécial au montant de € 25.000.- pour l'étude sur le bilan de la qualité de l'air de la Ville à l'aide de bio-indicateurs.

14. Contrats de bail; décision

Mir kéimen da bei d'Madame Spautz ënner Punkt 14 fir dass si eis d'Contrats de bail presentéiert.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): 5 Contrats de bail, dat sinn nei Locatairen. De 6 – 8 sinn nei Locatioune vu Garagen déi mer um Léon Metz hunn, déi mer elo weiderginn hunn an ech bieden lech deem zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.

Everard Wohlfarth

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de bail.

15. Commissions consultatives; décision

Dann ass et schonn um Punkt 15, dat sinn eis Commissions consultatives. Bei eise Commissions consultatives ass eng Communication fir d'Commission à l'intégration wou d'Madame Ida Lispi-Galassi hir Démissioun ginn huet a wou proposéiert gëtt den Här Antonio Simeoni als Membre suppléant vun der Communauté italienne als neie Membre effectif ze huelen.

An d'LSAP huet och eng Ännerung proposéiert an zwar remplacéiert d'Madame Taina Bofferdin den Här Aloyse Steland als Membre suppléant an der Commission de la jeunesse.

A vu dass dat se allegueret sinn, géing ech proposéieren, hinnen Är Zoustëmmung ze ginn.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal procède par vote secret et approuve par 13 voix oui et 1 bulletin blanc les changements aux commissions consultatives.

16. Relevé et rôle des taxes à percevoir pour stands de taxis, 1er semestre 2010; décision

Da komme mer bei de Relevé vun eisen Taxien. Hei geet et drëm, wat mer percevéiert hu fir dat éischt Semester vum Exercice 2010 an engem Gesamtmontant vu 14.262, deem

ech lech géing bieden deenen hir Zoustëmmung ze ginn, fir dass mer se an d'Gemeengekeess kënnen aféieren.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle des taxes à percevoir pour les emplacements-taxis pour le 1er semestre 2010 au montant de € 14.262,50.

17. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): De leschte Punkt sinn d'Verkéiersreglementer. Et sinn nëmmen temporärer an ech géing lech bieden deenen och zouzestëmmen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements de la circulation.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Sou, da si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Mir gesinn eis schonn d'nächst Woch erëm, den 9. Juli, a bis dohinner loosst lech et gutt goen.

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 02 juillet 2010

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

2. Information au public des décisions de personnel.

A) Résiliation d'un contrat de travail.

Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1er septembre 2010, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Claire Foehr ép. Müller, chargée de cours au conservatoire de musique.

B) Promotion.

Carrière du technicien diplômé.

1) Promotion avec effet au 1er juillet 2010 de Monsieur Patrick Mertens, inspecteur technique (grade 11) depuis le 01.07.2007, affecté au département des travaux municipaux, aux fonctions d'inspecteur technique principal (grade 12).

C) Questions de personnel salarié.

1) Engagement à durée indéterminée d'un éducateur gradué pour les besoins du foyer de nuit « Abrisud » : Maria d'Agostino

2) Engagement à durée déterminée d'un éducateur gradué pour les besoins du foyer de nuit « Abrisud » : Valérie Jadoul

3) Engagement à durée indéterminée d'un éducateur gradué pour les besoins des structures socio-éducatives : Cindy Azenha Gonçalves

4) Renouvellement de l'engagement d'une chargée de cours du conservatoire de musique pour l'année scolaire 2010/2011.

Nom et prénom	Nombre d'heures de cours hebdomadaires
Kraus Annie	17 heures

L'intéressée est engagée sous le régime du salarié.

5) Engagement à durée indéterminée avec effet au 1er septembre 2010

d'un chargé de cours du conservatoire de musique.

Nom et prénom	Nombre d'heures de cours hebdomadaires (par rapport à 2007/2008)
Schlim Claude	21 heures

L'intéressé est engagé sous le régime du salarié.

6) Prolongation de l'engagement à temps partiel pour la période allant du 1er juillet 2010 jusqu'au 31 décembre 2010 de Madame Jessica Alfaïate, comme éducatrice diplômée sous le régime du salarié.

3. Correspondance

Il n'y a rien sous ce point.

4. Commission scolaire communale : composition et règlement interne ; décision

Jean Tonnar (LSAP) propose d'accepter la composition et le règlement interne de la commission scolaire.

(Vote)

5. Confirmation de la validité du règlement des bâtisses dans le cadre de la prorogation du délai de refonte et d'adaptation du PAG ; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) rappelle que lors de la séance de mai le Conseil communal avait voté un délai pour retravailler le PAG. Le commissaire de district demande maintenant de voter aussi une prolongation pour le règlement des bâtisses sinon celui-ci deviendrait caduc.

Aly Jaerling (Indépendant) aimerait connaître la durée de ce délai supplémentaire. Il se demande en outre pourquoi on n'a pas réussi à adapter le PAG dans les délais corrects.

Henri Hinterscheid (LSAP) explique que les gens qui ont élaboré cette loi avaient sous-estimé le travail nécessaire à l'adaptation d'un PAG. Pour le moment, une seule commune a réussi à terminer ce travail. Le Collège échevinal n'était donc pas feignant comme semble vouloir dire M. Jaerling.

(Votes)

6. Réaménagement Place de la Résistance : indemnité supplémentaire pour les trois finalistes ; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) explique que le jury du concours pour l'aménagement de la Place de la Résistance avait décidé que les trois finalistes devraient se soumettre à une deuxième phase du concours. M. Hinterscheid propose maintenant de voter une indemnité supplémentaire pour ces trois finalistes pour le travail additionnel qu'ils ont dû accomplir.

(Vote)

7. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage) ; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) propose les créations de postes suivantes :

1. un poste de rédacteur au service de l'enseignement ;

2. un employé communal de la carrière D pour le service du développement urbain et de l'expansion économique ;

3. un employé communal de la carrière C pour le service du développement urbain et de l'expansion économique ;

4. un poste d'éducateur gradué à la Maison Relais Jean Jaurès ;

5. 3 postes d'éducateur diplômé à la Maison Relais Jean Jaurès ;

6. 2 postes d'éducateur diplômé à la Ganzdagsschoul ;

7. 6 postes dans la carrière OU1 et OU2 pour la Maison Relais Jean Jaurès ;

8. un poste de cuisinier ;

9. 2 postes d'aide-cuisinier ;

10. un employé communal de la carrière C ;

Il propose en outre la modification des contrats d'engagements avec Mme Martine Mamach et avec Mme Léa Schütz.

(Notes)

8. Réalisation d'un emprunt de 15 mio € ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) souligne que le conseil communal et la commission des finances sont informés tous les trois mois de la situation financière de la commune et de l'avancement des projets. Le budget de la commune comporte chaque année un soi-disant « emprunt d'équilibre » qu'on n'a plus utilisé depuis 4 ans. Cette année-ci par contre, il faut utiliser 15 mio de l'emprunt de 19,95 mio inscrit au budget. Cet emprunt de 15 mio et d'une durée de 20 ans à taux variable sur base de l'EURIBOR sera tiré par tranches, selon les besoins. Mme Mutsch pense qu'il sera finalement utilisé dans son intégralité ce qui résultera en une charge annuelle de 9,9 mio dans les dépenses ordinaires.

Aly Jaerling (Indépendant) rappelle son étonnement lors de la présentation du budget concernant l'emprunt de 19,95 mio et met en garde contre la baisse des recettes et l'augmentation des frais de personnel.

Il aurait préféré un emprunt à taux fixe parce qu'un taux variable est dépendant de la politique des taux d'intérêt sur laquelle nous n'avons aucune influence.

M. Jaerling est convaincu qu'avec la baisse constante des recettes on devra contracter l'année prochaine un emprunt encore plus important. A cet égard, il aimerait connaître le contenu de la circulaire du Ministère de l'intérieur concernant les prévisions financières du pays.

Bien qu'il ne soit pas contre un emprunt dans l'intérêt de notre politique d'investissement, M. Jaerling s'abstiendra lors du vote parce qu'il n'y a eu aucune explication quant à la destination de cet argent. En outre, il rappelle que déjà lors de la discussion budgétaire il avait expliqué que si on inclut les garanties pour les parkings souterrains Hôtel de Ville et Brill, notre taux d'emprunt ne serait plus de 3,5% mais de 10%.

Pierre-Marc Knaff (DP) pense que l'on ne peut pas exiger du trésor public d'investir pour soutenir l'économie et se prononcer ensuite

contre la contraction d'un emprunt si besoin en est. Il soutient l'idée d'investir pour ne pas tomber de la crise financière en une crise économique.

Il faut cependant se demander si on est toujours sur la bonne voie, surtout si on constate que le personnel de la commune continue à augmenter. M. Knaff craint que ce ne soit pas le dernier emprunt à contracter pour les prochaines années et on devra donc veiller à réduire les dépenses de la commune pour pouvoir continuer à rembourser les annuités.

Concernant l'emprunt en question, il s'agit de continuer des missions d'intérêt public qui étaient inscrites au budget et son parti votera donc en faveur de ce point.

Marc Baum (Déi Lénk) ne se rallie pas aux critiques des autres orateurs. Il lui semble important de garder les investissements de la commune à un niveau élevé pour répondre ainsi à la situation économique et d'embaucher davantage de personnel pour renforcer le service public.

M. Baum est d'avis qu'une des raisons politiques du manque de recettes est l'abaissement de l'impôt commercial à Esch. Il ne voit toujours pas comment cet abaissement aurait augmenté les recettes ou l'attractivité de la ville.

Un autre problème pourquoi son parti ne peut pas voter en faveur de ce point réside dans le fait que cet emprunt est le résultat du budget annuel. Si son parti a voté contre ce budget, il ne peut évidemment pas soutenir la contraction de cet emprunt. A cet égard, il ne comprend pas comment M. Knaff peut voter en faveur de ce point et pourquoi M. Jaerling ne veut que s'abstenir.

Jean Huss (DÉI GRÉNG) souligne que son parti votera en faveur de cet emprunt qui lui semble être le signe d'une politique d'investissement offensive. En outre, même en tirant cet emprunt, le taux d'endettement de la ville restera toujours à un niveau tout à fait correct. A cet égard, il se rallie aux propos de M. Baum concernant l'importance des investissements de la commune. Il craint que la politique d'austérité unilatérale au niveau européen risque de nous mener vers une période de stagnation et de récession. Il pense même que Mme Merkel fait une politique qui rappelle celle de M. Brüning, chancelier du

Reich aux années 1930, qui, avec sa politique déflationniste, avait mené l'Allemagne vers une importante crise économique.

A l'adresse du DP, qui se veut être l'avocat des commerçants, M. Huss rappelle que ce sont toujours les commerçants les premières victimes d'un abaissement des investissements.

Paul Weidig (LSAP) est d'avis qu'il ne sert à rien de discuter du bien-fondé de l'emprunt puisque celui-ci faisait partie du budget voté en décembre. La seule chose qui reste à discuter sont les conditions du prêt. Il s'agit donc de décider si on opte pour un taux fixe ou pour un taux variable qui ont tous les deux leurs avantages et leurs désavantages. A cet égard, il ne faut pas oublier que le Ministère donne des directives plutôt strictes quant aux conditions à préférer.

Lydia Mutsch (LSAP) explique que l'augmentation de coûts du personnel est majoritairement due aux ajustements obligatoires des salaires. En outre, il y a un grand retard à combler en ce qui concerne la professionnalisation de la commune par rapport à la réforme administrative.

Le reproche, qu'elle n'aurait pas précisé les projets pour lesquels cet argent est destiné lui semble être une subtilité de langage puisque le budget donne tous les détails des projets de la ville. En outre, les conseillers ont reçus une documentation de 20 pages qui comporte tous les détails des projets en cours. Ces projets ne sont pas des projets de luxe puisque pas moins de 50% des investissements sont destinés exclusivement à la création d'écoles et d'habitations.

Concernant la question du taux de l'emprunt, Mme Mutsch explique que la circulaire du Ministère recommande aux communes d'opter pour un taux variable. Elle rappelle qu'il y a 12 ans, Esch a une seule fois opté pour un taux fixe et cet emprunt est ensuite devenu l'emprunt le plus cher de l'histoire de la commune.

Elle souligne à nouveau que le barème de distribution des recettes de l'Etat ne tient pas compte des obligations régionales de grandes villes comme Esch. En 2009/2010 la Ville a eu un moins-perçu de 6.000.000 € qui grèvera le budget pour des années à venir. Des 32mio de recettes extraordinaires estimées du budget on n'en a reçu que 11mio. Ceci est dû au fait que les maisons aux Nonnewisen ne peuvent

pas encore être vendues mais aussi parce que l'Etat tarde à virer les subsides dus à la commune.

En conclusion, Mme Mutsch est d'avis qu'un taux d'endettement de 4% reste tout à fait acceptable.

(Vote)

Aly Jaerling (Indépendant) explique qu'il s'est abstenu non pas parce qu'il est contre la contraction d'un emprunt mais parce qu'il veut inviter le Collège échevinal à la prudence concernant le taux d'endettement.

9. Wielerpass fir all nei Wieler (point mis à l'ordre du jour par Monsieur le conseiller Aly Jaerling)

Aly Jaerling (Indépendant) rappelle que depuis le traité de Maastricht, chaque Conseil communal eschois a essayé de motiver un maximum de citoyens étrangers à collaborer au développement de sa commune. A cet égard, il félicite la commission à l'intégration, qui organise chaque année des campagnes d'information pour inciter les étrangers à participer aux élections, pour son travail exemplaire.

M. Jaerling rappelle qu'il y a 20 ans, la commune distribuait déjà un carnet d'électeur aux nouveaux électeurs. Au cours des années cette tradition s'est éteinte, pas seulement par manque d'intérêt des jeunes électeurs mais aussi, selon l'avis de M. Jaerling, par manque de volonté politique. Avec le droit au vote des étrangers, ce carnet d'électeur a retrouvé maintenant toute sa valeur ce qui a mené M. Jaerling, il y a une douzaine d'années, à introduire une demande pour la réintroduction d'un carnet d'électeur afin de donner une identité démocrate aux électeurs. 600 électeurs étaient venus à la remise mais au lieu d'un carnet ils ont seulement reçu une brochure et beaucoup sont repartis insatisfaits. Cette expérience n'a pas été renouvelée.

Entretemps, la Ville d'Esch a un nombre record d'inscriptions d'étrangers dans ses listes électorales. Ce qui manque maintenant, c'est un instrument de légitimation pour les nouveaux électeurs étrangers et luxembourgeois de pouvoir participer activement à la conception d'un état démocrate. A cet égard, M. Jaerling introduit une motion pour l'introduction d'un carnet d'électeur.

Une autre idée pourrait être d'organiser à côté des assises sociales et culturelles des assises démocrates pour expliquer aux citoyens le fonctionnement de nos instances politiques, puisque seulement des citoyens bien informés peuvent juger si les partis politiques tiennent leurs promesses électorales.

Lydia Mutsch (LSAP) promet que le Collège échevinal et la commission de l'intégration continueront à impliquer davantage de citoyens dans la vie sociale et politique de la ville. Pour les dernières élections, 2.127 étrangers s'étaient inscrits pour les élections communales et 563 pour les élections européennes. A ce jour, 1.844 se sont déjà inscrits pour les prochaines élections communales.

Mme Mutsch explique à M. Jaerling qu'un carnet d'électeur ne peut pas avoir le caractère légal que M. Jaerling veut lui conférer. Elle rappelle qu'en 2005 des gens sont venus avec ce carnet dans les bureaux de votes parce qu'ils croyaient qu'ils étaient obligés de l'amener. Le carnet a alors été adapté et son contenu en informations élargi. Cela-dit, le carnet restera toujours un document à caractère symbolique.

Mme Mutsch confirme qu'il y aura aussi une réunion en vue des élections 2011 pour encourager les gens à s'inscrire dans les délais.

Daniel Codello (LSAP) est d'avis que le gouvernement devrait abolir l'obligation pour les étrangers de devoir s'inscrire dans les listes électorales au lieu d'avoir automatiquement le droit de vote.

Il explique qu'il est nécessaire d'aller aussi tôt que possible vers les gens pour les convaincre à s'inscrire dans les listes, d'organiser des stands d'informations, des réunions d'électeurs et d'envoyer des lettres d'informations aux ménages. Bien que le délai d'inscription dure jusqu'au 15 juillet 2011, la commission de l'intégration organise déjà des stands dans la rue de l'Alzette. M. Codello est d'avis que de participer aux élections n'est pas seulement un droit mais un devoir. A cet égard, il ne faut pas oublier d'expliquer aux gens qu'au Luxembourg il y a obligation de vote.

M. Codello est convaincu que M. Jaerling comprend le carnet d'électeur comme un document symbolique et soutient son idée d'introduction d'un tel carnet.

Aly Jaerling (Indépendant) se rallie aux propos de M. Codello. Il propose de prévoir une remise de ces carnets tous les deux ans et non seulement avant une élection.

Il rappelle son idée d'assises démocrates.

Lydia Mutsch (LSAP) est d'avis qu'une commune devrait avoir honte si ses efforts d'intégration se résumeraient à une distribution de carnets d'électeurs. Le Collège échevinal est donc en train d'élaborer un concept pour des réunions régulières avec les nouveaux citoyens d'Esch. Il s'agit aussi d'intégrer la mise en œuvre du pacte national d'intégration pour laquelle le collège a instauré un groupe de travail.

Concernant la motion de M. Jaerling, Mme Mutsch explique que le tiret qui stipule que le collège n'aurait pas tenu compte du désir du Conseil communal d'introduire un carnet d'électeur doit être biffé puisque le collège a bel et bien introduit un tel carnet d'électeur. En outre, Mme Mutsch ne pense pas que ce carnet devra être remis tous les deux ans.

Félix Braz (DÉI GRÉNG) ajoute que si M. Jaerling est d'accord de biffer aussi le dernier tiret, le collège peut être d'accord avec la motion.

Lydia Mutsch (LSAP) explique que le collège pourrait prévoir des réunions annuelles pour les nouveaux citoyens.

Aly Jaerling (Indépendant) est d'accord avec ces propositions.

(Vote)

10. Interpellation de Monsieur le conseiller Aly Jaerling au sujet « Relationen tëschend dem Schäffenrot an de Gemengeréit » ; décision

Aly Jaerling (Indépendant) explique qu'il a mis ce point à l'ordre du jour parce qu'il a été choqué par la réponse de Mme Mutsch au sujet du courrier destiné aux conseillers, puisqu'elle avait dit qu'il y aurait une séparation des pouvoirs entre le Collège échevinal et le Conseil communal. Il ne peut pas être d'accord avec cette opinion et craint que cela veuille aussi dire qu'il y aurait une séparation des pouvoirs entre le Collège échevinal et les citoyens. A cet égard, M. Jaerling aimerait savoir si par « séparation des pouvoirs » Mme Mutsch entend le fait que le collège n'aurait pas des comptes à rendre aux conseillers ou s'il ne devrait pas lui transmettre les circulaires

des instances supérieures ou s'il pourrait ignorer toutes propositions constructives des conseillers ou s'il aurait le droit de répondre aussi tard que possible ou même pas du tout aux questions écrites des conseillers ou s'il aurait le droit de ne pas répondre aux doléances des citoyens. M. Jaerling rappelle que certains citoyens n'ont pas reçu de réponses même 7 mois après leurs demandes et qu'il aurait même entendu que Mme Mutsch prétend parfois ne pas être au bureau quand les citoyens veulent la contacter.

M. Jaerling ne comprend pas cette attitude qui ne peut pas être due à un manque d'effectifs de la commune puisque le collège continu à embaucher des économistes, des juristes, des urbanistes, etc., et a même parachuté une secrétaire politique devant le nez du secrétaire communal. En outre, M. Jaerling dit avoir entendu que le bon travail des employés de la commune serait parfois réfréné par le fait que les échevins ne réussissent pas à terminer leur travail dans des délais raisonnables.

M. Jaerling énumère ensuite d'autres manquements du Collège échevinal, comme le fait d'ignorer les doléances de la délégation du personnel ou de ne pas inclure l'avis de cette délégation dans le rapport de la commission du personnel transféré aux conseillers, de ne pas répondre aux questions des conseillers lors des conseils communaux ou bien de muter un employé sans procédure disciplinaire préalable vers un poste d'un grade inférieur à ses capacités.

M. Jaerling rappelle que le Conseil communal est élu par les citoyens et qu'il est donc la première instance d'une commune ; il est pour ainsi dire le législateur communal qui décide de la voie politique et administrative à prendre. Le Collège échevinal est désigné par le Conseil communal, il est l'exécutif du conseil et doit lui rendre des comptes de tout ce qui se passe dans la commune. Il n'est donc pas concevable qu'une proposition d'un conseiller comme celle de réformer le règlement communal soit ignorée et il est intolérable que le collège a un tel retard pour répondre aux questions écrites des conseillers et des citoyens.

M. Jaerling est d'avis que les conseillers devraient être informés par écrit de chaque intervention interne ou externe du Collège échevinal.

Bien qu'il soit vrai que la collaboration entre le conseil et le collège fonctionne à 98%, il pense que les conseillers et les échevins pourraient collaborer encore davantage au service du citoyen. A cet égard, M. Jaerling introduit une motion.

Lydia Mutsch (LSAP) craint que M. Jaerling se soit un peu perdu dans les détails mais le remercie tout de même d'avoir terminé sur une note positive. Il a quand même oublié de mentionner une partie de choses positives, comme le fait que chaque conseiller a reçu un ordinateur et une imprimante avec accès au site intranet de la commune pour recevoir à chaque instant toutes les informations nécessaires et le fait que chaque conseiller reçoit avant chaque séance du Conseil communal un gros dossier pour pouvoir se préparer aux discussions.

Mme Mutsch explique qu'il y a une différence claire et nette entre le Collège échevinal et le Conseil communal aussi en ce qui concerne leurs compétences. La loi communale ne se prononce cependant pas au sujet de la correspondance soulevé par M. Jaerling. Mais il est évident que chaque conseiller reçoit les lettres expressément adressées au Conseil communal. En outre, chaque conseiller reçoit les invitations des associations de la ville, les rapports des commissions consultatives ainsi que toutes les questions au Collège échevinal et les réponses y afférentes.

Il n'est cependant pas vrai que les conseillers auraient le droit de recevoir une copie de tous les courriers envoyés à la commune. Ceci est vrai aussi pour les doléances des citoyens parce que ces gens ne sont pas forcément d'accord avec l'idée que leurs lettres peuvent être consultées par une autre personne que celle à laquelle ils les ont adressées. Il est cependant vrai que le suivi des doléances n'est pas à 100% satisfaisant et que parfois la prise de décision du collège dure trop longtemps. Mais il ne faut pas oublier que beaucoup de personnes n'envoient pas de lettre au collège pour lui faire part de leurs doléances mais téléphonent directement au service concerné qui s'en occupe alors.

Mme Mutsch accepte le reproche de M. Jaerling concernant les délais parfois exagérés pour les réponses aux questions écrites des conseillers, mais elle explique que parfois ces questions, qui proviennent surtout de M. Jaerling, parviennent à la commune en un tel grand nombre que les services, qui doivent

d'abord se documenter, ont parfois des problèmes à préparer une réponse dans les bons délais.

Concernant le nouveau règlement d'ordre intérieur, Mme Mutsch explique que celui-ci est prêt à être présenté lors d'une prochaine séance du Conseil communal mais qu'il va d'abord être examiné par nos 2 juristes.

Elle ajoute que dorénavant on aura la possibilité de diffuser les séances du Conseil communal en direct par le programme « Ma commune live ».

Daniel Codello (LSAP) explique à M. Jaerling qu'il ne peut pas avoir de séparation de pouvoirs entre le Collège échevinal et le Conseil communal puisque les échevins restent toujours membres du conseil, mais qu'il y a par contre une répartition des compétences entre échevins et conseillers.

Il se rallie aux propos de Mme Mutsch concernant le courrier des citoyens.

M. Codello propose d'utiliser le point « Correspondance » de l'ordre du jour, qui est normalement vierge, pour présenter les rapports des syndicats intercommunaux.

Il loue les avantages de l'E-Conseil instauré par le Collège échevinal.

M. Codello se réjouit de l'annonce que le nouveau règlement d'intérieur est presque prêt mais il propose d'instaurer d'abord un groupe de travail avec des membres de chaque fraction pour en discuter avant de le présenter au conseil.

Il explique à M. Jaerling que le Conseil communal n'est pas « le législateur communal » puisqu'il n'a pas de caractère législatif mais un pouvoir réglementaire. Cet alinéa de sa motion devrait donc être changé. On devrait en outre biffer les tirets qui stipulent que le collège devrait transférer tout courrier et toutes les doléances des citoyens aux conseillers puisque ceci n'est pas praticable. Finalement, M. Codello propose d'ajouter un tiret concernant l'instauration d'un groupe de travail pour retravailler le règlement d'ordre intérieur.

Marc Baum (Déi Lénk) pense que de M. Jaerling a raison avec certaines de ses critiques mais pense aussi que les réponses de Mme Mutsch ne sont pas fausses non plus.

Il se rallie aux propos de M. Codello concernant le groupe de travail pour le règlement interne.

M. Baum se réjouit de l'installation du système de l'E-Conseil mais il craint que maintenant cela n'avance plus vraiment. Il attend toujours le lancement du Conseil communal sans papier.

Il est d'accord avec les amendements de M. Codello à la motion de M. Jaerling.

Lydia Mutsch (LSAP) remercie tous les orateurs pour leurs bonnes propositions.

Elle rappelle que l'introduction du Biergeramt était un premier pas vers une commune prestataire de services.

Concernant l'idée de transférer aux conseillers les rapports des syndicats intercommunaux, Mme Mutsch explique que les conseillers reçoivent déjà tous ces rapports et que le problème est plutôt que les communes ne reçoivent pas assez de rapports de la part des syndicats. Elle promet d'intervenir à cet égard auprès des différents syndicats.

Mme Mutsch se rallie aux propositions d'amendements de M. Codello.

Aly Jaerling (Indépendant) se réjouit du fait que, comme toujours, le Conseil communal a trouvé un consensus qui donne satisfaction à tout un chacun.

Finalement, M. Jaerling loue l'amélioration au cours des dernières années du rapport analytique et remercie le service en question pour son bon travail.

(Vote)

11. Subsidies ordinaires 2010 ; décision

12. Subsidies extraordinaires ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) présente les subsidies ordinaires et extraordinaires.

(Votes)

13. Crédit spécial ; décision

Félix Braz (DÉI GRÉNG) propose un crédit spécial de 25.000.- € pour continuer une étude de la qualité de l'air à l'aide de bio-indicateurs.

(Vote)

14. Contrats de bail ; décision

Vera Spautz (LSAP) présente les contrats de bail.

(Vote)

15. Commissions consultatives ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'accepter les changements aux commissions consultatives.

(Vote)

16. Relevé et rôle des taxes à percevoir pour stands de taxis, 1er semestre 2010 ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'accepter la somme de 14.262,50 €.

(Vote)

17. Règlements de la circulation ; confirmation et décision

Félix Braz (DÉI GRÉNG) présente les règlements de la circulation.

(Vote)

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Conseillers absents:

Mme Jeanne Becker – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	59
3. Correspondance	59
4. Organisation scolaire 2010/11: décision	59
5. Crédit spécial; décision	74
6. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	69
7. Conservatoire de musique: Organisation scolaire provisoire 2010/11; décision	70
8. Etats des restants à revouvrer de l'exercice 2009; décision	71
9. Questions de personnel (création et suppression de poste; réduction et prolongation de stage); décision	71
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 9 juillet 2010	75



Sitzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 09. Juli 2010

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Sou, da kënne mer mat eiser ëffentlecher Sitzung ufänken. Wéi all Kéiers wa mer e Huis clos hate fir d'Personalfroe ginn d'Décsiounen déi mer geholl hunn der Press zougestallt .

A) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Maria D'AGOSTINO. Le conseil communal avait confié, lors de sa séance du 2 juillet 2010, un poste d'éducatrice graduée auprès du Foyer de nuit ABRISUD à l'intéressée.

2) Résiliation, sur sa demande, du contrat d'engagement conclu pour une durée déterminée avec Madame Valérie JADOUL. Le conseil communal avait confié, lors de sa séance du 2 juillet 2010, un poste d'éducatrice graduée auprès du Foyer de nuit ABRISUD à l'intéressée.

B) Question de personnel salarié. Prolongation de l'engagement à plein temps pour la période allant du 15 juillet 2010 jusqu'au 14 juillet 2011 de Madame Emilie Rocha, comme employé de bureau sous le régime du salarié. Le nouveau titulaire qui est détenteur d'un CATP d'employé de bureau, division secrétariat, sera appelé à effectuer divers remplacements.

3. Correspondance

A mir kënnen dann, vu dass mer keng Kommunikatioun ënnert dem Volet Korrespondenz hunn, direkt zur Organisation scolaire iwwergoen. Ech wëll lech awer rappeléieren, dass mer nach Ajouten zum Ordre du jour hunn an dat ass de Conservatoire de musique, d'Restanten an nach Personalfroen ënner Punkt 9.

4. Organisation scolaire 2010/11: décision

Esou dass mer dann elo direkt géingen ufänke mat der Organisation scolaire an do geet d'Wuert natierlech un de Schoulschäffen, den Här Tonnar.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt lech e puer Wieder soen: Grondschoul, Ecole fondamentale, dat versti mer nach, Comité d'école, Teamteaching, Socle de compétence, Contingent an esou weider. Wann Dir domatter d'Flemm nach net hutt, da kënnt ech weiderfuere well dat do war Buschtawenzopp vum leschte Joer mat där d'Schoulkommissioun an de ganze Bureau scolaire sech erëmgeklappt huet a wat wierkech keng einfach Aarbecht war a wat och an den nächste Méint a Joere keng einfach Aarbecht wäert sinn. Au fur et à mesure vum Joer hu mer verschidden Texter gestëmmt fir eis ze adaptéiere mam neie Schoulgesetz. Mä op jidde Fall, wa mer dat Schouljoer gutt iwwert d'Bühn kritt hunn a wa mer dat net gutt préparéiert hunn, dann ass dat awer uniquement de Mérite vu menge Servicer déi impeccabel geschafft hunn. An ech wëll do just un éischter Stell de René Thom ernimmen, deen huet dat zwar net gär, mä ech maachen dat awer, dee mat senger ganzer Equipe ëmmer disponibel ass a war an deen och an Zukunft dat wäert maachen an ech géif hie bidden dem Rescht vun der Equipe e ganz, ganz grouse Merci vun eis alleguerten ze soen.

Wat d'Schoulorganisatioun 2010/11 ugeet, do ass et esou, dass Dir e ganz Dokument vu 50 Säite virleien hutt. Dat ass déi ganz Schoulorganisatioun. Ech huelen dat elo net hei duerch. Wann Dir Froen hutt herno, wäert ech et beäntweren. Ech wollt just op e puer spezifesch Punkten agoen déi entweder nei sinn oder fir Esch speziell sinn oder vun engem extraen Intérêt. An da ginn ech lech och d'Zuelen, dat heescht déi Zuelen déi mer haut kennen déi sollen de 15. September sinn. Mir wëssen dass do ëmmer nouveaux arrivants kommen, an dass déi Zuelen nach licht ännere wäerten. D'Press kritt déi och verdeelt déi Zuele wéi se haut um 9. Juli eis virleien.

Fir d'éischt mol mat der Schoulorganisatioun wësst Dir, dass mer, dat brauch ech lech net ze soen, mer sinn elo an der Mëtt vun engem Cycle, esou dass ech och net ka soe wéi gutt

oder wéi schlecht dat evoluéiert. Mä vu dass kee méi schlecht schafft wäert dat jo da mat Bommeresultater sinn a souguer zu Esch wäert 100% vun de Kanner packen. Ob dat déi ideal Léisung ass, déi loossen ech elo mol opstoen. Mä op jidde Fall gëtt a Cycle geschafft an et gëtt an Entitéite geschafft. Mir hunn hei zu Esch 7 Entitéiten. Déi gréisst dat ass de Brill, mer hunn de Brouch, mer hu Lalléng, mer hunn d'Groussgaass, mer hunn d'Dellhéicht a mer hunn den Ale Lycée a mer hunn de Jean Jaurès. Dat sinn déi 7 Entitéiten. Eng Spezifizitéit dovunner ass, dass déi 7 Entitéite mussen déi 4 Cycle vu vir bis hannen hunn. Dat heescht et geet vum 1. Cycle un an et hält dann, wat fréier d'6. Schouljoer war, op, an eng ganz Entitéit muss och déi 4 Cycle kënnen representéieren. Dat heescht d'Kanner kënnen an déi 4 Cycle goen.

Dann hu mer an all deenen Entitéiten e President an e Comité d'école. Dir fannt och an Ärem Dokument déi Nimm vun deene 7 Présidents d'école an déi Nimm vun all de Memberen. Dat ass opgedeelt tëschent Elterememberen an tëschent Enseignants-memberen. Déi Presidenten, déi jo och do op engem ganz neien Terrain sinn, hunn eng ganz gutt Aarbecht gemaach zesumme mat eisem Schoulservice an ech kann och deene Presidenten nëmme Merci soen. Si sinn eng Ulaftstell, souwuel Kontaktperson fir d'Elteren, si mussen d'schoulesch an d'pedagogesch Problemer versichen ze léisen. Si halen awer och nach hir Schoul, si hunn zwar Déchargen, mä si schaffen zesumme mam Büro vun der Schoulkommissioun a vum Service scolaire. All President ass vu mir mat engem Büro équipéiert ginn deen e Laptop huet, en Telefon, e Fax an d'Gemeng huet och jiddwerengem e GSM zur Verfügung gestallt. A si gi bei hirer Aufgab ënnerstëtzt vum Comité d'école a wéi gesot vum Büro vun der Schoulkommissioun a vum Service scolaire.

Wat och nei ass, de Budget vun all Entitéit gëtt géréiert vun deem President. Dat heescht dee kritt de Budget, dee muss notament sech këmmere ëm de Budget fir d'Ausflich, hie muss sech këmmere ëm d'Acquisitioun vun de Bicher, wat also eng ganz nei Evolutioun hei an eisem Schoulwiesen ass, wat net méi ass wéi et fréier war.

Nei och, wat interessant ass, dass de Précoce well am Cycle 1 integréiert ass. Dat heescht an der fréierer Spillschoul hu mer och elo d'Précocekaner. Dat eenzeg wat nach ass,

d'Spillschoul ass obligatoire awer de Précoce ass net obligatoire. D'Idee ass dass se vun deene méi groussen, vum 1. an 2. Spillschoul also Cycle 1.1 a Cycle 1.2, e bësse sollen encadréiert ginn an op déi Manéier méi séier oder méi einfach oder besser evoluéieren. Esch huet iwwerall e Précoce installéiert. Mir hunn am Fong ee pro Entitéit. Um Brill hu mer der zwee an um Jean Jaurès hu mer der och zwee. Ech kommen herno dorop zréck well mer eng traditionell Entitéit am Jean Jaurès nach hu mat Spillschoulen.

Dann de grouse Fait nouveau fir Esch dëst Joer, mir hunn an der Ganzdagsschoul e Cycle 1, fänkt dës Kéier un. Dat ass nei. Dat heescht mat Précoce a mat Spillschoul éischt an d'zweet Joer. Dir wësst, dass mer bis elo dat nach an der Ganzdagsschoul net haten. Mir haten nëmmen e Cycle 2 an e Cycle 3 an e Cycle 4 a mer hunn da vun dësem Hierscht un, dat ass eng vun de groussen Neiegkeeten oder Neierungen, maache mer dann och de Cycle 1 mam Précoce an der Ganzdagsschoul.

Ech wollt hei eng Remarque maachen, Dir hutt wahrscheinlech, wéi ech, ganz vill an der Lescht um Radio héieren iwwert déi berühmte Schoul „Eis Schoul“. An do gëtt ganz vill driwwer geschwat, dass dat problematesch wier no engem Joer schonn. Ech hu guer net méi héieren dass et och nach eng Ganzdagsschoul soss anzwousch gëtt, wéi zu Esch zum Beispill. A wann ech dann héiere firwat et problematesch wier, da sinn ech nach méi erstaunt. Well et heescht et wier ze séier ugaangen, et hätt missten am éischte Cycle ugoen an dann erop geschafft gi bis de véierten, no an no. An dat wier elo net gutt gemaach ginn an déi eng hunn eng Depressioun, déi aner huelen e Congé sans solde an déi aner démissionéieren. Da wëllt ech awer de Press soen, zu Esch huet d'Ganzdagsschoul mat alle Cyclen, ausser der Spillschoul, ugefaangen. Dat heescht d'Problematik war déiselwecht, mer hate grouss Kanner, vun 11 – 12, mir hu problematesch Kanner, an déi Schoul huet awer iwwerlief an et gëtt se, a wéi ech elo grad gesot hunn, gëtt se elo och nach erweiert da vun ënnen erop wat mer bis elo net haten. Mä et ass keng riets dass do gesot ginn ass, mer missten nei evaluéieren a mer missten dat kucken. Dat huet perfekt geklappt an ech wëll duerfir deenen Enseignanten e ganz grouse Merci soen déi dat elo zënter dräi Joer maachen, wou et leeft. An ech profitéieren dann och an deem Zesum-

menhang, eise ganzen Escher Enseignanten e ganz, ganz grouse Merci ze soen, well mer wëssen all, an ech ginn net all Joer dorop an, wéi schwéier et ass a wéi schwéier et ëmmer méi gëtt fir mat de Kanner iwwert d'Ronnen ze kommen. D'Kanner kréien all Zorte vun ëmmer anere Problemer, et ass net nëmme méi Enseignement, et ass och Educatioun, et ass Schoul vu moies bis owes. D'Enseignanten hu ganz aner Tächë kritt wéi se fréier haten. D'Gemeng huet aner Tächë kritt. Et si Maisons Relais déi mer mussen installéieren, wat immens Problemer mat sech bréngt. Éischtens Plazproblemer wou mer déi Maisons Relais installéieren. Ech menge mir hunn déi Problemer ganz gutt geléist. Et si finanziell Problemer. Dir hutt gesinn, wéi vill Educateuren d'Gemeng agestellt huet. Dir gesitt, wéi vill Käch d'Gemeng agestellt huet an nach astellt. E Samschdeg waren nach Plazen ausgeschriwwen, well mer awer och deene Kanner wëllen eng Chance ginn, en à peu près gutt lessen oder e ganz gutt lessen ze kréie wa se schonn net Geleeënheet hu mëttes doheem oder vläicht d'Chance hunn net mussen doheem ze iessen an an engem gudden a flotten Environnement dat ze maachen. An duerfir wollt ech allen Enseignanten op dëser Plaz e ganz, ganz grouse Merci vun der Escher Gemeng ginn. Et kann ee soen et sinn net méi eis Enseignanten, mä ech wëll awer do soen, dass et an eisen Aen nach ëmmer eis Enseignante sinn an et wäerten och eis Enseignante bleiwen. An ech wëll nëmme soen, dëst Joer op eiser Chrëschtfeier waren esou vill Enseignante wéi ech nach kee Joer gesinn hunn an ech mengen dat weist och, dass eis Escher Enseignante wëlle weisen, dass si nach zu eis stinn an dass si zu eis halen.

Mer gesinn och herno, wa mer d'Lescht kucke vun deenen déi fort ginn a vun deenen déi nei bäi kommen, leider hutt Dir gesi beim Punkt 2, dass mer déi nach net kënnen stëmmen, de Ministère hat gesot mir kréichen déi zweet Lëscht fir gëschter Owend. Elo huet et geheescht mir kréiche se fir 10 Auer. Déi Lëscht ass nach net fäerdeg, da waarde mer nach drop, mä ech weess perséinlech, dass der ganz vill sech gemellt hunn, Brevetéierter, déi gepackt hunn an déi klasséiert gi sinn an déi 250 éischt. Well déi aner déi gepackt hunn, déi kënnen erëm vu vir ufänken. De Ministère hält der just 250 an déi aner sinn am Fong näischt, déi kommen herno hannert eis Chargéen am Klassement. An déi jonk Leit

sinn de Moment ganz schlecht dru well se am Fong hir Schoul gepackt hunn awer domatter net assuréiert sinn eng Plaz ze fannen.

E puer aner Punkten déi ech wëll uschneiden. Ech hat deen ee Punkt schonn d'lescht Joer gesot. Déi Projeten Educonnect, dat ass deen Tableau numérique, mir hunn deen nach net an d'Realitéit gesat, well mer waarden, et kënnt en neien nach méi performante Modell eraus, dee wäert disponibel sinn an dësem Schouljoer 2010/11. Et geet drëm, dass den Enseignant e groussen Tableau viru sech huet, wou hien da mat Touchscreen dréckt a wou all Kand säi Laptop a kann äntwere wann hie gefrot gëtt, eleng oder wann d'ganz Klass gefrot gëtt. Dann dréckt jiddweree seng Äntwert an, an déi Äntwerte kommen dann als richtig oder falsch, an den Enseignant muss natierlech forméiert gi fir mat esou engem sophistikéierten Tableau eens ze ginn. Mer loossen dat dëst Joer ulafe mat Enseignanten déi dat wëlle maachen. Et ass vläicht net onbedéngt een deen 38 Dénsgschtoeren huet. Ech hunn awer elo net gekuckt ween dat ass, net dass dee sech beträff fillt, dass deen dat net géif wëlle maachen, mä op jidde Fall free mer do déi oder deen Enseignant dee wëlles huet dat ze maachen.

Eise Service scolaire dee fonctionnéiert wéi ech gesot hunn, gutt. Deen huet och all seng Prerogativen hei zu Esch behalen. Mer ware gefrot ginn ob mer d'Replacements iwwer Telefon iwwert de Ministère géife lafe loossen. Mir hu gesot selbstverständlech net. Moies vu 7 Auer un ass een disponibel aus dem Service scolaire, dee sëtzt beim Telefon an hie versicht dann e Remplaçant ze fanne fir en Enseignant dee krank ass an deen net ka schaffen goen. Datselwecht ass fir d'Transports scolaires déi och all iwwer eis Servicer lafen, d'Budgeten, d'Activités périscolaires, d'Waldschoul an ech vergiessen der ganz vill, ech wëll elo net dorop agoen. Dir fannt dat alles, all déi Detailler an der Schoulorganisatioun.

D'Schoulkommissioun ginn ech och net vill an. Mir hunn d'lescht Woch nach doriwwer ofgestëmmt. Éischtens de Règlement interne an ech hunn lech d'Kompositioun gesot, Dir wësst, dass mer kee politesche Member wollte fale loossen, duerfir sinn där 6 bliwwen. An da muss eng Paritéit ginn, 3 Representante vun Elteren an 3 Representante vun Enseignanten. Mir hunn déi Schoulkommissioun, déi fonctionnéiert och ganz gutt an ech wollt och op dëser Plaz awer och e Merci soen un

eise Schoulinspekter deen an der Schoulkommissioun ass, deen den Intermediaire ass tëschent dem Ministère, den Enseignanten an eis, deen eng ganz schwiereg Roll ze spillen huet, deen a mengen Aen eng ganz gutt Roll spillt. Dat ass guer net einfach. Awer hie versicht dat mat Flexibilitéit ze maache wat ech apprécieieren. Ech sinn ëmmer frou wann ee flexibel ass, well da kënnen d'Problemer besser geléist ginn. A méi séier haaptsächlech.

Nei ass och de Büro vun der Schoulkommissioun, deen d'Tächen an d'Missiounen an d'Décisiounen vun der Schoulkommissioun ëmsetzt. Déi Detailler fannt Dir och an der Organisation scolaire déi op 50 Säiten lech virfält.

Mir hunn och d'Secteurs nei definéiert. Dat ass ëmmer e ganz, ganz grouss Problem. Dat ass kee Geheimnis. Dat wësst Dir och. Et ass vläicht dee Problem dee mer am meeschte Gedanke mécht, well mer all Kéier mat Demande bombardéiert gi fir Secteur wieselen. Dat ass och elo duerch dat neit Schoulgesetz nach net méi einfach, well dat och nach do ënner verschiddene Konditiounen dat virgesäit, mä mir waren awer alleguerten ëmmer unanimement der Meinung, et soll een d'Secteurs respektéieren esou vill wéi méiglech. Duerfir hu mer lech och déi Secteurs mat alle Stroosse vun Esch an den Dossier geluegt. Dir fannt déi all, do ass all Strooss dem Alphabet no opgezielt. Ech soen lech, dass dat awer nach ëmmer ganz, ganz grouss Problemer sinn. Am léifste wieren all d'Kanner vun Esch, déi 3.050, an engem Gebai. Ech verstinn zwar net firwat, well och an aner Gebaier, dat heescht, ech hunn dat d'éinescht scho gesot, an all eise Gebaier ganz performant a gutt Enseignante sinn. An ech hunn och nach net héieren, dass e Kand wat gutt war, aus dem Brill net an de Lycée komm ass. Ech muss dat ëmmer nach eng Kéier soen, ech kenne ganz vill Kanner, Lëtzebuerger, Portugisescher, ech weess net wéi enger Nationalitéit, déi de ganze Lycée gemaach hunn, déi op der Uni sinn, déi op der Uni waren, déi elo Enseignant sinn esou guer um Brill an op aner Plazen. Et ass net, dass een do net ka weider kommen. Ech wier ganz frou wa mer dat eng Kéier an d'Käpp kréichen. Ech weess awer, an ech maache mer do keng Illusiounen, dass dat nach ganz laang wäert daueren, wann iwwerhaupt jee soll de Problem ganz geléist sinn. Ech wollt awer eng Remarque doriwwer maachen an ech hoffen och, dass ech Är Zoustëmmung

dozou fannen, alleguerten, well et ass net einfach. D'Leit kréien de Bréif, mir hunn dat zesumme gekuckt, d'Leit kréien de Bréif, si kommen op d'Schoulkommissioun, si kommen hei an d'Schäfferotssekretariat, si ruffe mir un, si ruffen dem ganze Schäfferot un a mer versichen dat esou gutt ze maachen. Ech kréien Demande vu Buergermeeschtere vun aner Gemenge well déi mussen intervenéieren. Et kann einfach net sinn, dass mer dat net ënner Kontroll kréien.

En anere Punkt ass d'Commission d'inclusion. Dat ass e Service, Dir wësst dat ass de fréieren MPP, dee fonctionnéiert ganz gutt. Dee gëtt geleet vun der Madame Hildgen déi eis leider, oder Gott sei Dank fir si, elo fir e puer Méint verléisst. Si kënnt awer mengen ech, erëm esou wäit se mir dat gesot huet, mä mir kréien e Remplaçant, d'Madame Mesenburg déi dee Service zesumme mat der Madame Oberweis féiert. Déi Problemer an deem Service ginn och net méi einfach. Mir hunn do och Hëllef versprach kritt vum Ministère, wou mer sollen nach méi Hëllef kréien a mir hoffen, dass domatter och déi meescht vun de Problemer kënnen an der kierzester Zäit geléist ginn.

Eng aner erëm Neierung soen ech, well mer haten dat ëmmer mä dat huet dëst Joer e bëssen, net gutt geklappt. Dat ass éischters d'Hausaufgabenhëllef, déi huet gutt geklappt an do ass e Succès fou. Ech mengen d'Madame Spautz huet dat scho wéi vill mol hei ervirgehuewen am Haus vun de Bierger, dass do eng Schwämm vun Demanden ass. Et sinn hei och ganz vill Demanden a mir hunn duerchgesat beim Inspekter, dass d'Enseignanten déi am Kader vum neie Gesetz an déi déi 54-Stonnen Appui pédagogique musse pro Joer ginn, dass déi déi kënnen ginn, dass déi ugerechent gi wa se Hausaufgabenhëllef maachen. An dat ass natierlech ganz favorabel wann en Enseignant déi Hausaufgabenhëllef mécht. Mir hate bis elo ëmmer, do ware ganz gudder dobäi, do waren awer och manner gudder dobäi, do ware ganz gutt Kandidaten a wa mer déi Hausaufgabenhëllef hei net integral gehale kréie vun deenen Enseignanten, dat ass elo ausgeschriwwen ginn dass se dat kënnen maachen. Dat war d'lescht Joer net, mir hunn dat duerchgesat. Dann hoffen ech, dass mer domatter e ganz groussen Deel vun den Hausaufgabenhëllef vun eisem Personal vun de Schoule kënnen maachen. Déi wësse wéi dat geet a wann net, huele mer déi déi gutt waren, déi eis gutt gefall hunn, respektiv hu

mer dru geduecht Studenten vun der Uni Lëtzebuerg ze huelen. Gutt gefall, ass vläicht e schlecht Wuert, mä ech hu mech verstane wee mer huelen, Madame Hildgen. An et ass och dru geduecht ginn, mir haten dat och schonn, Studenten déi ebe léiere fir Enseignante vun der Uni Lëtzebuerg ze huelen, dass déi kënnen mol kucke wéi dee Beruff ass wa se mat deem méi direkt konfrontéiert si wéi wa se an der Schoul selwer setzen.

En anere Problem dee sech dëst Joer gestallt huet, ass de Problem vun de Surveillancen. Zu Esch hei hate mer agefouert an dat war och ganz beléift, dass Enseignante vum Préscolaire, dass déi 3/4 Stonn méi laang geschafft hu mëttes, tëschent 11.45 – 12.30 an de Gebaier, well Dir wësst dass d'Spillschoul um 11.45 fäerdeg ass an um 12.30 sinn déi aner Schoule fäerdeg. Ech schwätze vun Dëschdes an Donneschdes. An do hu mer fonnt dat wier e gudd System, dass d'Elteren net missten zwee Mol lafen, ee Mol um 11.45 a wa se knapp doheem wieren, dann hu se erëm misste lafe fir dat zweet Kand, méi e Grouse sichen ze goen. Respektiv, dee Grouse konnt um 12.30 dat Klengt oder dee Klengen ewechhuelen do a mat heem huelen. Do hu mer dat awer verbuede kritt iwwert de Ministère an do hunn déi Enseignante gesot, jo si géifen awer och net komme wann dat net bezuelt wier a mir hunn do och elo eis arrangéiert, datt d'Educatoren déi mer agestellt hunn, dass déi elo erëm déi Surveillance wäerten halen all Dëschdeg an all Donneschdeg vu 11.45 bis 12.30, an dass mer op déi do Manéier den Elteren zevir kommen.

Wat elo d'Chifferen ugeet, do wëll ech just och op eng Spezifizitéit hiweise vun Esch wat mer d'lescht Joer schonn agefouert haten a wat ganz gutt ukomm ass, wat menges Wëssens awer nëmmen de Moment zu Esch ass. Dat heescht, mir hunn an all Entitéit an an all Cycle een Appui créiert. Et gëtt net méi elo en Appui général an engem Gebai, mä an all Cycle hu mer en Appui créiert an déi Echoen déi mer hunn, déi si ganz gutt a mer furen och op jidde Fall op deem Wee virun, well mir fannen den Appui ass vill méi no bei de Kanner a vill méi no bei den Nécessitéit wéi wann d'Kanner aus hirer Klass eraus geholl ginn an dann an en anere Sall gesat ginn an dann do mat verschiddene Joeren oder Cyclen zesumme sëtze wou net deemno schrecklech vill herno eraus kënn.

Mir hunn och weider behalen eis 8 Remplaçants permanents. Dat ass op jidde Fall net ze wéineg. Mir hunn der awer och net méi kritt. Mir si frou déi 8 kënnen weider ze féieren.

An dann hu mer och nei um Jean Jaurès, ech hat et d'ëinescht scho gesot, hu mer awer och, do bleift deen traditionelle Préscolaire, do hu mer wéinst den héijen Effektiver net méi 3 Klasse mä eng 4. Klass créiert, dass do 75 Kanner duerch 4 kënnen gedeelt ginn.

Och nei, mir kréien e Container op d'Plaz Jean Jaurès, well mer fir déi vill Demanden, Dir wësst dass déi nei Maison Relais ugangs d'nächst Joer endlech an der Abbé Lemire Strooss opgeet. Déi ass fir dee ganze Secteur do, Ganzdagsschoul Jean Jaurès an esou weider, fir deen ze couvréieren. Dat geet awer net duer. Mir hunn do ganz vill Demande vu Kanner déi wëllen an déi Maison Relais an duerfir kënnen e Container op déi Plaz stoen de Moment. Container seet een net méi, ech soen et awer nach ëmmer well et sinn effektiv keng Container méi. Dat ass am Stil wéi mer d'Maison Relais um Brouch hunn. Dat ass also méi schéi praktesch wéi e Schoulsall oder wéi oft e Schoulsall ass.

Da kréie mer och um Brill en zweete Précoce. Do gëtt den Informatiksall fräi an do si mer da frou dee Sall fräi ze kréien an nach e Précoce kënnen an de Brill ze setzen.

Da wollt ech awer och nach soen, dat huet net grad mat der Schoulorganisatioun ze dinn, mä et ass awer och eng grouss Nouvelle, eis Schoulkommissioun déi plënnert mat eisem Service commission d'inclusion an déi ganz Servicer ronderëm. Dir wësst dass mer dat ënner Guillemeten „Foyers-Haus“ kaaft hunn hei an Al Esch an eis Schoulkommissioun plënnert duerfir zielen ech lech dat hei op, am Kader vun der neier Schoulorganisatioun vum Joer 2010/11.

Wat elo e puer Nimm ugeet, do hu mer op der éischter Lëscht hu mer 3 Brevetierter aus aner Gemenge kritt. Dat ass d'Madame Unger, d'Madame Biever an d'Madame Werding, déi hunn hir Plaze scho kritt. Déi eng ass am traditionell Jean Jaurès, Préscolaire, déi aner ass am Ale Lycée Cycle 2 an déi aner ass an der rue de l'Eglise Cycle 2. Dann hu mer Départ à la retraite. Do sinn der 2 net esou flott, well et aus, oder 3 aus Gesondheetsgrënn ass, dat ass d'une part d'Madame Marel Leiner, den Här Jean-Marie Seil an d'Madame Brigitte Biertz déi och eng Retraite anticipée huet. Mer

wënschen op jidde Fall do eng ganz gutt Gesondheet an dann hu mer zwou Démis-siounen, dat ass d'Madame Lilibeth Lanners-Barthel an d'Madame Simon Claudette. An dann hu mer méi freedeg Retraiten, där hu mer 5 oder 6, d'Madame Liliane Putz-Kolbach, d'Madame Ginette Schanen-Dorven, Madame Soeur Claudine Draut, d'Madame Brigitte Stahl-Bourkel an d'Madame Loni Salmon-Mosel, déi an d'Retraite ginn. Mir soen deenen allegueren, ech stellvertriedend fir de ganze Schäfferot an ech menge fir lech alleguerte mat, villmools Merci fir all hir Joeren an hiren Asaz dee se hei zu Esch bewisen hunn.

Dann hu mer och 7 Départe fir aner Gemengen, d'Madame Sandrine Wohl, d'Madame Jill Bowé, den Här Rafailovic, d'Madame Corinne Kosch, d'Madame Pinto-Moreira, d'Madame Raglewski Tania an d'Madame Nathalie Schmit.

E puer Zifferen déi ëmmer ganz interessant sinn, wéi gesot déi sinn net definitiv, mä déi sinn op den Datum vum 1. Juli an d'Press kritt déi do Piëcen. Am Enseignement hu mer 305 Posten. Dat sinn der am Fong enorm. 305 Posten. Mir hunn 8 Enseignants Précoce, mer hunn der 50 an de Cycle 1 an 1.1 an 1.2, dat heescht Spillschoulen. Mir hunn der 140 Cycle 2, 3 a 4 a mer hunn op der Lëscht 2 déi mer da wéi gesot elo haut solle kréien nach 107 Poste fräi. Wat d'Kannerzuel ugeet hu mer am Précoce 221 Kanner, am Cycle 1 déi zwee Joer, 687 Kanner an d'Cyclen 2, 3 a 4 2.142 Kanner. Dat mécht eis en Total vun 3.050 Kanner.

Ech hat d'ëinescht dat Wuert „Contingent“ gebraucht. Dat ass eppes ganz Neits am neie Gesetz, gefällt mir perséinlech net. Dat ass esou e Koeffizient, et weess kee wéi déi gerechent gëtt am Ministère. An do gëtt da gesot Esch huet e Koeffizient esou an da gëtt dat multiplizéiert mol d'Zuel vun de Kanner an da kënnen eraus esou vill Enseignanten huet Esch zegutt. Dat ass dann duerno e bësse wéi op engem Maart. Dann ass dat nämlech: Esou vill fir de Brill, esou vill fir d'Entitéit Ale Lycée, esou vill fir d'Entitéit Lalléng. An da geet dat natierlech net op, well den Ale Lycée wat awer e Projet ass huet der méi wéi eng aner Schoul oder d'Ganzdagsschoul an da muss een do jongléiere wéi ee kann eens ginn, dass een dee Contingent respektéiert. Ech wëll just drop opmierksam maachen, ech hunn dat och iwwerall gesot, och am Ministère, dass een do muss ganz gutt uecht ginn, dass een net op

eemol an e Privatschoulesystem kënnen. Dass net op eemol eng Gemeng op d'Idee kënnen a seet, jo wa mir net dee Contingent, wa mer der net dräi méi kréien, da gi mir der eis huelen déi mir eis astelle vun der Gemeng aus. Ech wëll just op déi Gefor hiweisen, dat kënnen eng räich Gemeng mol eng Kéier maachen a soe mir ginn eis elo mol Enseignante sichen déi dann asprange well eise Contingent net opgaangen ass. Ech hunn e bësse déi Débats suivéiert vun den Organisations scolaires an aner Gemengen an déi do Fro stellt sech iwwerall an haaptsächlech a grouss Gemengen. Et ass net esou op engem Duerf wou nëmmen ee Schoulgebaai ass an eng Entitéit ass, mä an de grouss Gemenge stellt déi do Fro sech. An ech muss och soen déi Demanden déi vun de Présidents d'école gemaach gi sinn, verschidden Demanden fir hei oder do en Educateur méi ze kréien, si bal all verworf ginn. Dat heescht, dee Contingent gëtt ganz strikt respektéiert vum Ministère aus.

Voilà dat sinn déi Donnéeën an déi Informatiounen déi ech lech wollt ginn. Ech weess elo net ob Dir Informatiounen wëllt um Dokument u sech. Ech hunn en gros alles gesot. Dir fannt hei wierklech e ganz, ganz detailléiert Dokument iwwer déi 4 Cyclen. Dir fannt d'Representanten, Dir fannt d'Présidents d'école, Dir fannt d'Coursen déi et ginn, Dir fannt wéi gesot d'Secteur wéi se opgedeelt sinn an Dir fannt op der leschter Säit oder op de leschte Säiten e ganz interessant Dokument. Dat sinn d'Déchargen. A wann Dir dat gesitt, do sinn 2.381 Déchargen. Déi müssen all ersat ginn an opgefëllt gi vun aneren Enseignanten. Dat sinn Altersdéchargen, dat sinn awer och Déchargen déi duerch dat neit Gesetz entstane sinn zum Beispill fir d'Bibliothék. Zum Beispill Présidents d'école. An eleng mat deem Dokument Tableau annexe wat Dir do fannt, mat deenen Décharge kënnen Dir lech jo virstelle wat do meng Schoulkommissioun an de René Thom un der Spëtzt, deen dat hei opgestallt huet, wat deen Aarbecht huet fir do déi Enner zesummen ze bréngen. Datselwecht gëllt fir an deenen doten Déchargen och nach en Tumpogramm opzesetzen, wat den Här Miller gemaach huet an nach ëmmer Gott sei Dank mécht. Ech wëll deem och e ganz grouss Merci soen, dee mécht dat zënter Joeren an dat klappt exzellent an ech géif hoffen, dass hien dat och an den nächste Joere wäert weider maachen, well dat ass eng extrem, extrem laboriös Aarbecht fir dat doten alles ze maachen.

Sou, ech hunn elo Mercie genuch gesot, la discussion est ouverte an ech sinn disponibel op all Fro déi ech ka beäntweren, ze äntweren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci, Här Tonnar. Mir haten dann elo schonn eng Wuertmeldung vum Här Jaerling, dann d'Madame Hildgen an den Här Baum.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter, och Merci dem Här Schoulschäffe fir déi Explikatiounen an och vu menger Säit aus Félicitatiounen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kënnt Dir e bësse méi roueg sinn, et héiert een den Här Jaerling ganz schlecht.

Aly Jaerling (Indépendant): Dat ass zwar net esou dramatesch, mä bon.

Merci och un den Här Schoulschäffen, mä Merci och un d'Enseignante mä awer net ze vergiessen och Merci un dat ganzt Personal an de Schoule wat den Entretien mécht, ech mengen et soll een déi net vergiessen. Och dat gehéiert zu engem Schoulsystem dass mer propper Schoulen hunn. Ech mengen och dat ass wichteg an ech mengen et soll een och déi Leit net vergiessen déi do am Fong fir den Entretien zoustänneg sinn.

Den Här Schoulschäffen huet déi sectoriell Opdeelung ugeschwat wou ech zu 99% mat him d'accord sinn, dass een d'Proximitétsregele muss respektéieren, dass een dat och soll strikt applizéieren, mä wou ech awer wëll drop hiweisen, dass et trotz allem nach eenzel Fäll ginn, besonnesch am soziale Beräich wou een awer muss kënnen déi eng oder déi aner Ausnam maache well mir jo awer als Conseiller, an ech mengen dat ass och fir déi aner Conseillere heibannen, drop ugeschwat ginn, ob déi Bréiwer déi Dir do kritt hutt, ob d'Doléancé vun de Leit. An ech sinn der Meinung datt ee weinst Conenance personnelle einfach esou ouni Ursaach, dass een do net ka soen ech wëll net an d'Brillschoul goen oder ech wëll net hei oder net do. Ech mengen et soll een all eenzelne Fall awer serieux duerch kucken. An et wär och net, géif ech menge vu Muttwëll. An ech menge mir hunn d'leschte Kéier gesot, dass am Fong vläicht d'Conseillere awer sollen all Courier zougestallt kréien. Wann Dir eis elo sot mir hunn eng Rei Bréiwer kritt a mir hunn hei net a mir hunn do net. Mir missten awer kënnen

trotzdem doriwuer informéiert ginn, fir dass mer awer och kënnen mat novollzéie wat dann elo richteg ass a wat net richteg ass. Mä op jidde Fall wär et och wichteg wann een esou Fäll huet wou d'Leit Demandé maachen a wann et am Sozialberäich läit, dass ee géif mat der Sozialschäffin zesummen awer kucke fir awer trotzdem do déi eng oder déi aner Ausnam kënnen ze maache wa se noutweneg ass. Mä gutt verstane sinn ech schonn 99% mat lech d'accord, dass ee seet d'Proximitétsregele solle strikt agehale ginn. Duerfir maache mer esou vill Schoulen no bei de Leit. Duerfir gi mer de Leit d'Méiglechkeet hir Kanner esou no wéi méiglech an d'Schoul goen ze loossen, eben och fir d'Transportproblemer an all dat, déi ganz Transportproblemer och, dass déi net ze grouss ginn, well soss effektiv wéi Dir gesot hutt, soss bräichte mer nëmmen eng Schoul ze maachen. Dat wär da vill méi einfach, dofir géing ech awer mengen et soll een net vergiessen, dass et awer nach Fäll gi wou ee muss driwwer diskutéieren a wou ee muss kënnen eng Ausnam maachen. An duerfir wäere mer frou, wa mer an Zukunft géifen dann awer och als Conseillere, als Conseillere ënnert der Confidentialitéit, iwwert eise System informatique informéiert ginn, iwwert déi Bréiwer firwat dass Leit froen, dass se wëllen d'Schoul wiesselen, da kënnte mer eis och e Bild dovunner maachen.

Déi zweet Saach ass, dass mer eng Kéier hei eis eens waren, dass mer de Minerval ofgeschafft hunn. De Minerval ofgeschafft hunn, an dass mer gesot hu mir géifen all eenzelne Fall vu Leit déi aus enger anerer Gemeng kommen, kucken ob hir Demande berechtigt ass. Do ass gesot gi mir géifen dat hei am Gemengerot ëmmer am Huis clos maachen. Ech weess et net, mä mir ginn net informéiert op där Demanden do sinn. An ech weess net, sinn där Demanden do oder? Jo, da froen ech mech, wisou dass mir dat hei net an de Huis clos kréien esou wéi dat virgesinn ass fir dat mer och kënnen do e Wuert matschwätzen?

Dann ass meng aner Fro, well Dir jo wësst, dass eng Rei vu Lëtzebuerger Familljen an d'not Ausland wunne ginn, wou ech unhuelen, dass do och Demanden do si fir hir Kanner hei a Lëtzebuerg an d'Schoulen ze kréien, och eventuell op d'Gemeng. Wéi steet et domatter? Sinn där Demanden do? Ech mengen dat ass eng Fro wou mer och eng Kéier muss klären, si mer bereet esou Kanner

opzehuelen, Jo oder Nee? Ech menge mir kenne jo d'Ursaache firwat dass d'Eltere plënnere.

Déi aner Saach ass fir mech, wann, an ech hunn dat schonn e puer Mol hei gesot, wa mir an dësem Land ëmmer gären hätten, dass d'ganz Famill soll schaffe goen, Mann a Fra, da soen ech, da muss mer och de Leit d'Méiglechkeet gi fir hirt Familljeliwwen esou ze organiséieren, dass se sech kënnen optimal ëm hir Kanner këmmere. Mir hunn elo de Minerval ofgeschafft, mir kréien nach Demanden an aus mengen Informatiounen leene mer déi all of. Ech weess net firwat. Oder et ginn der ugehall, wësse mer och net firwat. An ech stelle mer dann d'Fro an eis Leit déi am Syvicol setzen, well do jo soll befonnt driwwer ginn, wéi een de Problem vun de Migratiounen, vun där enger Gemeng an déi aner ka léisen. A wéi een de Problem ka léise wann elo Leit aus der Escher Gemeng wëllen zum Beispill hir Kanner op Bieles oder op Schëffleng an d'Schoul ginn an do muss se e Minerval bezuelen, obwuel dass an der Verfassung steet, d'Primärschoul, also d'Grondschoul ass gratis. Dann ass dat eben net méi de Fall, dat heescht et verstéisst am Fong géint deen Artikel vun der Verfassung. Do wollt ech froen, éischters, intervenéieren eis Leit do am Syvicol fir dass do sech eppes ännert. An zweetens, wéi ass et mat eise Leit déi an der Chamber setzen? Dass déi och mol erëm eng Kéier do intervenéiere fir ze kucken, dass dee Problem mam Minerval geléist gëtt, well ech kann net akzeptéieren, dass Leit e Minerval muss bezuele wann an eiser Verfassung steet dass d'Grondschoul gratis ass. Wou ech souwisou och souguer der Meinung sinn, dass souguer de Secondaire misst gratis sinn, dass dat och misst an eis Verfassung kommen.

Ech mengen dat sinn déi Froen déi op stinn. Also, wann ech gelift, wann d'Méiglechkeet besteet, dass mir op vertraulecher Basis matgedeelt kréien, ween dann elo alles freet fir heihinner an d'Schoul ze kommen, wee freet fir d'Schoul ze wiesselen an Esch, an dann och d'Begrënnung vun der Schoulkommissioun, wisou dass déi Demande ofgeleent ass. An dann zum Schluss, wat fir mech am wichtigsten ass, ass, dass wierklech wann extrem Fäll si wou sozial Ursaachen do sinn, dass déi awer d'Méiglechkeet kënnen kréien, dass se hir Kanner kënnen an eng aner Schoul goen. Wéi zum Beispill wann ech elo eng elengerzéiend Mamm huelen, deenen hir

Kanner an zwou verschidde Schoule geschéckt ginn, gesinn ech dat net an zum Beispill. Dat wär elo als Beispill e Fall, dass dat net dierft virkommen an dofir wär ech frou wann Dir eis do géift déi néideg Explikatioun ginn. An dann och d'Haaptursachen, wisou dass elo déi eng oder aner Demande ofgeleent ass. Mä ëmmer mam Dénge, dass ech absolut domat d'accord sinn, dass d'Proximitéitsregele mussen spillen an dass d'Kanner sollen do an déi Schoul goe wou am nootste vun hirem Wunnsätz ass. Dofir hu mer déi Stroossen esou opgedeelt. Ech fannen dat richtig, mä dass déi Extremfäll müssen awer ongedéngt extra behandelt ginn. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Meci, Här Jaerling. Et wier dann un der Madame Hildgen an duerno um Här Baum.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen et ass relativ wéineg nach ze froen no deem ganz gudden Exposé deen den Här Tonnar hei gemaach huet. Wat natierlech ass fir déi Leit déi net esou am Schoulssystem dra sinn ass et nach ëmmer extrem komplizéiert fir e bësselchen duerch ze gesinn. An och fir déi Leit, déi e bësselchen doheem sinn, ass et no deem neie Schoulgesetz nach extrem komplizéiert fir duerch ze gesinn. Quitte datt och nach praktesch all Woch erëm eppes Neies aus der Chamber kënnt oder vum Ministère kënnt, fir datt dat muss ëmgesat ginn. A wéi huet d'Madame Minister eng Kéier gesot: Esou eng Reform déi awer substantiell ass déi brauch seng Zäit. An ech menge wa mir hei ofstëmmen iwwert déi nei Schoulorganisatioun, dann ass dat a mengen Ae fir dëst Joer provisoire. Well ech mengen dat anert Joer wa mer hei setzen, sinn ech iwwerzeegt, datt do vill Saache revidéiert ginn, Gott sei Dank. Ech mengen et kann een och aus senge Feeler déi vläicht gemaach ginn, ouni ze wëssen, kann de Ministère och Léieren zéien a soen hemo, mir maachen dat do anescht a mir kucke fir vläicht e bësse méi flexibel ze sinn a verschidde Saachen, well et ass net einfach fir déi Leit déi an der Schoulkommissioun setze fir ze verstoen. Et ass net einfach fir Leit déi an de Services scolaire setze fir dat ze verstoen. A gleef mir et, fir déi Leit déi um Terrain sinn, fir eis Educateuren, eis Enseignanten, ass et absolut net einfach fir och mat deene verschidde Oploen do eens ze ginn. Kloe komme praktesch vun alle Säiten. Wat mer awer net duerfe vergiessen, dat ass

datt d'Kand am Mëttelpunkt steet. An egal wat décidéiert gëtt, mir mussen kucken, datt et dem Kand hemo zum Gudde kënnt an datt et all Kand zum Gudde kënnt.

Ech hu just nach zwou Froen. Wann ech d'Ganzdagsschoul huelen, Jean Jaurès, do sinn 3 nouvelles créations fir Educateuren. Elo wëll ech wëssen, ob déi op eis duerkommen, well do steet nouvelles créations 3 mol. Et ass op der Sait 23, fir ze kucken wat dann do op d'Gemeng och nach duerkënnt. Do hätt ech gär eng Explikatioun.

Dann ass gesot gi vum Contingent vun den Educateuren, datt déi och virgeschloe gi vum Ministère. Hunn ech dat richtig verstanen? Och virgeschloe ginn, de Contingent vun den Educateuren, well ech mengen och dat ass eppes wat all Gemeng a mengen Ae muss flexibel si fir kënne ze soen, hei déi Schoul brauch elo en Educateur méi. Mir wëssen allegueren, datt verschidde Schoulen, egal wéi d'Secturen opgedeelt sinn, vläicht e puer méi Problemer hunn oder d'Kanner mat méi Problemer déi kommen, wou och d'Gemeng misst flexibel si fir kënne ze soen, ganz kuerzfristeg setze mir dem Enseignant nach eng Hëllef zur Sait fir déi Saach nach besser an de Grëff kënne ze kréien.

Wat d'Schoul Nonnewisen ubelaangt, do ass relativ wéineg elo gesot ginn. An 2011, wann ech et am Kapp hunn, soll d'Schoul opgoen. Elo wollt ech just wëssen, ob mer do scho kënne plange fir dat nächst Joer, respektiv op deen Datum och ka bäibehale ginn, well wéi mir allegueren wëssen, hu mir nach ëmmer e Manquetum u Schoulraum an et wier interessant fir ze wësse wéi mer da géifen – de Secteur steet schonn dran, dat ass ok – wéi mer dann awer d'Kanner géifen opdeelen?

Dat sinn am Fong allegueren meng Froen. Dat waren der net vill, mä ech wier frou wann ech géif eng Äntwert kréien. Merci, Här Tonnar.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Meci, Madame Hildgen. Et ass dann um Här Baum an duerno um Här Codello.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Madame Buergermeeschter, ech si paff. Ech si paff, wann ech déi Diskussioun hei verfolge hunn, datt weder de Schoulschäffen nach bis elo déi zwee aner Riedner vun der Oppositioun drop agaange sinn, oder inhaltlech méi déif drop agaange sinn, ob dat wat awer mengen ech an deene leschte Wochen a Méint déi gréisste Remouen

hei zu Esch ausgemaach huet. Dat ass nämlech d'Fro genau vun de Contingenten an d'Affektatioun, also d'Distributioun vun deenen Contingenten op déi eenzel Schoulentitéiten.

Et ass esou, fir et vläicht eng Kéier kuerz ze erklären, et ass am Februar 2010 e Règlement grand-ducal erauskomm, deen notament d'Applikatioun vun deene Contingenten definiert huet. Et besteet doranner, déi Contingenten, datt et nieft engem Enseignement de base wou e Contingent fest ass, deen einfach nëmmen op d'Populatioun gerechent gëtt, nach e Facteur socio-économique bäi kënnt. Dee Facteur socio-économique do gëtt gekuckt ma wat ass d'sozial Situatioun vun där Gemeng, d'sozial Situatioun vun deene Leit, déi an där Gemeng wunnen. An da kann, wéi am Fall vun der Stad Esch, dat kann dozou féieren, datt de Contingent opgestockt gëtt. Wann ech richtig verstanen hunn, an deem heiten Dokument ass dat ongeféier 1%, 25 Stonnen déi mer duerch de Facteur socio-économique bäi kréien. Ech si mer awer net sécher an ech kommen hemo selwer op d'Dokument an op d'Presentatioun vum Dokument zrëck, ob dat esou ass. Et ass op jidde Fall esou Esch huet bäi kritt, Esch huet net verluer.

An elo fänkt un awer e gewësse komeschen Amalgam gemaach ze ginn, andeem gesot gëtt: "Jo, mä den Ale Lycée verléiert, d'Brillschoul verléiert an et ass de Ministère, déi hunn dat ausgerechent." Do muss een einfach ganz kloer soen, nee dat ass net esou. Et ass d'Escher Gemeng, et ass an der Verantwortung vum Schäfferot fir d'Organisation scolaire ze maachen. Et ass net an der Verantwortung vum Ministère, et ass och net an der Verantwortung vum Inspekter. Et ass an der Verantwortung vum responsable Schoulschäffen.

An dann, ech hunn et gesot, komme mer zu der Situatioun, datt, obwuel Esch insgesamt eppes bäi kritt huet, eppes bäi kritt huet duerch e Facteur socio-économique et dozou komm ass, datt a soziale Brennpunkter wéi den Ale Lycée, wou nach d'lescht Joer gesot ginn ass, wéi frou mer dríwwer wieren datt dee Projet e Präis kritt huet, dee verléiert zwee an en hallwe Posten. Dee Projet ass domatter dout! Mir haten zwee Projeten hei zu Esch, wann den Ale Lycée zwee an en hallwe Poste verléiert ass dee Projet ganz einfach dout.

En zweete Fall, d'Brillschoul. Ech menge mer sinn eis alleguerten eens, datt d'Brillschoul wierklech e soziale Brennpunkt ass mat deene Problemer déi do bestinn. A wann ech da gesinn, datt déi och Poste verléieren, da soen ech mer, dann ass dat doten, wat vu Schoulorganisatioun vum Schäfferot presentéiert gëtt, da geet et géint d'Logik vun deem Gesetz iwwert den Enseignement fondamental, et geet géint d'Logik vun deem Règlement grand-ducal, do ass eng Newsletter erauskomm vum Educatiounsministère, wou grouss drop steet: plus de justice sociale. Wann ech gesinn, datt zwou Schoulen déi sozial Brennpunkte sinn, datt déi Poste verléieren, dann ass dat fir mech einfach nëmme skandaléis. Dat ass den éischte Punkt.

Den zweete Punkt, et ass iwwert d'Secteur geschwat ginn. Jo, et stëmmt, datt mer d'lescht Joer mengen ech, fir d'éischt ugefaangen hunn, Secteur wierklech no Stroossen ze definéieren. Ech sinn der fester Iwwerzeugung, datt dat eng richteg Measure ass. Et ass awer esou, datt déi Measure awer am Fong just gräife kann, wann déi Secteuren och wierklech agehale ginn. A wann d'Ausnamen zur Regel wierklech mussen begrënnert sinn, a wierklech deen, deen déi Exemption unfreet, datt dee wierklech kloer soe ka firwat hien net wëll, datt säi Kand an déi an déi Schoul geet. Mir sinn awer och ganz vill Fäll bekannt vu Leit, an ech soen et elo mol esou, et sinn net déi ärmsten déi am Zentrum wunnen, där hir Kanner awer an d'Dellhéicht ginn obwuel keng Bom do ass wou se d'Kanner ugemellt hunn. Se ginn awer an d'Dellhéicht Schoul. Ech fannen, dat ass wierklech bedenklech, well wann een esou e System huet wéi Secteuren ze definéieren, da muss ee wierklech och kucken e méiglechst strikt anzehalen.

An dann dat drëtt wat ech virduen ugedeit huet, dat ass, et huet sech ganz vill geden an deene leschte Méint, notament duerch déi Affaire mat de Contingenten an dat spigelt sech an deem heiten Dokument quasi net erëm. Ech gesinn et net. Et ass fir mech net ersichtlech. Et ass net transparent, wee wou eppes bäi kritt, wee wou eppes verléiert, duerfir, muss ech lech soen, datt ech där allgemenger Euphorie déi iwwert dat heiten Dokument bis elo ausgedréckt ginn ass, wierklech net Rechnung droe kann.

Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Dann ass et um Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter, mir als LSAP-Fraktioun wëllten eng kuerz Kontributioun zu der Organisation scolaire maachen. Et ass eng vun de wichtigsten Débaten déi all Joer an engem Gemengerot stattfannen. Et ka grondleeënd iwwert d'Schoulorganisatioun diskutéiert ginn a mir wäerten eis ouni an d'Detailer nach eng Kéier wëllen ze goen, och un all déi Mercien uschléissen déi vun de Virriedner an och vum Schoulschäffen a senger Presentatioun scho gemaach gi sinn.

Wann ech, net nëmmen hei an Esch, mä allgemeng déi Diskussioun un d'Schoulpolitik am Moment am Land verfolgegen an der Zeitung, mä awer och mat de Kollegen, dann ass et bal eng Chance, dass dat sougenannten neit Gesetz do ass, well et gëtt sech gären heiansdo hannert deem neie Gesetz do verstoppt, hannert deene Règlements grand-ducaux, mä – den Här Jaerling hat elo grad méi haart geschwat wéi Dir, Här Braz – mä et ass awer esou, datt dat neit Gesetz net nei bleift. Et ass scho viles gesot ginn, d'Madame Hildgen sot do misst nach viles geännert ginn. An ech mengen ech muss mer och heiansdo d'Fro stellen, ob iwwerhaupt eng Majoritéit dat Gesetz verstanen huet, well et ass relativ, et ass scho bal revolutionnär, well dat Schoulgesetz dat huet jo awer schliesslech dat vun 1912 ofgeännert. An dat ass seelen de Fall, dass e Gesetz esou laang brauch fir eng Ofännerung ze kréien, an d'fir ass déi ganz Diskussioun ëm d'Schoulpolitik am Moment, gëtt se heiansdo gäre vu Politiker an och vun anere Leit gären hannert deem neie Gesetz verstoppt. Ech hunn elo grad nach zum Här Hinterscheid gesot, wann een awer all Kéiers misst déi ganz Polemik ëm d'Amenagementsgesetz zum Beispill huelen, wat méi oft ofgeännert gëtt wéi d'Schoulgesetz, da géing een aus deenen Diskussiounen net erauskommen.

Mä nei Gesetzter, dat bréngt mech awer op eng Idee wat mer och schonn hei an dem Conseil regelméisseg diskutéiert hunn. Wann esou grondleeënd Gesetzter kommen, an et ass zwar schonn ëmmer vu Säite vun der Oppositioun gesot ginn, wat schwätzt Dir hei iwwer wat an der Chamber leeft? Hei hu mer erëm e konkret Beispill. Hei huet d'Chamber e Gesetz gestëmmt wat seng Effeten op d'Gemengepolitik huet. Den Här Baum huet

et elo grad gesot. Et ass net d'Schoulministesch an et ass net de Schoulspekter dee fir d'Schoulorganisatioun riicht stoe muss, mä et ass de Schäffen dee se hei an de Conseil presentéiere kënnen an dee muss seng Majoritéit hei an de Conseil siche komme fir d'Organisation scolaire. An d'fir ass den Impakt wat esou Gesetzter déi duerch d'Chamber gestëmmt gi sinn, op de lokale Plang onheemlech wichteg an et bedarf menger Meenung no, ëmmer méi enger grondleeënder Formatioun an Informatioun vun de kommunale Politiker. De Syvicol mécht do säi Besch, leider kann een do ëmmer soen, les absents ont toujours tort. De Syvicol ass och hei duerch d'Land gepilgert an huet dat neit Schoulgesetz den Elue virgestallt. Mä menger Meenung no misst dat nach méi systematesch gemaach ginn, dass d'Kommunalpolitiker, wann esou grondleeënd Gesetzter um nationalem Plang gestëmmt ginn oder wann d'Directives européennes an nationalt Gesetz ëmgesat ginn, déi en Impakt op de kommunale Plang hunn, misst d'Formatioun an d'Informatioun vun de kommunale Responsablen nach méi virgedriwwen ginn, well heiansdo kënnen een herno soss an eng Diskussioun, deen een huet d'Gesetz geliest, deen aneren huet et net geliest. Dee wou et geliest huet, huet et nëmmen hallef verstanen an herno kënnen eng Diskussioun an engem Conseil eraus déi awer kee Schratt weider bréngt.

Ech wëll dann awer ganz kuerz op d'Ausféierung vum Här Schoulschäffen Tonnar agoen déi ech mat béiden Hänn ënnerschreien, déi Aussoen déi hie gemaach huet. Éischstensmol vun där negativer Approche vun ëmmer Taux d'échec fortgoen a virun allem wat de Brill ugeet, mä endlech mol schwätze wéi ass den Taux de réussite? Dat huet nämlech nach ni ee gefrot. Et ass ëmmer hei nom Taux d'échec gefrot ginn an dunn ass op eemol komescherweis gesi ginn, dass deen Taux d'échec guer net esou grouss ass wéi en ëmmer am Volleksmond dobause propagéiert gëtt. Duerfir solle mer mol vläicht eng Kéier, Här Tonnar, fir déi zukünfteg Organisation scolaire, kënnen Dir eis d'Taux de réussite vun deene Joere virdu matbréngen. An et soll een dat Ganz positiv ugoen an och net de Brill, Här Baum, als soziale Brennpunkt gesinn. Kommt, mir gesinn de Brill als dat wat en ass. Ech weess, dass et do verschiddelech Interpretatiounen ginn, mä de Brill ass ee vun eise Quartieren dee 75% vu senger Bevëlkerung Net-Lëtzebuerger ass. Dat ass e Fakt. A

mir sinn awer och frou an houfreg dorop a mir hunn awer hei am Gemengerot schonn alles gemaach an der Schoulpolitik, an der Sozialpolitik, fir dass an deem Quartier do et awer net zu engem, an dat Wuert huet mech elo e bësse schockéiert „Brennpunkt“ soll kommen. Ech mengen de Brill ass dee Quartier wou mer an de leschte Joeren infrastrukturell am meeschten, am meeschten investéiert hunn an nach wäerten investéieren. Eis Kulturinstitute do renovéiert hunn, eist Jugendhaus ass an deem Quartier, gëtt gäre vergiess wat och en onheemlech soziale Rôle iwwerhëlt. Dofir komm mir huelen de Brill als dat wat en ass a mir gi geschlosse positiv vir fir de Brill och esou weider ze entwéckele wat en ass. An och net ëmmer do negativ ze gesinn, wat awer wéi den Här Tonnar gesot huet, wat ganz schwéier ass well et eng Mentalitéitsaach ass. Do si Leit déi wëllen och deen Taux de réussite am Brill einfach net unerkennen obwuel e besteet an dat kéint positiv no baussen duergeluegt ginn.

Här Tonnar, Dir hutt iwwert déi pedagogesch Projete geschwat déi mer hei an Esch hunn, de Jean Jaurès d'Ganzdagsschoul. Dir hutt Recht, ech héieren och näischt vun enger anerer Ganzdagsschoul méi hei am Land. Mir waren och do erëm als Gemeng Esch wéi a villen anere Saachen, ware mer virun deenen anere Gemengen a mir waren e Pilotprojet. An och do musse mer kucken, dass mer dat awer an Zukunft kënne mam Ministère weider, och positiv begleeden. Den Ale Lycée ass ugeschwat gi wat mer och als pedagogesche Projet vun Ufank u mat positiv begleet hunn.

D'Bibliothéiken an de Schoulen. Ech hu mer soe gelooss, well ech sinn och ee vun deenen déi dat neit Gesetz nëmmen iwwerflun huet, mä anscheinend misst all Gebai eng Bibliothék elo kréien. An do wollt ech froen, well dat ganz wichteg ass, d'Lektür net nëmmen an der Schoul, mä och ausserhalb vun de Schoulen. D'Kanner un d'Bicher bréngen, mir wësse wéi wichteg déi Diskussioun ass hautesdaags iwwerhaupt un d'Zukunft vum Buch, hautsdaags mat I-Pad a mat I- wéi heescht dat alles do, I-Notebook wësse mer wéi wichteg et ass d'Kand erëm un d'Buch ze bréngen. Mir sinn et gewinnt, mä déi Jugendlech vun haut an d'Kanner hunn dat net méi esou u sech an duerfir spillt dann eng Schoulbibliothék nach méi e wichtige Rôle. An duerfir wollt ech froen, ob dann awer elo all Schoul seng Bibliothék huet an och wéi déi frequentéiert gëtt.

D'Wichtigkeet vun de Services périscolaires, Dir hutt et ugeschwat, d'Hausaufgabenhëllef ass onheemlech wichteg. An ech fannen et och do richtig dass Dir do sot, datt do Enseignanten déi Hausaufgabenhëllef sollen halen, ouni wëllen ze schmälere wat do verschidde Leit dat gemaach hunn. Do ware ganz gutt Leit dobäi, mä ech ginn lech recht, dass Dir dat wëllt an déi professionell Hand ginn, dass dat awer och senger Bedeitung gerecht gëtt.

Et ass iwwert déi net-lëtzebuergesch Schüler geschwat ginn am Kontext vum Brill, déi net-lëtzebuergesch Schüler déi sech hei mussen och integréieren. D'Schoul ass e wichtigen Integrationsfacteur. An do hunn ech eng Fro, well mer jo awer an der leschter Zäit och méi Net-Lëtzeburger heihinner kréien, déi och net chrëschtlicher Relioun ugehéiereg sinn, ob do awer eng Tendenz, ...

(Interruption par M. Hinterscheid)

Jo, ee Moment, ech wëllt awer do gär wëssen, ob do duerch déi Integratioun vun deenen aus anere reliéise Kreiser, ob do den Taux vun de Schüler an dem Moralsunterricht an d'Luucht geet a wéi do d'Relatioun ginn ass. Well do jo awer d'Roll nach spillt, obwuel, wéi den Här Hinterscheid richtig seet, och lëtzebuergesch Kanner natierlech dee Choix hunn. Mä hei hu mer awer mat enger neier Migratiounswell ze dinn aus dem fréiere Jugoslawien déi awer och enger anerer Relioun ugehéieren.

Dann zum Schluss hunn ech mech och gefreet wéi ech da geliest hunn, dass dann och awer nach eis Schoulen net nëmme Wëssensvermittlung an de Schoulsäll soll sinn, mä si sollen och erausgoen an e järelechen Ausflug maachen. An do wëllt ech drop hiweisen, d'lescht Woch hat eng grouss Dageszeitung e ganz flotten Artikel dorivver, dat am Kader vum Centenaire vum Waassersyndikat mer do gesot hunn, dass mer do keng grouss Séance académique maachen, mä mir hunn déi Sue geholl fir en Dokumentationszentrum ze maachen, dee fir Schoulen a fir jiddwereen zougänglech ass. An ech denken, dass mir als gréisste Membergemeng vum SES sollen awer wierklech eisem Schoulpersonal do no leeën, mat eise Schouלקlassen deen Dokumentationszentrum do besichen ze goen. Dat ass gratis. Net nëmmen d'Schouלקlassen. Ech maachen och Reklam fir all aneren, och de Gemen-

gerot kéint eng Kéier do hinner goen. Mä et ass awer och fir d'Schouלקlassen adaptéiert. Mir hunn dat extra als Centenaireskado fir jiddweree gemaach. An ech denken, dass mir als gréisste Gemeng, wann eis Enseignanten op d'Idee solle komme fir en Ausflug ze maachen, datt se dann och dorunner sollen denke fir dat mat hire Kanner, mat hire Schouלקanner kucken ze goen.

Dëst gesot, Här Tonnar, soe mer nach eng Kéier Merci fir déi ausféierlech Presentatioun. Mir stinn zu der éffentlecher Schoul als LSAP well et eng gläich Chance fir all Kand erméiglecht an dofir ass all Euro deen am Budget steet fir Schoulen, ass en Euro fir d'Zukunft a fir déi positiv Entwicklung vun eiser Stad an duerfir ginn ech lech den Accord vu menger Fraktioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Dann äntwert den Här Schoulschäffen. Ah, entschëllegt, Här Huss, ech hat lech net gesinn. Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Ech wollt och ofwaarden. Ech hu mech esou spët gemellt, wëll ech am Fong ofwaarde wollt wat vun der Oppositioun zu dëser Schoulorganisatioun géif gesot ginn. Ech wëll awer plutôt aner Saache soen, well ech am Fong fannen, datt net vill gesot ginn ass.

Ech wëll awer ufänken, traditionell mat eppes wat ech hei nach bei all Schoulorganisatioun zu Esch gesot hunn zënter datt ech hei am Gemengerot sinn a wat ech aus Tradition dann och nach eng Kéier soen hei: Mir sinn der Meenung, datt d'Relioun net an eng Schoul era gehéiert. Dat heescht dass also de kathoulesche Schoulunterricht net era gehéiert an traditionell hunn ech dann déi Joere virdrun, dat maachen ech dann och haut, ëmmer erëm gesot. Mä leider hat do eis Gemeng keen Afloss dorop fir dat eleng kënnen ze ännere wat um nationalen Niveau misst gemaach ginn, wann et do zu Ännerunge sollt kommen.

Dat gesot, wëll ech awer gläich och eisem Schoulschäffen an eise Servicer Merci soe fir déi vill Aarbecht, well dat ass vill Aarbecht esou eng Schoulorganisatioun op d'Been ze bréngen. Ech mengen, datt si dat och dëst Joer erëm eng Kéier ganz gutt gemaach hunn. An ech wëllt am Fong awer op e puer Problemer agoen déi ech mengen awer nach hei zu Esch bestinn. Dat heescht, och wa mer elo eng gutt Schoulorganisatioun presentéieren,

heescht dat net, datt mer an der Schoul keng Problemer hunn. Ee vun de Problemer dee mer hunn, ass deen datt eis Bevëlkerung an deene leschte Joere gewuess ass. A wann eng Bevëlkerung wüsst, da wüsst normalerweis och d'Zuel vun de Kanner a mer bleiwen also virun enger permanenter Erausfuerverderung fir neie Schoulraum ze schafen. Ech wëll dat hei nach eng Kéier widderhuelen. Mir haten et scho bei de Budgetsdebatte gesot, datt ee muss an eisen Aen drun denken am Zentrum an eventuell och am Quartier Brill a Richtung Hiehl eventuell nach neie Schoulraum ze schafen. Dat hu mer awer zesumme scho gesot. Do sinn ech ganz optimistescht datt mer dat an den nächste Joere wäerte kënne maachen.

Wat elo déi Geschicht vun de Contingenten a vun de Coefficienten ubelaangt, nodeem dat berechent ginn ass, dat ass jo an der Stad da berechent ginn, do sinn ech effektiv och der Meenung, obscho mer da wann déi Zuele stëmmen déi den Här Baum hei virgedroen huet, 1% wat mer do bäi kritt hunn, 25 Stonnen, datt ech der Meenung sinn datt dat effektiv net duer geet a mengen Aen. Dat heescht, do sinn ech der Meenung mir hunn awer reng am Vergläich zu enger ganzer Partie vu Landgemengen, hu mer awer hei, net nëmmen hei zu Esch, mä och an anere Stied, och zu Déifferdeng a muenche Quartiere vun der Stad Lëtzebuerg an enger Rei vun anere Plazen, hu mer einfach méi héich Prozentzuele vun Auslännerkanner déi einfach vun der Sprooch hier, vun hirem sozialen a vun hirem kulturelle Background hier méi Problemer hunn. An eleng dat géif a mengen Ae berechtege fir datt mer bei deem Contingent och als Escher, net eleng als Escher, mä datt awer Stied wéi Esch oder Stied déi ähnlech Problemer hu wéi Esch do besser missten ewech kommen.

Dat ass richteg wat hei gesot ginn ass, ech wëll dat och hei ënnersträichen, mä wann een hei eis Escher Schoule kuckt a se matenee vergläicht, an och fir op déi Diskussioun anzegoen déi hei gefouert ginn ass vum Wiessel vum Schoulsecteur an esou, vun Demanden déi do virleien, ech wëll dat och hei nach eng Kéier ganz däitlech soen, am Quartier Brill oder am Quartier Brouch oder Quartier Groussgaass egal, och an anere Quartieren, halen Enseignante Schoul déi a mengen Aen déiselwecht Valeur hu wéi an anere Schoule wou d'Elteren dann hir Kanner hischécke wëllen, anscheinend. Dat heescht

dat ass ganz kloer. Déi Enseignanten hunn déiselwecht Ausbildung, datselwecht Engagement wéi dat an anere Schoulen de Fall ass, esou datt am Fong eleng vun dohier gekuckt, e Kand wat do an d'Schoul geet, keng méi schlecht Ausbildung kann hu wéi an deenen anere Schoulen. Et sinn Enseignanten no deene selwechte Regeln ausgebildt a mat där selwechter Motivatioun wéi an anere Schoulen, heiansdo souguer mat méi Motivatioun wat een heiansdo ka feststellen.

Dat gesot an dann op dat anzegoe wat den Här Jaerling gesot huet, 99% ass hien domat d'accord, mä dann ass 1% wou ee misst Ausname maachen. Also Här Jaerling, dat kléngt ganz gutt wann een dat esou seet. De Problem ass awer, wou d'Ausnamen da bestinn, wou déi Ausnamen da solle bestinn. Well jiddwer Elteren dee seng Kanner dann an eng bestëmmte Schoul net wëll schécken awer och Ursaache fënnt an Ursaache kann invoquéiere firwat da grad säi Kand dann net dohinner kéint goen. Dat heescht, do loosse sech ëmmer dausend Argumenter fanne fir ze soen, hei mäi Kand misst awer elo dohinner goen. Dat ass ganz schwierig fir dat ze maachen. Dat kléngt gutt, 1% Ausname missten awer kënne diskutéiert ginn, dat ass awer schwierig. Ech menge mir sollen eis un déi Regel halen. Hätte mer eis vläicht virun 20 Joer schonn un déi Regel gehalen, da wiere mer haut an enger anerer Situatioun.

Dann e puer Remarquen iwwert d'Schoulreform mat deenen d'Enseignante jo grad elo d'ëst Joer an d'nächst Joer befaasst ginn a wat natierlech fir d'Enseignanten net ganz einfach ass, well dat awer och eng ganz Partie vun Ëmstellung mat sech bruecht huet a mat sech nach wäert bréngen. Ech muss soen, datt ech där Schoulreform, déi ass net hei zu Esch gemaach ginn, mä déi ass um nationalem Niveau gemaach ginn, relativ skeptesch vis-à-vis stinn. Et ass gesot ginn, den Här Codello huet gesot: Eng revolutionnär Reform. Ech sinn do vill méi skeptesch. Ech sinn do vill méi skeptesch wat d'Resultater vun där Schoulreform hemo a 5 oder an 10 Joer wäerten ubelaangen. Well de Problem deen ass wa Kanner, ech ginn en einfacht Beispill, wa Kanner net méi kënne duerchfalen, wann dat ausgeschloss gëtt, an dat mierkt een, déi Kanner déi einfach virukomme mä déi hu jo de Stoff net vun där Klass an där se waren. Et kann een ëmmer soen, si kënne de Knet eng Idee méi spët opmaachen, da kënne se dat nach nohuelen. Mä am Prinzip

ass et awer esou, wa Kanner vun Ufank un en Echec hunn, dat heescht datt se et net packen an trotzdem mat duerchgehoill ginn, dann ass dat fir mech e Problem well dat dozou ka féieren, am grouesse ganze gesinn, datt awer op eng Kéier mat all Schrëtt an der Pyramid déi no uewe geet, d'Wësse wat erfuerdert do ass, einfach net méi duer geet. An da kann et dozou kommen, wat eng Enseignante mer nach virun 8 Deeg nach gesot huet, datt Leit am Premièresexame sëtzen déi Däitsch schreiwen also praktesch wéi am 3. Schouljoer. Ech mengen et kann ee soen et ass schéin, mir hunn eng gutt Schoulreform gemaach, mä ech mengen et soll een awer och ëmmer skeptesch bleiwe wat d'Resultater ubelaangt.

An do kënnt a mengen Aen nach en anere Facteur do derbäi iwwert dee praktesch ni geschwat gëtt. Ech hunn en hei schonn d'lescht Joer bei eiser Ried ugeschwat. Ech hu vu Problemkanner geschwat, déi ëmmer méi heefeg géife ginn. Problemkanner beispillsweis, wou se och um offiziellen Niveau gesot hunn, mir kréien ëmmer méi Kanner déi obèse sinn. Dat heescht, déi ëmmer méi déck sinn an déi obèse ginn an déi immens Schoulproblemer a Verhalensproblemer do-duercher kréien. En anere Problem, dee wäit doriwwer eraus geet, ass deen, deen um internationalen Niveau immens diskutéiert gëtt. Hei am Land leider nach net genuch. Mä deen immens um internationalen Niveau diskutéiert gëtt ënnert der Fro, ob eis Kanner an der Moyenne ëmmer méi domm ginn. Op lëtzebuergesch gesot, ëmmer méi domm ginn. Dat heescht ob hiren IQ tendenziell ëmmer méi fällt. Mir hunn ëmmer méi Kanner, souwisou wat mer scho feststellen, dass ëmmer méi Kanner Konzentratiounsschwierigkeeten hunn, Lernschwierigkeeten hunn an esou virun. An dat ass en Trend deen net hei zu Esch ass, dat ass en Trend deen national an international esou ass. An do ginn et Wëssenschaftler weltwäit, déi warnen dofir, datt déi neurologesch Entwécklungsfäegkeet vun eise Kanner ëmmer méi géifen ageschränkt ginn duerch d'Belaaschtungen an eiser Ëmwelt déi do sinn, déi d'Kanner belaauchten. Ob dat elo Bläi ass, ob et Quecksëlwer ass, ob et Weichmacher am Plastik sinn, ob et Elektromog ass an esou virun. Dat si Saachen déi hunn eng Auswierkung. Dat seet iwwerens haut souguer d'Weltgesundheitsorganisatioun, seet dat haut datt dat esou wier. An ech mengen, datt een dat an deene leschten 10, 20 Joer ëmmer

méi feststellt, datt carrément et zu ëmmer méi Problemkanner kënnt déi dat dann net méi packe kënnen. Déi den normale Schoulprogramm wéi mer virun 10, 20 Joer, déi se virun 20 Joer nach gutt gepackt hunn, haut net méi packe kënnen. An déi Zuel vun deene Kanner hält ëmmer méi zou duerch déi Belaaschtungen deenen d'Kanner an d'Bébéen ausgesat sinn, schonn deelweis während der Schwangerschaft, wann d'Mamm esou Gëfter op hir Kanner iwwerdroen. Dat si Fakten. Dat ass esou. An de Problem ass dat sech dat dann och nach zousätzlech zu eventuell sozialen oder kulturellen oder Sproochproblemen nach dozou gesellt, esou datt mer tendenziell ëmmer méi Problemer kréien déi sech allerdéngs net nëmmen op Esch hei bezéien. Dat ass eng Situatioun déi praktesch iwwerall de Fall ass an dat ass e Problem dee mir ze denke gëtt. Da wann ech dat kucke par rapport zu enger Schoulreform déi dann déi Reforme mécht esou wéi se gemaach gi sinn, dann hunn ech ganz grouss Zweifel ob mer net an deenen nächsten 10, 20 Joer insgesamt a Schoulproblemer erakommen, an Ausbildungsproblemer erakommen déi eis, naja, déi eis wäerten eventuell dépasséiere wann dorunner näischt geännert gëtt. Dorunner misst eppes geännert ginn. Déi Problemkanner déi hu mer natierlech och lokal. Dat gëtt et. Et ass haut an der Moyenne, kënnt Dir praktesch kucken, an all Klass oder an all Klass hutt Dir een zwee esou Problemkanner haut schonn. Ech mengen, dat ass haut schonn esou an dat riskéiert zou ze huele wann do och op deene Froe vun der Gesondheet vun eise Kanner präventiv näischt gemaach gëtt.

Wat kann ech nach soen? Ok, dat bréngt mat sech, zum Beispill, datt wann ee mat Enseignante schwätzt, datt Enseignanten heiansdo engem soen, ech komme mer ëmmer méi vir als e Sozialarbechter, ëmmer manner als en Enseignant. An dat ass natierlech e Problem, gell, well wann dat ëmmer méi zouhëlt, wann am Fong d'Enseignanten am Fong praktesch ëmmer méi, net gezwonge gi mä an eng Richtung gedréckt ginn, datt se praktesch d'Erzéiungsaarbecht vun den Eltere mat müssen iwwerhuelen, dann ass dat effektiv e Problem dee fir d'Enseignante keen einfachen ass.

Ech wollt just puer esou kritesch Bemierkungen hei soen, déi awer elo näischt ze dinn hu mat eiser Schoulorganisatioun hei elo vun Esch. Ech wäert déi selbstverständlech och hei

stëmmen, mä ech mengen et muss een awer hiweisen op eng Rei vu Problemer déi an der Educatioun insgesamt hei am Land wäerten op eis zoukommen, déi deelweis schonn ugefaangen hunn ze sinn, mä dann an den nächste Joere riskéieren nach méi staark ze ginn. Dat gesot, wéi gesot stëmmen ech natierlech jo a soen nach eng Kéier Merci dem Jean Tonnar fir seng Presentatioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dann ass et um Här Tonnar. Merci, Här Huss.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Merci fir Ären Intérêt alleguer. Ech wëll deene 5 déi Stellung geholl hunn, kuerz äntweren.

Här Jaerling selbstverständlech wann ech den Enseignante Merci soen, ass et och fir all déi aner, sief dat Concierge oder Entretien, alles wat et an eise Gebaier gëtt. Dir hutt awer ganz recht déi Remarque nach eng Kéier ze maachen.

Wat d'Secteurs ugeet, do muss ech eng Remarque maachen, an ech mengen den Här Baum huet se ugedeit. Et sinn net d'Sozialfäll déi esou vill Differenze froen oder gär extra Saache froen. Et si meeschtens déi net. Ech muss dat ganz kloer soen an ech mengen dat ass och hei vun eis alleguerte gewosst, déi Convenance personnelle ass net déi Fäll.

Wat d'Kanner ugeet, déi net aus Esch kommen, do hate mer ronn eng Dosen Demanden an de Schäfferot deen duerfir zoustänneg ass, huet déi all ugeholl. Ech wëll dat ganz kloer soen. Ech hunn dat net gesot, ech hunn dat vergiess. Et ass gutt, dass Dir dorobber ugesprach hutt. Déi ronn eng Dosen Demanden hu mer integral all hei zu Esch ugeholl. Dat ass fir déi Remarque.

(Interuption)

Nee, do si mer méi recalcitrant an do hate mer d'ës Joer – jo esou nennt een dat – oder méi retizent oder méi streng, well mer awer fannen et kann een awer och net, ... Jo. Ech weess dat ass e Problem. Ech hunn dat mueren, sinn ech a mengem Bett vun der Madame Spautz oder vum Här Berger erwächt ginn déi um Radio vu gëschter iwwer Logement geschwat hunn a wou gesot ginn ass, dass Dausenden, an ech weess dat, vu Famillje müssen an d'Ausland goen.

Bon, Här Jaerling, de Syvicol do sinn ech net dran an an der Chamber sinn ech och net, esou dass ech do keng Stellung kann huelen. An ech loosse dann déi déi do dra sinn, kënnen dann eng Kéier doriwwer Stellung huelen.

D'Madame Hildgen huet selbstverständlech mat Recht gesot, d'Kand steet am Mëttelpunkt. Dat ass och eist Zil. D'Ganzdagsschoul, déi nei Kreatiounen déi gi vum Ministère iwwerholl, déi sinn och net méi ausgeschriwwen ginn e Samschdeg an der Zeitung, well de Ministère déi iwwerhëlt.

Da kommen ech zum Här Baum an och zur Madame Hildgen an zum Här Huss iwwert déi Contingenten. An do muss ech awer soen, Här Baum, ech verstinn net richtig, well ech hat gemengt mer lénge op enger Linn. Ech hunn hei mech beklot iwwert dee Contingent. An Dir beklot lech och an Dir sot, dat wär awer dem Schoulschäffen oder der Schoulorganisatioun hire Problem an dann zitíiert Dir e Règlement grand-ducal vum Februar 2010? Mä mir maache kee Règlement grand-ducal. E Règlement grand-ducal setzt fest, d'Facteurs socio-économiques an da gëtt festgehalten, dass Esch e Facteur 1,81 oder 1,87 huet. Dat heescht, mir hunn dee Facteur a mir kréien da bal 2 Enseignante fir ee gutt gerechent. An déi hu mer. An dat Beispill wat Dir gesot hutt, do muss ech dat awer och da kloer stellen. Ech fannen dat e super Projet den Ale Lycée, mä do geet dee Contingent dann natierlech net méi op well déi extrem niddereg Effektiver haten. Dat muss een dann awer och soen an dat erkläert, firwat déi dann net méi an deem Contingent dra sinn. Déi hate ganz, ganz niddereg Effektiver. Mä dee Contingent hu mir net erfonnt an ee vu menge leschte Sätz war, dass mer do riskéieren an eppes ze kommen, dass mer dann Enseignanten astelle wéi an enger Privatschoul fir dee Contingent opzestocken deen de Règlement grand-ducal eis net gëtt.

De Problem vun de Secteurs mengen ech, hunn ech abordéiert. Här Codello. Déi Re-nseignement déi kënne mer nach eng Kéier ginn. Ech mengen déi hate mer d'lescht Joer en cours d'année eng Kéier ginn, iwwert den Taux de réussite oder den Taux d'échec.

Wat d'Bibliothéiken ugeet, do ass coquasseweis just dat Gebai wou all Mënsch wëll hin, ass keng Bibliothéik. Ech weess net ob duerfir d'Leit wëllen all dohinner goen, mä ech soen

awer ganz kloer, dass mer amgaang sinn eng ze organiséieren a wa mer hoffentlech déi Casa d'Italia mat Veräiner geschwënn an der Rei hunn, kréie mer do Säll fräi déi eis extrem wichteg si fir eng Bibliothéik kënnen do ze amenagéieren.

D'Hausaufgabenhëllef sinn ech ganz mat lech d'accord.

An déi Geschicht Waassersyndikat SES géif ech bieden, dass mer dat op de Schiem „à tous enseignants“ setzen, fir dass eis Enseignanten dat gewuer ginn an eventuell deen Dokumentatiounscenter eng Kéier visitéieren als Ausfluch, wat ech eng ganz flott Saach géif fannen. En plus ass et eng ganz flott Géigend vum Land déi wéineg bekannt ass.

An den Här Huss dee seet Problemer bleiwe Problemer. Selbstverständlech an déi ginn och wahrscheinlech net méi kleng mat dëser Organisation scolaire a mat dësem Joer wat kennt. Dat si mer eis ganz kloer bewosst an d'Zuel vun de Kanner steigt. Mä, wéi d'Madame Hildgen et gefrot huet, d'Nonne-wise Schoul geet op, déi gëtt normalerweis fäerdeg sauf dass eng gréisser Katastroph kéim.

A meng lescht Remarque, wier ech ganz traureg wa mer net unanimement déi Schoulorganisatioun géife stëmmen, well ech fannen eng Schoulorganisatioun ass kee politesche Punkt an där Hinsicht, dass se net kennt vun alle Parteie gedroe ginn. Et ass eng Propose an et ass eng Organisatioun déi wierklech am Intérêt vun all eisen Escher Kanner gemaach gëtt an duerfir fannen ech, dass mer alleguerten heibannen déi hei sinn, sollen hannert där Organisatioun stoe well déi Organisatioun ass am Intérêt vun eise Kanner a wierklech net zur Polemik. An duerfir war jo och de Mueren hei jo ganz wéineg Polemik an ech soen lech duerfir e ganz grouse Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci, Här Schoulschäffen. Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert d'Schoulorganisatioun.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly

Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal accepte l'organisation scolaire par 11 voix oui, 1 voix non et 1 abstention.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Roller et Weidig. Le conseiller Baum a voté non. Le conseiller Jaerling s'est abstenu.

Den Här Jaerling wëll seng Abstentioun begrënnen.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, et ass net d'Schoulorganisatioun déi ech a Fro stellen

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et ass awer just déi déi zum Vote steet.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech wëll just soen, ech hu mech enthalte well déi Äntwerten déi ech hei kritt hunn, mech net befriedegt hunn. An zweetens hunn ech mech enthalte well eng Prozedur net respektéiert ginn ass, déi hei vum Gemengerot agefouert ginn ass. An zwar wéi de Minerval ofgeschaaft ginn ass, ass hei kloer gesot ginn, dass all Joer all Demanden déi erakéime vu Leit aus anere Gemengen oder vun auswäerts, dass déi hei géifen am Gemengerot am Huis clos behandelt ginn. An et kann net sinn, dass elo gesot gëtt de Schäfferot huet déi all akzeptéiert. Domatter kann ech net d'accord sinn. De Schäfferot huet dat Recht net fir déi ze akzeptéieren. Dat huet nëmmen de Gemengerot. Also ass eng falsch Prozedur akzeptéiert ginn an dat kann ech net akzeptéieren. Mir sollen eis un déi Prozeduren halen déi mer ofgemaach hunn. Et ass um Gemengerot fir Kenntnis ze kréie vun deene Leit déi déi Demande maachen. Dat war eng vun de Konditiounen wéi mer de Minerval ofgeschaaft hunn an ech géif lech bieden lech an Zukunft dorunner ze hale well soss kann ech déi Schoulorganisatioun, ... d'nächste Kéier stëmmen ech da mat Nee.

Also. An da wär ech frou an dat hunn ech hei gefrot, wann d'Conseiller géifen iwwert all Demande fir eng Klass ze wiesselen informéiert ginn, vertraulich, iwwert dee System

dee mer hunn, dass mer wësse wou d'Problemer leien, an dass mer dann och eng Kéier hei am Huis clos kënnen doriwuer diskutéieren.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Ech äntweren lech ganz kuerz. Ech mengen, iwwert déi Minervalskanner hu mir kee Problem, au contraire, wann dat hei à huis clos gekuckt gëtt. Well ech si ganz frou net eleng eng Responsabilitéit ze hunn. Fir dat anert wëll ech awer trotzdem soen, hu mer awer och eng Schoulkommissioun. Mir kënnen awer och net, de Gemengerot kann awer net alles maachen, duerfir si jo Delegéierter an der Schoulkommissioun a mir hunn all déi politesch Delegéiert gehalen an dat ass de Rôle. An duerfir wollte mer jo déi Zuel net erofsetzen an ech fannen déi muss awer och hir Responsabilitéit huelen.

Dir hutt an Ärem Dossier de Règlement interne dee stëmme mer net, well mer wollten déi all matenee stëmmen, dat ass vun all Secteur. Mir wollten déi all eng Kéier mateneen huele wann déi kommen.

6. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Schäffe Félix Braz (DÉ GRÉNG): D'Verkéisersreglementer sinn alles temporär Reglementer an ech géing lech duerfir bieden déi ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote fir d'Verkéisersreglementer.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Paul Weidig

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation.

7. Conservatoire de musique: Organisation scolaire provisoire 2010/11; décision

Mir géingen dann direkt eise Schoulschaffe weider d'Wuert gi fir de Conservatoire de musique a mir huelen dann hemo d'Règlements de circulation.

Schaffe Jean Tonnar (LSAP): Merci. Ech wollt lech nach zu den Enseignanten eppes ginn. Ech hunn elo grad d'Informatioun kritt wat mer gëschter sollte kréien. Et sinn 23 nei Schoulmeeschteren zu Esch affectéiert ginn. Dat ass eng ganz gutt Nouvelle. Dat sinn déi nei brevetéiert déi et gepackt hunn. Dat si mer elo grad gewuer ginn. Da weess den Här Thorn dat och.

Sou, wat de Conservatoire de musique ugeet, do sinn ech ganz kuerz well mir hunn all Joer déi exzellente Dokumentatioun a Presentatioun vum Fred Harles. Ech wollt dann hei dem Fred Harles stellvertriedend fir all d'Enseignanten an dann och all déi aner, Här Jaerling, da brauch Dir et net ze maachen, e ganz grouse Merci soen. Ech mengen, mer kënnten dat all geschlosse maachen, well dee Conservatoire, dat fonctionnéiert esou gutt an dat ass e Conservatoire wéi mer e wäit a breet net fannen. Dee concouréiert mat ganz grouse Conservatoires am Ausland. An déi Leit déi hei Kanner hunn, déi do dra sinn, déi wëssen, dass et net einfach ass, dass vill gefrot ass, mä dat ass awer och duerfir e positivt Resultat.

Dir hutt déi provisoresch Organisatioun an ech géif lech bieden déi dann eestëmmeg ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Madame Hildgen.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Ganz kuerz hei zur Organisatioun vum Conservatoire. Den Här Tonnar huet dat elo richteg gesot, dat fonctionnéiert exzellente. Wat mir wëllen als Partei awer soen a positiv ervirhiewen, dat ass datt mir den Droit d'inscription, datt deen net gehuewe gëtt. Well et ass eng grouss Fro uechtert d'Land, haaptsächlech och wat d'Musekschoulen ubelaangt, datt do d'Gemenge soen, mir packen et net méi. De Stat muss entweder bäisteieren, respektiv, mir mussen den Droit d'inscription erhiewen an dat ass haaptsächlech am Norde vum Land wou dat ganz konsequent gemaach ginn ass a substantiell gemaach ginn ass. An do hu mir eis Froe

gestallt, wéi wier et da wann een zwee, respektiv dräi Kanner hätt a mir missten déi Sue bezuelen als Droit d'inscription, dann hätte mir ganz vill Kanner hei zu Esch déi net méi kënnten an de Conservatoire goe well et finanziell fir verschidde Familljen net méi ze droen ass. An duerfir si mir ganz begeeschtert, datt den Droit d'inscription bliwwen ass. Ech fannen dat ass eng sozial Décisioun an Esch steet fir sozial ze denken an ze handeln an et ass haaptsächlech dat wat mir immens apprécieieren an ech mengen mir sollen dat och bäibehalen, quitte dass de Conservatoire kascht. Mä Kultur kascht ëmmer a Kultur ass par définition defizitär. Wann een awer kuckt wéi vill gutt Leit hei erauskommen aus dem Conservatoire, déi international eng Renommée kréien hemo, da kënnen mer soen och mir hunn en Deel dozou bäigedroe fir de Kanner dat ze applizéieren.

Wat e bësselchen, wann een an d'Zukunft kuckt, dat därer ee jo awer heiansdo, et därer een och heiansdo dreemen, an et hofft een och datt déi Dreem heiansdo an Erfëllung ginn, da géife mir virschloe fir mol eng Kéier driwwer nozedenken, vu datt Esch elo d'Uni op Esch kritt, fir och ze kucke fir de Conservatoire, datt deen och do vläicht e bësselche méi eng Bedeitung kritt. Well Reklamatiounen kommen heiansdo vum Auslänner, déi vu wäit hierkommen, déi hei am Conservatoire hiren éischte Präis maachen, déi hei am Conservatoire erausgi mat enger exzellerter Bildung, déi awer, wa se op eng aner Héichschoul kommen, datt dat net unerkannt gëtt. An dat ass e bësselche Schued, well ech mengen deen Diplom dee se hei kréien, deen ass zum gréissten Deel equivalent zu engem Unisdiplom vum enger Héichschoul am Ausland. An et si verschidde Leit déi do Plaze kréien, déi ugestallt ginn, net deemno bezuelt ginn, well eben dee Schäin hinne feelt. D'Qualifikatioun ass do, d'Wëssen ass do, d'Kënnen ass do, a firwat solle mer net eng Kéier driwwer nodenken, et muss natierlech national gemaach ginn, fir verschidde Conservatoires absolut ze revaloriséieren an ze soen, mir versiche fir déi e bësselchen ze hiewen, respektiv ech wëll elo net soe fir eng Héichschoul draus ze maachen, mä datt hemo déi Diplomer mat deenen d'Leit hei erausginn, datt déi och international unerkannt kënnen ginn. Dat ass e bësselche mäin Dram fir d'Zukunft. A mir wëssen datt dat net einfach ass, well d'Conservatoires am ganze Land déi si kommunal. An eppes wat esou décidéiert

gëtt dat muss dann op nationalem Plang décidéiert ginn an ech mengen Esch ass Virreider. Dat wësse mer allegueren. Mä et wier vläicht interessant eng Kéier driwwer nozedenken, an der Zukunft, ob een do net um nationale Plang eppes kënnst änneren. A mir géifen dat matginn un déi Leit, déi an der Chamber sinn, datt déi vläicht do e bësse géife probéieren fir dat ze änneren, respektiv fir mol eng Kéier ze kucke fir dat op eng Chaîne ze setzen.

Ok, ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. Den Här Weidig.

Paul Weidig (LSAP): Ganz kuerz. Et brauch ee sech am Fong nëmmen unzékucke wou alleguer déi Schüler hierkommen déi hei zu Esch am Conservatoire sinn. An do staunt een. Si kommen net nëmmen aus dem ganze Land, mä se kommen och aus dem Ausland, a souguer vu relativ wäit hier. An dat ass en Zeeche fir déi gutt Qualitéit vum Unterricht déi hei ugebuede gëtt. A wann ech déi Chifferen do gesinn, a wann ech héieren, dass ganz oft d'Solidaritéit ugefuerdert gëtt vun deene grouse Stied, virun allem och vun Esch par rapport zu deene méi kleng Gemengen muss ech och mol eng Kéier hei soen, dass mer hei als Stad eng grouss Virleeschung bréngen, an dat fir déi aner Gemengen am Inland an am noen Ausland.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Dann äntwert den Här Tonnar.

Schaffe Jean Tonnar (LSAP): Jo, ech mengen dat si ganz schéin Dreem. Ech kann lech nëmmen ënnerstëtzen an ech wier ganz frou wann dat esou géif goen. Ech sinn och frou, dass Dir déi Remarque gemaach hutt vum Droit d'inscription. Mir hunn driwwer net laang geschwat well mir sinn der Meinung dass bei deem Montant, ech wëll dee mol eng Kéier nenne wat de Conservatoire d'Joer d'Gemeng kascht, dat si 6 Milliounen Euro. Wou mer natierlech e bëssen erëmkreien, mä ech wëll dat awer ervirhiewe wat dat eis kascht. An duerfir hu mer fonnt, dass dat dann net eppes géif brénge wa mer do e puer Famillje géife Sue froen, dat géif bei deem do Montant, egal wéi, keen Ënnerschied bréngen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire provisoire du conservatoire de musique de l'exercice 2010/11.

8. Etat des restants à recouvrer de l'exercice 2009; décision

Sou, mir kéimen dann zu Punkt 8. Dat ass wéi all Joer de Restantenétat esou wéi dat all Joer leider de Fall ass. Mir hunn lech eng Lëscht dobäi geluegt, de ganze Chiffer ass 2.744.754,05 Euro. A mir géingen lech bieden deem Är Zoustëmmung ze ginn. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'état des restants 2009 présenté par Monsieur le receveur communal.

9. Questions de personnel (création et suppression de poste; réduction et prolongation de stage); décision

De Punkt 9, Personalfroen. Här Personalschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. An engem decken hallwe Joer geet eisen Theater erëm op. Mir hu ganz vill Geld an den Theater investéiert. Mir hunn och ganz vill Geld an nei Technike vum Theater investéiert, esou dass mer elo musse kucke wéi mer deen Theater da bedreiwen. Duerfir hu sech verschidde Réorganisatiounsmesuren opgedrängt déi zesumme mat der Direktioun vum Theater an zesumme mam Kulturschäffen

ausgeschafft gi sinn. Et ass och mat den Delegatiounen geschwat ginn an et sinn natierlech dann och nach individuell Gespréicher déi mer musse féieren.

Wéi gesäit den Theater dann herno aus a wéi ass d'Organisatioun? Mir hunn den Direkter dee bleift do an dat ass och een Direkter an dat ass och deesewechten. Mir hunn awer e Chef de service administratif dee kuerz virun der Pensioun ass. Duerfir proposéiere mer, dass mer elo dann e Poste créieren dee mer da besetze mat enger Persoun déi schonn Erfahrung huet wat mer natierlech ausschreien. An duerno, wann d'Madame Harles a Pensioun ass, dee Posten och erëm suppriméieren.

Mir hunn ee Posten, dee fräi ginn ass an enger Carrière B1. Mer proposéieren deen erop ze graden op e Carrière C oder D fir dem Direkter zur Säit ze stoe wat den administrativen Deel ugeet an och fir d'Relatiounen ze maachen tëschent dem Service culture an dem Service PR an dem Theater. Natierlech gëtt dee Posten B1 da suppriméiert. Mer hunn en anere Posten deen elo besat ass wou eng Procédure de mise à la retraite amgaangen ass, dee mer dann och duerno dee Poste suppriméieren. Mir hunn e Poste wou transferéiert ginn ass an en anere Service a proposéieren deen dann do definitiv ze créieren an zwee Postes à mi-temps fir an d'Keess ze créieren, Carrière B1 oder C, wou awer kloer mi-temps ass wann déi Leit solle mëtten an owes schaffen.

Zum techneschen Deel, an et ass do wou mer awer wahrscheinlech am meeschten elo réorganiséieren, do hu mer de Moment ee Poste vum engem Préposé technique an zwee Poste vu Préposés techniques adjoints. D'Proposition ass fir zwee nei Posten ze créieren an zwar als Bühnenmeeschter, Régisseur de plateau heescht dat, an déi Poste solle créiert ginn am Statut vum Salarié an och als Artisan oder Artisansmeeschter. Mer wäerten zwar do net onbedéngt hei am Land déi néideg Kompetenze fannen, mä mir mussen do wahrscheinlech an d'noot Ausland recrutéiere goen. A mir proposéieren och e Posten ze créieren als Bellichter, als Eclairagiste an dat ass och eng Handwierkerkarrière.

Wat geschitt elo mat deene Leit déi do sinn? Mir hunn zwee Leit déi nach do sinn. Mer froen déi natierlech, ob déi sech interesséiere fir ee vun deene Posten. Bon, do ass ee vun deenen dee kuerz virun der Pensioun ass. En

anereren huet awer och scho gefrot fir aus dem Theater eraus ze goen. Et bedeit natierlech, dass déi Leit mussen intensiv Schoulunge maachen ab Oktober fir mat deenen neien Techniken eens ze ginn. Beim Constructeur an Däitschland, also dat si Schoulungen déi net eng Kéier 2,5 Stonn dohi ginn an duerno e Patt huelen, fir et mol esou ze soen. Dat si Schoulunge wou déi Leit wierklech Woche musse goen a wou mir och gär Certificaten herno hätten, dass déi Leit à même si mat där Technik eens ze ginn. Déi Formatiounen, an dat war och an der initialer Offer mat dran, dass déi Leit musse geschoult ginn. An de Kulturschäffen huet d'Rendez-vous'en ausgemeach fir elo mat deene Leit alleguer individuell ze schwätzen, wéi se bereet sinn dat ze maachen. Ech mengen, mir hunn dat och mam Ausschuss diskutéiert. Dee steet och voll hannert där Linn fir ze soen, déi Leit musse sech dann och mat deem neien Challenge auseemesetzen datt se dann och déi Schoule maachen. D'Gemeng finanzéiert se, den Employeur finanzéiert se, dat ass evident. Dat kann net anescht sinn, mä et ass awer och dofir net ze négociéieren, dass d'Formatioun muss sinn, well et sinn iwwer 4 Milliounen nei Technik déi do installéiert ass. Héich sophistikiert. Also et ass net fir domat ze spillen.

Duerno proposéiere mer och fir eng Equipe vun 9 Ouvriers de scène. Mir hunn der elo 10, fir awer elo an Zukunft eng vun 9 Ouvriers de scène ze hunn, Salariéen, fréier Aarbechter, déi dann awer och geschoult ginn. Déi déi elo do si ginn natierlech geschoult, mä et sinn eenzel Plaze fräi an et muss een do och mat all Mënsch en individuell Gespréich féieren ob hie sech deem Challenge vun der Schoulung wëllt stellen. Dat ass also eng Equipe vun den Ouvriers de scène.

Dann hu mer an dem Personnel de salle, do hu mer de Moment eng Equipe vun 12 Leit déi awer ëmgerechent an équivalent temps plein, 6 équivalents temps plein duerstellen. Dir kënnt lech erënneren, mir hunn eng Kéier hei déi Situatioun vun deenen Dammen déi do am Sall waren, regulariséiert andeem mer och do décidéiert hunn, dass dat prioritär Postes de reclassement wäeren. Mir hunn eng Deliberatioun geholl wéi d'Retributioun vun deene Leit soll sinn. De Schäfferot proposéiert elo, dass mer an Zukunft 3 Leit fixe hunn, déi e volle Kader hunn an déi d'ganz Koordinatioun maachen. Dann natierlech bis an deem besteende Kader wou mer hunn awer

eventuell och nach e bëssen driwwer eraus mat Personnel de reclassement fueren. An dat wat net mat Personnel de reclassement kann opgefëllt ginn, dass do mer eng Kartei fir Studentenjobe maache wéi dat a ganz villen Theater, an deene meeschten internationalen Theateren de Fall ass a wou de Kulturschafften, deen awer och Jurist ass, amgaang ass de Moment dee Régime ofzeklären, dass mer kënnen deene Studentinnen a Studenten, dass mer déi no deem selwechte System kënnen remuneréiere wéi d'Ferienjoben déi awer zimlech kloer nëmmen op eng gewëssen Zäit beschränkt sinn. Mä mir versichen awer do och eng Léisung an deem Sënn ze fannen, dass dat jonk Leit sinn déi mer entweder 2e, 1ière also déi mol groussjäreg sinn awer och a Relatioun mat der Universitéit, déi sech amgaang ass ze créieren an do eng ganz staark Vermeschung Theater, Schoul, Uni kréien.

Da bleiwe zum Schluss zwee hallef Poste fir den Accueil an der Pasteurstrooss, wat awer kloer Reklassementsposte si wou mer Leit hunn déi mer am interne Reklassement, déi Mobilitéitsproblemer eventuell hunn a wou mer amgaange sinn eventuell wierklech ee Poste fir e Mënsch am Rollstull auszeweise wou mer amgaange sinn och mam Ministère du travail ze kucken a mat der Administratioun, wéi mer dee Poste kënnen deklaréieren, dass dat wierklech e Poste fir eng mobilitéitsbeschränkte Persoun ass. Dat wären zwou hallef Tächten déi awer dann iwwert de Wee vum Reklassement net méi kaschte wéi eng ganz Täche.

Dat ass en gros d'Organisatioun. Se ass esou mam Theater ofgekläert ginn. Dat sinn d'Idealvirstellunge vum Theaterdirekter a vum der Chef vum Service administratif. Déi do Froe si mat de Personaldelegatiounen ofgekläert ginn. Firwat hu mer elo nach en Agent op d'Dagesuerdnung bruecht? Dass mer elo d'Ausschreiwunge kënnen lancéiere wann déi Gespréicher gefouert ginn. De Kulturschafften, de Jean Tonnar, huet d'Rendez-vous mat de Leit gemaach fir d'Gespréicher ze féieren. Parallel schreiw mer awer och aus, dass mer déi Leit kënnen ab Oktober schoulen, dass se wierklech vum Oktober u geschoult ginn, November, Dezember, Schoulung a Mise en route progressiv vum der neier Technik, dass mer do Leit hunn déi domat kënnen eens ginn. Dass et net geet wéi an engem aneren Theater am Land, wou se och eng héichso-phistikéiert Technik hunn an derniewent eng

Këscht wéi fréier mat Knäppercher fir mat der Technik ze fueren. Also dat wëlle mer nun net maachen.

Am Konkrete bedeit dat, dass mer vu Posten ze créieren hunn elo wat d'Deliberatiounen ugeet, e Posten ze créiere vum engem Employé communal an der Carrière B1 am Service égalité des chances. E Posten ze créiere vum engem Fonctionnaire an der Carrière vum Redakter deen awer eng Expérience professionnelle aqise huet, wou mer also esou ausschreiwen och, wou Dir och virleien hutt wat den Inhalt ass. Natierlech déi Posten ze suppriméieren duerno. Dann an der Keess 2 Posten ze créieren à mi-temps, wéi ech gesot hunn, Carrière B1 oder C. An da par voix de conséquence natierlech deen anere Posten ze suppriméieren. Bei Personnel de salle 3 Posten ze créiere 40/40tel déi vum deene Leit déi mer haut schonn do hunn. An dann e Poste vum engem Pool d'agents auxiliaires ze créiere wéi mer en hei an eiser Deliberatioun de 14. Juli 2006, dat si bal 4 Joer hier. Dann d'Créiere vum engem Pool vu Studenten, déi dann déi Leit, déi Agents titulaires ënnerstëtzen. Mir müssen déi Modalités administratives nach definitiv fäerdeg maachen. Haut géinge mer de Prinzip arrêtéieren a mir kommen natierlech mat der Deliberatioun wou den Detail herno dra läit wéi mer mam Stat eens gi sinn, komme mer an de Gemengerot am Hierscht nach eng Kéier zrëck. Mä haut de Prinzip gutt heeschen, dass mer kënnen an déi Richtung goen.

Dann déi zwee mi-temps Poste fir d'Personnel à reclassement an der Keess, 2 Postes Régisseur de plateau wéi ech et erkläert hunn, 1 Poste vum Eclairagiste an dann natierlech par voix de conséquence déi aner Poste suppriméieren. An och do ass et kloer, dass dat Personal wat do ass, d'Affektatiounsprioritéit huet.

Dat ass dat wat zum Theater ze soen ass a mir hunn herno nach eng Question de personnel Employé, dat ass eis opgefall wéi mer elo eng ähnlech Démarche amgaange sinn en vu vum der Reorganisatioun vum Office social, ass eis opgefall dass eng Persoun do an der falscher Carrière aklasséiert ass. An dofir proposéiere mer déi Persoun dann och an déi richteg Carrière ze klasséieren. Dat ass d'Madame Sonia Rocha Medina.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Ech mengen dat do war esou kuerz virun der Summervakanz nach eng gewaltig Aarbecht, woufir mer dann dem Personalschafften an dem Kulturschaffte Merci soen. Dat ass e ganz professionellen Theater dee mer no eiser Renovatioun do stoen hunn an ech menge mir hätten herno och dee professionelle Staff dee mer brauche fir den Theater do ze géréieren an ze begleeden.

Ech hunn zwou Wuertmeldungen. Här Baum, Här Jaerling.

Marc Baum (DÉI LÉNIK):

Merci, Här Hinterscheid, fir dës Explikatiounen. Et sinn zwou Saachen déi mer opgefall sinn déi ech ganz positiv fannen. Dat ass datt Dir wierklech wëllt op de Wee goe vum der Professionaliséierung, dat heescht e Bühnemeeschter anzustellen, e Belichtungsmeeschter anzustellen, deene Leit déi do sinn eng anstänneg Formatioun ze ginn. Ech mengen, datt dat e ganz wichtige Wee ass. Et sinn an der Vergaangenheet, an ech schwätzen do e bëssen aus eegener Erfahrung, sinn do Problemer an deem Beräich ginn an ech mengen, datt et wichteg ass, dass déi Leit déi do schaffen, wierklech professionell sinn, och fir den Accueil ze maachen. Den Theater wäert jo weiderhin e ganz groussen Deel Accueil maachen an do ass et absolut noutwenneg datt déi Leit déi noutwenneg Formatioun hu fir dat ze maachen.

Wat mir awer net ganz kloer ass, Dir hutt dat elo probéiert ze explizéieren, et ginn immens vill Poste créiert. Et sinn immens vill Posten déi par voie de conséquence suppriméiert ginn an ech hätt mer am Fong gewënscht, datt mer nach méi en iwwersichtlechen Organigramm gehat hätten, well et si jo awer deelweis strukturell Verännerunge wat de Fonctionnement vum Theater ugeet, hätt ech mer gewënscht, datt mer méi iwwersichtlech, a méi enger iwwersichtlecher Form eben dat hei presentéiert kritt hätten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Baum. Den Här Jaerling dann an duerno den Här Codello.

Aly Jaerling (Indépendant):

Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen et ass wéi den Här Baum et scho gesot huet, fanne mer dee richteg Wee fir dat méi ze professionaliséieren an och de Leit d'Méiglechkeet ginn déi néideg Formatioun ze kréien. Eng Formatioun, déi awer bluttnoutwenneg ass wann een nei Technologien asetzt.

Mä ech hunn eng Versteesdemechfro, ech schwätze jo néng Sproochen, awer all op lëtzebuergesch, an dofir wollt ech lech froe wat ass dann eng „une pension de retraite“? Ass dat op lëtzebuergesch iwwersat eng Pensioun an der Rent? Oder wat ass dat? Une pension de retraite, dat hunn ech nach ni héieren, do misst Dir mer awer vläicht erklären ob dat eppes Neits ass, ob d'Pensionsreform schonn duerchgezunn ass an ob dat eppes Neits ass. Wat ass dat „une pension de retraite“?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling, et ass dann um Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Merci, och ganz kuerz. Mir begrëssen och déi voluminéis Personalfroen déi am kulturelle Beräich haut nach op den Ordre du jour komm sinn, well et wichteg ass do déi, wéi den Här Hinterscheid gesot huet, an den Theaterdirekter huet dat och scho bei him virun enger geraumer Zäit ennerstrach, dass déi Leit mussen an eng Formatioun goen. Ech menge mir hunn et sérieux gemengt mat der Renovatioun vum Theater, och wann déi Renovatioun vum Theater wéi et och schonn hei ugeklongen ass, fir de Visiteur Owes net ze gesinn ass. Mä et waren awer dréngend noutwenneg Aménagementter ze maachen an dat huet eis eppes kascht an do huet dat och zur Konsequenz, dass mer herno dat Personal mussen hu wat mat deem Material kann ëmgoe wat mer do gestëmmt hunn, fir dass mer den Theater op engem ganz héijen Niveau hunn. An ech freeë mech, dass mer dat kënnen haut stëmmen, esou dass déi Leit kënnen an hir entspriechend Formatiounen goen, dass se da prett si fir den 8. Januar fir d'Ouverture vum Theater.

Mä ech wëllt awer och begrëssen, dass um administrative Plang och eng gewësse Professionaliséierung an der Kultur an am Theater do dra kënnt. Dee Posten do dee sech éischter ëm d'Relations publiques vum Theater soll këmmen, ass ganz wichteg, well eisen Direkter, dat hu mer par, loosse mer soen et ass eng Traditioun, dass déi lescht Direkteren déi mer hei agestallt hunn éischter artistescher Natur waren. Mir hu keen Directeur administratif a keen Directeur artistique fir den Theater. Mir hunn e Responsable administratif, mä och fir deen ze entlaaschten do elo eng Persoun anzestellen déi sech méi ëm d'Relations publiques bekëmmert, mä deen awer och

héchstwahrscheinlech, ech ginn dat mol mat op de Wee, deen awer och soll d'Relations publiques vun den anere Kulturinstituter, vum Conservatoire och mat maachen. Also, eigentlech wier et jo flott wa mer ee Service Relations publiques hätten an an de Servicer ëmmer eng Persoun déi dem Service Relations publiques zouspilt an zouschafft, fir dass mer och eng eenheetlech Relations publiques' Politik kréien. Mir mussen elo, ech soen elo, dee roude Fuedem an eis Éffentlechkeet, mat e bैसे gréng dran dann, mir mussen dee Fuedem an eis Éffentlechkeetsaarbechte kréien. Duerfir wier et ganz gutt wa mer op de Wee géinge goen, dass all Service eng Persoun hätt déi an deem Service fir d'Éffentlechkeetsaarbecht zoustänneg ass, mä deen awer dem Haaptservice Relations publiques zouschafft. Nëmmen esou kënne mer eenheetlech no baussen déi Politik verkaufen. Den Här Tonnar huet d'éinescht gesot et muss méi no baussen, dass mer entre autre 6 Milliounen Euro fir den Conservatoire ausginn. Also „Tu Gutes und sprich davon“ ass e Sprachwuert wat mir net erfonnt hunn, mä wat mer gären am Alldag ausliewen. Duerfir musse mer eis awer och do professionaliséieren an duerfir begrëssen ech net nëmmen um technesche Volet, mä awer och um administrative Plang, dass mer elo am kulturelle Beräich do op de Wee ginn, mä mir sollen awer och an deenen anere Beräicher lues a lues eis do déi noutwenneg Leit gi fir dat ze maachen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Dann äntwert de Personalschäfte kuerz.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo, Madame Buergermeeschter, Dir wësst dass ech, wann et nëmme geet, ëmmer kuerz äntweren.

Bon, ech mengen ech begrëssen dat a mer si frou, dass déi Aarbecht déi do gemaach ginn ass, souwuel vun der Theaterdirektioun wéi och um Niveau vun de Ressortschäffen, dass de Wee vun der Professionaliséierung hei ennerstëtzt gëtt an och wéi den Här Codello gesot huet, op alle Pläng. Mir hunn net wierklech nëmmen een Deel versicht ze professionaliséieren. Mir hu wierklech den Theater als Kulturinstitut versicht ganz op eng professionell Schinn ze setzen an dat war, c'était la chance ou jamais, fir et elo ze maachen. D'autant plus well altersbedéngt och verschidde Changementter am Raum stinn

déi dat dann och maachen, well déi Leit och hir Experienzen nach kënne mat eraspille loosse.

Zum Här Baum, Dir hutt recht, also mir hätten effektiv a mir wäerten dat noliwweren deen Organigramm wéi en elo sech aus dese Voten hei eraus ergëtt, strukturéiert ass, mä et war eng sportlech Aarbecht fir dat do elo fir haut nach fäerdeg ze kréie well et déi lescht Reunioun war. Dat wäerte mer noliwwere wéi elo d'Struktur vum Theater ass.

Dat zweet, bon eng Pension de retraite, et ass eng Pension de vieillesse oder eng Retraite, Här Jaerling, Dir hutt recht, mä dat ass d'modern Informatik, copy/paste a vergiess eppes auszemaachen. Da kënnt dat do eraus.

Wat wichteg ass hei, mir hunn elo e Rolls Royce an eise Theater vun der Technik a mer hu kee blanne Chauffeur. Mir hunn elo Chauffeuren déi kënnen domat ëmgoen an et ass esou, wéi et einfach ëmmer soll sinn, et geet net duer nei Technik dohinner ze setzen, et muss een d'Leit och schoule fir mat der Technik ëmzegoen an dat ass ganz positiv och begrësst ginn, och vun der Personalvertretungen, dass mer hei resolut op de Wee ginn. A si stinn och mat hannert eis, dass dee Prinzip net ze négociéieren ass. Also een dee wëllt am Theater schaffen an der Zukunft, muss sech un déi Techniken erschaffen a muss an déi Formatiounen goen.

An e Merci fir d'Zoustëmmung, da kënne mer nämlech elo ausschreiwen a mer kënne wierklech dann dat och vun eiser Säit professionell preparéieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les créations de postes.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen

– Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig

Le Conseil communal procède par vote secret et approuve à l'unanimité la modification du contrat d'engagement de Mme Sonia Rocha Medina.

5. Crédit spécial; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Sou, Merci nach eng Kéier dem Schoulschäffen.

Mir kéimen dann zum Crédit spécial. Wéi mer et och schonn an enger vun de vireschte Sätzungen ugekënnegt haten, brauche mer e Crédit spécial fir d'Aarbechte vun eiser Nonnewise Schoul esou kënnen ze beschleunegen, dass mer se fir d'nächst Joer op kréien. Ech mengen et ass aus den Ausféierunge vum Schoulschäffen ervirgaangen, dass Schoulraum hei zu Esch net nëmmen, nach ëmmer eng absolut Prioritéit ass, mä virun allem och eng absolut Nécessitéit. Esou dass mer alles drusetze fir déi Schoul mat Zäiten opzekeréien. Vu dass mer relativ enk alles geplangt hate bei dësem Budget, well mer all Spuerpotential schonn à l'origine ausgenotzt haten, hu mer dee ganzen Exercice elo nach eng Kéier gemaach a mir hunn als Schäfferot gekuckt wou déi Projete si wou mer kënnen e bësse strecken oder wou d'Autorisatiounen net schnell genuch komm sinn, fir dass mer kënnen dee Spillraum dee mer brauche fir d'Nonnewise Schoul optimal ausnotzen. Bon, elo si mer kuerz virun der Summervakanz an do ass ëmmer en Zäitpunkt wou mer am Budget schonn e bësse méi kënnen soe wou déi eenzel Projeten dru sinn. Deen Exercice hu mer gemaach.

Dir hutt also eng Tabelle mat allen Dépense wou mer nach Spuerpotential ausgewisen hunn an ech géing lech da bieden dësem Crédit spécial fir eis Nonnewise Schoul Är Zoustëmmung ze ginn.

Den Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, ech froe mech, wann een déi eenzel Libellée kuckt, wou da gespuert gëtt, da fällt engem op, datt erstaunlech vill Projete sinn déi selwer mat anere Schoulen erëm ze dinn hunn. Ech mengen et ass d'Brouschoul, d'Brillschoul, d'Lallenger Schoul. A wann Dir mer do vläicht kéint Explikatiounen ginn, wou dat da genau drun ass a firwat et grad an deene Beräicher ass wou déi Aspierungen sollen hierkommen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, d'Äntwert ass ganz einfach déi, mir hu kee schoulesche Projet a Fro gestallt. Dat ass mol déi éischt Äntwert. All schoulesch Projete ginn esou realiséiert wéi mer et am Pluriannuell ugekënnegt hu wat de Prinzip ubelaangt. Mir hunn awer missten, do wou d'Aarbechten entweder duerch Autorisationsprozeduren oder ganz einfach och weinst de Corps de métier net esou schnell virugaange si wéi mer wollten, hu mer gekuckt wat mer kéinten op den Exercice 2011 verréckelen. Also wat hei wichteg ass ze soen, déi schoulesch Projete sinn net a Fro gestallt.

Entschëllegt, elo hätt ech lech awer missten direkt d'Wuert ginn, Madame Hildgen. Et ass eng finanztechnesch Fro.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Selbstverständlech stëmme mir dat hei awer mir hunn eng Fro. Mir géife gär wësse wéi vill bis elo an d'Schoul investéiert ginn ass. An d'Nonnewisen, wéi vill déi Schoul finalmente bis elo, respektiv bis elo kascht huet, ob Dir do scho vläicht iergendwéi eng Opstellung kënnt maachen? A firwat do op eemol hei dee Crédit spécial, et muss net op den Euro sinn, a firwat datt elo op eemol en cours de route dee Crédit spécial elo néideg ass. Mä wéi gesot, mir stëmmen en.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Also, wa mir dat richteg elo an Erënnerung hunn, mä mir kucken dat awer ganz präzis no, ass de Gesamtcoût iwwer 20 Milliounen, souguer 24 Milliounen, an déi provisoersch Schätzung déi mir elo maachen, mä wéi gesot Dir kritt dat am Detail, sinn, dass mer elo ongeféier bei 11 Milliounen leien.

Annette Hildgen (CSV): An dat hei ass jo och 60 Milliounen, gell? Dat wier e bësse vill.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Oh jo! Et sinn der awer "just" 6. Schoule sinn deier, awer esou deier nun och alt net. Merci, Madame Hildgen.

Aly Jaerling (Indépendant): Op jidde Fall déi éischt Schoul déi do steet, iert d'Kanner op d'Welt kommen.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Dat ass e Kompliment.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dat huele mer als Kompliment mat op de Wee.

Da kéime mer zur Ofstëmmung mat dem Crédit spécial.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le crédit spécial de 6.000.000 € pour la construction de l'école « Nonnewisen ».

Gutt, léif Kolleginnen a Kollegen, mir wieren dann um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Et ass déi lescht Sëtzung virum Summer. Ech géing da vun der Geleeënheet profitéiere fir lech allegueren eng erhuelen Summervakanz ze wënschen. Ech menge mir hätte se all verdénkt a kommt alleguer gesond a monter am Hierscht erëm. Dat nämlecht gëllt natierlech och un all d'Dammen an Häre vun der Press déi eis ëmmer esou trei hei begleeden, loosst lech et och ganz gutt goen.

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 09 juillet 2010

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

2. Information au public des décisions de personnel.

A) Résiliation de contrats d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Maria D'AGOSTINO. Le conseil communal avait confié, lors de sa séance du 2 juillet 2010, un poste d'éducatrice graduée auprès du Foyer de nuit ABRISUD à l'intéressée.

2) Résiliation, sur sa demande, du contrat d'engagement conclu pour une durée déterminée avec Madame Valérie JADOUL. Le conseil communal avait confié, lors de sa séance du 2 juillet 2010, un poste d'éducatrice graduée auprès du Foyer de nuit ABRISUD à l'intéressée.

B) Question de personnel salarié.

Prolongation de l'engagement à plein temps pour la période allant du 15 juillet 2010 jusqu'au 14 juillet 2011 de Madame Emilie Rocha, comme employé de bureau sous le régime du salarié. Le nouveau titulaire qui est détenteur d'un CATP d'employé de bureau, division secrétariat, sera appelé à effectuer divers remplacements.

qui doivent entre autre gérer le budget de l'école, pour leur bon travail. Les présidents sont secondés par le comité d'école composé d'enseignants et de parents d'élèves et par la commission scolaire.

Dorénavant, le précoce est intégré au Cycle 1 pour que les enfants plus adultes peuvent encadrés les plus jeunes. Chaque entité à Esch dispose d'un précoce sauf pour les écoles Brill et Jean Jaurès qui elles disposent chacune de 2 précoces. En outre, l'école à plein temps a été élargie au Cycle 1.

M. Tonnar s'étonne du fait que l'on ne parle plus que de l'école « Eis Schoul » et qu'on n'entende plus rien des autres écoles à plein temps. En plus, on n'entend que des informations négatives concernant cette école. A cet égard, M. Tonnar souligne qu'à Esch, l'école à plein temps a eu les mêmes problèmes mais qu'elle fonctionne parfaitement. Il remercie les enseignants pour leur bon travail qui devient de plus en plus difficile. M. Tonnar se réjouit du fait que la majorité de nos enseignants reste fidèle à Esch mais il regrette que le Ministère ne prenne que 250 de tous les postulants qui ont passé avec succès leurs examens tandis que les autres n'auront aucune certitude d'avoir un travail.

Le tableau numérique du projet Educonnect ne sera disponible qu'à partir de l'année scolaire 2010/2011 puisqu'on attend le nouveau modèle, encore plus performant. L'utilisation de ce tableau nécessitera une formation spéciale des enseignants.

M. Tonnar souligne le bon fonctionnement du service scolaire qui s'occupe du remplacement des enseignants malades, des transports scolaires, du budget, des activités périscolaires, etc.

Il remercie l'inspecteur de la commission scolaire qui joue l'intermédiaire entre le Ministère et les enseignants.

Il y a eu une nouvelle définition des secteurs. Le respect des secteurs reste le grand problème de l'organisation scolaire puisqu'il semble que tous les enfants veulent fréquenter la même école. M. Tonnar serait content si les parents comprendraient enfin que les chances de réussir au lycée ne dépendent pas du bâtiment scolaire que leurs enfants fréquentent lors de leur éducation

fondamentale. Il regrette que ces parents se manifestent auprès de la commission scolaire, auprès du secrétariat communal et appellent tous les échevins pour essayer de faire accepter leurs enfants dans un autre bâtiment et il espère que l'on réussira un jour à maîtriser cette situation.

Concernant la commission d'inclusion, l'ancien MPP, M. Tonnar explique que les problèmes ne diminuent pas et que le Ministère a promis de l'aide.

L'aide aux devoirs à domicile connaît un succès fou et entretemps les heures de travail pour cette aide sont prises en compte pour les 54 heures d'appui obligatoires pour les enseignants. M. Tonnar pense qu'il est préférable que cette aide soit maintenant assurée par des enseignants au lieu de non-professionnels. Une autre possibilité serait d'engager des étudiants de l'université qui apprennent la fonction d'enseignant.

Puisque le Ministère est intervenu pour interdire aux enseignants de surveiller tous les mardis et jeudis de 11h45 à 12h30 les enfants du préscolaire dont les frères et sœurs sont scolarisés aux cycles 2-4, ce gardiennage sera assuré dorénavant par des éducateurs.

Au lieu d'un appui général, Esch a maintenant un appui pour chaque cycle.

On a gardé les 8 remplaçants permanents.

On a créé une quatrième classe au Jean Jaurès et il y aura un container sur la place devant l'école pour pouvoir répondre aux nombreuses demandes pour la Maison relais.

L'école Brill aura un deuxième précoce.

Ensuite, M. Tonnar énumère les personnes qui partent à la retraite, qui démissionnent ou qui partent pour d'autres communes.

La Ville d'Esch a 305 postes d'enseignants, ce qui est énorme, pour 3.050 enfants.

La nouvelle loi comporte un autre élément nouveau : les contingents. Les enseignants sont distribués à l'aide de coefficients obscurs aux différentes communes et aux différentes écoles. M. Tonnar met en garde contre cette nouvelle mesure qui ne respecte pas les vrais besoins des différentes écoles et qui pourrait amener des communes à engager elles-mêmes des enseignants et préparer ainsi la

3. Correspondance

Il n'y a rien sous ce point.

4. Organisation scolaire 2010/11 ; décision

Jean Tonnar (LSAP) remercie les services pour leur travail remarquable surtout en ce qui concerne l'adaptation difficile de la nouvelle loi scolaire.

Esch dispose de 7 entités : Brill, Brouch, Lallange, Groussgaass, Dellhéicht, Ale Lycée et Jean Jaurès. Chaque entité doit offrir tous les 4 cycles de l'enseignement fondamental et nommer un président et un comité d'école. A cet égard, M. Tonnar remercie les présidents,

voie vers une privatisation de l'enseignement. Ces contingents sont appliqués de façon très stricte par le Ministère et les demandes des présidents d'école ont presque toutes été rejetées.

Finalement, M. Tonnar remercie M. Miller qui réussit à établir chaque année un excellent programme d'éducation physique.

Aly Jaerling (Indépendant) remercie les enseignants, le personnel des écoles et le personnel qui s'occupe de l'entretien des écoles.

Il est d'accord avec les propos de M. Tonnar concernant le respect des secteurs mais il est d'avis qu'il faudrait pouvoir faire des exceptions quand il s'agit de réagir à des problèmes sociaux. A cet égard, il pense que les conseillers devraient recevoir les demandes des parents pour pouvoir juger leurs contenus.

M. Jaerling rappelle que lors de l'abrogation du minerval, le Conseil communal avait décidé de discuter ensemble des demandes de scolarisation des gens qui n'habitent pas la commune. Il aimerait savoir pourquoi cela ne se fait toujours pas. Il aimerait savoir en outre s'il y a des demandes de scolarisation de familles luxembourgeoises habitant à l'étranger. Finalement, M. Jaerling aimerait savoir si les conseillers membres du Syvicol ou siégeant à la Chambre des Députés interviennent auprès des instances compétentes en faveur de l'abrogation du minerval dans les autres communes puisque cette pratique est contraire à la constitution qui demande un enseignement fondamental gratuit.

Annette Hildgen (CSV) est d'avis que l'organisation scolaire de cette année restera provisoire puisque la mise en place de la nouvelle loi demandera des modifications et adaptations constantes. Il ne faut cependant jamais oublier que les enfants doivent rester au centre des intérêts.

Elle aimerait avoir des précisions concernant la création de 3 postes d'éducateur pour l'école à plein temps Jean Jaurès.

Mme Hildgen demande si les contingents décidés par le Ministère sont aussi applicables aux éducateurs.

Elle aimerait savoir en outre si la date d'ouverture de l'école Nonnewisen pourra être respectée.

Marc Baum (Déi Lénk) déclare rester bouche bée par le fait qu'aucun des intervenants n'a encore approfondi le problème des contingents qui a causé les mois derniers tellement de remous à Esch. Un règlement grand-ducal de février 2010 demande que les contingents soient calculés sur base de la population, compte tenu d'un facteur socio-économique. Le facteur socio-économique dépend de la situation sociale des habitants de cette commune. En fin de compte, Esch a reçu un plus de 25 heures à cause de ce calcul.

M. Baum refuse que l'on veuille maintenant jeter la faute sur le Ministère pour la mauvaise distribution des enseignants pour les différentes écoles puisque le seul responsable de l'organisation scolaire reste l'échevin responsable de l'enseignement.

Quand le projet Ale Lycée perd 2,5 postes, ce projet peut être considéré comme étant « mort ». Une autre école qui perd des postes est l'école Brill. M. Baum trouve scandaleux que des écoles à problèmes sociaux perdent des postes tandis qu'une newsletter du Ministère de l'éducation réclame un « plus de justice sociale ».

Concernant le problème des secteurs, M. Baum pense que l'on devrait respecter ces secteurs aussi stricts que possible. A cet égard, il trouve préoccupant que des enfants de familles pas vraiment pauvres, fréquentent l'école Dellhéicht bien qu'ils n'y habitent pas.

En conclusion, M. Baum ne comprend pas l'enthousiasme des autres intervenants pour ce document qui lui semble peu transparent.

Daniel Codello (LSAP) n'est pas convaincu que la majorité des gens ont compris la nouvelle loi scolaire qui est plutôt révolutionnaire puisqu'elle remplace une loi qui date déjà de 1912. Cette loi est un bon exemple de l'impact que la politique de la Chambre des Députés peut avoir sur les communes. M. Codello regrette à cet égard que beaucoup de politiciens communaux ne profitent pas des formations et informations proposées par le SYVICOL.

Il propose d'intégrer dans la prochaine organisation scolaire le taux de réussite des écoles qui démontrera que l'école Brill est au-dessus de sa réputation. Il refuse aussi la qualification du quartier Brill de quartier à problèmes sociaux utilisée par M. Baum. Il rappelle qu'il y a eu beaucoup d'investisse-

ments dans l'infrastructure de ce quartier et il propose de ne plus utiliser que des qualificatifs négatifs pour le quartier Brill.

M. Codello se rallie aux propos de M. Tonnar concernant le succès de l'école à plein temps à Esch.

Il semble que la nouvelle loi exige une bibliothèque pour chaque école. Considérant l'importance de la lecture pour les enfants, M. Codello aimerait savoir si à Esch, chaque école offre effectivement une bibliothèque et quelle en est la fréquentation.

Il se rallie aux propos de M. Tonnar concernant les changements pour l'aide aux devoirs à domicile.

Puisqu'il y a eu une augmentation d'enfants de croyances non-chrétiennes, M. Codello aimerait savoir quelle est maintenant la proportion entre les élèves inscrits à l'instruction religieuse et ceux inscrits à l'instruction morale.

Concernant les sorties scolaires, M. Codello rappelle que le syndicat de l'eau a aménagé un centre de documentation et on pourrait donc suggérer aux étudiants de visiter ce centre ensemble avec leurs élèves.

Jean Huss (Déi Gréng) est d'avis que l'opposition n'avait rien de très important à dire à propos de l'organisation scolaire.

Il rappelle comme chaque année que la religion n'a pas sa place dans une école. Malheureusement, un changement dans cette question ne peut venir que du niveau national.

M. Huss rappelle aussi la revendication d'espace scolaire supplémentaire au centre-ville et éventuellement aux quartiers Brill/Hiehl.

Il pense que le calcul des contingents défavorise les grandes villes avec un taux élevé d'enfants étrangers, qui du point de vue de la langue et de leurs origines culturelles et sociales ont davantage de problèmes scolaires.

Concernant le problème du respect des secteurs, M. Huss souligne que chaque école dispose d'enseignants de la même valeur, de la même formation et du même engagement. Chaque enfant profitera donc du même niveau d'éducation sans tenir compte de l'école qu'il fréquente. Bien qu'il comprenne les propos de M. Jaerling concernant d'éventuelles exceptions à faire, il ne faut pas oublier que les parents auront toujours une centaine d'arguments pour invoquer une exception

pour leurs enfants et il sera alors très difficile de trancher qui pourra en profiter ou non. On ferait donc mieux de se tenir strictement aux lois en vigueur.

M. Huss est plutôt sceptique en ce qui concerne les résultats de la réforme scolaire. Si un échec scolaire n'est plus possible, il craint que l'on puisse arriver à une situation où, comme cela s'est déjà produit, des élèves qui se présentent au bac ont des connaissances en allemand comme des élèves de 3e de l'enseignement fondamental.

Un autre facteur est le phénomène international de l'accroissement du nombre d'enfants à problèmes. On a un accroissement des enfants obèses, des enfants à bas QI, des enfants qui ont des problèmes de concentration, etc. A cet égard, l'organisation mondiale de la santé dit que ces problèmes proviennent d'une part aussi de la pollution de notre environnement et il faut veiller à ce que ces problèmes ne nous dépassent pas un jour.

M. Huss remarque que beaucoup d'enseignants se plaignent du fait qu'ils doivent faire le travail d'éducation des parents.

Concernant le problème des secteurs, **Jean Tonnar (LSAP)** explique que ce ne sont normalement pas les cas sociaux qui demandent des exceptions mais les autres.

Il y a eu une douzaine de demandes de scolarisation d'enfants n'habitant pas à Esch, qui ont toutes été acceptées.

Concernant la création de 3 postes d'enseignant pour l'école à plein temps Jean Jaurès, il explique que ces créations ont été reprises par le Ministère.

M. Tonnar ne comprend pas l'attitude de M. Baum concernant les contingents. M. Baum se lamente et dit que c'est la faute de l'échevin et cite ensuite un règlement grand-ducal. M. Tonnar rappelle que les règlements grand-ducaux ne sont pas rédigés par le Collège échevinal. Le collège est forcé cependant à appliquer les données de ces règlements.

Concernant la question des bibliothèques il est amusant à savoir que l'école la plus populaire soit la seule qui ne dispose pas de bibliothèque. Ceci va changer bientôt.

Il se rallie aux propos de M. Codello concernant le syndicat de l'eau.

M. Tonnar rassure Mme Hildgen que l'école Nonnewisen ouvrira dans les délais.

Il espère que cette organisation scolaire trouvera l'unanimité des conseillers puisqu'elle est proposée dans l'intérêt des enfants et ne devrait pas être utilisée à des fins de polémique.

(Vote)

Concernant son abstention, **Aly Jaerling (Indépendant)** souligne qu'il ne veut pas mettre en question l'organisation scolaire mais que les réponses à ses questions n'étaient pas satisfaisantes.

Il regrette aussi que les demandes de scolarisation de gens d'autres communes ne sont toujours pas traitées au Conseil communal bien que cela était une des conditions lors de l'abrogation du minerval. M. Jaerling pense que l'on devrait même traiter les demandes de changement de classe au Conseil communal.

Jean Tonnar (LSAP) n'a aucune objection à l'idée de traiter les demandes de scolarisation de gens d'autres communes au Conseil communal, au contraire. En ce qui concerne l'autre idée, il est d'avis qu'on ne devrait cependant pas oublier que la commune dispose d'une commission scolaire qui est bien à même de prendre ses responsabilités.

6. Règlements de la circulation routière ; confirmation et décision

Félix Braz (DÉI GRÉNG) présente les règlements de la circulation.

(Vote)

7. Conservatoire de musique : organisation scolaire provisoire 2010/11 ; décision

Jean Tonnar (LSAP) remercie M. Harles et ses collaborateurs pour leur travail exceptionnel et souligne le rayonnement international du conservatoire.

Annette Hildgen (CSV) se réjouit du fait que le droit d'inscription n'a pas été augmenté. Elle trouve cela très sociale.

Elle regrette cependant que les diplômes du conservatoire ne soient pas mieux reconnus à l'étranger et propose des changements à cet égard au niveau national.

Paul Weidig (LSAP) souligne l'importance transfrontalière du conservatoire et explique qu'il s'agit d'une offre dont profitent aussi les

communes moins importantes qui réclament souvent plus de solidarité des villes plus grandes.

Jean Tonnar (LSAP) se rallie aux propos de Mme Hildgen et de M. Weidig. Il explique que le conservatoire coûte chaque année 6mio € à la commune et qu'une augmentation du droit d'inscription ne serait de toute façon qu'une goutte d'eau dans la mer.

(Vote)

8. Etat des restants à recouvrer de l'exercice 2009 ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'accepter le montant de 2.744.754,05 €.

(Vote)

9. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage) ; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) présente en 15 points tous les changements de personnel en relation avec la réouverture du théâtre rénové.

Il propose ensuite une modification du contrat de Mme Sonia Rocha Medina.

Marc Baum (Déi Lénk) se réjouit de la professionnalisation du personnel du théâtre. Cependant, il aurait aimé recevoir un organigramme plus clair de tous ces changements.

Aly Jaerling (Indépendant) se réjouit de la professionnalisation du personnel du théâtre.

Daniel Codello (LSAP) se réjouit de la professionnalisation du personnel du théâtre et surtout de l'idée d'embaucher une personne responsable des relations publiques. A cet égard, M. Codello propose que chaque service de la commune devrait avoir une personne qui s'occupe des relations publiques de ce service et qui travaillerait en étroite collaboration avec le Service Relations Publiques de la commune.

Henri Hinterscheid (LSAP) se réjouit du fait que les conseillers soutiennent la professionnalisation du personnel du théâtre.

L'aspect peu clair de l'organigramme s'explique par le manque de temps puisqu'il a dû être présenté au Conseil communal. Un organigramme plus clair sera bientôt disponible.

(Vote)

5. Crédit spécial ; décision

Lydia Mutsch (LSAP) présente un crédit spécial pour pouvoir accélérer les travaux à l'école Nonnewisen.

Marc Baum (Déi Lénk) est étonné que ce crédit soit partiellement couvert par des économies réalisées pour d'autres projets scolaires et aimerait avoir des explications à ce sujet.

Annette Hildgen (CSV) aimerait connaître l'investissement total pour l'école Nonnewisen.

Lydia Mutsch (LSAP) explique à M. Baum qu'aucun projet scolaire n'a été remis en question mais que certains ont été reportés à 2011 à cause de retards dans la procédure ou dans les travaux.

Elle répond à Mme Hildgen que le coût final de l'école Nonnewisen s'élèvera à environ 24mio €.

(Vote)

Die Stadt Esch führt die Extensivierung und ökologische Pflege von Grünanlagen ein

Die Stadt Esch stellte heute ihr neues Konzept zur Extensivierung der Pflege ihrer kommunalen Grünflächen vor. Diese neue Vorgehensweise ermöglicht eine allgemeine Förderung der Biodiversität und eine Verbesserung des Stadtklimas. Des Weiteren kann mit dieser Arbeitsweise auf den Gebrauch von Herbizide verzichtet werden.

Durch die Erschließung neuer Wohn- und Gewerbegebiete, ist in den letzten Jahren der Unterhaltsaufwand für die kommunalen Grünflächen stetig gestiegen. Gleichzeitig ist dem Escher innerstädtischen Bereich eine immer wichtigere Rolle für die Erhaltung der natürlichen Biodiversität zugekommen. Dies ist auf die Strukturvielfalt der bebauten Flächen zurückzuführen, die vielen Tier- und Pflanzenarten als Refugium (Ersatzbiotop) dienen, nachdem die natürlichen Lebensräume zurückgedrängt wurden. Bei der ökologisch orientierten Pflege der kommunalen Grünanlagen geht es darum die Bereiche des Unterhaltsaufwands und die Erhaltung der Biodiversität zusammenzuführen.

Diese Maßnahmen werden im Bereich der Sporthalle in Lallingen, der umliegenden Sportplätze, sowie den Fußwegen und dem Teich entlang der Penetrante de Lankelz, angewendet. Konkret bedeutet dies beim Mähen eine Reduzierung der Schnitthäufigkeit und eine Differenzierung der Mähintensität. Das Mähgut wird nach dem Schnitt erst nach 2-3-tägiger Trocknung abtransportiert damit die Samen ausfallen können. Des Weiteren wird auf Herbizide und Pestizide sowie auf zusätzliche organische oder mineralische Düngemittel verzichtet. Durch diese unterschiedlichen Pflegeintensitäten stellen sich unterschiedliche Vegetationsformen ein wie zum Beispiel kräuterreiche Wiesen oder Krautbrachen. Der auf diese Weise geschaffene neue Lebensraum und Nahrungsplatz für verschiedenste Tierarten fördert die biologische Vielfalt in unserer Stadt.

Neben der mit dieser Methode einhergehenden Reduzierung des Arbeitsaufwands, ermöglicht der Verzicht auf Herbizide und Düngemittel, darüberhinaus die Umweltbelastungen gänzlich zu unterbinden. Luft, Boden und Grundwasser werden durch den Unterhalt der Grünanlagen der Stadt Esch in Zukunft nicht mehr belastet werden.

Die Extensivierung der Pflege von innerstädtischen Grünflächen stellt heute eine grundlegende Tendenz dar. Verbesserung des allgemeinen Stadtklimas und -bildes, Refugium für bedrohte Arten, Energieeinsparungen und CO₂-Bilanz sowie Verzicht auf grundwasserschädigende Herbizide. All diese Möglichkeiten wird die Stadt Esch in Zukunft nutzen um den Grünflächen eine gesunde und nachhaltige Entwicklung zu ermöglichen.

Mehr Informationen unter www.esch.lu oder beim Service Relations Publiques der Stadt Esch: Luc Schloesser – luc.schloesser@villeesch.lu – +352 54 73 83 427

VIVRE ET PARLER LES LANGUES, AU LUXEMBOURG, AU CŒUR DE L'EUROPE À L'INSTITUT NATIONAL DES LANGUES !

FORMATION EN LANGUES POUR ADULTES

Cours de langue générale, intensifs
et semi-intensifs tous niveaux

Cours sur objectifs spécifiques

Offre de cours détaillée disponible sur www.insl.lu

FORMATION À L'ENSEIGNEMENT DU LUXEMBOURGEOIS

Zertifikat Lëtzebuenger
Sprooch a Kultur

CENTRE OFFICIEL D'EXAMENS

Diplômes et certificats
pour la langue luxembourgeoise

Diplômes et certificats internationaux
pour sept langues étrangères



NOUVEAU

INSCRIPTIONS

Du 26 juillet au 5 septembre 2010, **prise de rendez-vous en ligne**
pour les journées d'orientation et d'inscription aux cours de langues
du semestre d'automne 2010-2011 via le site Internet www.insl.lu.

Du 15 au 21 septembre 2010, journées d'orientation et d'inscription
pour Luxembourg et Mersch au siège de l'INL à Luxembourg.



**INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES**

21, bd de la Foire • L-1528 Luxembourg
Tél. : 26 44 30-1 • Fax : 26 44 30 330
secretariat@insl.lu • www.insl.lu



INSTITUT NATIONAL DES LANGUES (INL)

ANNEXE MERSCH

57, rue Grande-Duchesse Charlotte | L-7520 Mersch
Tél. 26 32 45-1 | Fax 26 32 45-45
E-mail : secretariat@mersch.insl.lu

Cours de langues

du semestre d'automne 2010/2011

du 28 septembre 2010 au 18 février 2011

Durée des cours
septembre 2010 – février 2011

Offre de cours à Mersch

- anglais, français, luxembourgeois

Type de cours

- Cours de niveau débutant et intermédiaire dans les 3 langues enseignées.
- Rythme : de 2 à 10 leçons par semaine sur un semestre.

Informations

- internet : www.insl.lu
- téléphone : 26 32 45 - 1

Inscriptions à l'INL

L'inscription dans un cours à l'INL se fait en deux étapes :

1. prise de rendez-vous exclusivement en ligne sur www.insl.lu en vue des journées d'orientation et d'inscription ;
2. évaluation des compétences, entretien d'orientation avec un professeur de l'INL et inscription dans un cours lors des journées d'orientation et d'inscription au siège de l'INL à Luxembourg.

NOUVEAU !

Délais de prise de rendez-vous :

[du 26 juillet 2010 au 05 septembre 2010 exclusivement sur www.insl.lu](http://www.insl.lu)

NOUVEAU !

Journées d'orientation et d'inscription au siège de l'INL à Luxembourg, 21, bd de la Foire :
[du 15 au 17 septembre 2010 et du 20 au 21 septembre 2010.](http://www.insl.lu)

- Les droits d'inscription sont à payer en ligne sur www.insl.lu
- Dès règlements des droits, la confirmation d'inscription est éditée.
- Les inscriptions sont acceptées dans la limite des places disponibles.



INSTITUT NATIONAL DES LANGUES (INL)

21, boulevard de la Foire | L-1528 Luxembourg

Tél. 26 44 30-1 | Fax 26 44 30-330

E-mail : info@insl.lu | exam@insl.lu

Cours de langues

du semestre d'automne 2010/2011

du 28 septembre 2010 au 18 février 2011

Durée des cours

septembre 2010 – février 2011

Offre de cours

- allemand, anglais, français, luxembourgeois
- chinois, espagnol, italien, portugais

Offre détaillée disponible sur www.insl.lu

Cours pour débutants

Des cours de niveau débutant ont lieu dans la plupart des langues enseignées.

Cours de langue générale et cours spéciaux

En dehors des cours de langue générale pour débutants et non-débutants, l'INL offre des cours sur objectif spécifique dans la plupart des langues enseignées.

Rythme des cours

De 2 à 10 leçons par semaine sur un semestre.

Informations

- internet : www.insl.lu
- téléphone Luxembourg : 26 44 30 - 1

Inscriptions à l'INL

L'inscription dans un cours à l'INL se fait en deux étapes :

1. prise de rendez-vous exclusivement en ligne sur www.insl.lu en vue des journées d'orientation et d'inscription ;
2. évaluation des compétences, entretien d'orientation avec un professeur de l'INL et inscription dans un cours lors des journées d'orientation et d'inscription.

NOUVEAU !

Délais de prise de rendez-vous :

[du 26 juillet 2010 au 05 septembre 2010 exclusivement sur www.insl.lu](http://www.insl.lu)

Journées d'orientation et d'inscription :

[du 15 au 17 septembre](http://www.insl.lu) et [du 20 au 21 septembre 2010](http://www.insl.lu).

- Les droits d'inscription sont à payer en ligne sur www.insl.lu
- Dès règlements des droits, la confirmation d'inscription est éditée.
- Les inscriptions sont acceptées dans la limite des places disponibles.

Examens et tests de langues nationaux et internationaux à l'INL Luxembourg

Ministère luxembourgeois de l'Éducation nationale (Examens Lëtzebuergesch als Friemsprooch et Sproochentest Lëtzebuergesch), Ministère français de l'Éducation nationale, Cambridge University, Goethe Institut, Instituto Cervantes, Nederlandse Taalunie, Universidade de Lisboa, IELTS, TCF, TestDaF

Berufswegplanung „Sprungbrett“

Zurück in den Beruf - Ihr „Sprungbrett“ für die berufliche Zukunft

SIE MÖCHTEN

- wieder ins Berufsleben einsteigen
- sich neu orientieren
- für sich neue Ziele entwickeln
- mit anderen Frauen Ihre Fähigkeiten und Ressourcen entdecken
- Ihr aktuelles Profil erarbeiten
- Ihre berufliche Laufbahn neu planen

Dann sind Sie richtig bei unserem sechswöchigen Orientierungsseminar „Sprungbrett“, das vom **20.9. – 22.10.2010** für alle Frauen stattfindet, die ihre berufliche Zukunft aktiv mitgestalten und neu überdenken möchten.

WIR

- nehmen uns Zeit für eine sorgfältige berufliche Beratung
- unterstützen Sie bei der Verwirklichung Ihrer Pläne
- begleiten Sie bei Ihrer persönlichen Entscheidungsfindung
- geben Ihnen Informationen zu aktuellen Themen des Arbeitsmarktes
- geben Tipps zur Vereinbarkeit von Beruf und Familie
- informieren Sie über Weiterbildungsmöglichkeiten

Sie sind uns wichtig

SIE

- lernen in kleinen Gruppen
- profitieren vom lebendigen Austausch zwischen allen Kursteilnehmerinnen
- erproben mit unserer Hilfe erfolgreiche Bewerbungsstrategien

Unser Seminar kann auch Ihr persönliches „Sprungbrett“ zu einer nachhaltigen Laufbahnplanung sein

Sind Sie interessiert, dann melden Sie sich bei uns:

ZARABINA asbl. - Initiativen für Frauen

Carole Munhowen

27, rue Emile Mayrisch

L-4240 Esch/Alzette

Tel.: 26 55 12 13 - 1

Eine Voranmeldung wäre wünschenswert, da die Zahl der Teilnehmerinnen begrenzt ist.

Das Seminar „Sprungbrett“ ist Teil des Projektes „Frauenförderung und regionale Entwicklung“ und wird unterstützt durch das Arbeits- und Beschäftigungsministerium und das Bildungsministerium.



Inscriptions et rentrée des cours 2010/2011

Les inscriptions seront reçues au secrétariat du Conservatoire:

les 17, 19, 20 et 21 juillet 2010
ainsi que les 13 et 14 septembre 2010
de 09.30 à 12.30 hrs et de 15.00 à 18.00 hrs

Droit d'inscription:

100,- € pour un cours

150,- € pour deux cours et plus

valable pour toute l'année scolaire et à payer lors de l'inscription

(Le droit d'inscription ne sera remboursable en aucun cas)

Pour des raisons d'organisation, et pour réduire le temps d'attente, tous les élèves sont priés de se présenter sur base d'un **ticket de réservation** à retirer au secrétariat du Conservatoire **à partir du lundi, 28 juin 2010 (à partir de 08.00 hrs)**

Conditions d'admission pour les nouveaux élèves:

a. Eveil musical: fréq. le cycle 2-1 de l'école fondamentale et être né avant le 31 août 2004

b. Solfège préparatoire: fréq. le cycle 2-2 de l'école fond. et être né avant le 31 août 2003

c. Solfège 1re année: fréq. le cycle 3-1 de l'école fond. et être né avant le 31 août 2002

Les élèves désirant être admis au Conservatoire dans une classe supérieure à la 1re année de solfège et détenteurs d'un bulletin ou certificat délivré par un établissement d'enseignement musical luxembourgeois reconnu dans le cadre de la loi du 28 avril 1998 (conservatoire, école ou cours de musique) et attestant la réussite dans une des branches dont les cours ont suivi les programmes harmonisés au niveau national sont admis au niveau suivant dans tout autre établissement d'enseignement musical luxembourgeois, sans épreuve supplémentaire.

Les élèves en provenance d'établissements d'enseignement musical non régis par la loi du 28 avril 1998 devront se soumettre le cas échéant à un test d'entrée fixé et organisé par le Conservatoire.

d. Danse: être âgé de 7 ans pour la danse classique, 10 ans pour la danse contemporaine, 12 ans pour la danse jazz et passer avec succès le test d'aptitude.

e. Les nouveaux élèves adultes ayant dépassé l'âge de 25 ans, devront adresser une demande d'admission au directeur du Conservatoire pour le 10 septembre 2010 au plus tard. Le nombre des places réservées aux élèves adultes est strictement limité. Des formulaires ad hoc peuvent être retirés au secrétariat.

Prière de présenter une pièce d'identité pour chaque nouvelle inscription.

Les examens d'admission en solfège auront lieu samedi, le 10 juillet à partir de 14h30 et samedi, le 18 septembre à partir de 14.30 hrs.

Les ajournements en solfège auront lieu jeudi, le 16 septembre à partir de 14h30 hrs.

Tous les cours reprendront vendredi, le 17 septembre 2010.

Site internet: www.esch.lu

E-mail: contact@conservatoire-esch.lu

Le Collège des Bourgmestre et Echevins
L. Mutsch, F. Braz, H. Hinterscheid, V. Spautz, J. Tonnar

ESCH-SUR-ALZETTE

Festival Terres Rouges 2010

10^{ème} ÉDITION

FESTIVAL
Culturel
festival-terresrouges.lu
ESCH 2010



VENDREDI

3 SEPTEMBRE 17H - 22H

ENTRÉE GRATUITE

STREETFESTIVAL / CENTRE-VILLE

PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE: GRAND SPECTACLE D'OUVERTURE À 20H30

SAMEDI

4 SEPTEMBRE 14H - 21H

ENTRÉE GRATUITE

STREETFESTIVAL / CENTRE-VILLE

SPECTACLES DE RUE AVEC PLUS DE 40 ARTISTES / GROUPES

lux-Airport

escher kulturlaf 2010

VILLAGE GASTRONOMIQUE PAR LES ASSOCIATIONS ESCHOISES

DIMANCHE

5 SEPTEMBRE 12H - 00H

CONCERT OPEN-AIR / PARC GAALGEBIERG

STANFOUR (D) - GABRIELLA CILMI (AUS) - THE RASMUS (FIN)

... AND MANY MORE

TICKETS: 25€+ PRESALE TAX

PLUS D'INFOS: WWW.FESTIVAL-TERRESROUGES.LU